

# INFO BLAT

°01 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG
## VUM 19 JANUAR 2022
## A VUM 9. FEBRUAR 2022

Actualités | Contactez-nous | Développement urbain | DIFFMAG | Emploi | Events | Formulaires | Revue de presse | Télévie | FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

ATTENTION Inscriptions dans une classe d'éducation précoce 2023-2024 encore jusqu'au 17 mars 2023 Fermer ×

# Conseil communal du 1 mars 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Jerry Hartung (CSV) | Christiane Saeul (DP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Georges Liesch (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Fränz Meisch (DP) | Guy Tempels (CSV) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Emy Muller (LSAP) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Paulo De Sousa (déi gréng) | Laura Pregno (déi gréng) | Nicole Wohl (déi gréng) |

**Absents et excusés**

| | |
|---|---|
| Guy Altmeisch (LSAP) | Ali Ruckert (KPL) |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 01 22


COMPTE-RENDU DU 19 JANVIER 2022

4-41

COMPTE-RENDU DU 9 FÉVRIER 2022

43-75

ÉCOLE DES PARENTS

76

STATIONNEMENT AQUASUD

77

ALLOCATION DE SOLIDARITÉ

78



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 01/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 19 JANVIER 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Paulo De Sousa (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal.**
2. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Personnel communal :**
   a. Organigramme actualisé avec diverses créations de postes ;
   b. Protocole d'accord en vue du renouvèlement de la convention collective de travail des communes du Sud.
4. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié visant l'acquisition d'un bâtiment commercial (ancien hôtel-restaurant) et de 27 emplacements de stationnement au lieudit Grand-rue à Differdange ;
   b. Contrat Pacte nature avec l'État du Grand-duché de Luxembourg ;
   c. Avenant à la convention 2021 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg pour le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche ;
   d. Convention bipartite 2022 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg pour les maisons relais, le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche ;
   e. Convention services pour les jeunes pour l'exercice 2022 ;
   f. Convention office social de Differdange pour l'année 2022 ;
   g. Point reporté.
   h. Contrat de bail avec des particuliers concernant l'exploitation de jardins.
5. **Règlements communaux :**
   a. Nouvelle augmentation/pourcentage de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère allouée par l'État ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
6. **Désignation d'un délégué communal aux transports publics ainsi que son suppléant.**
7. **Changements au sein des commissions consultatives.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *salue le conseil communal. Elle propose d'approuver le Hall O comme lieu de réunion du conseil jusqu'au mois de juillet.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch répète que le conseil communal aura donc lieu au Hall O au moins jusqu'en juillet.*
*Elle demande de tenir une minute de silence en mémoire de monsieur Mario Castegnaro. Il a longtemps été conseiller communal de Differdange. Monsieur Muller tient à prendre la parole ensuite.*
*(Minute de silence)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *remercie la bourgmestre de le laisser dire quelques mots au sujet de Mario Castegnaro.*
*Mario est né le 29 aout 1939 à Differdange et est mort le 4 janvier 2022 à 82 ans. Il a été conseiller communal socialiste à Differdange. Erny Muller rappelle qu'il faisait lui aussi partie de ce conseil communal ensemble avec monsieur Ulveling. En 2005, il a été élu une deuxième fois, mais il n'a pas voulu devenir conseiller.*
*Mario a remplacé monsieur Grimler à la Chambre des députés d'avril à juin 1999.*
*Comme son frère John, Mario Castegnaro était actif au niveau syndical. Il était connu comme un négociateur dur, mais juste. Lors des licenciements massifs du secteur de l'acier dans les années 1970 et 1980, il a joué un rôle essentiel dans l'introduction de garanties salariales. En 1977, la Division anticrise, créée par l'Arbed et la MMRA pour soutenir les victimes de la crise de l'acier, comptait 2700 personnes et en 1982, elle en comptait 3850.*
*Mario Castegnaro a été directeur de la Chambre de travail de 1989 à 1999. Ensuite, il est entré dans la politique locale. Il a aussi été secrétaire général et président de l'ULC de 2003 à 2008.*
*Les socialistes demandent au collège échevinal de dédier une rue à Mario Castegnaro dans un des nouveaux quartiers.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite une bonne année à tous les*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eisen éischte Gemengerot am neie Joer. Ech wëll ufänke mam Lieu de désignation. Ech froen Är Zoustëmmung fir den Hall O elo nach bis an de Juli ze halen als Lieu de réunion fir eise Conseil. Kënne mer zum Vott iwwergoen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner comme lieu de réunion des séances du conseil communal jusqu'au 15 juillet 2022 inclus le hall polyvalent Hall O à Oberkorn.*

Ech soen Iech villmools Merci. Dat heescht, viraussiichtlech bleiwe mer bis Juli am Hall O, fir eise Conseil ofzehalen.

Elo wéilt ech Iech bieden, eng Gedenkminutt anzeleeë fir den Här Mario Castegnaro, deen eis ufanks dëses Joers verlooss huet. Dee wärend Jore Member vum Déifferdenger Gemengerot war. An no der Gedenkminutt géif ech dem Här Muller d'Wuert ginn, fir nach e puer Wuert iwwert den Här Castegnaro ze soen.

(Gedenkminutt)

Ech soen Iech Merci.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Madamm, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen Iech Merci, dass ech däerf am Numm vun der LSAP d'Wuert ergräifen als Erënnerung un de Mario Castegnaro.

De Mario gouf gebuer den 29.8.1939 zu Déifferdeng. Gestuerwen ass hien de 4. Januar, dëst Joer am Alter vun 82 Joer. De Mario Castegnaro war fir d'LSAP am Gemengerot vun der Stad Déifferdeng. Deemools waren och schonn den Här Ulveling an ech selwer derbäi. 2005 ass hien eng zweete Kéier gewielt ginn, huet säi Mandat awer net méi ugetrueden.

An der Chamber war de Mario vun Abrëll bis Juni 1999, wou hien den Här Fos Grimler ersat huet, dee verstuerwe war. De Mario Castegnaro war, grad wéi säi Brudder John, op gewerkschaftlechem Plang ganz aktiv. Wou hie speziell wärend der Stolkris als haarden awer respektéierte Verhandlungspartner unerkannt war. Sou war de Mario maassgeeblech bedeelegt un der Aféierung vun der Loun- a Beschäftegungsgarantie bei deem massiven Ofbau vun den Aarbechtsplazen am Stolsecteur an de 70er- an 80er-Joren, wou d'DAC, d'Divison Anti-Crise, 1975 duerch d'ARBED an d'MMRA gegrënnt gouf, fir Leit opzefänken, déi der Restrukturatioun vun der Stolindustrie zum Affer gefall sinn. Dëst, duerch d'Ausféierung vu gemengennëtzegen Noutstandsaarbechten.

1977 waren 2.700 Leit an der DAC, 1982 souguer 3.850. Mir mussen eis virstellen: Deemools hunn eleng hei zu Déifferdeng ronn 7.000 Stolaarbechter geschafft. Haut sinn et eppes iwwer 700.

De Mario Castegnaro war duerno Direkter vun der Chambre de travail, der haiteger Chambre des salariés, vun 1989 bis 1999. Duerno ass hien an d'lokal Politik gaangen.

Hie war och Generalsekretär a President vun der ULC vun 2003 bis 2008, der Union luxembourgeoise des consommateurs.

D'LSAP Déifferdeng an d'Stad Déifferdeng verléiert mam Mario Castegnaro eng wärend Joren engagéiert a respektéiert Perséinlechkeet. Mir bieden als LSAP de Schäfferot iwwerpréiwen ze loossen, ob eng Strooss an engem vun eisen neie Quartieren dem Mario Castegnaro säin Numm kéint droen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Ech profitéieren elo dovunner, fir Iech alleguerten dat Allerbescht fir d'Joer 2022 ze wënschen, mir inklusiv, am Kader vun

dësem Gremium, dass mer et gutt derduerch packen, an dass mer alleguer gesond bleiwen.

Dat ass dat, wat ech souwuel deene Leit wënschen, déi hei am Sall sinn wéi awer och eisen zougeschalte Leit. Et sinn der och iwwer Video bäigeschalt: den Här Jerry Hartung an den Här Guy Tempels. Den Här Paulo De Sousa léisst sech excuséieren. D'Procuratioun iwwerhëlt d'Madamm Nicole Wohl.

Da bieden ech nach ëm Är Zoustëmmung, fir de Punkt 4g, wou et ëm de „Super Senior" geet, vum Ordre du jour ze huelen. Mir kruten d'Echoen, dass en nach net an de Kommissioune war. Wann Der domadder averstane sidd, géife mer deen op der Säit loossen. Ech bieden ëm Äre Vott.

Villmools Merci.

Ech hunn elo nach vill ze zielen. Et ass keng Neiegkeet, zanter dem 15. Januar 2022 ass d'Gesetz a Kraaft, wou den 3G elo op der Aarbecht obligatoresch ass. Dat gëllt viraussiichtlech mol bis den 28. Februar 2022. Vun eise 780 fixe Poste sti 85 % op der Lëscht CovidCheck. Wat heescht dat? Déi Leit musse sech net méi all Dag ausweisen, ob se geimpft respektiv genese sinn. All déi aner musse sech, selon les règles, am Alldag ausweise mat engem gëltegen Zertifikat. Dat selwecht zielt fir d'Remplaçanten an d'Stagiairen.

An de Schoule waren – déi lescht Nouvelle, déi ech elo hunn – bis de 14. Januar 2022 am Ganzen 210 Fäll. Als Verglach: Am Dezember gouf et ganzer 50 Fäll. An am November 49 Fäll. D'Opdeelung: Fousbann huet der 59, Nidderkuer 34, Uewerkuer 31, Woiwer 28 an den Zentrum 58.

An de Maison-relaisen an SEAe war d'Online-Aschreiwung fir d'Fuesvakanz a fir d'Ouschtervakanz. Déi Aschreiwungen online si gutt verlaf. Mir Krute 615 Aschreiwungen. Dat ass ronn d'Hallschent vun de Kanner, déi bei eis an de Maison-relaisen ageschriwwe sinn.

An eise Structures d'accueil gouf et positiv Covidfäll beim Personal. Zanter dem 1. Januar 2022, Stand 18. Januar, waren am Ganzen an eise Maison-relaisen 15 Erwuessener betraff.

Dat wier alles, wat ech vu Kommunikatiounen ze soen hätt. Ech géif d'Wuert elo weider un den Här Ulveling ginn.

---

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Eng kleng Erläuterung zu dem Chrëschtmaart. Ech wollt Iech matdeelen, dass mer 16.000 Besich gezielt hunn. Fir d'Droneshow waren 3.000 Leit present. Op der Äispist och 3.000 Leit. Et war gutt, dass mer, en dernière minute praktesch, decidéiert haten, d'Äispist nach ëm eng Woch ze verlängeren, fir d'Schoulkanner, well déi duerch de Lockdown an esou weider gelidden hunn. Dass déi d'Méiglechkeet haten, sech e bësse méi laang op där Äispist ze ameséieren.

Finanziell si mer am Rame bliwwen. Mir hu liicht méi Recettë gehat wéi virgesinn. Et war e flott Event. Mir wäerte versichen, et an där doter Form auszebauen. Ech soen Iech Merci.

---

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Mangen.

---

### SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ären Ënnerlage läit de Bilan 2021 vun den Archive bäi. En interessant Dokument. Dir gesitt, de Logiciel, iwwert dee mer hei ofgestëmmt hunn, dee kënnt voll an den Asaz. Déi historesch Dokumenter gëtt schonn alles archivéiert. Och elo fir dëst kommend Joer, zum Beispill, vun der Auslandspolice tëschent 1878 an 1956. Da ginn och Dokumenter aus de Recettes communales matarchivéiert. Dat musse mer iwwer Joren halen, fir wa Reklamatioune sollte kommen.

Déi Dokumenter a Pabeierform, déi net méi gebraucht gi sinn, déi kënne mer eliminéieren. Dat ass och scho gemaach ginn.

Interessant sinn d'Demanden, déi d'Archive kruten. 2021 si 57 Demandë fir Recherche erakomm. 17 Persoune sinn

*conseillers communaux. Elle signale que monsieur Hartung et monsieur Tempels sont présents par vidéoconférence. Monsieur de Sousa est absent, mais il a donné procuration à madame Wohl.*
*Christiane Brassel-Rausch enlève le point 4 g concernant le projet Super Senior de l'ordre du jour, car il n'a pas été discuté par les commissions.*
*Depuis le 15 janvier, le 3G est obligatoire au travail. 85 % des employés de la commune figurent sur la liste CovidCheck et ne doivent donc pas prouver chaque jour qu'ils sont vaccinés ou guéris. Les autres doivent présenter un certificat.*
*Les écoles comptent 210 cas au 14 janvier 2022. En décembre, elles en dénombraient 50 et en novembre 49.*
*Les inscriptions aux maisons relais se sont déroulées en ligne et se sont bien passées. Six-cent-quinze enfants se sont inscrits en ligne, c'est-à-dire la moitié.*
*Du 1er janvier au 18 janvier 2022, les maisons relais ont dénombré 15 cas parmi les adultes.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que 16 000 personnes se sont rendues au marché de Noël. Trois-mille personnes ont assisté au spectacle de drones et trois-mille personnes ont utilisé la patinoire. La patinoire a été démontée une semaine plus tard que prévu pour permettre aux enfants de s'amuser après le confinement.*
*Les recettes ont été un peu plus élevées que prévu.*

---

**ROBERT MANGEN (CSV)** *passe au bilan 2021 des archives. L'application approuvée par le conseil communal s'est avérée utile. Les documents historiques sont en train d'être archivés — par exemple ceux de la police des étrangers et ceux concernant les recettes communales.*
*Les documents en papier dont la commune n'a plus besoin ont été éliminés.*
*En 2021, les archives ont reçu 57 demandes de recherche. Dix-sept personnes se sont déplacées pour consulter des documents concernant l'histoire de Differ-*

*dange, la Deuxième Guerre mondiale, le sport, l'administration…*
*Les associations et des particuliers offrent des documents importants aux archives. La commune a aussi reçu des revues de football et des magazines. ArcelorMittal a demandé à ce que certaines de leurs photos soient archivées.*
*Robert Mangen profite pour renouveler son appel pour que les gens et les associations remettent ce type de documents aux archives. S'ils souhaitent les garder, la commune peut les numériser. Il est important de conserver ces informations pour les futures générations.*
*Depuis cette année, les gens peuvent accéder aux documents numérisés en ligne.*
*Robert Mangen demande aux conseillers communaux de lire le bilan. Cela en vaut la peine.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe au point 3a, l'organigramme. Les modifications sont minimes : la création de sept postes B1, trois postes C1, trois postes D2, trois postes H3 et un poste A3.*
*Ces créations représentent des couts annuels de 900 000 €. Le conseil communal dispose des avis des délégations.*
*Désormais, les commis de cuisine sont considérés comme des agents polyvalents et non comme des agents de nettoyage. Le chef de service des cuisiniers en a discuté avec madame Oliveira.*
*Plusieurs aides-artisans redeviennent donc des agents polyvalents. Ils y gagnent au change puisqu'avant, ils étaient considérés comme des agents de nettoyage. Après des discussions internes, il est apparu qu'aide-artisan était une carrière trop élevée.*
*Une demande de prime a été déposée. Pour le collège échevinal, il est clair que cette prime ne concerne que ceux pour qui elle est prévue dans le contrat collectif.*
*Le service des festivités sera transféré au CID.*
*La délégation des fonctionnaires regrette que l'hôtel de ville ne soit pas agrandi. Mais ce projet n'est que reporté.*

och op d'Plaz komm, fir Dokumenter ze consultéieren.

D'Haaptthteeme sinn: Geschicht a Monumenter vun Déifferdeng, Zweete Weltkrich, Genealogie, Sportsaktivitéiten, och Veräiner, Sportsveräiner an déi eng an déi aner administrativ Dokumenter.

Mir kréien Done vu Veräiner a Privatleit, fir Dokumenter ze archivéieren. Dat ass ganz interessant. Ech zielen der e puer op: Den Timberveräin, d'Société avicole vun Uewerkuer, de Club européen, d'Chorale Sainte Barbe vu Lasauvage. Mir kruten och Zäitschrëfte vun ale Fussballrevuë fir ze archivéieren. ArcelorMittal freet ons, fir verschidde Fotoe vun hinnen an onsen Archive festzehalen.

Mir kënnen nëmmen en Appell maachen un all d'Privatleit an un d'Veräiner, déi Dokumenter hunn, ons se zur Verfügung ze stellen. Vläicht, wa se se wëllen halen, dat ass kee Problem, mir kënne se digitaliséieren a se op onsem Site halen. Et ass ëmmer interessant fir déi kommend Generatiounen, wann een all déi Informatiounen iwwer Déifferdeng huet, datt een déi an engem Archiv huet.

Eng wichteg Erneierung dëst Joer ass den Zougang vun onsen Archiven iwwer Internet. Wou d'Leit iwwer Internet kënnen op ons Archiven zréckgräifen. Zumindest op déi Dokumenter, déi am Moment digitaliséiert sinn.

Et lount sech op alle Fall d'Dokument duerchzeliesen. Ech hoffen, datt de Succès vun den Archive weidergeet déi kommend Joren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da géif ech direkt iwwergoen op de Punkt 3a. Do geet et ëm den aktualiséierten Organigramm. Wéi Der feststelle kënnt, hu mer eng Partie Poste geschafen. Et si keng grouss Ännerungen an deem Organigramm virgesinn.

D'Schafung vun de Posten am Detail: Mir hu siwe B1-Poste geschaf. Dräi C1-Posten. Dräi D2-Posten. Dat sinn Agents municipaux, déi mer wäerte kréien. Dräi H3-Posten. Dat sinn Artisanen. An een A3-Posten. Dat ass en Agent polyvalent.

Déi ganz Créations de postes zesumme wäert fir d'Gemeng coûts annuels vun ëm déi 900.000 Euro duerstellen. Wat d'Avise vun den Delegatiounen ugeet, do hutt Der d'Aarbechterdelegatioun.

Et ass dann nach ze preziséieren, dass de Commis de cuisine elo als Agent polyvalent an net méi als Agent de nettoyage agestuuft gëtt. An am Fong just déi Leit, déi matkachen, dat heescht déi dem Kach selwer hëllefen, déi ginn als Aide artisan agestuuft. Déi Ännerung ass virgeholl ginn, nodeems de Chef de service vun de Käch an d'Madamm Oliveira vum Recrutement zesumme geschwat hunn. Si hunn dat esou festgehalen. Also mir hunn dat esou festgehalen.

Dofir musse verschidden Aide-artisanen elo erëm zréck an d'Carrière Agent polyvalent ëmgesat ginn. An engem Gemengerot hate mir dat hei ugeholl. An duerch dat Gespréich an duerch déi Ëmsetzung vun deene verschiddene Posten, ginn déi elo an den Agent polyvalent erëm zréckgesat. Si hunn awer gewonnen, well virdru war et jo Agent nettoyage.

Ech géif soen, dass dat eng gutt Léisung ass.

Et besteet d'Demande vun enger zousätzlecher Primm. Do ass et ganz kloer: Eng zousätzlech Primm kréie just déi, wou et esou am Kollektivvertrag virgesinn ass.

Wéi gesot, an der leschter Sitzung hate mer d'Empfeelung vun der Delegatioun ugeholl. Mee no de Gespréicher, déi ech elo just erwäänt hunn, fanne mer, dass den Aide artisan ze héich ass. No der Analys vun der Situatioun, gi mer an de Polyvalent.

Wat den Avis vun der Beamtendelegatioun ugeet, gesitt Der, dass de Service des festivités elo an de CID transferéiert ginn ass. An dass se bedaueren, dass d'Stadhaus net ausgebaut gëtt. Ech mengen, dat hu mer en long et en large hei wärend de Budgetsdiskussiounen erkläert, dass mer dee Projet aus finanzielle Grënn op Äis geluecht hunn.

Dat ass dat, wat ech zum Organigramm ze soen hätt. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, e puer Wuert aus Siicht vun der LSAP. Mir begréissen, wann nei Poste kreéiert ginn. Mir brauchen nei Posten. Eis Stad wiisst. Wann eng Stad wiisst, bedeit dat méi Awunner. Méi Awunner bedeit zousätzlech Demarchen op d'Gemeng. A fir déi Demarchë kënnen ze maachen, brauch ee méi Leit.

Dir hutt elo gesot, wat déi Créations de postes, déi elo decidéiert ginn, eis kaschten. Ech hat schonn a menger Budgetsried gesot, dass et interessant wier, fir emol Projektiounen, déi méi wäit ginn, fir esou eng Projektioun ze kréien.

Mir wësse jo ongeféier, wat fir Projeten nach geplangt sinn an eiser Gemeng. Mir wëssen ongeféier, wat dat fir e Populatiounswuesstem bedeit. Dass ee sech doriwwer Gedanke mécht, wat dat heescht punkto Gemengeverwaltung. Wéi vill Leit musse mer iwwert déi nächst Joren astellen?

Dass mer och e bësse méi wäit kënne kucken, wéi eis Personalkäschte sech wäerten entwéckelen. Well mir wësse jo: Eis Personalkäschte maachen ee groussen Deel vum ordinäre Budget aus. An dat wäert sech warscheinlech net änneren. Duerfir wär et interessant fir ze kucken, wéi déi Entwécklung ass.

Dir hat mer jo gesot, Madamm Buergermeeschter, no menger Budgetsried, Dir wäert domadder amgaang. Et wier interessant, wann een do zäitno vläicht eng Projektioun, eng Informatioun kéint kréien, wat do ugeduecht ass.

Ee Punkt aus dem Avis vun der Fonctionnairesdelegatioun, op deen Der elo net agaange sidd, deen ech awer e bësse bedauerlech fannen, ass, dass hei drasteet, dass am Fong net wierklech mam zoustännege Service geschwat gouf, ier deen Transfert decidéiert gouf.

D'Beamtendelegatioun seet zwar, dass deen Transfert duerchaus net ouni Sënn ass. Mee et kéint een hei e bëssen drauserausliesen, wéi wann den zoustännege Service am Fong net wierklech gefrot gi wier, ier deen Transfert decidéiert gouf. Dat fanne mir e bësse schued. Ech mengen, sou Transferte sinn ëmmer méi einfach, wann ee mat deene Concernéierte schwätzt a wann een am Dialog déi Concernéiert dervun iwwerzeegt, dass dat, wat een als Schäfferot plangt, och dat Richtegt ass.

De Projet vum Stadhaus, dat sollt ausgebaut ginn, dee Projet läit jo elo op Äis. Aus dem Avis vun der Beamtendelegatioun geet ganz kloer ervir, dass do nach wie vor Handlungsbedarf besteet. An dass ee sech muss zesumme Gedanke maachen, wéi een do wëll weiderfueren.

Mir als LSAP stëmmen awer de proposéierte Créations de postes an Ännerungen am Organigramm zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hobscheit. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, eng kleng Explikatioun muss ech nach zu deem Tablo kréien, well ech et net richteg verstinn. Mer hu Posten hei, Postes à adopter, postes à créer, déi gi mat enger oranger Faarf gezeechent. Kucken ech da beim CID, wou de Festivitéits- an de Foires-et-marchés-Service hikënnt, do ginn zwee Leit deplacéiert. Een Drëtte steet an der Carrière B, mat engem Taux d'occupation vun – ech gesinn dat esou schlecht, well dat esou ganz kleng ass. Dat ass awer e Poste vacant. Deen ass awer net orange ugefierft. Wat ass dat? Do ginn zwee Leit deplacéiert. Wat ass mat deem Drëtten, deen an enger Karriär B1 soll agestallt ginn? A firwat ass deen net och explizitt ugezeechent bei deenen neie Posten, déi mer schafen? Dat wier just eng kleng Detailfro zu deem Ganzen hei. Ech soen Iech Merci.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *salue la création de ces postes, car la ville et sa population croissent. Par conséquent, le nombre de démarches administratives augmente aussi. Il faut donc renforcer le personnel.*
*Madame Brassel-Rausch a parlé du cout de ces recrutements. Pierre Hobscheit souhaiterait disposer de projections sur la base des projets et de la croissance de la population prévus. Combien de personnes la commune devra-t-elle recruter au cours des prochaines années ? Cela permettrait de connaitre l'évolution des frais de personnel, qui représentent une grande partie des dépenses ordinaires. La bourgmestre avait dit qu'elle préparait ces projections. Pierre Hobscheit voudrait bien des informations à ce sujet.*
*La délégation des fonctionnaires regrette qu'un des transferts n'ait pas été discuté au préalable avec le service concerné. C'est regrettable. La délégation précise que le transfert en question est pertinent, mais Pierre Hobscheit croit comprendre que le service n'en savait rien. Les transferts sont plus faciles si le collège échevinal en parle avec les personnes concernées.*
*Le projet de l'hôtel de ville est reporté. La délégation souligne l'urgence de la situation. Il faudra réfléchir à la question.*
*Le LSAP approuvera l'organigramme.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne comprend pas le tableau. Les postes à créer sont orange. Le service des festivités est déplacé dans le CID. Vient ensuite un poste vacant dont Guy Altmeisch n'arrive pas à lire le taux d'occupation. Mais ce poste n'est pas orange. Qu'en est-il du poste dans la carrière B1 ? Pourquoi ne figure-t-il pas parmi les nouveaux postes ?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *salue les créations de postes.*
*Elles sont nécessaires pour que la commune puisse accomplir ses missions au cours des prochaines années.*
*Les écologistes ont lu les avis et s'attendent à une explication de monsieur Ulveling.*
*Georges Liesch approuve le fait que l'équipe qui s'occupe des arbres soit intégrée au service écologique. C'est une décision pertinente. Cela démontre que la création d'un service des arbres, comme il en existe à Luxembourg-ville, était une bonne idée. Le travail porte ses fruits. Georges Liesch se dit content du renforcement du service écologique.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réfute l'affirmation selon laquelle le collège échevinal n'aurait pas discuté avec le service concerné. C'est le service qui a demandé à rattacher les employés en question au CID, car les fêtes sont généralement organisées par le CID et pas par le service culturel.*
*Le troisième poste a été créé il y a longtemps pour pouvoir agir rapidement le cas échéant. Mais rien n'est prévu pour le moment.*
*De toute façon, ce service travaille étroitement avec le CID. La commune pourra réagir rapidement s'il faut réparer quelque chose lors d'une kermesse par exemple. C'est logique. Le service des festivités n'a pas grand-chose à voir avec le service culturel.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au contrat collectif des communes du Sud.*
*Elle a participé aux négociations. Une prime rétroactive de 4 points a été approuvée pour 360 ouvriers à partie du 1er janvier 2021. Cela représente 415 000 €, charges patronales incluses. La somme se compose de 2 % du cout annuel des ouvriers. La prime spéciale est passée de 11 à 15 points.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Den Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir begréissen déi Création-de-posten, déi hei gemaach ginn. Déi mer wierklech als noutwendeg ugesi fir déi Aufgaben, déi op eis Gemeng zoukommen an deenen nächste Joren, geschëllert ze kréien.

Mir hunn d'Avise gelies. Mir fannen eis an deene Saachen erëm. Ech mengen, zu engem Punkt kréie mer bestëmmt nach eng Erklärung vum Här Ulveling.

Mir begréissen dat Changement, dat elo gemaach gouf, och vun der Bam-Ekipp, fir déi elo an de Service écologique ze huelen. Wat eiser Meenung no Sënn mécht. Fir dass do méi eng enk Zesummenaarbecht kënnt.

Et weist eigentlech, dass déi Iddi, déi deemools entstanen ass, fir esou ee Service arbre mol ze maachen, wéi d'Stad Lëtzebuerg en och huet, duerchaus Sënn mécht. Dobausse gesäit een och schonn d'Resultater vun där Aarbecht. Mir si ganz frou, dass déi Saache regruppéiert ginn an Augmentation-deposten am Service écologique gemaach ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Da géif ech d'Wuert un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, ech wëll eppes kloerstellen: Dass net mat hinne geschwat ginn ass, dat ass awer net esou ganz richteg. D'Demande, déi koum jo vum Service selwer, fir ze soen, dass et méi logesch wier, fir déi Leit un de CID ze rattachéieren, vu dass se jo Fester a Festivitéiten organiséieren, méi mat de Leit vum CID ze dinn hu wéi mam Service culturel. An dofir hu mer dat och gemaach.

Deen drëtte Posten, deen ass scho viru méi laanger Zäit geschafe ginn. Deen ass awer net besat. Deen ass just do, fir wann eng Kéier e Besoin bestéing, dass een direkt ee kéint astellen, dass en am Organigramm virgesinn ass. Mee do ass elo net virgesinn, dass do een agestallt sollt ginn. Déi lescht zwee Joer ass net vill gelaf, muss ee soen. Leider. Dofir gesi mer net, firwat mer sollen en Drëtten astellen.

Zousätzlech hu mer gesot, fir déi Saach e bëssen ze vereinfachen, och Kontakt oder hinnen d'Méiglechkeet ginn, dass se sech eng Kontaktpersoun am CID sichen, mat deene si intensiv zesummeschaffen. Dass ee relativ schnell kann handelen, wann iergendwéi Nout um Mann wär, respektiv wa Saache misste gefléckt ginn oder opgeriicht ginn, bei enger Kiermes oder bei iergendwéi engem Fest. Ech mengen, dass dat logesch ass, dass een dat esou mécht. Well sou vill direkt mat der Kultur huet dee Service am Fong net ze dinn. Dofir mengen ech, ass et logesch, dass mer dat esou gemaach hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme actualisé du personnel communal.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 3b. Do geet et ëm de Kollektivvertrag vun de Südgemengen. Wat bleift mir do ze soen? Ech war bei deene Verhandlungen derbäi, wann et gaangen ass. Et sinn zwee wichteg Punkten ervirzehiewen. Dat, wat retroaktiv decidéiert ginn ass, ass eng Primm vu véier Punkte pro Mount fir 360 Aarbechter. Déi Retroaktivitéit geet op den 1.1.2021 zréck. Dat wäert de Patron, dat heescht mat de Charges patronales incluses, eng 415.000 Euro kaschten. Déi ware schonn am Budget virgesinn. Do war eng Zomm vu 500.000 Euro fir deen dote Punkt virgesinn.

Wat sinn déi 415.000 Euro? Dat ass 2 % vum Coût annuel vun den Aarbechter. Hir Prime spéciale, an anere Wierder, d'Iessensgeld, ass vun 11 op 15 Punkte gehuewe ginn. A si behalen déi. Dat ass eng Augmentatioun vum Iessensgeld réckwierkend op den 1. Januar 2021.

Deen zweete Punkt betrëfft de Stage. Déi Reegel 80/80/90 ass ofgeschaaft ginn, wéi bei de Fonctionnairen. De Stage huet elo keng dräi Joer méi, mee zwee Joer.

An déi Leit, déi kréie réckwierkend näischt. Mee si kréien d'office fir hir zukünfteg Karriär en Échelon bäi. Dat heescht, si sinn ee Joer éischter fin carrière. Dat bedeit fir d'Gemeng e Coût prévu vun 1,25 % vum Coût annuel.

Vill Decisioune sinn et, déi an Zukunft gräifen. Dofir ass et am Moment schwiereg, de globalen Impakt op eise Budget ze gesinn. Vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021 war de Kollektivvertrag. Ech kann Iech soen, dass mer eis elo an deenen nächste Méint, wann et da méiglech ass, erëm zesummesetze fir weider Diskussiounen, fir den nächste Kollektivvertrag auszehandelen, deen dann 2022 uleeft.

Duerch d'Pandemie hu mer, en gros, annerhalleft, also plus ou moins ee Joer verluer, fir e Kollektivvertrag auszehandelen. A mir sinn eis alleguer eens, vu dass mer elo am Roulement sinn an de Rodage gemaach hunn, dass mer 2022 deen nächsten ufänken.

Villmools merci. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen ech, dass et zum Ofschloss vun dësem Kollektivvertrag komm ass. Well e consolidéiert en historesch soziale Fortschrëtt, deen dëse Kollektivvertrag kennzeechent.

Mir huelen dee Kollektivvertrag elo retroaktiv un. D'Madamm Buergermeeschter huet eis gesot, dass zum Deel d'Pandemie dru schold war. Do huet se eis awer net d'ganz Wourecht gesot. Well an der Realitéit war et esou, dass d'Verhandlungsdelegatioun, dat heescht d'Buergermeeschtere vun enger Rei Gemengen, iwwer en Deel vun de gewerkschaftleche Fuerderungen iwwerhaapt net schwätze wollten. An dass se sech virdrun drop festgeluecht hunn, dass maximal 1 % vun de Gesamtkäschten et soll méi maachen, wat bei deem Kollektivvertrag do erauskomm ass.

Dat ass elo e bëssen anescht gelaf. Och duerch den Drock vun de Gewerkschaften. An et ass och gutt, dass d'nächst Joer Gemengewale stattfannen, soss hätt dat nach méi laang geschleeft. An do ware se awer elo presséiert, dass dat net soll an de Walkampf kommen. Awer trotzdeem zu engem Ofschloss ze kommen.

De Kollektivvertrag ass also schonn, och wa mer elo driwwer ofstëmmen, ofgeschloss. En ass bis den 31. Dezember gaangen. An an den nächsten Deeg wäert et zu neie Verhandlunge kommen.

Et ass also vill erreecht ginn. Wat ze begréissen ass. Et muss ee soen, dass et awer och nach Fuerderunge gëtt vun den Aarbechter, déi bis elo net erfëllt gi sinn an iwwert déi och verhandelt wäert ginn. Zum Beispill d'Zoulage fir de Bereetschaftsdéngscht, fir déi eropzesetzen.

Awer och wëllen d'Gewerkschaften onbedéngt verhënneren, dass dee sougenannte Pott, also dass do Verschlechterunge kommen. An ech ka se nëmmen encouragéieren, an déi Richtung ze goen. Och fir dass déi fortschrëttlech Ausriichtung vun dem Kollektivvertrag an Zukunft bäibehale gëtt.

Ech wëll dofir soen, dass ech als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei fir dee Vertrag stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Här Schwachtgen, wannechgelift.

*Le deuxième point concerne le stage. La règle des 80/80/90 est abolie. Le stage ne dure donc plus trois ans, mais deux ans.*
*Les personnes concernées n'ont pas droit à une prime rétroactive, mais ils passent à un échelon supérieur dans leur future carrière. Pour la commune, cela représente un cout annuel supplémentaire de 1,25 %.*
*Pour le moment, il est difficile de connaitre l'impact global sur le budget. Les discussions vont se poursuivre au cours des prochains mois afin de négocier le prochain contrat collectif, qui prendra effet en 2022.*
*Les communes ont perdu un an et demi à cause de la pandémie.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *salue le contrat collectif. Il consolide un progrès social historique.*
*La bourgmestre a expliqué que la pandémie avait causé des retards. Mais ce n'est pas l'entière vérité. En réalité, certains bourgmestres refusaient d'office plusieurs revendications syndicales. Ils avaient décidé à l'avance que les couts supplémentaires devaient se monter à 1 % au maximum.*
*Grâce à la pression des syndicats, les choses ne se sont pas passées comme prévu. Heureusement d'ailleurs que les élections communales auront lieu l'année prochaine. Les bourgmestres ne voulaient pas trainer ces discussions jusqu'à la campagne électorale.*
*Le contrat collectif s'est conclu le 31 décembre dernier. Des négociations sont prévues au cours des prochains jours.*
*Ali Ruckert constate que certaines revendications des travailleurs n'ont pas été retenues pour le moment. Il faudra négocier.*
*Les syndicats veulent aussi éviter que la situation n'empire. Ali Ruckert les soutient, car il faut protéger les progrès atteints grâce au contrat collectif.*
*Il approuvera le contrat collectif.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *s'est renseigné auprès des syndicats. Apparemment, ils sont plutôt satisfaits des résultats, même si le contrat collectif a été approuvé plus tard que prévu.*
*Monsieur Ruckert a dit qu'il restait à discuter — notamment en ce qui concerne l'égalité entre les hommes et les femmes. 99 % du personnel de nettoyage est composé de femmes. Or celles-ci gagnent moins que les hommes dans les carrières équivalentes.*
*La presse a exagéré quant aux raisons du retard. La fameuse séance estivale a été annulée parce qu'il manquait des bourgmestres. Le nom de la bourgmestre de Differdange a d'ailleurs été cité. Mais les représentants differdangeois ont compris que même les bourgmestres ont droit à des vacances en juin ou en juillet. Monsieur Ruckert a exprimé son point de vue. Frenz Schwachtgen préfère voir les choses de manière plus positive.*
*En plus, l'ambiance était bonne apparemment. Le nouveau contrat collectif devrait être prêt avant l'été.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *concorde avec les propos de messieurs Ruckert et Schwachtgen. Il confirme que les syndicats sont globalement satisfaits. Cela démontre que les choses vont dans la bonne direction. Certes, il reste du pain sur la planche et Pierre Hobscheit espère que les négociations arriveront plus vite à leur terme.*
*Le LSAP approuvera le contrat collectif.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à l'acquisition de l'hôtel Gulliver et de 27 places de stationnement pour 12 millions d'euros.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech schwätze kuerz am Numm vun deene Gréngen. Mir hunn eis e bësse renseignéiert, wéi d'Stëmmung am Gewerkschaftslager ass. An no engem Gespréich hunn ech konnte feststellen, dass am grousse Ganzen et grouss Zefriddenheet gëtt iwwert den Ofschloss vum Kollektivvertrag. Quitte, dass e méi spéit ofgeschloss ginn ass a mer en och elo eréischt zum Vott hei hunn.

Et sinn nach Punkten ze diskutéieren, wéi den Här Ruckert gesot huet. Ënner anerem d'Gläichstellung tëschent Mann a Fra. Wann een d'Botzekipp oder d'Botzleit hëlt, dass do effektiv vun deenen 108 ugestallte Leit, 99 % dervu Frae sinn. An dass déi manner Loun hu wéi u sech a gläichgestallte Karriären am Aarbechtersecteur. Dat wäert och e Belaange sinn, wat si am neie Kollektivvertrag wäerten uschneiden.

Wat déi Retarden ubelaangt. Dat ass an der Press e bëssen héichgespillt ginn, well am Summer déi berüümte Sitzung net konnt stattfannen. Well anscheinend net genuch Buergermeeschteren do waren. Dat ass e bëssen duergestallt ginn, wéi wann déi dat géife vernoléissegen.

Ënner anerem ass den Numm vun eiser Buergermeeschtesch genannt ginn. Wat eis Vertriedung awer guer net esou ausgedréckt huet. Dass se souguer Versteesdemech dofir hätten. Well och d'Buergermeeschteren anscheinend eng Summervakanz zegutt hunn. An dass déi eebe vläicht ze héich gesat gi war am Juni/Juli, wéi déi Sitzung festgeluecht ginn ass.

Ech wollt just kloerstellen, dass dat awer och net esou erauskoum ass, wéi wann d'Politiker sech do hätte wëlle virdrun drécken. Den Här Ruckert huet dat elo e bëssen anescht ausgedréckt. Ech probéieren et op déi aner Manéier och da positiv ze gesinn.

A si hu mir och verséchert, dass d'Ambiance gutt war. An dass se dermat rechnen an hoffen, dass deen neie Kollektiv virum Summer oder Fréijoer kéint en Ofschloss fannen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, den Här Ruckert huet scho ganz vill gesot. Den Här Schwachtgen huet och ganz vill hannendru gehaang. Ech ka mech deem just uschléissen. Mir begréissen deen Accord.

Effektiv, wann een d'Echoe vun de Gewerkschaften héiert, gëtt et eng relativ grouss Zefriddenheet vu Säite vun de Gewerkschaften. Dat ass ëmmer en Zeechen duerfir, dass dat wat erreecht ginn ass, wierklech an déi richteg Richtung geet. Quitte, dass, wéi den Här Ruckert et ugedeit huet, nach Saachen ze maache bleiwen. Dass sécher nach net alles gutt ass. An dass ee vläicht och ka kucken, dass een an Zukunft méi séier zu engem Enn ka komme bei deene Gespréicher.

Alles an allem ass dat hei e gutt Resultat fir d'Aarbechter an d'Mataarbechter aus de Südgemengen. Mir als LSAP Déifferdeng stëmmen dat gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Et gëtt keng Wuertmeldung méi dozou, da géife mer zum Vott iwwergoen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le protocole d'accord en vue du renouvèlement de la convention collective de travail des communes du Sud.*

Villmools merci. Den nächste Punkt ass en Akt, dee mer ënnerschriwwen hunn. Wat mer Iech jo schonn hei am Gemengerot gesot hunn. Et ass elo definitiv, dass mer den ancien Hotel Gulliver als Gemeng kaf hunn. Fir eng Zomm vun

12 Milliounen Euro. Mat 27 Stellplazen derbäi.

Dir wësst, dass Projete lafen. Wichteg ass: Dee Projet ass ugeduecht. Mee ech soen nach ëmmer: Mir sinn nach ëmmer nëmme beim Denken, mir sinn nach net beim Handelen. Also mir hu scho gehandelt, andeems mer et kaf hunn. Mir sinn nach ëmmer beim Kucken, wéi mer et ausriichten.

Et leeft elo a Richtung valid Senioren. Valid Senioren. Et huet ni ee Mënsch vun Invalidité geschwat. Et geet ëm valid Senioren, déi vläicht net méi wëllen eleng wunnen, déi vläicht an engem vill ze groussen Haus wunnen. Vläicht mat Jonken/Studente gekoppelt.

Eng aner Iddi ass – an dat ass alles och just um Denken –, fir vläicht een oder zwee Appartementer oder Zëmmere fir Housing First ze maachen. Déi, déi net wëssen, wat dat ass: D'Leit vun der Strooss ze huelen an hinnen eng Stabilitéit ze ginn. Esou fannen déi Leit de Wee vill méi séier a vill méi liicht erëm zréck an d'Liewen.

Dat ass e Projet, dee wierklech gutt Resultater opweist. Mir haten eis dat souwisou scho méi laang op de Fändel geschriwwen, dass mer an déi Richtung wéilte goen. Mee wéi gesot, dat ass alles eréischt ugeduecht.

Wat eis als Schäfferot immens freet, mir hu schonn Ufroe vun Träger, déi interesséiert wären. Dat ass jo dat Positiivt un der ganzer Saach. Dat heescht: Mir loossen eis déi Saach emol duerch de Kapp goen, wéi a wat. Kucken, wat méiglech ass, och vun den Träger hirer Säit aus. Selbstverständlech wäerte mer Iech ëmmer, le moment venu, au courant halen, wat mat deem Projet geschitt a wou mer dru sinn.

Wichteg ass, dass mer dat Gebai net wëllen eidelstoe loossen. Et steet scho vill ze vill laang eidel. Mer wëllen et net nach weider eidelstoe loossen. An et ass einfach extreem schwéier – Dir wësst et, ech komme mer geschwë vir wéi e Papagei – an dësen Zäiten. Dat sinn elo wierklech net Zäiten, déi fir den Horesca a fir den Hotelsberäich schwätzen.

Dir hat mech gefrot, wéi et ëm de Restaurant stoe géif. Deen ass mëttlerweil ofgesprongen. Déi kréien dat am Moment net gestäipt. An do kann ee kengem d'Schold ginn.

(Ënnerbriechung)

Vum Ikkuvium.

Et ass schrecklech. A mir bedaueren et als Gemeng. Mir sinn déi éischt, déi et bedaueren. Mir sinn awer schonn erëm drun, fir ze kucken, wéi mer deen nächsten …, mee et ass och eng Saach einfach vu Finanzen. Déi Leit, déi hu jo guer keng Aussiicht. Déi wësse jo guer net, wéi et virugeet.

Mee fir elo op de Gulliver zréckzekommen – also mir mussen och en neien Numm sichen –, fir op dat Gebai zréckzekommen, wéi gesot, mir sinn amgaang.

Ech maachen d'Ronn op: Den Här Altmeisch. Den Här Liesch. Den Här Meisch. An dann den Här Weirich. Merci.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen dat ganz flott, wann een 11 Milliounen Euro ausgëtt, Sue vun de Steierzueler, dass ee sech Gedanken driwwer mécht. Och mir hunn eis Gedanken iwwert déi 11 Milliounen Euro gemaach.

Selbstverständlech begréisse mir et, wann Ariichtunge kaf ginn, déi herno solle verwennt gi fir e sozialen Zweck. Zum Beispill fir Seniorewunnenge respektiv fir Leit, déi op der Strooss wunnen. Fir déi erëm ze integréieren an deenen eng nei Méiglechkeet ze ginn, en anert Liewen ze starte wéi dat, wat se am Alldag begéinen. Dat ass eng ganz gutt Saach.

Wat eis e bëssen um Häerz läit, dat ass awer déi Zomm do vun 12 Milliounen Euro. Et si 27 Emplacementer derbäi. 12 Milliounen Euro, ech weess, dass dee Projet um Privatmarché lancéiert gi war. An dass en och do zur Vente stoung. Et war awer keen Interessent, dee sech gemellt huet bei där Zomm.

*Il y a des idées, mais pour le moment le collège échevinal n'a pas encore décidé quoi faire du bâtiment. Une des idées consiste à en faire une résidence pour les séniors valides, qui ne veulent plus vivre seuls ou qui habitent une maison trop grande. Il n'a, en revanche, jamais été question de personnes invalides. Un projet intergénérationnel est aussi envisageable.*
*Un ou deux appartements pourraient être affectés à Housing first, un projet consistant à offrir une certaine stabilité aux sans-abris. Un logement leur permettrait de reprendre pied. Le collège échevinal y pense depuis longtemps. Mais il n'y a encore rien de concret, même si plusieurs exploitants se sont montrés intéressés. Le collège échevinal va réfléchir à la question et voir ce qui est faisable. Le moment venu, le conseil communal sera mis au courant.*
*L'important est que le bâtiment ne reste pas vide. Les temps sont durs et personne ne veut se lancer dans un projet hôtelier.*
*Pour ce qui est du restaurant, le projet est tombé à l'eau, car les exploitants n'ont pas les moyens financiers.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch parle de l'Ikkuvium.*
*Le collège échevinal cherche un autre exploitant, mais la situation économique est difficile. Les acteurs de l'Horesca n'ont plus de perspectives.*
*Le Gulliver a aussi besoin d'un nouveau nom.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *trouve normal que l'on réfléchisse lorsqu'on dépense 11 millions d'euros. C'est l'argent des contribuables.*
*Les socialistes saluent l'acquisition d'infrastructures qui seront affectées à des projets sociaux — par exemple pour aider les sans-abris.*
*En comptant les 27 places de stationnement, le projet coute 12 millions d'euros. Le bâtiment devait être vendu sur le marché privé, mais personne n'a fait d'offres.*
*Et voilà que la commune l'achète au prix demandé avec une clause stipulant que le vendeur ne sera pas taxé sur la plus-value de plusieurs millions d'euros. Le vendeur a fait*

*une bonne affaire, ce qui explique qu'il ait choisi la commune.*
*Guy Altmeisch rappelle par ailleurs que le collège échevinal s'est montré prudent avec le budget. Et voilà qu'il investit 12 millions d'euros sans savoir ce que vont couter les rénovations ou les transformations. En plus, le dernier étage dispose d'une salle à manger énorme et d'une cuisine professionnelle. Il s'agit d'infrastructures dont la commune n'aura vraisemblablement pas besoin. Et les transformations vont couter cher. On ne parle pas de quelques centaines d'euros. Personne ne peut évaluer aujourd'hui à combien se chiffreront les suppléments.*
*Normalement, les projets de ce type sont subventionnés par l'État. Existe-t-il déjà un accord ?*
*Les places de stationnement coutent 675 000 €. Sont-elles subventionnées ? Et qu'en est-il des transformations ?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve que la commune doit réfléchir* out of the box. *Depuis vingt ans, la Ville de Differdange est connue pour ses innovations. C'est dans ce contexte qu'il faut inscrire le projet de Gulliver. Il s'agit d'une pièce du puzzle mis en place par la commune au cours des vingt dernières années.*
*Quand on réfléchit* out of the box, *il est nécessaire d'oublier ce qu'on connait. Les projections sont forcément incorrectes, car on crée quelque chose de nouveau. C'est ce qui est excitant.*
*Il est vrai que ce projet excitant coute 12 millions d'euros. Mais le projet sera réalisé de façon à pouvoir compter sur les subventions de l'État. En plus, en fonction de l'affectation du bâtiment, le projet pourrait engendrer des recettes. Ça non plus, il ne faut pas l'oublier.*
*Georges Liesch rappelle par ailleurs que le collège échevinal n'a pas acheté une vieille boite. Le bâtiment a deux ans, il est en parfait état et il contient le mobilier. À Belair, la commune aurait tout juste pu acheter deux penthouses pour cette somme — pas un complexe comme celui-ci.*

Da komme mir als Gemeng, mir ginn déi Zomm, déi de Promoteur respektiv de Vendeur freet. Net nëmmen dat. Mir setze se och nach esou an am Akt, dass d'Plus-value, déi de Vendeur huet – do wäerte mer am Milliouneberäich leien –, dass déi net besteiert gëtt. Dat ass kee schlecht Geschäft fir de Vendeur. Soss hätt en eis et och warscheinlech net ginn.

Wat ech och vermëssen e bëssen an deem ganzen Invest, wa mer jo vu Virsiicht schwätzen, wou mer vun enger Porzeläinskëscht schwätzen, déi mer net wëlle briechen, déi mer am Budget laang a kuerz, des Längeren och erkläert hunn, investéiere mer hei 12 Milliounen ouni ze wëssen, wat eng Renovatioun, wat eng Transformatioun eis kascht.

Mer wëssen, dass mer do e Gebai kafe mat enger um leschte Stack riseger Salle à manger, mat enger professioneller Kichen dran. Mat enger Receptioun. Lauter Infrastrukturen, déi mer herno warscheinlech, mat deem, wat mer wëllen draus maachen oder mat deem, wat ugeduecht ass, net méi kënne gebrauchen an och da mussen transforméieren. Wat jo och net näischt kascht.

Transformatioune kaschte jo awer net nëmmen e puer honnert – da si mer schonn erëm an engem Beräich, wou vill Geld investéiert gëtt. Wou mer haut net kënne pronostikéieren, wat fir Supplemente mer do nach wäerte musse stëmmen oder wat mer do nach mussen investéiere vu Geld.

D'autant plus, Projete wéi déi do, gi jo subventionéiert vum Staat zu engem héije Prozentsaz. Meng Fro ass oder eis Fro: Gëtt et schonn en Accord vum Staat fir déi Subventiounen?

Déi zweet ass: Déi 27 Emplacementer, déi mer kafe fir 675.000 Euro, ginn déi mat bei deene Subventioune vum Staat respektéiert? Respektiv déi Transformatiounen, déi mir maachen, ginn déi och am Nachhinein ugefrot fir subventionéiert ze ginn?

Dat wiere meng Froen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech géif ufänke mat de Wierder: Out of the box denken. Déifferdeng ass bekannt dofir, an deene leschten 20 Joer, ech huelen do wierklech e bësse méi wäit aus, fir innovativ nei Iddien ze goen. An dat hei schreift sech genau an déi Agenda, an déi mer an deene leschten 20 Joer gaange sinn, an.

Wann ee kuckt, wat zu Déifferdeng an de leschten 20 Joer vu Saachen entstane sinn, vun neie Saachen, vu kreative Saachen, vun innovativen Iddien, dann ass dat heiten en neit Puzzlestéck.

Natierlech, wann een out of the box denkt, da muss ee säi Pad verloosse vun deem, wat ee kennt. An déi Projektiounen, déi ee soss mécht, sinn alleguerten net richteg, well mer eis jo op en Terrain beginn, dee mer esou eigentlech nach net kennen. Dat ass jo dat Spannend un dësem Projet.

Elo kann een natierlech soen, gutt, e spannende Projet fir 12 Milliounen Euro. Dat muss ee sech dann och kënne leeschten. Mir wëssen awer, dass fir déi Iddien, déi ronderëm dëst Gebai dréien, och eng Kontofinanzéierung ugeduecht ass. Dat heescht, de Projet wäert sech esou upassen, dass mer natierlech och Subventionéierunge vum Staat wäerte kréien an eng Réckfinanzéierung kréien.

An, jee nodeem, wéi de Projet herno ausgesäit, steet vläicht op der Recettësäit och nach eng Kéier eppes. Dovunner muss ee jo dann och schwätzen.

Doriwwer eraus, eleng de Mobilier selwer, dee mer hei kafen, do musse mer jo awer bedenken, dass mer hei elo net eng al Këscht kaf hunn. Dat Gebai ass knapps e puer Joer al. Wat en Top-Zoustand ass. Wat wierklech nei ass.

Ech hunn och e bësse gekuckt, wat mer vergläichsweis fir déi Sue kéinte kréien. An der Stad um Belair hätte mer zwee Penthaiser kéinte kafe fir déi doten Zomm. Dat muss ee sech dann emol op

der Zong zergoe loossen. Mir hunn hei e ganze Komplex, woumat mer wierklech e mega-flotte Projet kënne maachen.

Gutt, Déifferdeng ass natierlech net d'Stad. Et kann ee soen, d'Präisser sinn net déi selwecht. An awer weist et e bëssen d'Perversioun vun den Immobiliepräisser hei zu Lëtzebuerg.

Mir fannen dëse Projet ganz spannend. Mir si frou, dass mer deen heite Schrëtt maachen. Éischtens loosse mer d'Gebai net eidelstoen, nodeem sech keen Hotelier fonnt huet. Wat een an dësen Zäiten, mengen ech, wierklech absolutt ka verstoen, dass och grouss Konzerner sech am Moment bedeckt halen a léiwer net investéieren an en Hotelsbetrib mat Restaurant dran, a léiwer emol ofwaarden, wat geschitt.

Zemools, wann ee weess, dass jo grad de Secteur vun der Horesca eigentlech deen ass, deen an der ganzer Covidkris mat am stäerkste betraff war. An doriwwer eraus och déi ganz Reesagenturen. Wou d'Reese wierklech um Buedem läit.

Net verwonnerlech also. Dann hätt een am Fong just de Choix, ze soen, da waarde mer déi heite Kris of. Iergendwann ginn d'Leit och erëm an d'Vakanz. An da fänkt esou ee Gebai wéi dat heiten erëm un, interessant ze ginn. Da fanne mer een.

Dat wär eng Optioun. Dann hätt een einfach gesot, mir maachen d'Aen zou. Mir kucken, wat mat deem Gebai geschitt. A mir iwwerloossen deem Gebai dat, wat et ass.

Mir wëssen awer, dass deen Investor, deem dat Gebai gehéiert huet, och seng Iddien am Kapp hat. A vläicht wär dann dee Moment den Zuch fort gewiescht. Da wär zum Beispill keen Hotel do gewiescht, mee et wär vläicht iergendee Bürosgebai gewiescht mat soss iergendeppes, wat eis da vläicht manner bruecht hätt.

Dofir kënne mer hei nëmme frou sinn doriwwer, dass mer als Gemeng dësen innovative Schratt hei ginn. Dësen Invest maachen. Natierlech musse mer den Invest clever maachen, andeem mer méiglechst vill op Subventionéierunge kënnen zréckgräifen. An natierlech op där anerer Säit och probéieren nach Recetten ze generéieren.

Mir wäerten op jidde Fall dësem Projet eis Zoustëmmung ginn. A freeën eis iwwert déi Diskussioune ronderëm dee Projet. Dat ass eppes, wat mer wierklech begréissen. Dass dat hei kee Fait accompli ass. Dass mer net soen, mir kafen dat Haus an dat do kënnt dran. Mee dass et eigentlech e Kader gëtt, eng Rumm gëtt vun Iddien, wou mer eis wëllen dra beweegen. Eng grouss Linn, wou mer wëllen hin.

Awer d'Detailer, wéi d'Konzept soll sinn, dass mer eis do wierklech mat Experte vum Terrain zesummesetzen, eis berode loossen: Wat ass machbar? Wat kéint funktionéieren? Wat ass innovativ? Wat brauch eng Gesellschaft, net haut, mee wat brauch se vläicht muer? Wat fir Iddie kommen do op? An do fannen ech déi Iddien, déi d'Madamm Buergermeeschtesch ugedeit huet, extreem spannend.

Well ech mengen, dass se genau dat reflektéieren, wat vill Leit dobausse sichen, nämlech: Wat kann ech am Alter maachen, wann ech awer nach ganz a Form sinn an eeben net, wéi Der gesot hutt, iergendwou Soinen direkt brauch? Mee ech sinn awer vläicht eleng, ech hunn awer keng Loscht eleng ze wunnen. Ech wunne vläicht an engem groussen Haus, ech brauch dat grousst Haus am Fong net méi, mee ech ginn awer och net do fort, well wou ginn ech dann hin? An e klengt Appartement, wou ech eleng sinn, wou ech kee kennen?

Da si vläicht genau esou Strukture wéi dat heiten, wéi eng Seniore-WG oder wéi och ëmmer een et wëll nennen, eigentlech e ganz spannend Theema.

Mir wäerten dat hei op jidde Fall matstëmmen. Mir freeën eis op d'Evolutioun vun dësem Projet. A mir géifen dem Schäfferot och wierklech mat op de Wee ginn, sech hei e bëssen Zäit ze ginn. Ech mengen, dass mer hei wierklech eng néideg Reflektioun brauchen. E largen Debat an de betreffende Kommissiounen, mat den Experten zesummen, mat de Leit, déi sech duerfir interesséieren an och mat de Bierger, wéi déi Dir dat och schonn ugekënnegt hutt. Dass mer de Feeling dobausse fillen, wat d'Leit sech esou virstellen

*Certes, Differdange n'est pas Luxembourg-ville et les prix ne sont pas les mêmes. Mais cela démontre la perversité des prix de l'immobilier.*
*Les écologistes soutiennent ce projet, car le bâtiment ne restera pas vide. Georges Liesch peut comprendre que même les grands groupes ne veuillent pas ouvrir un hôtel maintenant. Les secteurs de l'Horesca et du tourisme sont ceux qui ont souffert le plus de la COVID-19.*
*Autrement, le collège échevinal aurait pu attendre la fin de la crise pour que le bâtiment redevienne intéressant. Il aurait pu fermer les yeux et laisser le bâtiment comme il est.*
*En plus, à l'origine, l'investisseur à qui appartenait le bâtiment avait d'autres idées. Il aurait peut-être préféré des bureaux au lieu d'un hôtel.*
*C'est pourquoi Georges Liesch ne peut être que content de la décision innovante du collège échevinal. Bien entendu, il faudra veiller à obtenir un maximum de subsides et à générer des recettes.*
*Les écologistes approuveront ce projet et attendent avec impatience les discussions. Le conseil communal n'a pas été placé devant un fait accompli. Il dispose d'un cadre pour donner des idées. Il faudra voir avec des spécialistes ce qui est faisable. De quoi la société a-t-elle besoin ? Ces questions sont excitantes, car elles reflètent les préoccupations des gens. Que peut faire une personne âgée si elle est encore en forme et n'a pas besoin de soins ? Ou si elle habite dans une grande maison dont elle n'a plus besoin ? Des structures pour séniors deviennent alors intéressantes.*
*Georges Liesch exhorte le collège échevinal à se donner du temps, car il faut réfléchir. Le débat devra inclure les commissions, les experts et les personnes intéressées.*
*Le conseiller communal pense que ce projet pourrait devenir un modèle pour le reste du Luxembourg.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que le débat porte sur l'acquisition de l'ancien hôtel-restaurant Gulliver Tower.*
*L'idée consiste à créer un projet pour les séniors. Bien entendu, personne n'est contraire à des projets de ce type. En outre, ils sont subventionnés à 75 % par l'État.*
*Mais malheureusement, le seul hôtel qu'il restait dans le centre-ville va disparaitre. Et avec lui, un des rares restaurants. Ce n'est pas l'idéal du point de vue du city management.*
*François Meisch estime que la commune aurait pu investir 12 millions d'euros autrement.*
*Mais il est vrai qu'en raison de la situation sanitaire, il est difficile de trouver des gens voulant ouvrir des restaurants ou des hôtels. C'est pourquoi les démocrates vont s'abstenir.*
*Que va faire la commune des 27 places de stationnement ? Elles sont incluses dans le prix. Vont-elles devenir publiques ?*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *doit admettre que ce point lui donne mal au ventre. Il en avait déjà parlé lors du débat budgétaire.*
*Comme monsieur Muller, il regrette que la commune verse 12 millions d'euros à un investisseur privé ayant échoué. L'hôtel a ouvert en 2019. La pandémie n'a pas aidé l'exploitant. Mais pour Eric Weirich, il s'est rendu trop tôt.*
*Monsieur Meisch vient de dire que c'était le dernier hôtel du centre. En automne, la commune a vendu deux terrains où l'on construit un appart-hôtel. Ici, la commune fait juste le contraire : elle va utiliser un hôtel pour un autre projet.*
*Eric Weirich n'est pas contraire au projet pour les séniors. Mais il regrette que l'argent du contribuable serve à rembourser un investissement privé.*

um Terrain. An dass mer dat grouss opmaachen.

Dat heite kann an dat wäert, wa mer et richteg upaken, e Vorzeigemodell fir Lëtzebuerg ginn, wéi een e Projet wéi dat heite kann ugoen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Dann ass et um Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot. Merci fir d'Wuert. De sougenannte Gulliver-Tower, virdrun Hotel mat Restaurant hei am Déifferdenger Zentrum, steet haut als Acquisitioun zur Debatt. Déi genau Attributioun vum Gebai steet nach net ganz fest. Et sollt eppes am Beräich Seniore ginn, krute mer gesot.

Et ka keen heibannen eppes géint Seniorewunnengen, intergenerationell Wunnstrukturen oder änlech Projeten hunn. En plus ginn déi am Reegelfall mat 75 % staatlech gefërdert, wat mer jo oft genuch hei ugestouss hunn. Awer doduerch verschwënnt den eenzegen Hotel, dee mer nach am Zentrum haten. An ee vun de wéinege Restauranten. A punkto City-Management ass dat net déi ideal Attributioun oder Léisung.

Déi 12 Milliounen Euro avancéierte Käschtepunkt hätte mer op anere Plaze gutt kéinten asetzen. Wësse mer alleguer.

Natierlech muss een déi aktuell sanitär Kris a Betruecht zéien, duerch déi ee momentan nëmme schwiereg Leit wäert iwwerzeegt kréien, grad elo e Restaurant oder een Hotel opzemaachen oder ze iwwerhuelen. Dofir wäerte mir eis bei dësem Punkt enthalen.

Um Schluss awer nach d'Fro, wat kuerzfristeg mat de 27 Emplacementer, de Parkplazen am sougenannte Parking Reggio geschitt. Déi si jo am Präis vun der Acquisitioun mat dran. Ginn déi bis zu enger definitiver neier Notzung vum Héichhaus an den ëffentleche Reseau vu Parkplazen opgeholl? A vläicht souguer iwwert déi Period eraus?

Dat wären eis Froen zu deem Punkt hei. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hu bei deem heite Punkt e bësse Bauchwéi. Ech war a menger Budgetsried schonn dorobber agaangen.

Eemol wéinst dem Invest. Den Här Muller war och schonn dorobber agaang. Mir hunn hei en Invest vun 12 Milliounen Euro, Steiergelder, wou mer engem privaten Investor e Projet ofkafen, wouraus näischt ginn ass. An den Hotel ass eréischt ufanks 2019 opgaang. En hat natierlech Pech, an d'sanitär Kris geroden ze sinn. Ass natierlech schwéier, e Geschäft wéi Hotel a Restaurant doriwwer eraus oprechtzeerhalen. Trotzdeem fannen ech et e bësse kuerz gegraff, an där kuerzer Zäit de Projet Hotel ganz opzeginn.

Den Här Meisch huet et grad gesot, et ass den eenzegen Hotel, dee mer nach am Zentrum vun Déifferdeng hunn. Am Hierscht hu mer zwee Gemengenterraine verkaf, net wäit ewech vun hei, wou ënner anerem en Appart/Hotel drop gebaut gëtt. Do gëtt en neien Hotel gebaut, an hei huele mer e bestoenden Hotel, deen dann engem aneren Zweck zougefouert gëtt.

Ech hunn natierlech näischt géint d'Ausriichtung vum Projet selwer. Ech sinn ëmmer averstanen, fir neie Wunnraum ze schafen. Mee ech di mech awer schwéier domat, dass hei mat Steiergelder e privaten Invest ausgeglach gëtt a mer deen als ëffentlech Hand iwwerhuelen.

Ech sinn awer och frou ze héieren, Madamm Buergermeeschter, dass Der gesot hutt, dass Der Richtung Housing First denkt. Dat ass absolutt virbild-

lech, fir esou Unitéiten direkt matunzedenken. Net nëmme Senioren, mee vläicht och intergenerationell ze denken, ass absolutt spannend.

Wa mer dobäi sinn, wär ech och frou, wa mer de Logement d'urgence net géife vergiessen. Dat ass e leidegt Theema. Mir hunn aktuell keng fräi. Déi Logements d'urgence, déi mer als Gemeng hunn, si scho säit Jore besat. Et wär flott, wa mer hei op d'mannst eng Unitéit géife fir Logement d'urgence virgesinn.

Dat gesot, wäert ech mech och enthale beim Vott zu deem heite Projet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Den Här Hartung an dann den Här Ruckert. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschter. Léif alleguer, d'CSV Déifferdeng stëmmt dësem Kaf zou. Zum enge brauch et bezuelbare Wunnraum, insbesonnesch intergenerationellt Wunne respektiv Seniorewunnengen. Wat hei soll ëmgesat ginn.

Zum aneren de finanziellen Aspekt. Dat gesi mer als en interessanten Invest fir d'Gemeng, wann ee bedenkt wat d'Subsiden, d'Recetten, d'Loyeren, déi hannendrustinn, mat sech bréngen, déi erëm zréck an d'Keess vun der Gemeng fléissen.

Zum anere fanne mir dëse Projet op dëser Plaz gutt a verstinn net, wéi ee ka behaapten, dëst wär net am Sënn vu engem attraktive Stadkär.

Och d'Senioren – oder vläicht grad si – ginn eraus trëppelen, sech op eng Terrass sëtzen, bei eis lokal Commercen hiert Brout, Geméis, Fleesch an esou weider akafen oder bei e Bäcker oder Restaurant eppes drénken oder iessen.

Effektiv ass de Gulliver-Tower keen Hotel méi. Mee wa mer dëst Gebai am Zentrum elo géifen eidelstoe loossen, wat jo duerch d'Pandemie laangfristeg d'Alternativ ass, dat wär schlecht. Dofir kommt, mir beliewen dëst Gebai. Dat ass am Sënn vun eisem Stadkär an eise lokale Commercë ronderëm. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, hei kënnt d'Gemeng zu engem gréissere Gebai wéi d'Jungfrau zum Kinde. Firwat soen ech dat? Well mer et hei mat engem private Projet ze dinn haten/hunn, wou also de Promoteur e Risiko geholl huet, wéi en dat gemaach huet. An en ass gescheitert dermat. Wéi dat esou an enger liberaler Maartwirtschaft heiansdo de Fall ass.

Et ass awer net onbedéngt un enger Gemeng, fir dann d'Schierbelen zesummenzekieren an duerfir ze suergen, dass dee Promoteur awer seng Profitter mat deem Gebai do ka maachen. Well dat ass jo awer hei de Fall. Mir stëmme jo hei net iwwer e Projet of, deen d'Gemeng eventuell eng Kéier an Zukunft mécht.

An ech erënnere mech drun, dass esou Projeten, wa se mol schonn ugekënnegt waren, heiansdo nach staark geännert gi sinn oder net verwierklecht gi sinn. An dass dann aner Saache komm sinn. Mer stëmmen hei just iwwert dat Gebai of, ob mer dat kafen oder net.

An ech sinn net der Meenung, dass d'Gemeng muss de Risiko vun deem Promoteur iwwerhuelen an deem dann 12 Milliounen Euro dofir ginn.

Déi Iddien, déi Der gesot hutt, vläicht fir Seniorewunnengen, dat ass ganz interessant. Mee dat steet jo elo net hei zur Diskussioun. An et ass jo och net sécher, dass dat geschitt.

Ech wëll just erënneren: D'Kommunistesch Partei fuerdert zënter laangem, dass am Zentrum vun Déifferdeng solle Seniorewunnenge gemaach ginn. Wat awer ni geschitt ass. An elo kréie mer dat hei gesot. Ech héieren dat, mee ech gleewen net onbedéngt drun, dass dat och tatsächlech geschitt.

*En revanche, il est content que la bourgmestre pense à attribuer des logements au projet Housing first. En plus, il n'est pas seulement question de séniors, mais de studios intergénérationnels. Mais il ne faudrait pas oublier les logements d'urgence. Ceux de la commune sont déjà tous occupés depuis des années.*
*Erich Weirich annonce qu'il s'abstiendra.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce que le CSV approuvera l'acquisition. Differdange a besoin de logements intergénérationnels abordables.*
*Par ailleurs, l'investissement est intéressant quand on pense aux subsides, aux recettes et aux loyers.*
*Jerry Hartung ne comprend pas comment on peut dire que ce projet est inutile dans le centre. Les séniors ont aussi envie de sortir, s'assoir à une terrasse ou aller acheter du pain, des légumes ou de la viande.*
*Certes, l'hôtel Gulliver Tower n'existe plus. Mais le conseil communal préfèrerait-il que ce bâtiment reste vide indéfiniment ? Redonner vie à ce bâtiment servira aussi à dynamiser le centre et son commerce.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que la commune a obtenu ce bâtiment comme la Vierge a obtenu son enfant. Un promoteur privé a pris des risques et il a échoué. Ce genre de choses peuvent arriver dans une économie de marché libérale. Mais ce n'est pas à la commune de ramasser les morceaux et de s'assurer que le promoteur puisse faire des bénéfices malgré tout. Car c'est ce dont il s'agit. Ce n'est pas un projet que la commune va réaliser à l'avenir.*
*En plus, il est arrivé dans le passé que des projets ont changé ou n'ont pas été réalisés du tout. Le vote d'aujourd'hui ne porte que sur l'acquisition du bâtiment. Ali Ruckert ne pense pas que la commune doive verser 12 millions d'euros au promoteur.*
*L'idée de créer des logements pour les séniors est bonne, mais ce n'est pas ce sur quoi porte le débat. Les communistes demandent des loge-*

*ments pour séniors dans le centre-ville depuis longtemps, mais cela n'a jamais été fait. Ali Ruckert ne croit pas vraiment que le collège échevinal le fera maintenant, car il a repoussé plusieurs projets par manque d'argent. Et voilà qu'il dépense 12 millions d'euros pour une maison. Ali Ruckert va s'abstenir lors du vote.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *se dit triste et déçu, car Differdange était connue pour ses projets innovants. Certains disent que cette acquisition sert à aider un particulier. Georges Liesch rappelle que si un bourgmestre démocrate n'avait pas fait quelque chose de semblable, il n'y aurait pas de 1535°. Et il n'y aurait pas non plus d'EIDE. La Ville de Differdange a longtemps perdu de l'argent, mais désormais elle en gagne.*
*Si la commune ne faisait pas ce type d'investissements, il n'y aurait pas non plus de magasins dans le centre, mais des bureaux et des cabinets médicaux. Il n'y aurait ni Vëlosbuttek ni Butzebuttek.*
*C'est pourquoi Georges Liesch est déçu du manque de courage de certains. Certes, le bâtiment coute 12 millions d'euros, mais en fonction du projet, la commune touchera des subventions.*
*En plus, une commune n'est pas là pour faire des bénéfices, mais pour soutenir les citoyens. Même si cela coute de l'argent et même si les loyers ne seront rentables que dans vingt ans. Georges Liesch demande à ceux qui veulent s'abstenir de bien réfléchir.*
*Il ne comprend pas non plus pourquoi on parle tant de 27 places de stationnement dans un projet de 12 millions d'euros. Dans le pire des cas, la commune pourra les vendre et générer des recettes.*
*Georges Liesch lance un appel à tous les partis. Il leur demande de soutenir ce projet et de mener une vaste discussion sur la réalisation du projet. Il sera toujours temps de critiquer le projet à ce moment-là. Mais il est trop tôt pour vouloir le bloquer.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *est d'accord avec monsieur Liesch. En son temps, monsieur Meisch a acquis*

Well viru Kuerzem goufen eng Rei Projeten zréckgestallt, well net genuch Suen do sinn oder well d'Gemeng sech soi-disant net iwwerverschëlde wëllt. An elo gi mer hei 12 Milliounen aus, fir en Haus ze kafen. Ënner deenen Ëmstänn kann ech net derfir stëmmen an ech wäert mech dofir enthalen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Den Här Liesch freet d'Wuert nach eng Kéier.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech si wierklech e bëssen erstaunt an och deelweis e bëssen enttäuscht. Mir waren hei zu Déifferdeng wierklech bekannt, dass mer nei Projeten uginn an dat innovativ maachen.

Hei ass elo e puermol gesot ginn, dass mer engem Private géifen zu Sue verhëllefen. Ech wëll just drun erënneren, wann d'Stad Déifferdeng eppes wéi dat hei net gemaach hätt, ënner engem bloe Buergermeeschter, da géif et haut kee 1535° ginn. Wann eng Stad Déifferdeng eppes wéi dat net gemaach hätt, da géif et haut kee Lycée EIDE hei zu Déifferdeng ginn.

Well och dofir huet d'Stad Déifferdeng fir d'éischt emol musse Suen op den Dësch leeën, laang Joren. Quitte, dass mer elo, duerch eeben innovativ a kreativ Saachen, do erëm Suen erauskréien.

Wann d'Stad Déifferdeng dat doten net géif maachen, a Privatleit investéieren, wou mer Saachen opkafen, dann hätte mer all déi Geschäftslokaler am Zentrum, déi et haut gëtt, an déi net a Bürosgebaier oder Centre-medicallen ëmgewandelt gi sinn, net. Et géif kee Vëlosbuttek zu Déifferdeng ginn. Et géif kee Butzebuttek zu Déifferdeng ginn, wa mer all déi dote Saachen esou gemaach hätten, wéi elo hei verschidde Parteien hei soen.

Dofir sinn ech wierklech e bëssen enttäuscht, dass mer eis hei net de Courage ginn, fir ze soen, kommt, mir ginn deen heite Wee. Mir wëssen, et kascht 12 Milliounen Euro. Op där anerer Säit stinn, jee nodeem wéi mer de Projet maachen, Subventiounen an d'Haus.

Mee eng Gemeng ass jo net eng Societéit, wou mer mussen e Gewënn maachen. Eng Gemeng ass do, fir de Bierger entgéintzekommen, dem Bien-être vun de Bierger entgéintzekommen, de Besoine vun de Bierger. An dat soll eis och eppes kaschten.

A wann et schlussendlech och nach eppes kascht an iwwert d'Loyere vläicht sech dann iwwer 20 Joer eréischt rentéiert, dann ass dat esou. Dann hu mer nach ëmmer extreem vill gutt geschafft fir eis Stad. Dofir géif ech wëllen en Appell maachen un all déi Leit, déi sech elo wëllen hei enthalen.

Och déi Fro vun de Parkhaiser, dat stéiert mech och e bëssen, dass mer bei engem Projet vun 12 Milliounen op eemol just nach iwwer Emplacementer schwätzen. Wou ech soen: Dat ass awer elo wierklech dat Mannstwichtegt an dësem Projet. Wa mer déi fir dee Projet, dee mer brauchen, net kënne gebrauchen, da kënne mer se um Marché ganz einfach verkafen. Dann hu mer schonn déi éischt Recette generéiert.

Dofir den Appell un d'Parteien, vläicht eng Kéier kuerz a sech ze goen, ob se deen heite Projet net awer kënnen ënnerstëtzen. An ze kucken: Wou geet d'Rees hin a wat maache mer dann? An dass mer eng grouss Diskussioun heibanne féieren iwwert d'Richtung an d'Ausféierung vun dësem Projet.

An da kann ee jo nach ëmmer soen, deen do Projet passt eis elo net, well do verschidde Saachen net drasinn. Mee fir elo mol direkt de Projet wëllen ze blockéieren a senger Ufanksphas, dat fannen ech e bësse schued.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Ulveling, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll mech dem Här Liesch uschléissen. Ech sinn och enttäuscht, well ech der Meenung sinn – éischtens wollt ech dat selwecht soe wéi den Här Liesch: Sengerzäit huet den Här Meisch eis gedoen, de 1535°, déi Gebaier ze

lounen oder ze kafen, also emphytéotiquement zur Verfügung gestallt ze kréie fir eng gewëssen Zomm. A sengerzäit wousst hien och nach net, wat hie géif domat maachen. En hat gesot sengerzäit, ech ka mech genau erënneren: „Mir hu verschidde Projeten. Mir wëssen nach net esou richteg“. Well ech weess, dass mir eis deemools souguer enthalen hunn, well mer gesot hunn: Dir maacht do eppes, wou Der net wësst, wat Der maacht.

An ech fannen, hei ass awer elo an der Lescht ëmmer erëm ugeklongen, dass mer missten als Gemeng higoen a bëllegen, abordabele Wunnraum schafen. Mir missten eppes schafe fir d'Senioren.

An déi Etüd, déi mer maache gelooss hunn, déi beweist, vun der Migratioun vun de Leit hei intern an eiser Stad an dem Developpement vun eiser Populatioun hier, dass mer ëmmer wäerte méi Seniore kréien. An déi Senioren, déi hiert Liewen hei verbruecht hunn, wëlle mer hei halen, andeems mer hinnen dat doten offréieren.

Ech ginn d'Gefill och net lass, dass dat elo esou gedréit gëtt, wéi wa mir elo engem Promoteur – aus Grënn, déi ech net verstinn – wéilten iergendwéi zu engem Gain verhëllefen. Ech mengen, wéi hätt Der entscheet, wa mir elo heihikomm wären a gesot hätten: Mir hunn do eng Plaz a mir wëllen dat doten elo bauen. Hätt Der dann och dogéint gestëmmt? Wann d'Gemeng higaange wär a gesot hätt, mir wëllen esou eppes bauen op där Plaz do, wou een nach net weess, ob et da vill méi bëlleg gi wär, wann d'Gemeng et gebaut hätt, wéi wann de Promoteur et gebaut hätt.

Et ass schued, dass mer kee Konsens fannen. Mee d'Iddi u sech ass awer ganz gutt, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet. Mir sinn eis eens, dass mer mat Senioren eppes wëlle maachen. Mee mir sinn eis nach net eens, ob et Sënn mécht, Seniore mat Studenten oder Wunnengen ze verbannen, fir e gewëssene Mix an eng gewëssen Dynamik eranzekréien. Ob mer op dee Wee solle goen.

Ech kann Iech awer soen, dass scho Leit ugeklappt hu bei eis a gesot hunn, si wären interesséiert, un engem Projet mat eis do ze schaffen. Ob et eppes gëtt, wësse mer net.

Ech fannen de Projet exzellent, fir am Zentrum vun Déifferdeng deene Leit eng Méiglechkeet ze ginn, déi vläicht elo ze vill eng grouss Wunneng hunn an déi soen: Dat dote geet mir duer. Et sinn awer ëmmerhi 37 m2, déi engem zur Verfügung stinn am Duerchschnëtt an esou enger Wunneng. A wou een an enger WG zesummen ass. Dat heescht, et ass een net eleng. Et huet ee Kontaktpartner. Ech weess net, ob dat esou schlecht ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn och ganz retizent. Hei si vill Argumenter genannt ginn, déi fir mech net gëllen. Et ass jo net, datt d'Gemeng Déifferdeng näischt fir den Drëtten Alter oder fir eeler Leit gemaach huet. Wann ech de Gravity kucken, wat mer do alles gemaach hunn. Et ass richteg, datt een dat seet.

Mir ware jo awer alleguerte frou, wéi deen Hotel an den Zentrum vun eiser Stad komm ass. An ech mengen, deen hat och déi richteg Wichtegkeet, an an den Zentrum vun eiser Stad huet dat och richteg higepasst. Ech hoffen och, datt de Schäfferot et nach net opginn huet fir weider ze versichen, en Hotel dohinnerzekréien. Well dat ass e Stéck vun eisem Zentrum, wat mer opginn.

Dir wësst jo, dass ech net ganz d'accord si mat eisem City-Management. Hei gëtt gesot, wann déi eeler Leit do wunnen, da gi se op eng Terrass, si ginn an e Café. Mee et ass geschwë guer näischt méi do. Et ass kee Restaurant méi do! Keng Terrass méi do! An et ass do, wou de Schong dréckt. Wou d'Gemeng Déifferdeng muss – wou mer eis mussen a Fro stellen a musse kucken, datt mer dat erëm belieft kréien iergendwéi.

An dat hei ass wierklech, et ass kee Verglach ze zéie mat Drëtten-Alters-Wunnengen an engem Hotel. Den Hotel, dee

*les bâtiments du 1535° sans savoir ce qu'il en ferait. Tom Ulveling se souvient encore de ses mots: « nous pensons à plusieurs projets, mais nous ne savons pas encore vraiment quoi faire ». À l'époque, le CSV s'était abstenu précisément parce que monsieur Meisch ne savait pas ce qu'il allait faire.*
*En plus, le conseil communal répète sans cesse qu'il faut construire des logements abordables — notamment pour les séniors. D'ailleurs, l'étude démographique démontre qu'il y aura de plus en plus de séniors à Differdange. Et le collège échevinal veut que ceux qui sont à Differdange y restent.*
*Tom Ulveling ne comprend pas pourquoi le collège échevinal voudrait aider un promoteur à faire des bénéfices. Le conseil communal serait-il contraire à un projet pour séniors si le collège échevinal avait décidé de construire une résidence? En plus, construire une résidence n'aurait pas forcément couté moins cher.*
*Il est dommage de ne pas trouver de consensus, car l'idée de faire quelque chose pour les séniors est bonne. Il reste à voir si l'on veut combiner les logements pour séniors à des logements pour jeunes. Des personnes sont déjà entrées en contact avec la commune pour réaliser un projet de ce type.*
*Les séniors habitant dans des maisons bien trop grandes trouveront peut-être que 37 m² leur suffisent. En plus, ils ne seront pas seuls. C'est une bonne chose.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *est réticent, car certains arguments ne sont pas valables. Ce n'est pas comme si la Ville de Differdange ne faisait rien pour le troisième âge. Le conseiller communal mentionne Gravity.*
*Tous les partis étaient contents de disposer d'un hôtel dans le centre. Fred Bertinelli espère que le collège échevinal n'a pas abandonné cette idée. Il n'est pas d'accord avec le city management. Le collège échevinal dit que les séniors pourront s'assoir à une terrasse ou prendre un café. Mais bientôt, il n'y aura plus de restaurants ou de cafés à Differdange. Il faut dynamiser le centre.*

*On ne peut pas comparer un hôtel à une résidence pour séniors. L'hôtel servait à attirer des gens à Differdange comme les écoles et les universités. Il est intolérable qu'une ville de 30 000 habitants n'ait pas d'hôtel. Fred Bertinelli n'est pas contraire à la réalisation d'un projet social. Mais il faut d'abord s'assurer qu'il n'y a rien d'autre à faire. La place du Marché constitue un spectacle désolant. Le collège échevinal doit se montrer plus agressif. Fred Bertinelli regrette que le collège échevinal n'essaie pas davantage d'attirer un hôtel et un restaurant.*

*Il faut arrêter de faire semblant qu'il n'y a pas de logements pour séniors à Differdange. Gravity se trouve à cent mètres. Que vont faire les séniors dans la Grand-rue s'il n'y a rien autour ?*

*Fred Bertinelli à l'impression que Differdange est en train de perdre son centre historique. Des investissements sont nécessaires. Il espère que le collège échevinal n'a pas abandonné l'idée d'un hôtel.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que le collège échevinal a essayé pendant des mois de trouver un hôtelier même si elle ne veut pas citer de noms. Elle regrette qu'il n'y ait plus d'hôtel dans le centre. Elle sait que l'hôtel était important pour Differdange.*

*Le collège échevinal a cherché pendant des mois. Christiane Brassel-Rausch a expliqué tout à l'heure qu'un locataire potentiel a abandonné l'idée d'ouvrir un restaurant sur la place du Marché. Elle ne peut pas le forcer. En ce moment, personne ne veut prendre ce type de risques. Cela laisse donc deux options au collège échevinal.*

*Messieurs Muller et Bertinelli ont raison de dire que le centre-ville n'est pas aussi dynamique qu'il le faudrait. Mais si le collège échevinal n'a pas trouvé d'hôtelier en deux ans, il peut soit laisser le bâtiment vide, soit essayer de faire quelque chose pour le centre-ville. Tout à l'heure, monsieur Krecké parlera de l'équipement technique acheté avec le bâtiment.*

*La commune doit-elle laisser ce bâtiment vide en attendant de trouver un hôtelier ou créer un projet pour*

war esou wichteg fir eis, mat der Universitéit, mat de Schoulen, fir Leit, déi hei an eis Stad kommen. An datt eng Stad Déifferdeng, mat 30.000 Awunner, keen Hotel méi huet, dat kann net sinn.

An do musse mer alles dofir maachen. Wa keng aner Méiglechkeet besteet, sinn ech och nach mat d'accord, datt een eppes am Soziale mécht an dat keeft. Mee et sollt een net esou séier opginn, fir do eppes hinzekréien, wat eis Stad erëm belieft. An en Hotel belieft eis Stad mat Restauranten.

D'Maartplaz, dat ass jo en Trauerspill, wann een dat gesäit. Ech mengen, do misst ee vill méi aggressiv un de Marché goen a probéieren, dat hinzekréien. Mir deet et leed, datt net versicht gëtt, och wann et e bësse méi laang dauert, fir nach en Hotel dohinner ze kréie mat Restaurant.

Et soll net esou gemaach ginn, wéi wa mer an eiser ganzer Gemeng keng Drëtt-Alters-Wunnengen hätten. Mir hunn am Gravity ganz vill geschaaft. An dat ass keng 100 Meter dovun ewech. A wat maachen och al Leit an der Grousstrooss, wann näischt méi ronderëm ass. Akafe gi si ëmmer do, wou et am noosten ass. De Gravity ass do. Also dat Argument, dat passt mer iergendwéi net.

Ech gesinn e bëssen eise Stadkär dervulafen. Do misste mer méi wäit gesinn. A mer musse méi investéieren, fir dat hinzekréien.

Ech hoffen, datt de Schäfferot déi Saach mam Hotel nach net opginn huet an nach probéiert, wann nëmme méiglech, dat hinzekréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Ech erlabe mer, och e puer Wuert zu der Saach ze soen. Ech soen, dass mir, de Schäfferot, eis iwwer Méint agesat hunn, op all erdenklech Weeër, en Hotelier hei an déi Stad ze kréien. Dat ënnersträichen ech. Mir hunn egal wou ugeklappt, ouni Nimm ze nennen, fir ze kucken, ob mer eng Hëllef géife kréien. Well de Schäfferot, genau wéi d'Parteien alleguer hei ronderëm den Dësch, bedauert, dass den Hotel net méi do ass. Mir hunn den Hotel och begréisst. An eis éischt Demarchë waren a Richtung Hotel, a Richtung Horesca. Well deen Hotel wichteg war hei an der Stad. A well et der Stad eppes bruecht huet.

Elo ass et awer esou, dass no méintelaangem Sichen … An ech hunn et virun enger Stonn erkläert, vu dass elo op der Maartplaz och schonn erëm e potenzielle Locataire aus dem Horesca-Beräich ofgesprongen ass, wat soll ech Iech do soen? Mir kënnen d'Leit net forcéieren, eis en Hotel dohinnerzebréngen oder e Restaurant opzemaachen. D'Zäite sinn nun emol eeben esou, dass et net geet oder dass déi Geranten oder déi Proprietären oder déi Locatairen, sief et vu Restauranten oder Hoteller, de finanzielle Risiko net wëllen agoen. Mir kënne se awer net beetschen dohinner.

Sou. Wann dat emol unerkannt ass an ugeholl ass, dass dat esou ass, dann hu mer als Schäfferot zwou Méiglechkeeten. An elo kommen ech op Iech zréck, Här Muller an Här Bertinelli, am Sënn vun der Beliewung vum Stadzentrum, dee fir Iech jo immens wichteg ass. An dass eise Stadzentrum net esou ass, wéi e soll sinn, dat weess all Mënsch. Do gëtt kee Mënsch Iech Onrecht.

Mee elo am Sënn vun der Beliewung vum Stadzentrum, hu mir als Schäfferot zwou Méiglechkeeten: Mir fanne keen Hotelier. Dat ass e Fakt. Elo zënter zwee Joer. Entweeder mir loossen d'Gebai eidelstoen, dass et erofkënnt, dass et futti geet, dass et net ënnerhale gëtt.

Oder mir versichen als Gemeng – wat ech als Buergermeeschter immens wichteg fannen –, de Stadzentrum ze beliewen. Mir hunn do mol 45 Appartementer. Ech géif dem Här Krecké och nach vläicht gären d'Wuert ginn, fir eng Kéier déi ganz technesch Panoplie do opzezielen op deem Areal, wat mer kaf hunn.

Da kommt, mir entscheeden eis elo. Da stellen ech d'Fro: Loosse mer et eidelstoen, bis mer en Hotelier fonnt hunn? Oder gi mer zesummen op de Wee a mir probéieren, nei Weeër ze goen am Sënn vun eiser Bevëlkerung. Wéi den Här Ulveling gesot huet, d'Etüde weise ganz kloer, dass d'Bevëlkerung hei zu Déifferdeng eelst elo an de lafende Joren. Oder mir maachen näischt.

Ech hunn de Fuedem elo e bësse verluer. Ech wollt nach eppes aneschters soen. Mee bis ech en erëmfonnt hunn, géif ech elo einfach emol, wann Der averstane sidd, dem Här Krecké d'Wuert ginn, fir e puer technesch Erläuterungen iwwert dat Gebai ze soen. Mee dat musse mer – elo weess ech et erëm, entschëllegt, Här Krecké.

Entweeder mir ginn elo zesummen op de Wee a mir soen: am Sënn vun der Stad. Well dat ass och wichteg, de Stadzentrum, och wann et keen Zentrum méi ass! Mee do si mir net déi, déi eleng kënnen do d'Fiedem zéien. Da kucke mer, dass mer e belieft kréien a mir probéieren e komplett neie Projet.

Oder mir loossen et eidelstoen? Awer dann däerfe mer eis net driwwer bekloen, dass an der Stad näischt méi ass. Onofhängeg vun eisem City-Manager.

Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

E puer Erläuterungen, wat zënter Mee 2021 un deem Dossier hei geschitt ass, ganz onpolitesch an objektiv. Ech wëll virop emol de City-Manager do erausshuelen. Wann hei een der muss op d'Panz kréien, dass mer keen Hotelier fonnt hunn, dann däerft Der mech herno viséieren.

Ech hunn deen Dossier vu Mee u begleet. De Clash, zu deem et komm ass wéinst der Faillite vum Gulliver-Tower, dee Sträitfall, deen tëschent engem Proprietär an engem Exploitant geschitt ass, dat gehéiert elo net grad zur Saach. Dee wëll ech lo net an der ëffentlecher Sitzung hei zitéieren. Mee dat kann ech awer gären eng Kéier zu engem anere Moment erläuteren.

Mir sinn am Mee virun e Fait gesat ginn, dass déi Schlësselen ofgi goufen, dass eng Faillite gesprach gi war. A mir hu versicht als Stad, wat eise Rôle ass, proaktiv ze kucken: Fanne mer eng Successioun hotelière? Eng Phas, déi net ganz einfach ass. Dat ass jo och elo vun alle politesche Bänke gesot ginn.

Mir hu versicht, fir iwwert de Groupe Accor, ënner anerem am Sponsoring vun der Aktioun Esch2022, ze kucken. Mee dat ass och sou e Beispill: Accor investéiert net méi selwer an Hoteller. All d'Hoteller hei am Land ginn net vun Hotelskette bedriwwen, mee vu privaten Investore meeschtens, déi dann iergendwéi eng Form vu Merchandising mat deene Ketten zum Beispill hunn.

Mir hu versicht, iwwer Accor Kontakter, zum Beispill den Hotel um Belval, deen do bedriwwe gëtt, deen Investor op Déifferdeng gezunn ze kréien. Et si Leit kucke komm. Ee gréissere Lëtzebuerger Grupp ass mat enger Mannschaft vu siwe Leit ugeréckelt. An da komme mer e wéineg un de Problem, wat et ausmécht am Sënn vun engem Hotel: Do muss de jo och op engem Präis sinn, dee fir de Süde wirtschaftlech zitt a wou d'Leit dann och deng Better beleeë kommen.

Ee Problem beim Gulliver-Tower war – dat huet eis dunn och de Business-Plang vun engem Hotelier erwisen: Déi Zëmmere waren ze grouss. En Investor vun Accor hätt esou an esou vill pro Zëmmer ginn. Duerfir waren d'Zëmmeren awer ze grouss. Déi Zëmmeren hunn ëm déi 32 m2, 38 m2 bis 56 m2. A fir eng Formule hôtelière muss de eng immens héich Beleeung hunn, fir déi Meterkareeën amortiséiert ze kréien. Déi maache jo all hire Calcul, wa se kommen. Déi wëlle jo och net dropleeën, wa se en Hotel opmaachen.

An da muss ee wëssen, am Ganzen, mise à part d'Kelleren, schwätze mer vun 2.780 m2. Ouni déi 27 Stellplazen, déi eis 675.000 Euro kaschten oder wa mer se mer verkafen, déi mer esou erëmhuelen. Dat heescht, da läis de bei 11,325 Millioune fir 2.780 m2 hors cave ze kafen. Da leie mer grosso modo bei 4.100 Euro de Meterkaree.

Vum Ministère du Logement kriss de 2.500 Euro Konstrukt an 1.800 Euro quote-part Terrain. Wann s de déi 4.100 hëls géint déi 4.300 maximum Plaffong staatleche Subsid vu 75 %, wéi gesot, deen s de maximal vun der gesamter Valeur plafonéiert hues, si mer bei engem Rendement, wa mer an de Logement abordable gi mat sozialem Mietpräis, vu 4.100. 4.300 wier de maximale Plaffong. Mir sinn also zu 75 % integral bezuschussbar.

*la population ? Monsieur Ulveling a précisé tout à l'heure que la population differdangeoise allait vieillir. Christiane Brassel-Rausch répète que la commune peut soit essayer de réaliser un projet complètement nouveau ou bien laisser ce bâtiment vide.*

*Mais si on le laisse vide, il ne faut pas se plaindre qu'il n'y ait plus rien dans le centre.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *demande au conseil communal de laisser le city manager tranquille, car c'est lui qu'il faut viser. Il accompagne le dossier depuis mai 2021. Il y a eu une dispute entre le propriétaire du bâtiment et l'exploitant de l'hôtel. Il n'est pas nécessaire d'en parler dans une séance publique, mais Henri Krecké veut bien revenir sur ce point dans d'autres circonstances.*

*En mai 2021, la commune a appris que l'hôtel avait fait faillite. Le collège échevinal a essayé de trouver une succession hôtelière. Des concertations ont eu lieu avec le groupe Accor dans le cadre d'Esch2022, mais Accor n'investit plus dans les hôtels. Les hôtels sont gérés par des particuliers ayant une forme d'accord avec les grandes chaines.*

*Un grand groupe luxembourgeois est venu voir le site à Differdange. Mais le prix des chambres doit être adapté à la localisation de l'hôtel. Or les chambres de Gulliver Tower sont trop grandes. Les chambres ont une surface de 32 m² à 56 m². Pour amortir cette surface, il faut atteindre un certain taux d'occupation. Sans les caves et les places de stationnement, l'hôtel fait 2780 m² pour un prix de 11 325 000 €, c'est-à-dire 4100 €/m².*

*Le ministère du Logement subventionne le logement abordable à hauteur de 75 % avec un plafonnement de 4300 €/m². Gulliver Tower coutant 4100 €/m², le projet sera donc subventionné à 75 %.*

*L'équipe Senior Plus et l'office social recherchent des personnes intéressées à ce type de projets. Ce matin, des personnes actives dans le domaine des soins à Esch-sur-Alzette sont venues voir le site.*

*Henri Krecké souligne par ailleurs le fait que vouloir vivre dans une*

*structure accompagnée sans disposer d'une retraite plus que confortable n'a rien d'évident. L'offre est nulle.*
*Henri Krecké compare ce projet avec celui de Séquoia, où la Croix-Rouge encadre des jeunes pour un loyer de 500 € par mois. À la différence qu'il concerne le troisième et le quatrième âge au lieu des jeunes. Bien entendu, tout le monde aurait voulu conserver un hôtel. Mais la tentative s'est soldée par un échec au bout de six mois.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *constate que la commune est propriétaire du bâtiment. Auparavant, le propriétaire et son locataire avaient eu une dispute. Fred Bertinelli a entendu dire que le locataire a tout détruit dans le bâtiment. À combien les frais se montent-ils ? Qui va payer ? Apparemment, une bonne partie de l'équipement a été détruit.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *a écouté monsieur Krecké. Il a l'impression que l'investisseur a commis une erreur. Car les autres hôteliers semblent penser que l'hôtel n'est pas rentable à cause de son état et de la surface des chambres. Il s'agit donc d'un mauvais investissement.*
*Pour Ali Ruckert, l'investisseur a pris des risques. Il spéculait peut-être sur le fait qu'en cas d'échec, la commune ramasserait les morceaux.*
*Le conseiller communal ne veut pas donner carte blanche au collège échevinal. Mais il votera pour le projet si le collège échevinal prend la décision formelle de réaliser un projet pour les séniors même si le bâtiment coute cher.*
*(Interruption de Mme Brassel-Rausch)*
*Ali Ruckert signale que ce ne serait pas la première fois que le collège échevinal change d'avis. Le conseil communal a approuvé de nombreuses acquisitions, mais peu a été fait. Ali Ruckert ne fait pas de reproches à madame Brassel-Rausch. Mais c'est la vérité. C'est pourquoi il préfère être prudent. La commune n'a pas à réagir chaque fois qu'un promoteur fait une erreur.*

An dann nach vläicht ofschléissend, an dat ass, firwat mer dee Wee elo emol scho pistéiert hu mat eiser Ekipp Senior Plus, mat eisem Office social, mat och schonn Interessenten: Net méi spéit wéi de Moie si Leit aus dem Soins-Beräich vun Esch sech d'Saach emol ukucke komm. Mir hu schonn eng Well vun Interessenten ausgewisen.

Et geet och vläicht drëms, well et wierklech ganz schlëmm ass: Wann s de haut an eng betreite Struktur dech wëlls abette goen an du hues vläicht net grad zwou Fonctionnairesrenten an der Täsch, da bon plaisir. Da fënns de näischt.

An dat hei geet, sou wéi mer de Séquoia geplangt hunn deemools mat der Croix Rouge, wou edukativ encadréiert Jugendlecher hiert Gléck fannen zu engem Moyenespräis vu 500 Euro de Mount, vläicht an déi nämmlecht Richtung, fir och eelere Leit am drëtten, véierten Alter déi nämmlecht Méiglechkeet ze ginn.

Mat eiser Verwaltung, mat all eise Servicer si mer et duerchgaangen. Natierlech seet jidderee sech, et wär gutt gewiescht, den Hotel ze behalen. Mee dat ass no sechs Méint een Echec gewiescht. A mir sinn awer gären op fir all proaktiv Iwwerleeung an déi Richtung.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt nach eng Fro dozou. Dat huet d'Gemeng jo elo kaf, also d'Gemeng ass Proprietär. Wéi mer héieren hunn, haten déi zwee, de Proprietär an deen, deen et gelount hat, décke Sträit. An do ass mer zu Ouere komm, datt deen, dee geplënnert ass, alles Huddel a Fatz geschloen hat, wat nach am Hotel war. Ech géif gär wëssen, wéi vill Schued an deem Hotel geschitt ass a wie fir déi Käschten opkënnt. Anscheinend ass ganz, ganz vill einfach erausgerappt ginn a futti gemaach ginn. D'Gemeng huet dat elo kaf. An ech wéilt gäre wëssen, wie fir dee Schued do opkënnt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dem Här Krecké elo gutt nogelauschtert. Meng Impressioun ass, dass do eng Feelinvestitioun gemaach ginn ass. Well wann déi haiteg Hotelgesellschaften zur Konklusioun kommen, dass een do net rentabel géif schaffen, opgrond vum Zoustand oder der Gréisst vun deenen Zëmmeren, da weist dat eendeiteg drop hin, dass do net gutt gehandelt ginn ass, dass et wierklech eng Feelinvestitioun ass.

An da kommen ech erëm dorop, dass deen, deen dat bedriwwen huet, de Risiko gedroen huet, an dass e spekuléiert vläicht huet. Dass e vläicht drop spekuléiert huet, dass wann et näischt gëtt, dann ass nach ëmmer d'Gemeng do, déi dann d'Schierbele kann zesummekieren. Déi Impressioun hunn ech.

Ech wëll Iech hei kee Blankoscheck ënnerzeechnen, muss ech ganz éierlech soen, mat deem Gebai do. Wa mir elo haut hei kënnen dee Beschloss huelen, de formelle Beschloss, dass do Seniorewunnenge gemaach ginn, da stëmmen ech derfir. Och wann et ze deier ass. Mee soss enthalen ech mech awer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, …

**ALI RUCKERT (KPL):**

Wësst Der, Madamm Buergermeeschter, mir si jo schonn e puermol hei bei d'Lisette gelooss ginn. Ech soen nëmme Maartplaz! Do hu mer och vill virgespillt kritt, fir dass mer sollen derfir stëmmen, dass do vill kaf gëtt. A bis haut ass ganz wéineg dobäi erauskomm. Elo maachen ech Iech dat net zum Virworf. Mee et ass awer d'Realitéit. Duerfir mengen ech muss ee virsiichteg si bei esou Saachen. An net all

Kéier de Fanger hiewen, wann e Privatpromoteur sech verkalkuléiert huet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. E Versprieche fir Seniorewunnengen: Mir hunn Iech gesot, dass verschidden Träger sech gemellt hunn, wat d'Senioren ugeet. Wat deenen hire Projet natierlech ass. Dat solle mir jo ofweien, a wat mer dra wëllen hunn.

Ech kann Iech elo hei net eppes verspriechen, wou mer net wëssen, wat déi Träger elo genee wëlles hunn.

Et gëtt eng Iddi, fir vläicht op en intergenerationelle Wee ze goen, well Studenten och nach vill Wunnenge sichen. Mee et ass einfach elo nach ze fréi, fir Iech elo do e Verspriechen ze ginn. Dat kann ech net.

Den Här Krecké hat elo iwwert d'Subventioune geschwat. Mir kréie 75 % Subventiounen, dat ass elo e puermol gesot ginn. Mir mussen awer fir d'éischt e Projet eraginn, fir dass mer eng definitiv Zouso vum Ministère kréien, a wat fir enger Héicht déi Subventioune sinn. Mir hunn awer de mëndlechen Accord vum Ministère, dass mer der kréien. Dat ass dat eenzeg, wat ech Iech elo op d'Subventioune kann äntwerten.

Wat d'Parkingen ugeet, d'Emplacementer, géif ech der Madamm Pregno d'Wuert loossen.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Et handelt sech ëm deen ale Parking Reggio. Mir sinn amgaang ze iwwerleeën, wéi mer dat sollen handhaben. Mer wëllen dee Parking net einfach eidel loossen. Wëssend, dass de Quartier jo ëmmer erëm an Nout ass vu méigleche Parkplazen.

Mir wëssen awer elo zum aktuelle Moment nach net, ob mer déi vläicht an en Abonnement ginn, wou mer dat vläicht dann herno niewendrun iwwerhuelen. Also dass mer dat kënne weiderféieren. A mir wësse jo och elo net, wéi laang et dauert, bis e Projet op d'Bee gesat gëtt. Wëssend, dass jo da warscheinlech de Projet selwer dee Parking erëm brauch.

Oder ob mer dat an de Pool huele vun de Parkhaiser, wou een da fir eng, zwou, dräi, véier Stonne parke ka goen. Sou wäit si mer nach net. Mir kucken déi verschidde Méiglechkeeten duerch, wat machbar ass a wat och am meeschte Sënn mécht fir de Projet, deen herno wäert dohinner kommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Krecké, ech denken, Dir kënnt dorop äntwerten.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Zu deem Vandalismus, dee geschitt ass. Déi Enquête déi leeft nach. De Schued, deen entstan ass, ass integral um premier a just nëmmen um premier Équipement geschitt: Better, Matrassen, Dëscher, Still, Tëleeën. Équipement premier, mat de Sanitären, mat allem Pipapo. Mise à part den Équipement mobilier. Dee war net dran. Awer dee ganze premier Équipement ass saccagéiert ginn. Bis op véier Zëmmeren. 41 vu 45 goufe saccagéiert mat System, mat der Trennscheif. Dat war ganz flott. An déi Enquête, déi leeft och.

Et ass Plainte bei der Police gemaach ginn. D'Assurance ass ageschalt. Den ehemolegen Exploitant wollt och iwwer seng Assurance Schuedenersatz kréien. Mee ech enthale mech do alle Kommentaren. Dat leeft iwwert d'Police. Déi Enquête ass nach net ofgeschloss.

An dee gëtt ersat, de premier Équipement. Do hu mer elo gekuckt beim nämmlechte Fournisseur. Dofir si jo och déi 12,5 Milliounen Euro an de Budget emol gesat ginn. Soudass fir ronn 240.000 oder 280.000 Euro de premier Équipement erëm integral ersat gëtt, d'Zëmmeren erëm en état gesat, dass se direkt erëm kënne besat ginn.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que des exploitants ont contacté la commune pour réaliser un projet pour les séniors. Le conseil communal devra évaluer ce projet. C'est pourquoi la bourgmestre ne peut pas faire de promesses à monsieur Ruckert. Elle ne sait pas ce que prévoit l'exploitant exactement.*
*Une des idées consiste à réaliser un projet intergénérationnel. Mais elle ne peut pas faire de promesses.*
*Comme l'a dit monsieur Krecké, la Ville de Differdange a droit à des subventions de 75 %. Mais elle doit d'abord présenter un projet. Pour le moment, elle dispose d'un accord oral du ministère.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute que les places de stationnement se trouvent dans l'ancien parking Reggio. Le collège échevinal ne veut pas laisser ce parking vide, car le quartier manque d'emplacements.*
*Il s'agit de décider si ces places de stationnement seront mises en location. Pour le moment, Laura Pregno ne sait pas dans combien de temps le projet sera prêt. Mais il est probable que les places de stationnement seront utiles dans le cadre de ce projet.*
*L'autre solution consiste à en faire un parking public. Il faudra voir ce qui est faisable dans le cadre du projet.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *précise qu'une enquête est en cours concernant les actes de vandalisme. Les dommages ont été occasionnés à l'équipement primaire : les lits, les matelas, les tables, les chaises et les télés. Les chambres ont été saccagées systématiquement avec une disqueuse.*
*Une plainte a été déposée. L'assurance enquête aussi. L'ancien exploitant espérait obtenir des dommages et intérêts. Henri Krecké préfère s'abstenir de tout commentaire.*
*L'équipement premier va être remplacé par le même fournisseur. Deux-cent-quatre-vingt-mille euros sont prévus dans le budget.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au contrat Pacte nature.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le Pacte nature fait suite au Pacte climat et au Pacte logement. Elle s'en réjouit, car ces pactes démontrent l'engagement communal en faveur de la nature.*
*La Ville de Differdange est fière de participer à ces programmes.*
*Le dossier explique le fonctionnement du Pacte nature. L'état des lieux constitue la première étape. Il s'agit d'évaluer à quel niveau la commune se situe actuellement.*
*Ensuite, il faudra mettre en place un programme et prendre des mesures chaque année. À la fin de chaque année, la commune dresse un bilan. Tous les trois ans, un audit est réalisé et la commune reçoit un certificat. La certification repose sur quatre niveaux : base, bronze, argent et or. La certification de base signifie que la commune a réalisé 40 % de ses objectifs, le bronze 50 %, l'argent 60 % et l'or 70 %. La progression annuelle se situe entre 0,5 % et 3 %.*
*D'un côté, la certification sert à montrer qu'une commune a bien travaillé. De l'autre, elle sert de base au calcul des subventions auxquelles une commune a droit. L'État subventionne la participation à hauteur de 10 000 €.*
*Le conseiller pour le Pacte nature est financé par l'État à hauteur de 250 heures par an.*
*La certification est récompensée par des primes de 25 000 € à 70 000 € en fonction du niveau atteint.*
*Il existe aussi une subvention variable dépendant du niveau de certification et de la superficie de la commune.*
*Le catalogue se compose de 6 thèmes, 70 mesures et 220 points. Chaque mesure compte un à cinq points. Les thèmes concernent la protection de la nature en milieu urbain, dans les espaces ouverts, en milieu aquatique et dans les forêts, mais aussi la communication et la coopération.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer elo zum Vott kommen. Wéi gesot, et geet net ëm d'Gemeng. Et geet och ëm de Stadzentrum.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui et 8 abstentions d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition d'un bâtiment commercial et de 27 emplacements de stationnement au lieudit Grand-rue à Differdange.*

Villmools merci. Da komme mer zum nächste Punkt, e Contrat Pacte Nature. An dofir géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. No Klimapakt a Pacte Logement kënnt den Naturpakt. Wat dobaussen oft als vill Pakten duergestallt gëtt, wou mir awer op Gemengenniveau immens frou driwwer sinn. Well dat en Engagement fir den Naturschutz op kommunalem Plang duerstellt. Mir als Déifferdeng Gemeng sinn houfreg dorunner deelzehuelen.

An Ären Ënnerlage gesitt Der, wéi dat Ganzt opgebaut ass a wéi dat funktionéiert. Ech wëll dat kuerz erläuteren. Wann herno nach Froe sinn, kann ech gären op déi agoen.

Et fänkt u mat engem État des lieux. Do gëtt gekuckt, op wéi engem Niveau d'Gemeng sech aktuell befënnt. Ech denken, dass mir eis als Déifferdenger do bis elo relativ gutt geschloen hunn.

Et gëtt en Aarbechtsprogramm ausgeschafft an eng ganz Rei Mesurë pro Joer ëmgesat. Respektiv et setzt ee sech Ziler an et schafft een op déi Ziler hin. All Joer gëtt gekuckt, wéi wäit ee komm ass. An all puer Joer gëtt en Audit gemaach, wourop een zertifiéiert gëtt.

Et gëtt véier verschidden Niveauen, wat d'Zertifikatioun ugeet: base, bronze, sëlwer a gold. Allkéiers op 10 % ëmmer weider gestaffelt. Dat heescht 40 % ass base, bronze ass 50 %, sëlwer ass 60 %, gold ass 70 % vun de Mesuren, déi dann dee Moment ëmgesat gi wieren.

Annuell kann een eng Progressioun kréien tëschent 0,5 % bis, ech soen elo 2 %, 3 %, déi méiglech wären. Den Audit geschitt all dräi Joer.

Firwat ass déi Zertifikatioun noutwendeg? Engersäits ass et eng Medail, déi ee sech kann uspéngelen, fir ze gesinn, wéi gutt ee geschafft huet an ob een e ganz gudde Schüler a fläisseg war an dat gutt erleedegt huet. Oder ob do nach vill op ass.

Anerersäits gëtt d'Zertifikatioun benotzt fir d'Berechne vun de Subventiounen, fir dat Ganzt e bësse méi schmackhaft ze maachen. Fir eng Basisparticipatioun kritt een 10.000 Euro Subventioun vum Staat.

Den Naturpakt-Conseiller gëtt iwwerholl. D'nämmlecht wéi de Klimapakt-Conseiller gëtt deen och vum Staat iwwerholl zu 250 Stonne pro Joer pro Gemeng.

En Fonctioun vun der Zertifikatioun kritt een e gewëssene Montant, dee gestaffelt ass, jee nodeem, ob ee base, bronze sëlwer oder gold ass. Dat variéiert tëschent 25.000 a 70.000 Euro.

Zousätzlech zu der fixer Subventioun, gëtt et nach eng variabel Subventioun, déi och erëm vum Niveau vun der Zertifikatioun ofhänkt. Fënnef Euro den Hektar respektiv, wann ee gold ass, 40 Euro den Hektar. Et si relativ vill Variabelen dran, déi dann déi Subventioun eeben ausmaachen.

Wat de Katalog vun de Mesuren ugeet, do sinn et 70 Mesuren, ënnerdeelt an 220 verschidde Punkten, déi déi Mesurë completéieren. Dat Ganzt ass op sechs Theemen opgebaut. All Mesure huet méi oder manner Punkten, tëschent engem a fënnef Punkten.

Wann Der Iech déi Theemen ukuckt, da gesitt Der, dass et eng grouss Panoplie gëtt, wat Naturschutz ugeet. Um Schluss ass dann, wéi si selwer soen, eppes méi Einfaches. Dat ass de Level Kommunikatioun a Kooperatioun.

Mee kommt, mir fänke vir un, mam éischten Theema. Do geet et drëms,

sech eng Stratégie générale opzesetzen, fir alles, wat Naturschutz am urbane Milieu ugeet. Dann alles, wat open space ass. Dann alles, wat am Waassermilieu ass. Alles wat am Bësch-Milieu ass. An zum Schluss Kommunikatioun a Kooperatioun.

Wéi Der gesitt an den Ënnerlagen, hu mir deen Naturpakt ënnerschriwwen als Schäfferot. Mir wären natierlech immens frou, wann Dir als Gemengerot eis weiderhi géift ënnerstëtzen.

Mir wollten op en externe Conseiller zréckgräifen. Am Service écologique hu mer aktuell net déi Fachkraaft, déi dat gebëndelt kéint schaffen. Well mer, wat de Volume vun Aarbecht ugeet am Service écologique, scho relativ voll gepaakt sinn. Dat heescht, mir hu vill Tâchen.

Dir wësst, mir hunn e ganz aktive Service écologique. Do hu mer elo net d'Méiglechkeet, nach intern dee Conseiller ze stellen. De SICONA wäert dann eisen externen Naturpaktberoder ginn. Do hu mer och schonn eppes ënnerschriwwen. Dat läit an den Dokumenter bäi. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Fir eis als Gréng ass dat heiten en extreem wichtege Punkt. D'Madamm Pregno huet elo ganz gutt erkläert, wéi de Modus Vivendi ass vun deem Pakt. Wat mer jo schonn e bësse kenne vun anere Pakten, déi et gëtt. Elo kann een soen, effektiv, nach ee weidere Pakt. Mee firwat soll een ee Modus änneren, wann e gutt funktionéiert?

An eis gefält dee Modus eigentlech ganz gutt. Well en d'Liaisoun, also d'Verbindung tëscht der Regierung, tëscht dem Staat an de Gemengen optimal matenee verknäppt. En diktéiert deemno net vun uewen erof Decisiounen, déi d'Gemengen dann iergendwéi sollen exekutéieren oder och net exekutéieren.

Hei geet et éischter ëm eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht, andeem de Staat Ureizer gëtt, eng Method weist, wéi een et kéint maachen a virun allem e ganz grousse Katalog mat konkreete Saachen, déi ee kéint ëmsetzen. An doduerch dann och e finanziellen Ausgläich kritt.

De finanziellen Ausgläich ass déi eng Saach. Déi aner Saach ass déi Zertifizéierung, déi ee kritt. Wou Der gesot hutt, Madamm Pregno, do kritt een eng Medail, wéi gutt een als Schüler geschafft huet. Dat ass fir eis elo mol, géif ech soen, zweetrangeg. Zweetrangeg, well dat Wichtegst, ëm wat et hei geet, ass den Naturschutz. D'Situatioun, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, och vill méi wäit ronderëm, ass dramatesch, wat de Réckgang vun der Biodiversitéit ugeet.

Ech hunn dat hei op dëser Plaz schonn e puermol gesot. Well ech als President vum SICONA och do wierklech un der Source sëtzen, wat nei Daten ugeet, wat Statistiken ugeet.

An ech kann Iech soen, mat allen Efforten, déi mer hei am Land maachen, a wou jo verschidde Leit mengen, dass déi gréng vill ze vill an deem Beräich maachen: Mat all deenen Efforten, kréie mer de Réckgang net opgehalen. Mir hu just emol fäerdegbruecht déi Descente, déi Chute libre, e bëssen ofzebremsen. Mee mir sinn nach ëmmer an der Descente libre. Just net méi grad mat där selwechter Vitess. Dat ass deen eenzegen Effort, dee mer an deene leschte 15 Joer fäerdegbruecht hunn, mat all deem, wat vu Mesurë komm ass.

Wann also Leit soen, et ass däers Gudden e bëssen ze vill, da kann ech just soen: Nee. Mir sinn net emol um Ufank, vun deem, wat mer musse maachen.

Ech weess, dass d'Leit es och midd sinn dobaussen, ëmmer erëm vu Krisen ze héieren. Mir renne vun enger Kris an déi aner. D'Covidkris geet scho jiddwerengem op den Nerv. A wann een dann nach vun anere Krise schwätzt, dann hunn d'Leit es iergendwann genuch. Mir selwer, an ech mengen Iech heibannen, geet et bestëmmt och doranner net aneschters.

*Le collège échevinal a signé le Pacte nature. Laura Pregno demande au conseil communal de le soutenir.*
*Elle propose de recourir à un conseiller externe, car le service écologique ne dispose pas du temps nécessaire compte tenu de ses nombreuses tâches. Le service écologique est très actif et ne peut pas mettre un de ses collaborateurs à disposition.*
*C'est le SICONA qui fournira le conseiller externe. Le collège échevinal a signé un accord, qui se trouve dans le dossier des conseillers communaux.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve ce point extrêmement important. Madame Pregno a expliqué comment le pacte fonctionne — c'est-à-dire d'une manière similaire aux autres pactes. On peut s'étonner de la multiplication de ces pactes, mais pourquoi changer quelque chose qui marche ?*
*Les pactes assurent la liaison entre le gouvernement et les communes. Le gouvernement ne dicte donc pas ce que les communes doivent faire. Il s'agit d'un partenariat dans le cadre duquel le gouvernement fournit un catalogue de mesures concrètes que les communes peuvent réaliser. Elles sont ensuite récompensées financièrement.*
*Aux subventions s'ajoute la certification. C'est comme recevoir une médaille parce qu'on a bien travaillé à l'école. Mais la protection de la nature reste l'élément le plus important. La situation est dramatique — notamment en ce qui concerne la biodiversité. En tant que président du SICONA, Georges Liesch connait bien les chiffres.*
*Tous les efforts que fait le Luxembourg depuis 15 ans ne suffisent pas. Ils servent à peine à ralentir la chute. Ceux qui pensent que les écologistes en font trop ont tort.*
*Les gens en ont assez d'entendre parler de crises et les conseillers communaux sont sans doute dans la même situation. C'est compréhensible. Mais on ne peut pas non plus fermer les yeux et faire semblant de rien. On ne peut pas s'occuper d'une crise comme celle de la COVID-19 et oublier toutes les autres. Car la crise climatique et la*

*crise de la biodiversité représentent une tout autre envergure.*

*D'un point de vue économique, les couts pour les prochaines générations seront énormes. Elles devront réparer ce que la génération actuelle et les générations précédentes n'ont pas fait. Sans vouloir rejeter la faute sur qui que ce soit, c'est un fait que beaucoup de générations ont fermé les yeux. Il est temps d'agir pour ne pas mettre les prochaines générations dans une situation impossible à gérer.*

*Il suffit de regarder les informations pour se rendre compte de l'envergure de la crise climatique et de la crise de la biodiversité.*

*Georges Liesch salue le Pacte nature qui propose aux communes d'agir concrètement. Il ne sert à rien de rédiger des documents si sur le terrain rien ne change. Le conseiller communal espère que les communes qui signeront le Pacte nature auront l'ambition de changer les choses et qu'elles s'en donneront les moyens.*

*Georges Liesch pense que la Ville de Differdange est plutôt bien placée. Sans vouloir faire de pronostic, il est convaincu que la commune a réalisé plus de 40 % des mesures. Mais il n'est pas sûr qu'elle atteigne le niveau « or ». Même s'il reste du pain sur la planche, la commune est sur la bonne voie.*

*Georges Liesch se demande par ailleurs s'il ne faudrait pas également mettre en place un pacte similaire avec les citoyens. Il ne l'appellerait pas nécessairement « pacte », mais il s'agirait d'une relation entre la commune et ses citoyens pour les inciter à faire des efforts concrets pour protéger l'environnement en fonction de leurs possibilités. Georges Liesch ne prétend pas avoir toutes les solutions. Il n'a rien élaboré. C'est juste une idée pour voir comment créer une relation avec les citoyens. Car pour obtenir des résultats concrets sur le terrain, il faut développer le facteur multiplicateur.*

*Georges Liesch espère que le conseil communal approuvera le Pacte nature à l'unanimité et non avec une simple majorité des voix. Ensuite, il faudra prendre le Pacte au sérieux et le respecter, peu im-*

Dat ass op där enger Säit sécher richteg. Op där anerer Säit däerfe mer awer och d'Aen net einfach blann zoumaachen a soen, mir kucken eis dat elo net un. An da beschäftege mer eis elo mol mat där Kris, déi mer elo hunn, an da loosse mer dat anert emol einfach kommen. Wa mer dat maachen, déi Kris, déi do wäert kommen, net nëmmen d'Klimakris, och d'Biodiversitéitskris, dat ass eng ganz aner Envergure.

Fir dat a Finanzen auszedrécken: Mir schwätzen hei vu finanzielle Belaaschtunge vun den nächste Generatiounen, déi eenorm sinn. Déi eenorm wäerte sinn, fir dat ze reparéieren, wat mir, eis Generatioun an déi Generatioune virdrun – ouni eng Scholdzouweisung ze maachen – verpasst hunn. Wéi gesot, ech maache keng Scholdzouweisung. Bewosst net. Mee et ass nun emol e Fakt, dass op deem A vill Generatioune blann waren an eeben do näischt geschafft hunn. An dat musse mer elo onbedéngt maachen, fir deenen nächste Generatiounen net eng Mer à boire ze hannerloossen. Et ass nämlech genau dat, wat wäert geschéien.

Wann Der Iech Reportagen ukuckt, déi hei oder do mol optauchen, wat eng Klimakris an eeben och eng Biodiversitéitskris ausléise kann, da gesitt Der d'Envergure, och op der ekonomescher Säit. Dat ass eenorm.

Mir als Gréng kënnen dat heiten nëmmen absolutt begréissen, dass de Staat op de Wee gaangen ass, e Pakt ze maache mat de Gemengen an d'Gemenge mat op de Wee ze huelen an ze soen: Kommt, mir maache konkreet Saachen. Et huet kee Wäert, dass mer schéi Pabeieren ausschaffen, schéi Presentatioune maachen an um Terrain geschitt näischt.

Mat dësem Pakt erwaarde mer eis wierklech, dass déi Gemengen, déi dat hei ënnerschreiwen, och den Éiergäiz hunn an den Effort maachen déi budgetär Moyenen anzesetzen, dass um Terrain konkreet eppes geschéie kann. Nëmmen esou komme mer iergendwann virun.

Ech hunn déi ganz Mesuren eng Kéier duerchgekuckt. Ech hu probéiert, dat e bëssen ze iwwerschloen. An ech denken, dass mer, wéi d'Madamm Pregno gesot huet, eigentlech scho relativ wäit sinn. Ech woen elo kee Pronostic. Ech si mer awer ganz sécher, dass mer méi wäit si wéi déi 40 % base. Ob mer um Goldstatus sinn, dat géif ech elo net soen, well ech mengen, dass mer och nach ëmmer eng ganz Partie Chantiere kënnen ugoen, wou mer eis nach kënne verbesseren.

Mee bei ganz ville Saachen an deene sechs Kapitelen, kann een awer soen, dass mer do schonn eppes gemaach hunn. Vläicht nach net genuch. Op jidde Fall si mer schonn um Wee, fir déi Punkten ze realiséieren.

D'Iddi ass mer komm: Wann een déi Pakten do alleguerten hëlt, wär et net eigentlech dann interessant, fir aus deem Pakt, dee mer jo tëscht Staat a Gemenge maachen, dat heiten ze deklinéieren op eis Bierger. Ënner enger änlecher Form.

Ech géif et elo net onbedéngt Pakt nennen, mee ënner enger änlecher Form, eng Relatioun, Verbindung tëscht der Gemeng an de Bierger opzebauen. Andeem mer och do probéieren, eppes opzebauen, andeem mer d'Bierger och mat op de Wee huelen, sief et vläicht duerch en änleche Modus wéi dat heiten, fir konkreet op hiren Terrainen, déi si hunn, mat hire Méiglechkeeten, déi si hunn, Efforten ze maachen. Fir konkreet Ëmsetzungen ze maachen, wat den Ëmweltschutz an den Naturschutz ugeet.

Dat als Denkustouss. Et kéint een dat mat op de Wee huelen. Ech hu kee Kachrezept. Ech hunn näischt ausgeschafft. Ech fannen d'Iddi gutt, dass een déi Verbindung, déi mer elo hei kréie mam Pakt mam Staat, dass mer déi einfach weiderginn an d'Verbindung mat de Bierger sichen, fir ze kucken: Wat ass do machbar?

Well wat de Multiplicateurfacteur méi grouss ass, wat d'Ëmsetzung um Terrain natierlech och méi grouss ass. An et ass nëmmen dat, wat eis herno wäert konkreet weiderbréngen.

Ech wëll och soen, dass wa mer dëse Pakt hei stëmmen – an ech ginn dovun aus, an ech hoffen, dass mer hei e large Konsens kréien, dass mer dat elo net mat simple Majoritéit hei ofstëmmen, dass mer hei large Konsens iwwert deen

heite Punkt kréien –, dass mer dëse Pakt dann och mussen eescht huelen.

Dass mer dat musse bei all Projet, dee mer elo maachen, och musse respektéieren. An dat wäert eis heiansdo nerven. Ech sinn iwwerzeegt, dass deen een oder deen anere Projet hei op den Dësch kënnt, wou mer soen: Musse mer dat heiten elo wierklech aneschters maachen, wéi mer wollten? Erëm eng Kéier dat Out-of-the-box-Denken. Well mer ëmmer gewinnt waren, esou ze schaffen. An elo duerch de Pacte Nature wäerte mer et aneschters maachen, well mer dann op den Naturschutz zréckgräifen.

Dat heite musse mer eescht huelen. All Projet, dee mer uginn, muss dat heiten ënnermaueren. Ech soen Iech Merci fir dat laangt Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Fir mäi Virriedner, den Här Liesch, direkt ze berouegen: Natierlech kréie mer hei e large Konsens. Alles anescht géif mech iwwerraschen.

Dir hutt Recht, an Zäite vu multipele Krisen, wéi der Coronakris, an där mer nach ëmmer stiechen, huet jiddwereen d'Flemm. Eng Klimakris, déi säit Jore schleeft a sech verschäerft, ass jiddwerengem mëttlerweil e Begrëff. Ech si frou, dass Der d'Kris vun der Biodiversitéit an deem Kontext ernimmt hutt. Dat ass eng aner Kris, déi gäre vergiess gëtt.

D'Kris vun der Biodiversitéit ass awer deelweis mat dru Schold, dass mer an déi Coronakris, an déi sanitär Kris eragerutscht sinn. Well mer dem Déier ëmmer méi säin natierleche Liewensraum geklaut hunn als Mënschheet an domat d'Grenze verwëscht gi sinn tëschent der Mënschheet an der Déierewelt. Wat eeben dozou gefouert huet, dass déi Coronakris konnt ausbriechen.

Dat heiten ass en immens wichtegt Outil, fir als Gemeng aktiv ze ginn am Ëmweltschutz. Ech si ganz bei Iech, Här Liesch, mat där Iddi, fir och d'Biergerinnen an d'Bierger anzebannen. Et ass zwar à la base e Pakt tëschent dem Staat an de Gemengen. Mee am Sënn, dass et eebe wichteg ass, vu déi multipel Krisen, dass jiddwereе sech engagéiert a säin Deel zum Ëmweltschutz bäidréit, géif ech ganz gäre mat op de Wee goen, fir och d'Bierger*inne méi aktiv anzebannen.

Am Pacte Climat ass dat souwisou virgesinn. Do ass virgesinn, dass d'Bierger*inne wierklech agebonne ginn. Dat kënnen och thematesch Aarbechtsgruppe sinn a sou weider an esou fort. Dat heescht, et ka scho ganz konkreet an aktiv Form unhuelen. Op dee Wee ginn ech gär mat.

Ech stëmmen deem heite ganz gären zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech géif wëllen d'Wuert huelen. Ech hat geduecht, et wieren nach aner Parteien, déi zu deem wichtegen Theema géifen d'Wuert nach virdrun huelen.

Fir mech als Eeleren heibannen, deen Ëmweltschützer vum éischten Dag un ass, mat villen aneren och heibannen, ass et am Fong och en Dag fir ze feieren, fir an eng Feierstëmmung ze kommen.

Well mat dem Naturpakt mierke mer, dass déi Strukturen an déi Kämpf vun den 90er-Joren un, fir eng besser Ëmwelt, fir eng besser Natur, fir eng besser Energieverwäertung, e Sënn haten. An déi ginn elo endlech institutionaliséiert duerch den Naturpakt an duerch virdrun de Klimapakt.

Dat heescht, et gëtt e Kader geschaaft, landeswäit, iwwert de Regierungsprogramm, deen elo realiséiert gëtt, wou all Gemeng – wat jo eis Entitéite sinn, déi aktiv d'ganzt Land gestalte bis hin

*porte le projet que la commune réalise.*
*Il est probable que cela va poser quelques problèmes. Pour certains projets, le conseil communal préfèrera sans doute ne pas tenir compte du Pacte nature. Mais pour Georges Liesch, il faudra réfléchir* out of the box. *Les projets devront être réalisés autrement pour protéger l'environnement.*
*Il répète que le Pacte nature doit être pris au sérieux.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *estime qu'il est évident que le consensus sera large. Il est vrai que tout le monde en a marre des crises comme la COVID-19. Mais tout le monde sait que la crise climatique empire depuis des années.*
*Eric Weirich se dit content que monsieur Liesch ait aussi parlé de la crise de la biodiversité. Celle-ci est responsable en partie de la pandémie, car l'Homme a volé l'habitat des animaux et supprime les frontières naturelles.*
*Eric Weirich soutient l'idée de monsieur Liesch selon laquelle il faut inclure la population. Dans le cadre de ces crises multiples, il est nécessaire que tout le monde s'engage dans la protection de l'environnement. Le Pacte climat prévoit d'office l'inclusion des citoyens. Le conseiller communal espère que cela prendra des formes concrètes et actives.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *s'étonne que les autres partis n'aient pas encore pris la parole.*
*En tant qu'écologiste de la première heure, il ressent de la joie aujourd'hui. Le Pacte nature démontre que les luttes des années 1990 pour protéger l'environnement n'ont pas été vaines. Désormais, elles sont institutionnalisées grâce au Pacte nature et au Pacte climat.*
*Dans le cadre d'un programme du gouvernement, chaque commune dispose d'un catalogue de mesures auxquelles on ne peut plus vraiment se soustraire. L'impact environnemental de chaque plan et de chaque projet doit être analysé.*
*Le catalogue peut sans doute être complété. Differdange a mis en place des projets qui ne figurent pas*

*encore dans le catalogue. Cela démontre que Differdange est pionnière en matière de protection de l'environnement.*
*Le fait que toutes les communes vont probablement participer au Pacte climat et qu'elles ne peuvent plus vraiment s'y soustraire donne raison aux écologistes et à déi gréng, qui ont été de véritables précurseurs.*
*Tout comme il existe des personnes opposées aux vaccins et des personnes qui ne croient pas à la COVID-19, il y en a qui pensent que l'écologie n'est pas importante. Or il est temps de la prendre au sérieux. Comme l'a dit monsieur Liesch, la faune et la flore sont en train de disparaitre. Nous sommes au bord d'une crise climatique dangereuse.*
*Ceux qui ne le comprennent pas mettent en jeu l'avenir de nos enfants.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *va approuver le Pacte nature. Il soutient les arguments avancés jusqu'à présent.*
*Mais il ne faut pas faire semblant de croire que le vote d'aujourd'hui va sauver la biodiversité. Des mesures bien plus importantes seraient nécessaires dans le pays et dans le monde. Le Pacte nature n'y changera pas beaucoup.*
*Differdange compte de nombreux problèmes environnementaux. Ali Ruckert ne sait pas si le Pacte nature peut les résoudre. Il pense notamment aux décharges industrielles polluant l'eau. Le Pacte nature ne résoudra pas ce problème.*
*La commune n'a pas non plus de solutions concernant les produits chimiques utilisés dans l'agriculture. Et les écologistes, qui sont membres du gouvernement, ne font rien.*
*Ali Ruckert rappelle enfin que les écologistes ont approuvé la connexion de la zone Natura 2000 au réseau nucléaire français. Ce n'est pas vraiment écologique.*
*Même si le conseil communal approuve le Pacte nature, il ne doit pas oublier les autres problèmes. La commune doit essayer de les résoudre.*

zu de Bierger – e Katalog huet vu Mesuren, wou ee sech kann drun halen a wou een och net méi derlaanscht kënnt.

All Plang, all Projet soll op d'Ëmweltverträglechkeet, wat de Klima a wat d'Natur ubelaangt, ënnersicht ginn. Do kann ee sech elo net méi derlaanschtmogelen. Well dee Katalog läit do. Deen ass ausbaufäeg. Well mer hu gesinn, dass mer hei zu Déifferdeng Projete scho lafen hunn, déi mol nach guer net an deem Katalog drasinn. Déi awer héchstwarscheinlech an engem Update, an een, zwee Joer drasinn. Wou mer Virreider sinn, och a Saachen Naturschutz.

An de Fait, dass mer dat elo landeswäit hunn, op all Gemeng ausgebreet a wou héchstwarscheinlech all Gemeng, grad wéi am Klimapakt – ech hunn eng Réckkoppelung hei, ech weess net, wat do lass ass, entschëllegt. Elo hunn ech d'Wuert och verluer, Madamm Buergermeeschter, mee de Fait, dass ee sech elo net méi kann do derlaanschtmogelen, gëtt eis, den Ekologisten an och eiser grénger Partei, déi ëmmer Virreider war an deene Saachen, Recht, fir an déi Richtung weiderzegoen.

Ech si frou, dass dat op Pilaritéit stéisst hei am Sall. Well wéi et Impfverweigerer gëtt a Covidleegner hei am Land, gëtt et och nach ëmmer Leit, déi mengen den Naturschutz, d'Ekologie wier net wichteg fir de Mënsch. An dat sollt een endlech – an hei ass ee vun de richtege Weeër, deen duerch d'Regierung opgezeechent gëtt – eescht huelen. Well, wéi den Här Liesch gesot huet, mer stinn um Rand vum Stierwe vun der Flora a vun der Fauna. Mer stinn um Rand vun enger bedrolecher Klimakris.

Een, deen dat nach ëmmer niéiert a sech nach ëmmer wëll driwwer ewechsetzen, et deet mer leed, dee spillt mat der Zukunft vun eise Kanner. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Dir hat d'Wuert gefrot, Här Ruckert? Ass dat richteg? Den Här Ruckert an dann den Här Tempels. Merci.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wäert ech fir deen Naturpakt stëmmen. Et sinn elo schonn eng ganz Rei Argumenter dofir ervirbruecht ginn. Déi géif ech och gär ënnerstëtzen.

Ech wëll awer och drun erënneren oder drop opmierksam maachen: Mer däerfen net esou maachen, och wa mer dat hei elo stëmmen, wéi wa mir hei elo géifen d'Biodiversitéit retten. Dat soll een awer och kloer soen. Well do si ganz aner energesch Moossnamen erfuerdert op nationalem Plang an op internationalem Plang. An do wäert deen Naturpakt hei nëmmen e ganz, ganz klengen Deel just dozou bäidroen.

Ech wëll och drop opmierksam maachen: Mer wunnen hei an enger Gemeng, wou et riseg Problemer gëtt am Ëmweltschutz. Ech weess net, ob déi mat deem Pakt hei kënne geléist ginn. Ech wëll nëmme soen: Stéchwuert Industriemülldeponien. Wou de Risiko grouss ass, dass d'Grondwaasser belaascht gëtt. Ech mengen net, dass dee Problem mat deem Pakt hei geléist gëtt. Do mussen also aner Mesurë kommen.

Ech erënneren och un d'cheemesch Keul an der Landwirtschaft. Och do hu mir d'Léisung net. Mee déi ass vill méi grouss.

An déi gréng si jo an der Regierung. An ech ka mech nëmme wonneren, wéi wéineg bis elo do erfollegt ass, dass wierklech dee massiven Asaz vu cheemesche Mëttelen an der Landwirtschaft nach ëmmer méiglech ass.

An da wëll ech och drun erënneren: Mer wunnen hei an enger Gemeng, wou duerch en Natura-2000-Gebitt en Uschloss un d'franséischt Atomnetz gemaach ginn ass, mat der Zoustëmmung vun de Gréngen iwwregens. Dat ass jo och net besonnesch ëmwelt- a mënschefrëndlech.

Dofir mengen ech, dass wa mer dat elo stëmmen, dass et awer eng ganz Rei vu wichtege Problemer gëtt, déi een net däerf aus den Ae verléieren. A wou awer och d'Gemeng misst méi wéi an der Vergaangenheet sech drop konzen-

tréieren, fir dass do och Léisunge fonnt ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Ech hoffen, Dir héiert mech alleguerten. D'Madamm Pregno huet eis ganz gutt erkläert, wéi den Ëmweltpakt wäert fonctionéieren, nodeems de Klimapakt scho bei eis op der Gemeng besteet.

Als CSV gesi mir och, dass relativ vill Projeten, déi an déi Punkten do falen, duerch de gudden Asaz vun eisem Service écologique, dem Fierschter an dem SICONA, wou mer Member sinn, bestinn. Wou mer a ville Punkte gutt sinn.

Natierlech wäerte mir dëse Punkt mat Jo stëmmen.

Als Gemengerotsmember wéi och als Bauer wënschen ech mer, dass verschidde Punkten, déi an deem ganze Punktekatalog stinn, net vun uewen erof octroyéiert ginn. Mee dass mer higinn, dass mer d'Leit mat an d'Boot huelen – egal ob dat elo Saache sinn, déi d'Landwirtschaft betreffen oder d'Privatleit. Nëmme wa mer zesumme mat hinne Projeten ausschaffen, kënne mer se begeeschteren, fir Saache fir eis Ëmwelt ze maachen. Net andeems een dat vun uewen erof duerch Verbuet oder esou iwwer hire Kapp ewech decidéiert.

Dat ass alles gewiescht. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Ech denken, mer kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat Pacte nature avec l'État du Grand-duché de Luxembourg.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 4). Hei geet et ëm en Avenant vun der Konventioun bipartite tëschent dem Staat mat den SEAen. Dës Kéier betrëfft et de Foyer du jour Kornascht an d'Bëschcrèche. Den 8.12.2021 hate mer den Avenant fir eis Maison-relaise gestëmmt. Haut hu mer dann den Avenant fir eis Crèchen, de Kornascht an d'Bëschcrèche.

Den Avenant bezitt sech op d'Konventioun, déi d'Gemeng mam Staat ënnerschriwwen huet an och am Gemengerot gestëmmt gouf. Adaptatioune goufen ëmgesat, déi de Staat mat de Gewerkschafte verhandelt huet.

Esou gouf de Référentiel temps de travail, den RTT, am Kader vum SAS-Kollektivvertrag, vun ursprénglechen 1.549 op elo 1.492,5 ugepasst. Dat ass d'Grondlag, fir d'Stonnenzuel vum Personal ze berechnen, déi mer vum Staat finanzéiert kréien.

Ze erwäne bleift, dass mer gehuewe gi sinn. Mir sinn an de Grupp 3 gehuewe ginn. Dat heescht vu 7,5 % op 13 %. Doduerch hu mer méi zegutt.

Am Artikel 2 an der Annex 2 gouf d'Personnel supplémentaire Covid-19 ugepasst. Wéi d'Iwwerschréft et seet, beinhalt dat den Undeel vun de Personalstonnen, déi den Educatiounsministère am Kader vun den aktuelle Covidmesuren zousätzlech finanzéiert.

Den Ënnerscheed vun deem, wat mer leschte Mount gestëmmt hunn ass, dass den Taux vun der Ënnerstëtzung vum Educatiounsministère fir d'Maisons relais bei 75 % läit a fir d'Crèchë bei 100 %.

Heimat gëtt den Avenant fir eis Crèchen ugepasst. De Contenu ass deen nämmlechte wéi am Dezember, wou mer iwwert d'Maison-relaisen ofgestëmmt hunn. Just de Prozentsaz vun der Finanzéierung ännert. Ech froen ëm Är Ënnerstëtzung.

Da géife mer zum Vott kommen.

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que de nombreuses mesures figurant dans le Pacte nature, que madame Pregno vient de présenter, sont déjà mises en place à Differdange grâce à l'engagement du service écologique, du garde forestier et de SICONA.*
*Les chrétiens sociaux approuveront le Pacte.*
*En tant que conseiller communal et agriculteur, Guy Tempels espère que les mesures ne seront pas dictées du haut vers le bas, mais que les décisions seront prises ensemble. Car sans discussion, il sera difficile de motiver les gens à agir en faveur de la protection de l'environnement.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*1passe à une convention entre les SEA et l'État. Après l'avenant du 8 décembre 2021 concernant les maisons relais, il est aujourd'hui question des crèches, de la crèche en forêt et du foyer de jour Kornascht.*
*La convention a déjà été approuvée par le conseil communal, mais elle a été adaptée à la suite de négociations entre l'État et les syndicats.*
*Ainsi, le référentiel temps de travail du contrat collectif SAS est passé de 1549 à 1492,5. Le RTT permet de calculer le nombre d'heures de travail que l'État finance.*
*Differdange fait désormais partie du groupe 3 et a droit à plus d'heures.*
*L'article 2 de l'annexe 2 fixe le personnel supplémentaire lié à la pandémie. Il s'agit des heures supplémentaires financées par le ministère de l'Éducation nationale.*
*Le taux de participation du ministère s'élève à 75 % pour les maisons relais et à 100 % pour les crèches. C'est le seul changement par rapport à l'avenant sur les maisons relais voté en décembre.*
*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à une convention entre les SEA et l'État concernant les maisons relais, le foyer de jour et la crèche en forêt. La convention de 2022 fixe le financement de ces structures, leurs missions, les services qu'elles proposent, les frais…*
*En principe, le ministère de l'Éducation nationale finance les maisons relais à hauteur de 75 % et les crèches à 100 %.*
*Parmi les changements figure le fait que l'État financera les repas à partir de la rentrée 2022-2023.*
*Monsieur Hobscheit avait demandé des renseignements quant aux formations pour le personnel des maisons relais. Ces formations deviennent gratuites pour les éducateurs, mais aussi pour le personnel de nettoyage ou de cuisine. Les employés et les salariés plein temps ont droit à un certain nombre d'heures de formation. Les formations sont coordonnées par le Service national de la jeunesse. La commune a adressé une demande au SNJ pour obtenir des heures de formation par service ou par structure afin de soutenir le personnel.*
*Le budget de 2022 se base sur celui de 2021 et représente une augmentation de 10 % par rapport à 2020.*
*En ce qui concerne le financement de la part de l'État, Christiane Brassel-Rausch s'attend à un avenant de la convention en 2022 en raison de la COVID-19.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *souligne l'importance de ce document. La bourgmestre a mentionné la formation continue du personnel et les modifications qui seront réalisées dans ce contexte. L'éducation plurilingue et l'inclusion sont d'autres thèmes importants.*
*Les socialistes approuveront la convention, qui tient compte de la situation particulière dans laquelle nous nous trouvons. Pierre Hobscheit remercie les gens sur le terrain, qui travaille dans des conditions difficiles.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention bipartite 2021 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg (foyer du jour Kornascht et crèche en forêt).*

Villmools merci. Elo si mer beim Punkt 4d. Do geet et ëm d'Convention bipartite 2022 vun den SEAe mam Staat fir d'Maison-relaisen, fir de Foyer du jour Kornascht a fir d'Bëschcrèche. D'Konventioun 2022 mam Educatiounsministère ëmfaasst de Kader vum Finanzement fir eis Strukturen, dat heescht dat, iwwert dat mer elo just virdrun ofgestëmmt hunn, d'Beschreiwung vun den Aufgaben a vun de Leeschtunge vun eise Strukturen, plus d'Benennung vun eise Fraisen, déi mer kënnen an eisem Dekont deklaréieren.

Grondsätzlech iwwerhëlt den Educatiounsministère am Kader vun dëser Konventioun fir d'Maison-relaise 75 % vun de Fraisen a fir d'Crèchen 100 %. Wéi ech elo just erkläert hunn.

Wat huet an där neier Konventioun fir 2022 geännert? Wéi Der an der Press héchstwarscheinlech gelies hutt, solle viraussiichtlech d'Fraise fir de Repas fir d'Rentrée 2022/2023 vum Staat iwwerholl ginn.

Den Här Hobscheit hat eng Kéier no de professionelle Formatioune gefrot, fir dat ganzt Personal, wat an eise Maisonrelaise schafft. Déi ginn elo fir 2022 gratis. A wann ech soen d'ganzt Personal, dann ass et net nëmmen d'Betreiungspersonal, mee do gehéiert och d'Personal aus de Kichen an d'Botzpersonal dozou!

Wat d'Schaffstonne pro Employé plein temps, d'ETPen, ubelaangt respektiv d'Salariéë plein temps, do kréie mer pro Struktur a pro Service – wéi gesot Botzservice a Kicheservice – Konte vu Formatiounsstonnen. Mir kréien e Kont vu Formatiounsstonnen, wou d'Leit eenzel oder dee ganze Service ka Formatiounen ufroen. Dëst gëtt iwwert den SNJ, de Service national de la jeunesse, koordinéiert.

D'Demande, fir esou ee Kont, sief et pro Service oder pro Struktur, unzefroen, gouf scho vun eisem Service op der Gemeng un den SNJ geschéckt. Déi Formatioune sollen de Leit an hirem Alldag hëllefen. An duerch qualifizéiert Formatioune soll eist Personal dann och de Réck gestäipt kréien.

De Budget fir d'Konventioun 2021 gouf nom Dekont vun 2020 berechent. Do gouf et eng Erhéijung vun 10 % um Dekont 2020. A fir d'Konventioun 2022 gëtt de Budget vun 2021 gekuckt. An deen ass mat 5 % gehéicht.

Betreffend d'zousätzlecht Finanzement vum Staat, am Kader nach ëmmer vu Covid-19, hu mer elo just virdrun den Avenant fir 2021 gestëmmt. Mir gi mat grousser Warscheinlechkeet dovunner aus, dass nei Modalitéite wéinst dem Covid zum Avenant vun der Konventioun fir 2022 wäerte kommen.

Ech bieden ëm Är Zoustëmmung zu dëser Konventioun.

Här Hobscheit. wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Fir d'éischt merci fir d'Explikatiounen. Dat do ass e wichtegt Dokument, wat mer all Joer an de Gemengerot kréien an iwwert dat mer all Joer am Gemengerot ofstëmmen. Verschidde wichteg Aspekter ginn ëmmer erëm ugeschwat. Dir hutt et ugeschwat, notamment d'Formations continues vum Personal. Wou et awer do elo zu Ännerunge kënnt. Wat e ganz wichtegen Aspekt ass, dass dat ganz kloer ass. Och nach aner wichteg Aspekter an dëser Konventioun goufe gekläert, ënner anerem d'Éducation plurilingue an d'Inklusioun vu verschiddene Kanner.

Dës Konventioun ass ze begréissen, a mir stëmmen där och zou.

Et ass wichteg, dass der spezieller Situatioun, an där mer leider nach ëmmer sinn, an der Konventioun Rechnung gedroe gëtt.

Vun dëser Plaz nach eng Kéier e grousse Merci un all déi Leit, déi am Moment do d'Staang riicht halen – ënner net ëmmer ganz einfache Konditiounen.

Mir stëmmen dëser Konventioun zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Erlaabt mer, nach e Wuert ze soen zu de Previsioune vum Finanzement vun de Crèchen an dem Foyer du jour Kornascht. Déi gi jo vum MENJE gedroen zu 100 %. Do sinn elo viraussiichtlech 2.604.995 Euro virgesinn. Wat d'Maison-relaisen ubelaangt, ass den Apport vum MENJE 75 %. Dat sinn 9.362.399 Euro. Den Invest vun der Gemeng selwer sinn 3.120.800 Euro. De ganze Chiffer fir d'Maison-relaisen ass 12.296.337 Euro. Wat net ze vernoléissegen ass an deen immens wichteg ass. Do si mer gutt opgestallt.

Da komme mer elo zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention bipartite 2022 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg pour les maisons relais, le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche.*

Den nächste Punkt ass d'Konventioun Services pour jeunes. Woufir ech d'Wuert un den Här Aguiar ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, madame la bourgmestre. Il s'agit d'une convention pour les jeunes dans le cadre des structures des maisons des jeunes en partenariat avec le ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse et le Jugendtreff Déifferdeng, où les activités principales sont la rencontre, l'information et l'animation pour jeunes entre 12 et 26 ans.

Le Jugendtreff comporte quatre structures de jeunes répartis à Differdange-centre, Nidderkuer et Lasauvage, et la Jugendfabrik, qui se trouve à Fousbann, où les jeunes profitent des lieux avec un encadrement sociopédagogique, où ils peuvent trouver un suivi professionnel ou des activités et projets de tous genres.

Plus de soixante heures d'accueil et de rencontre par semaine répartis sur deux structures : à Differdange et à la Jugendfabrik, où une ouverture de six jours sur sept est proposée aux jeunes. Ce qui est important et à valoriser, c'est la fréquentation des jeunes.

Dans le cadre des activités en 2021, il y a eu vingt actions et projets importants, où la participation était plus importante et où j'aimerais mettre en évidence un ou deux projets.

Le premier est dans le cadre de la Jugendfabrik à Fousbann, où de nombreuses activités sportives sont mises en place dans une structure unique au Luxembourg. Non seulement l'équipe éducative veille à ce que les jeunes participent en toute sécurité aux nombreuses activités sportives, mais aussi à ce que des synergies soient mises en place avec les différents clubs.

La fréquentation dépasse toutes nos espérances. Car en une semaine, 379 membres participent activement. Ce qui fait une moyenne de 76 jeunes par jour juste dans une seule structure. Il est important de mettre en évidence la grande fréquentation.

Le deuxième projet est le label Jugendinfo, qui a été remis par l'Agence nationale d'information des jeunes au Jugendtreff Déifferdeng. À la suite des différentes formations de l'équipe éducative, le label est une plus-value pour la maison des jeunes. Le label garantit une meilleure visibilité, un effort pédagogique en information jeunesse et prête un degré de confiance et de reconnaissance au travail de qualité exercé dans les structures labellisées.

Cette convention permet de financer les frais de fonctionnement avec les salaires ainsi que la mise en place d'activités et de projets tels que l'Anima-Team.

L'Anima-Team est très actif dans le cadre des évènements communaux : DiffBeach, CovidCheck, des animations pour les enfants, Beach Soccer, marché de Noël, etc.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur le financement des crèches et du foyer de jour Kornascht assuré à 100 % par le ministère de l'Éducation nationale. Il s'agit de 2 604 995 €. L'apport du ministère pour les maisons relais se monte à 75 %, c'est-à-dire 9 362 399 € sur 12 296 337 €.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la convention portant sur le service pour jeunes.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit d'un partenariat entre le ministère de l'Éducation nationale et le Jugendtreff Déifferdeng, qui est destiné aux jeunes entre 12 et 26 ans.*
*Le Jugendtreff compte quatre structures à Differdange au Fousbann à Niederkorn et à Lasauvage. Les jeunes y sont encadrés et peuvent y réaliser des projets et des activités.*
*À Differdange et au Fousbann, l'encadrement est assuré soixante heures par semaine. La Jugendfabrik est ouverte six jours sur sept.*
*En 2021, le Jugendtreff a organisé vingt actions et projets. Paulo Aguiar souhaiterait en mettre deux en évidence.*
*Le premier concerne les activités sportives mises en place à la Jugendfabrik. Les éducateurs veillent à ce que les activités se déroulent en toute sécurité et cherchent à mettre en place des synergies entre les clubs. Le succès est au rendez-vous, car en moyenne, 76 jeunes participent chaque jour aux activités.*
*Deuxièmement, le Jugendtreff a reçu le label Jugendinfo de l'Agence nationale d'information des jeunes. Ce label garantit une meilleure visibilité aux structures differdangeoises et représente une récompense pour le travail des éducateurs.*
*La convention permet de financer les frais de fonctionnement et les projets. Paulo Aguiar rappelle que l'Anima-Team par exemple est très actif dans le cadre d'évènements communaux comme le Diffbeach, le marché de Noël…*
*Le Jugendtreff compte 850 membres. Huit éducateurs les encadrent du lundi au samedi. En raison de la*

*crise sanitaire, l'équipe éducative a besoin de plus de moyens.*
*Une deuxième convention concerne le projet d'éducation de rue Outreach Youthwork. Les éducateurs essaient d'entrer en contact avec des jeunes de 16 à 26 ans n'allant pas à l'école et n'ayant pas de travail. Ils ciblent des personnes ne fréquentant pas les maisons de jeunes et passant beaucoup de temps dans la rue. L'objectif est de les motiver à changer leur situation.*
*Outreach Youthwork travaille en partenariat avec d'autres structures et projets. Paulo Aguiar les remercie pour leur travail remarquable.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *remercie monsieur Aguiar pour ses explications détaillées. Il est important que les maisons des jeunes fonctionnent aussi par des temps difficiles. Pierre Hobscheit remercie les éducateurs pour leur engagement au service des jeunes six jours sur sept.*
*Il salue le fait que les jeunes en situation précaire soient encadrés et puissent participer à des projets. À travers son travail, il connait beaucoup de jeunes qui ne savent plus dans quelle direction aller et quoi faire de leur vie. Il faut leur donner des perspectives et les aider à comprendre que la situation n'est peut-être pas aussi noire qu'ils le pensent.*
*Le LSAP approuvera la convention. Pierre Hobscheit remercie encore une fois les éducateurs pour leur travail.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *remercie à son tour monsieur Aguiar. Les chiffres qu'il a avancés concernant le nombre de jeunes fréquentant les maisons des jeunes sont impressionnants.*

Le Jugendtreff Déifferdeng compte environ 850 membres actifs répartis dans les différentes structures où une équipe éducative de huit personnes accompagne du lundi au samedi des jeunes en difficulté. La crise sanitaire a malheureusement aggravé la situation pour les jeunes. C'est pourquoi il est important de donner plus de moyens à l'équipe éducative.

Nous avons également une deuxième convention, l'opsichend Jugendaarbecht. Un travail de jeunesse mobile, où on se rend dans les rues de Differdange et alentour pour trouver des jeunes âgés de 16 à 26 ans, inactifs en matière de formation et d'emploi.

L'objectif du projet consiste à stimuler, à encourager et à motiver les jeunes dans le but de créer un changement de leur situation à travers des activités ou des projets d'éducations non formels.

Le projet Outreach Youthwork permet de rentrer en contact avec un public qui ne fréquente pas les structures des jeunes, mais qui se trouve dans les rues de Differdange. Il est très important d'avoir ce travail social et cet accompagnement.

L'opsichend Jugendaarbecht travaille en synergie et en collaboration avec les autres structures et les autres projets, qui sont très actifs dans les rues de Differdange.

Pour terminer, je tiens à remercier toute l'équipe éducative ainsi que l'ASBL pour leur travail remarquable, qu'ils font jusqu'à présent.

C'est tout de mon côté. J'espère que vous pouvez soutenir cette convention. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, merci, dem Här Aguiar fir déi ausféierlech Informatiounen an Explikatiounen, souwuel zu de Strukture wéi zum Projet.

Et ass wichteg, dass mer Jugendhaiser hunn. Et ass wichteg, dass se funktionéieren, och a schwéieren Zäiten. Duerfir e grousse Merci un all déi Leit, déi dozou bäidroen, dass eis Jugendhaiser sechs Deeg op siwen, wéi den Här Aguiar gesot huet, fir déi Jonk opsinn a si kënnen empfänken. An och flott Projete mat hinne realiséieren. Dat ass ze begréissen.

Ze begréissen ass och, dass Jonker, déi et net esou einfach hunn, déi a schwierege Situatioune sinn, begleet ginn. Probéiert gëtt, hinne Weeër ze weisen, wéi hire Parcours vläicht kéint ausgesinn. Well ech kréien, a mengem beruffleche Kontext, ëmmer méi mat, dass et ëmmer méi Jonker gëtt, déi einfach net wëssen a sech froen: Wou wëll ech iwwerhaapt hin? Wat wëll ech iwwerhaapt a mengem Liewen erreechen?

An do ass et ganz wichteg, dass een déi Jonk quasi mat der Hand hëlt an hinne seet: Dat do kënne Perspektive si fir dech. An d'Situatioun ass vläicht net grad esou aussiichtslos, wéi s du dat am Moment mengs.

Duerfir ass dat alles an allem alles ze begréissen. D'LSAP wäert dëse Konventiounen zoustëmmen. Vun dëser Säit aus nach eng Kéier e grousse Merci un d'Personal, wat dofir suergt, dass déi Jonk optimal betreit ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Och vun eiser Säit e grousse Merci un den Här Aguiar fir d'Explikatiounen an och virun allem iwwert déi impressionnant Zuelen, déi en eis genannt huet, wat d'Zuel vun de Jugendlechen an eise Jugendhaiser ugeet, ob zu Déifferdeng oder um Fousbann, déi all Dag dohiginn.

Mëttlerweil hu mer zu Déifferdeng an der Gemeng, Nidderkuer, Fousbann,

Déifferdeng, Lasauvage, iwwerall Punkten, wou déi Jugendlech kënnen higoen, Aktivitéiten ugebuede kréien, wa se dat wëllen. Eleng dat weist eis laang Traditiounsgeschicht. Déifferdeng war eng vun deenen éischte Gemengen, déi e Jugendhaus, deemools nach zu Déifferdeng bei der Schoul, opgemaach huet. An och deemools schonn innovativ Projeten op den Dësch bruecht huet.

Eleng dat ass scho Grond genuch, dëser Konventioun hei zouzestëmmen.

Ganz interessant fanne mer d'Projeten an dëser Konventioun, déi opsichend Jugendaarbecht, Outreach Youtwork, wou ee gesäit, dass och e Jugendhaus sech ëmmer erëm muss nei erfannen, dass een net stoebleiwe kann, wou ee grad ass.

Net all Jugendlechen, wësse mer, geet an e Jugendhaus. Net all Jugendlechen ass an engem Veräin agebonnen. Dat wär natierlech flott. Well mir sinn nach ëmmer der Iwwerzeegung, dass wa Jugendlecher Perspektiven hunn, Aktivitéite maachen, Strukturen hunn, da sinn dat Jugendlecher, déi am Prinzip och keng Problemer an der Gesellschaft sinn. Mee déi brauchen dat awer alleguerten.

Elo hu mer awer eng Partie Jugendlecher, wéi den Här Aguiar gesot huet, déi eeben net an engem Veräin sinn, déi den Accès vläicht nach net fonnt hunn zu deem richtege Veräin, respektiv net an d'Jugendhaiser ginn, well och do vläicht aus diverse Grënn den Accès nach net méiglech war.

Duerfir begréisse mer absolutt dee Projet Outreach, wou et drëm geet, mat deene Jugendlechen a Kontakt ze kommen, ouni se wëlle par force iergendwou matanzebannen. Mee einfach fir an engem Gespréich ze verstoen, fiwat dës Situatioun fir si esou ass.

A vläicht hinnen och Informatiounen ze ginn, wat et vu Méiglechkeete gëtt. Den Här Hobscheit huet dat e bëssen erkläert, se esou e bësse bei der Hand ze huelen an ze weisen, dass et Perspektive gëtt a Méiglechkeete gëtt, déi se vläicht just nach net kannt hunn. An do hinne vläicht dann nei Weeër opzemaachen.

Mir kënnen déi zwee Projeten nëmmen absolutt begréissen a soen och nach eng Kéier e ganz grousse Merci un all déi Leit, déi an eise Jugendhaiser sinn, sief dat d'edukatiivt Personal, d'ASBL, déi dat hei geréiert oder eis Gemeng, déi dat scho Joerzéngten, och finanziell, matënnerstëtzt. E grousse Merci fir déi Aarbecht, déi si bis elo geleescht hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech mengem Fraktiounskolleeg uschléissen. Säit ech Politik hei an der Gemeng maachen, hunn ech mech investéiert an eis Jugend. Ech ka mech erënneren, wéi ech an d'Politik komm sinn, do gouf et just dat Jugendhaus am Schoulhaff zu Déifferdeng. Déi Evolutioun, déi dat an deene leschte Jore gemaach huet, ass phenomenal an enorm an och wichteg. An et gëtt ëmmer méi wichteg.

Zemoools haut, an dësen Zäiten, wou d'Kanner ëmmer méi op sech gestallt sinn an dee ganzen Dag ënnerwee sinn. Eng Struktur wéi e Jugendhaus ass ganz, ganz wichteg, zemools am soziale Beräich.

Ech hunn eng Fro un den Här Aguiar am Kontext vun der Evolutioun, wat fir eng Evolutioun d'Gemeng mécht an deene verschiddene Jugendhaiser. Mir hunn enorm vill Succès mat eisem Jugendhaus um Fousbann an hei zu Déifferdeng, déi immens gutt fonctionéieren.

Mee ech muss soen, datt ech vun Nidderkuer gesot kréien, datt déi méintelaang net opsinn. Datt do keen ass. Do misst een awer eng Kéier nofroen. Duerch dee grousse Succès, deen de Fousbann elo huet, wëllen déi Jugendlech op déi Plaz goen, well do méi lass ass a méi Aktivitéite stattfannen. Mir hunn awer och Plazen, wéi Lasauvage oder Nidderkuer, wou eng Kéier misst restrukturéiert ginn. No enger gewësser Zäit e Bilan gemaach gëtt, wéi d'Besucherzuelen do sinn.

*Differdange compte des maisons des jeunes à Niederkorn, au Fousbann, à Differdange et à Lasauvage. Les jeunes peuvent y pratiquer des activités. Georges Liesch rappelle que Differdange a été une des premières communes à ouvrir une maison des jeunes.*

*Parmi les projets intéressants figure l'éducation de rue Outreach Youthwork. Celui-ci démontre que les maisons des jeunes doivent se réinventer en permanence.*

*Les jeunes ne fréquentent pas tous les maisons des jeunes ou une association. C'est dommage, car un adolescent ayant des perspectives, faisant partie d'une structure et participant à des activités est un jeune qui n'occasionnera pas de problèmes dans la société. Mais une partie des jeunes ne sont pas membres d'une association et ne vont pas non plus dans les maisons des jeunes. C'est pourquoi le projet Outreach est important. L'objectif est d'entrer en contact avec les jeunes sans les forcer à quoi que ce soit. À travers le dialogue, les éducateurs essaient de comprendre la situation.*

*Comme l'a dit monsieur Hobscheit, il faut les prendre par la main et leur donner des perspectives.*

*Georges Liesch salue expressément les deux projets et remercie tous ceux qui soutiennent les maisons relais — que ce soient les éducateurs ou l'ASBL.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *s'est toujours engagé pour la jeunesse. Quand il a commencé à faire de la politique, il n'y avait qu'une maison des jeunes dans la cour de récréation de l'école de Differdange. L'évolution des dernières années est phénoménale et de plus en plus importante. C'est d'autant plus vrai qu'aujourd'hui, les enfants sont en route toute la journée.*

*Fred Bertinelli demande comment les maisons des jeunes vont évoluer à Differdange. Car elles connaissent un énorme succès — notamment au Fousbann. En revanche, il a entendu dire que l'annexe de Niederkorn est fermée depuis des mois et qu'il n'y a personne. Il est probable que les jeunes préfèrent se rendre au Fousbann, car on y organise plus d'activités. Il faudrait*

*donc restructurer les maisons des jeunes de Lasauvage et Niederkorn. Fred Bertinelli a entendu que les jeunes de Niederkorn vont tous au Fousbann. La maison des jeunes de Niederkorn serait devenue inutile et ne fonctionnerait plus comme elle fonctionnait au début.*
*C'est pourquoi Fred Bertinelli demande à monsieur Aguiar de vérifier quelles maisons des jeunes fonctionnent encore. Car il est évident que la maison des jeunes du Fousbann attire beaucoup de monde et les autres en souffrent. Monsieur Aguiar a-t-il fait une évaluation de la situation ?*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'il est question de deux conventions entre l'État, la commune et le Jugendtreff Déifferdeng. La commune et l'État se partagent les frais. La première convention concerne les maisons des jeunes. Avant la pandémie, elles fonctionnaient bien.*
*La deuxième convention porte sur Outreach Youthwork, projet dans le cadre duquel les éducateurs de rue entrent en contact avec les jeunes et leur proposent leur aide. François Meisch espère que ce projet portera ses fruits, notamment dans les zones chaudes comme le centre-ville.*
*Il remercie toutes les personnes actives sur le terrain. Le DP approuvera les deux conventions.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *annonce une pause jusqu'à 10 h 15.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une convention entre la Ville de Differdange, l'État et l'office social.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que cette convention est signée tous les ans entre le ministère de la Famille, la commune et l'office social. Elle fixe le mode de fonctionnement de l'office social.*
*La commune et le ministère de la Famille se partagent les frais. Le montant se monte à quelque 1 400 000 €, c'est-à-dire 719 000 € chacun. Il inclut les frais de personnel, les frais de fonctionnement, les*

Well mer gesot ginn ass, dass zu Nidderkuer déi Jugendlech, déi soss dohinnergaange sinn, elo all op de Fousbann lafen, well do méi Aktivitéite sinn. Soudatt Nidderkuer u sech, mat deem Site do e bëssen iwwerflësseg gëtt. Op alle Fall net méi esou fonctionéiert, wéi et am Ufank geduecht war. Dat misst een eng Kéier nokucken.

Dofir meng Fro vun der Evolutioun, déi Der maacht, Här Aguiar. Fir ze kucken, wéi déi Sitten op deenen eenzelne Plazen esou fonctionéieren a wéi se besicht ginn. Well et weess een, wann op enger Plaz, zemools bei deene Jugendlechen, eppes formidabel fonctionéiert, wéi de Fousbann, dann zitt et déi Jonk alleguerten op déi Plazen, well do dee ganzen Dag Aktivitéite sinn. An da leiden déi aner Strukturen oder aner Infrastrukturen dorënner.

Do wär meng Fro einfach un Iech, ob iwwerpréift gëtt, wéi déi eenzel Jugendhaiser besicht ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et geet hei, wéi mer héieren hunn, ëm zwou Konventiounen tëscht dem Staat, der Gemeng an dem Jugendzentrum Déifferdeng ASBL. D'Käschte gi sech tëscht Staat a Gemeng opgedeelt. Déi éischt Konventioun betrëfft eis Jugendhaiser. Déi kënnt all Joer erëm. Den Zoulaf ass am Prinzip, zumindest viru Corona, grouss.

Déi zweet Konventioun betrëfft de sougenannten Outreach Youthwork. Um Terrain sollen d'Streetworker Jugendlecher uschwätzen, sensibiliséieren, gegeebenefalls bei Problemfäll intervenéieren an Hëllef ubidden.

Mir hoffen, dass dës Approche Friichten droe wäert. An dass doduerch Hotspots, wéi zum Beispill am Déifferdenger Zentrum beim Park, entschäerft kënne ginn.

Et bleift just nach Merci ze soen, wat jo och scho geschitt ass, e puermol, all de Leit, déi um Terrain aktiv sinn. Mir stëmmen deenen zwou Konventiounen natierlech gären zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention services pour jeunes pour l'exercice 2022.*

Villmools merci. Et ass elo 10.07 Auer. Ech géif mengen um 10.15 Auer gesi mer eis erëm. Merci.

(Paus)

Da schloen ech vir, dass mer weiderfuere mat eisem Ordre du jour, mam Punkt 4f. Do geet et ëm eng Konventioun tëschent der Stad Déifferdeng, dem Staat an dem Office social. Heifir géif ech d'Wuert dem Här Mangen ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dat hei ass och eng Konventioun, déi mer all Joer mussen ënnerschreiwen zwëschen deenen dräi Partner: dem Familljeministère, der Gemeng an dem Office social. An dëser sinn de Finanzéierungsmodus an d'Funktiounsweis vum Office social festgeluecht.

Bekannt ass, datt d'Gemeng an de Familljeministère sech déi finanziell Laascht deelen. De Montant hat ech schonn an der Budgetsried genannt. Als Rappell: 1.400.000 Euro opgeronnt, wou d'Gemeng an de Staat jeeweils 719.000 Euro bezuelen.

Dës Zomm beinhalt d'ganz Personalkäschte vum Office social, d'Loyere vun de Lokalitéiten, d'Frais de fonctionnement, d'Jetone vum Conseil d'administration an d'Secoursen, déi un déi bedierfteg Leit ausbezuelt ginn.

Punkto Personal hu mir d'Recht op eng Assistante sociale fir 6.000 Awunner. An en administrative Poste fir 12.000 Awunner. Zurzäit hu mir sechs Assistante-sociallen an dräi administrativ Posten.

Den Office social gëtt gefouert a kontrolléiert vun engem Conseil d'administration, deen hei zu Déifferdeng aus fënnef Leit besteet. All Mandat ass fir sechs Joer valid a gëtt ëmmer erëm nei gestëmmt.

Eng interessant Funktioun vum Office social ass d'Zesummenaarbecht mat myenergy, wou se zesumme kënne kooperéieren. Dat ass wichteg an deenen haitegen Zäiten. Do kënnen déi prekär Stéit gehollef kréien, fir hir elektresch Apparater, déi vill Elektresch consomméieren, ersetzen ze loossen. Si hunn d'Recht op en Ersetze vun zwee elektreschen Apparater pro Joer. Si kréien eng Subventioun, déi plafonéiert ass op 750 Euro, wou se 75 % pro Apparat zréckbezuelt kréien, ttc compris.

Dat ass eng interessant Ureegung, fir dat ze maachen. Wou mer wëssen – an do kommen ech méi spéit nach drop zréck an der Allocation de solidarité –, datt d'Leit dovunner Gebrauch maache sollen, well de Präis vum Stroum explodéiert am Moment jo och. Et ass sécherlech ëmmer sënnvoll, fir Spuermoossnamen ze ergräifen an doduerch dann de Portmonni manner ze belaaschten.

Ech soen de Leit vum Office social an dem Conseil d'administration e grousse Merci fir déi Aarbecht, déi se maachen. A soe Merci fir d'Zoustëmmung zu dëser Konventioun.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

#### NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Virop: Alles Guddes am neie Joer un all d'Déifferdenger Bierger.

Déi gréng ënnerstëtze selbstverständlech dës Konventioun, déi nees fir ee Joer ënnerschriwwe gëtt tëscht Staat, Gemeng an Office social.

Ech soe Merci alleguerten den Intervenanten, déi heiru bedeelegt sinn.

Ech bedaueren, dass mer den Office social sou vill brauchen, wéi mer e brauchen. Ech denken, et missten nach aner Aarbechten, preventiv Aarbechte gemaach ginn, fir de Problem aneschters unzegoen.

Ech soe Merci. Déi gréng ginn hir Zoustëmmung zu dësem Punkt.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul, wannechgelift.

#### CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, an dëser Konventioun fir den Exercice 2022 tëschent dem Familljen- an Integratiounsministère, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social Déifferdeng fir d'Organisatioun an de Finanzement vun den Aktivitéite vum Office social, huet sech par rapport zum leschte Joer weider näischt geännert.

Dat heescht d'Dispositiounen an déi finanziell Ënnerstëtzung bleiwen d'selwecht. À voir d'Entwécklung vun der Covidsituatioun 2022 a wat eisen neie Kolleeg, den Omikron, nach weider bréngt. Wéi an ob d'Situatioun vun de Clienten och fir 2022 d'selwecht bleift!

Den Office social brauch a kritt Sue fir ze funktionéieren. De Ministère an d'Gemeng droen de Finanzement zu gläiche Partien: 50/50 à charge. Dës gëllt och bei engem Joresdefizitt. D'finanziell Avancë ginn trimestriell iwwerwisen: Januar, Abrëll, Juli an Oktober.

Duerch déi allgemeng Präisdeierecht hu mir eng Inflatioun, haaptsächlech wat d'Haushalter ugeet, déi net an esou enger gudder finanzieller Situatioun sinn. All Client gëtt weiderhin op Rendez-vous ugeholl. Et gëtt sech de Proze-

*jetons du conseil d'administration et l'aide distribuée aux nécessiteux.*
*L'office social a droit à une assistante sociale pour 6000 habitants. Actuellement, il compte six assistantes sociales et trois postes administratifs.*
*L'office social est dirigé par un conseil d'administration composé de cinq personnes disposant d'un mandat de six ans.*
*L'office social coopère avec myenergy afin d'aider les personnes en situation de précarité à remplacer les appareils électriques énergivores. Ils ont droit à deux appareils électriques par an. La subvention se monte à 75 % par appareil électrique avec un plafond à 750 €. Il est important que les gens en profitent, car le prix de l'électricité explose en ce moment. Prendre de mesures pour économiser l'énergie soulage les portefeuilles.*
*Robert Mangen remercie l'office social et son conseil d'administration pour le travail qu'ils réalisent. Il demande au conseil communal d'approuver la convention.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *souhaite une bonne année à tous les Differdangeois.*
*Les écologistes soutiennent la convention entre l'État, la commune et l'office social.*
*Nicole Wohl remercie tous les intervenants.*
*Elle regrette que l'office social soit nécessaire. Il faudrait réaliser un travail préventif et résoudre les problèmes autrement.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que la convention entre le ministère de la Famille et de l'Intégration, la commune de Differdange et l'office social n'a pas changé par rapport à l'année dernière. Les dispositions et le soutien financier restent les mêmes. Il reste à voir comment évoluera la COVID-19 et Omicron en 2022.*
*L'office social a besoin d'argent pour fonctionner. Le ministère et la commune se partagent les frais, y compris en cas de déficit. Les avances sont versées quatre fois par an en janvier, avril, juillet et octobre. À cause de l'inflation, la situation financière des ménages est moins bonne que d'habitude.*

*Les démocrates approuveront la convention portant sur l'office social et remercient le personnel pour son engagement.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *s'associe aux remerciements au nom du LSAP et les adresse à la fois au personnel et au conseil d'administration.*
*Certes, il vaudrait mieux ne pas avoir besoin d'un office social. Mais la situation est toute autre et Pierre Hobscheit est content que l'office social fonctionne bien. Le soutien qu'il apporte à certaines personnes est important et même essentiel.*
*Pierre Hobscheit remercie à nouveau l'office social. Le LSAP approuvera la convention.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il approuvera la convention portant sur l'office social. Mais c'est une goutte dans l'océan. Au Luxembourg et à Differdange, la pauvreté est gérée, mais pas supprimée. Elle ne fait qu'augmenter sans que l'on prenne les mesures pour lutter.*
*Des initiatives dans les domaines du travail et du logement sont nécessaires afin de réduire de manière systématique la pauvreté. Mais rien n'est fait.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à des contrats de bail portant sur les jardins appartenant à la commune et qu'elle met à disposition de particuliers à travers des conventions.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il est question de sept contrats identiques. Juste le nom de la personne change.*

duren ugepasst. Esou gëtt keen am Stach gelooss.

D'Demokratesch Partei stëmmt dëser Konventioun zou vum Office social. A seet deem ganze Staff vum Office social e grousse Merci fir hiert Engagement. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der LSAP wëll ech mech all de Mercien, déi elo hei schonn ausgeschwat goufen, uschléissen. Souwuel e Merci un d'Mataarbechter wéi un d'Membere vum Conseil d'administration, déi dofir suergen, dass eisen Office social funktionéiert.

Grad gouf gesot: „Besser wier, mir bräichte keen Office social". D'Situatioun ass awer leider eng aner. Mir kënne frou sinn, en Office social ze hunn, dee gutt fonctionéiert. An dee fir d'Leit do ass. D'Leeschtungen, déi den Office social ubitt an d'Ënnerstëtzung, déi en de Leit gëtt, déi drop ugewise sinn, ass ganz wichteg a fir verschidde Leit essentiell.

Duerfir ass et gutt, dass mer en Office social hunn, deen all Dag eng exzellent Aarbecht mécht. Vun dëser Plaz aus e grousse Merci dofir. D'LSAP stëmmt dëser Konventioun selbstverständlech zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Den Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wäert ech dëser Konventioun iwwert d'Sozialamt zoustëmmen.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass et nëmmen eng Drëps op e waarme Steen ass. Dass am Fong d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg an zu Déifferdeng just verwalt gëtt. Se gëtt awer net besäitegt. An et muss ee feststellen, dass d'Aarmut ëmmer méi zouhëlt. Ouni dass déi néideg Moossname geholl géife ginn, fir eppes dergéint ze maachen.

Besonnesch wär et noutwendeg an de Beräicher Aarbecht a Wunnengsbau Initiativen ze ergräifen, déi dozou féiere géifen, dass d'Aarmut systematesch kéint ofgebaut ginn. Wat awer net de Fall ass. D'Resultat ass dann eeben, dass se ëmmer méi grouss gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre l'État du Grand-duché de Luxembourg, la Ville de Differdange et l'office social pour l'exercice 2022.*

Villmools merci. De Punkt 4g iwwersprange mer – wéi mer et am Ufank vun dëser Gemengerotssëtzung decidéiert an driwwer ofgestëmmt hunn. Mir wäerten zu engem spéideren Zäitpunkt op dee Punkt zréckkommen.

Da komme mer zum Punkt 4). Do geet et ëm Contrat-de-baile vun de Gäert, déi der Gemeng gehéieren an déi mer de Leit mat der Konventioun zur Verfügung stellen. Fir dëse Punkt géif ech d'Wuert der Madamm Pregno ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Et geet hei ëm ganzer siwe Kontrakter fir Gäert. Se sinn all d'selwecht. Just d'Persoun ännert allkéiers, mat där de Kontrakt gemaach ginn ass.

Déi Gäert befanne sech an der Rue de la Chiers, adjacent un de Parc de la Chiers um Fousbann.

Déi Utilisateuren, déi an de respektive Kontrakter agedroe sinn, sinn déi nämmlecht, déi se haut schonn utiliséieren. Et war eebe just esou, dass bis elo kee Kontrakt existéiert huet. Heimat ass dat elo en bonne et due forme ëmgesat ginn.

De Kontrakt enthält 27 Klauselen a Konditiounen. Ënner anerem steet dran, dass een de Gaart muss ënnerhalen, dass ee responsabel ass fir d'Hygiène, dass een en och just dierf als Gaart benotzen, eng ganz Rei Baute respektiv makadamiséieren net erlaabt ass, et däerf ee keng Beem ofhaen, wann der drop stinn. An och fir eis ganz wichteg: kee Benotze vu jeegleche Chemikalie respektiv Pestiziden.

De Kontrakt gëllt ëmmer fir ee Joer, fir den Euro symbolique an et gëtt eng Reconduction tacite gemaach vun engem Joer op dat anert.

Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Mir kommen direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail pour des exploitations jardinières à Differdange.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 5). Do geet et ëm d'Augmentatioun vum Taux vun der Allocation de solidarité par rapport zu der Allocation de vie chère, déi vum Staat ausbezuelt gëtt. D'Allocation de solidarité bezilt d'Gemeng jo aus. Heifir géif ech dem Här Mangen d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi Der richteg gesot hutt, passe mir ons Allocation de solidarité säit zwee Joer un d'Allocation de vie chère vum Staat un. Fir dëst Joer huet de Staat seng Allocatioun ëm 30 % erhéicht. Op dee Montant, deen elo vun hinnen ausbezuelt gëtt, schloe mir vir, datt mir 50 % vun deem Montant als Allocation de solidarité ausbezuelen.

Dat wär, zum Beispill, fir eng Persoun e Plus vun 826 Euro pro Joer. A fir e Stot mat véier Persounen 1.445 Euro.

Als Rappell: D'Demandë kënnen d'ganzt Joer ugefrot ginn. Soubal een hei zu Déifferdeng ugemellt ass, huet een d'Recht op eng Allocation de solidarité.

D'Demandë kënne souwuel iwwert de Gemengesite, d'Stadhaus wéi dem Office social ugefrot ginn. D'Leit mussen eng Kopie vum Bréif vum Staat bäileeën, wou si d'Allocation de vie chère zegutt hunn an e Relevé vun hirer Bank. Dat sinn déi zwee Dokumenter, déi se mat musse liwweren zu hirer Demande.

Wéi och richteg festgestallt ginn ass an der Finanzkommissioun – a mir haten dat jo virdrun och schonn ugeschwat: D'finanziell Hëllef ass ee Volet, deen aneren ass och, deene Leit ze hëllefen, fir ze spueren. Grad an dëser Zäit, mat den Energiekäschten, dem Waasserverbrauch, dem Offall. All déi Präisser, déi an d'Luucht ginn. Datt een hinne Rotschléi mat op de Wee gëtt, wéi se alldeeglech e bëssen Ekonomië maache kënnen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Et géif mech freeën, wann Der Är Zoustëmmung géift ginn zu dëser Erhéijung.

Vläicht nach eng kleng Bemierkung: Wa sech sollt erausstellen, am Laf vum Joer, dass et net sollt duergoen, vu datt d'Präisser an d'Luucht schloen, da géife mer op ons Propos zréckkommen an d'Allocation de solidarité upassen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Hobscheit, wannechgelift.

(Ënnerbriechung)

*Les jardins se trouvent dans la rue de la Chiers à côté du parc de la Chiers. Les usagers restent les mêmes, mais jusqu'à présent il n'existait pas de contrats. La situation est régularisée.*
*Le contrat comprend 27 clauses et conditions. Les jardins doivent être entretenus. Les mesures d'hygiène doivent être respectées. Les jardins ne peuvent pas être macadamisés et certaines constructions y sont interdites. On ne peut pas non plus couper des arbres sur ces parcelles et l'utilisation de pesticides est interdite.*
*Le contrat porte sur un an et le loyer se monte à un euro symbolique. Une reconduction tacite est prévue.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une augmentation du taux de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère nationale.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que la commune base l'allocation de solidarité sur l'allocation de vie chère de l'État. Cette année, l'État a augmenté son allocation de 30 %. Le collège échevinal propose de fixer l'allocation de solidarité à 50 % de l'allocation de vie chère.*
*Cela représente un plus de 826 € par an pour une personne et de 1445 € pour quatre personnes.*
*L'allocation de solidarité peut être demandée tout au long de l'année. Elle est accessible à toute personne résidant à Differdange.*
*Les demandes peuvent être faites sur le site de la commune ou auprès de l'office social. Les gens doivent remettre une copie de la lettre de l'État et un relevé bancaire.*
*Il y a donc d'un côté l'aide financière et de l'autre une forme de soutien permettant aux gens de faire des économies. Il ne faut pas oublier que les prix de l'énergie, de l'eau et de la gestion des déchets augmentent. Il faut donner des conseils aux gens pour qu'ils puissent faire des économies.*
*Robert Mangen demande au conseil communal d'approuver l'augmentation de l'allocation. Il faudra évaluer l'augmentation en*

*cours d'année pour voir si elle est suffisante.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *répète que l'allocation de solidarité est couplée à l'allocation de vie chère. La Ville de Differdange verse 50 % de la prime de l'État.*
*Les écologistes ont demandé dans une motion l'augmentation du taux à cause des prix de l'énergie. Ils approuveront ce point.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *annonce que les socialistes approuveront également ce point.*
*Quelque chose dérange cependant la commission des finances. L'allocation communale est associée à celle de l'État. Or il semblerait que les demandeurs ne soient pas au courant de l'existence de l'allocation de solidarité. Apparemment, un quart des personnes demandant l'allocation de vie chère ne s'adressent pas ensuite à la commune. C'est regrettable. Elles ont le droit à cette prime, mais si elles ne la demandent pas, elles ne peuvent pas la recevoir.*
*La commune doit veiller à ce que tous ceux qui y ont droit touchent l'allocation de solidarité. Pierre Hobscheit sait que les échanges de données sont compliqués à cause de la protection des données. Il faut donc voir comment s'assurer que ceux qui reçoivent l'allocation de vie chère reçoivent toutes les informations. Cela est d'autant plus important que la Ville de Differdange verse une prime à hauteur de 50 % de la prime de l'État. Il faudrait en discuter avec les instances étatiques.*
*Les socialistes approuveront l'adaptation de l'allocation.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *annonce que les démocrates approuveront également l'adaptation de l'allocation de solidarité, qui est fixée à 50 % de l'allocation de vie chère.*
*Elle demande si cette part sera indexée.*

Dir sidd en Gentleman. Dat heescht, Dir loosst der Madamm Wohl de Virtrëtt. Dann d'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech wëll nach eemol drop opmierksam maachen, dass d'Allocation de solidarité un d'Allocation de vie chère vum Staat gebonnen ass. Déi muss een also virdrun ufroen. Den Här Mangen huet et scho gesot: D'Gemeng gëtt nach eemol 50 % vun der Primm vum Staat.

Ech erënneren drun, dass mer am Oktober an enger Motioun gefrot hunn, dass de Prozentsaz an d'Luucht gesat sollt ginn. Besonnesch, well mer aktuell Energiepräisser hunn, déi an d'Luucht schnellen.

Déi gréng stëmmen dësem Punkt zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit. Da wier et elo un Iech.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mir stëmmen dat do ganz gär mat, well mer et vum Prinzip hier eng gutt Saach fannen.

Mir haten an der Finanzkommissioun eng Diskussioun – eppes, wat mech e bësse stéiert, wou mer musse kucken, dat an de Grëff ze kréien. Et ass jo hei gesot ginn, dass d'Allocatioun vun der Gemeng un d'Allocatioun vum Staat gekoppelt ass. An et schéngt esou ze sinn, dass vill Leit, wa se d'Allocatioun vum Staat kréien, net wëssen, dass se och nach e Recht hunn, eppes vun der Gemeng ze kréien.

Et war rieds gaangen an der Finanzkommissioun vun engem Véierel vun de Leit, déi d'Allocation de vie chère vum Staat kréien, awer d'Allocation de solidarité bei der Gemeng net ufroen. Dat ass natierlech bedauerlech. Well d'Leit hunn dat jo zegutt. Si hunn e Recht drop. Warscheinlech géifen déi Suen hinnen och hëllefen. Si froe se awer net un. A wat een net ufreet, dat kann een natierlech dann och net kréien.

Do muss ee kucken, wéi ee kann derfir suergen, dass wierklech all Mënsch, deen d'Allocatioun vum Staat kritt, Bescheed weess, dass en dann och eppes vun der Gemeng zegutt huet.

Ech weess, den Austausch oder d'Weidergi vun Donnéeën ass ëmmer relativ kompliźéiert, well vill Wäert op den Dateschutz geluecht gëtt. Wat jo och richteg ass. An awer mengen ech, muss ee sech iwwerleeën, wéi een derfir suerge kann, dass e Bierger vun Déifferdeng, deen d'Allocation de vie chère beim Staat ufreet a kritt, un d'Informatioun ka kommen: Hei, du hues och d'Allocation de solidarité vun denger Gemeng zegutt.

D'Autant plus, wa mer op de Wee ginn, dass mer 50 % vun deem Montant, deen ee vum Staat kritt, och als Gemeng wëlle bäiginn, mengen ech, wier et ëmsou méi wichteg, Weeër fannen, dass déi Informatioun och wierklech bei de concernéierte Leit ukënnt.

Do misst ee sech vläicht eng Kéier mat de staatlechen Instanzen zesummesetzen an iwwerleeën, wat et do vu Weeër gëtt. Well dat wier awer am Sënn vun deene concernéierte Leit.

Fir de Rescht droe mir dat hei vum Prinzip hier natierlech mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Demokratesch Partei gëtt e positiven Avis op d'Erhéijung vun der Allocation de solidarité fir d'Joer 2022. An esou d'Quote-part vun der Gemeng op 50 % ze fixéiere vum Betrag, deen den Demandeur vun der Allocation de vie chère vum Staat kritt.

Niewebäi wëll ech froen, well ech dat vergiess hunn: Gëtt dës Part indexéiert, wéi virun enger Zäitche gefrot ginn ass oder gëtt se nach net indexéiert?

Mir sinn der Meenung, dass d'Erhéijung vum Taux wëllkomm ass, fir Matbierger a Famillje mat schwaacher finanzieller Situatioun ze ënnerstëtzen.

Mir schléissen eis dem Avis vun der Finanzkommissioun un, dass sech, bedéngt duerch den Drock vun der allgemenger Präisdeierecht – d'Explosioun vun de Präisser beim Gas, dem Mazout, dem Bensinn, dem Bau am Moment, dem Holzbau, mat enger ganz héijer Präisdeierecht, plus dee ganze Liewensënnerhalt vun de Leit – d'Situatioun vun den Déifferdenger Haushalter nach weider verschlechtert.

D'Allocation de solidarité kann no dësem Vott am Gemengerot d'ganzt Joer iwwer ugefrot ginn a vun de Leit sënnvoll an hiren Ausgaben ageplangt ginn.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Den Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Als Vertrieder vun déi Lénk droen ech dat heiten natierlech och absolutt gäre mat. Ech fannen et absolutt begréissenswäert, dass mer als Stad Déifferdeng 50 % dropleeën op dat, wat d'Beneficiairë vum Staat kréien als Deierungszoulag.

Dat ass wichteg an der Hisiicht vun enger anerer Kris. Virdrun hate mer jo vu multipele Krise geschwat. Elo rutsche mer an eng Inflatiounskris eran, wou alles méi deier gëtt: d'Energiepräisser, d'Baukäschten. Et ass schonn e puermol gesot ginn.

De Grond, firwat alles méi deier gëtt, ass, dass jorelaang, joerzéngtelaang alles vill ze vill bëlleg war. An elo gi mer iergendwou rattrapéiert doduerch, dass mer joerzéngtelaang d'Präisser artificiell niddreg gehalen hunn. Elo explodéiere se.

An elo fänke mer esou lues un, déi richteg Präisser ze bezuele fir munch Matière première. Well eeben ze wéineg bezuelt gouf fir munch Saachen. A well och extern Käschten, wéi zum Beispill den Impakt op d'Ëmwelt, bis elo net mat an d'Präisser gefloss sinn.

A mat all de Pactes climat, déi mer gestëmmt hunn, kënnt dat ëmmer méi op, dass déi extern Käschten och matagerechent ginn. An et wäert net méi bëlleg ginn déi nächst Joren. D'selwecht mam Logement. Dee gëtt och net méi bëlleg. Dee gëtt ëmmer méi deier. Dat heescht, all Su, dee mer als ëffentlech Hand de Beneficiairen, deenen et finanziell manner gutt geet, zousätzlech ginn, ass menger Meenung no gutt investéiert Geld.

Et ass wichteg, wéi et och am Avis vun der Finanzkommissioun steet, dass jiddwereen an de Genoss vun där Hëllef kënnt. Dat heescht, dass mer Efforte maachen, dass jiddwereen, deen Urecht huet op dës Bäihëllef huet, Bescheed weess, se ufreet a se och kritt. Dass mer dee Véierel vun de Leit, déi se d'lescht Joer net ugefrot hunn, och nach erreechen.

Ech fannen et och interessant, wa mer bei der Energie sinn, net nëmmen déi klammend Energiepräisser ofzefiedere mat dëser Erhéijung, mee dass een och an déi Richtung geet, fir um Niveau vum Verbrauch vun der Energie anzewierke mat Sensibiliséierungscampagnen.

Spannend an och wichteg, dat ass, dass den Urban Living dëst Joer benotzt gëtt, fir op déi Thematik opmierksam ze maachen. Energeetesch Sanéierungen, wéi ee richteg hëtzt a lëft, déi ganz Saachen. Et ass d'Iddi, fir dat méi praktesch ze gestalten.

An den Här Mangen huet et och gesot, dass mer effektiv am Laf vum Joer, wa mer gesinn, dass et net duergeet, roueg sollten e puer Su noschéissen, fir déi heiten Allocatioun och kënne bis Enn dëses Joers auszebezuelen.

Als Vertrieder vun déi Lénk stëmmen ech deem heite gären zou. Merci.

*Elle estime que l'augmentation est la bienvenue pour aider les familles dans le besoin. Comme le signale la commission des finances, la situation des ménages differdangeois va empirer à cause de l'augmentation des prix du gaz, du mazout, de l'essence, des matériaux de construction…*
*L'allocation peut être demandée tout au long de l'année.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *approuvera lui aussi ce point. Il salue le fait que la Ville de Differdange verse 50 % de l'allocation de vie chère aux bénéficiaires.*
*Tout à l'heure, il était question de la multiplicité des crises. Ici, il est question d'inflation et d'une augmentation généralisée des prix. La raison en est que pendant des décennies, tout coutait trop peu. Les prix qui ont été maintenus artificiellement bas explosent désormais.*
*Le moment est venu de payer le vrai prix pour les matières premières.*
*Jusqu'à présent, l'impact sur l'environnement, par exemple, n'était pas comptabilisé. Mais avec les différents Pactes climat, ce n'est plus possible. Les prix vont continuer à augmenter — y compris ceux du logement. C'est pourquoi chaque euro versé aux personnes dans le besoin est bien investi.*
*Comme l'a dit la commission des finances, tous ceux qui ont droit à l'allocation doivent la recevoir. Il reste du pain sur la planche pour atteindre les personnes n'ayant pas fait de demande l'année dernière.*
*Eric Weirich apprécie le fait que l'on ne se limite pas à compenser l'augmentation des prix de l'énergie financièrement, mais que l'on essaie aussi de sensibiliser les gens à la consommation énergétique. Urban Living va d'ailleurs avoir comme sujet cette année l'assainissement énergétique, le chauffage…*
*En plus, monsieur Mangen a expliqué que si l'augmentation de l'allocation de solidarité ne suffisait pas, elle serait adaptée ultérieurement.*
*Déi Lénk approuvera ce point.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue à son tour la hausse de l'allocation de solidarité destinée aux gens dans le besoin.*
*Le cout de la vie a augmenté. Une directive européenne oblige la Ville de Differdange à adapter le prix de l'eau. Cela signifie que les dépenses vont augmenter pour tout le monde, car il s'agit de produits nécessaires. Il est donc important que la commune augmente l'allocation de solidarité.*
*Jerry Hartung revient sur les efforts à faire pour prévenir tous ceux ayant droit à la prime. Entretemps, les démarches peuvent être faites en ligne. Il faut faire en sorte que jusqu'au dernier client potentiel en soit averti.*
*Les chrétiens sociaux approuveront l'adaptation.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *va également approuver l'augmentation de l'allocation de solidarité.*
*Il est content que le conseil communal discute d'un sujet cher aux communistes. Il s'agit d'aider les gens dans le besoin.*
*Cependant, il faut signaler que cette augmentation sera dépensée rapidement. Le 13 janvier 2021, un litre de mazout coutait 0,52 €. Aujourd'hui, il coute 0,84 €. Pour 500 l, l'augmentation est de 150 €.*
*Ali Ruckert ajoute que les aliments ont augmenté, tout comme la taxe sur le $CO_2$, qui n'a pas été incluse dans l'indice.*
*Les gens gagnant peu doivent payer plus d'impôts alors que le gouvernement avait promis de ne pas les augmenter, car le tableau d'imposition n'a pas été adapté à l'inflation. C'est pourquoi l'allocation de solidarité de la commune est nécessaire, même si elle ne permet pas aux gens de se sortir de la misère. Il serait temps que le gouvernement augmente le salaire minimum et la retraite minimum. Cela permettrait de réduire les allocations.*
*Par ailleurs, les prix de l'énergie ne frappent pas seulement les gens aux revenus faibles, mais aussi ceux avec des revenus plus confortables. La solution consisterait donc à les plafonner. Or le gouvernement, formé du LSAP, du DP et de déi gréng, refuse catégoriquement de le faire. Ces partis participent par consé-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Den Här Hartung. An dann den Här Ruckert.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Als Déifferdenger CSV begréisse mer dës Hausse vun der Allocation de solidarité fir eis Bierger, déi a finanzielle prekäre Situatioune liewen. Et ass scho ganz vill gesot ginn, wat mer och esou kënnen ënnersträichen.

An de leschte Méint si fir jiddwereen d'Liewenskäschten, ënner anerem duerch d'Energiepräisser, extreem eropgaang. Dozou kënnt, dass eng europäesch Direktiv d'Stad Déifferdeng verflicht, d'Taxereglement vum Waasser demnächst no uewen unzepassen. Alles dat bedeit fir jiddwereen onweigerlech Méiausgaben op Saachen, déi een awer am Alldag brauch, wourop een net einfach ka verzichten.

A grad fir déi, déi scho bis elo kaum iwwert d'Ronne koumen, ass déi Méibelaaschtung fir dës liewensnoutwendeg alldeeglech Saachen immens schwéier ze stäipen.

Dofir ass et wichteg, datt mer als Gemeng deementspriechend handelen an d'Allocation de solidarité eropsetzen.

Et ass vill iwwert d'Efforte geschwat ginn, wou mer solle kucken, datt mer wierklech alleguerten d'Leit erreechen, déi dës Allocatioun zegutt hunn. An deem Sënn ass an de leschten zwee Joer vill geschitt. Mëttlerweil kann alles online ugefrot ginn. Wat jo och méi clientsfrëndlech ass. Mee natierlech soll ee kucken, datt d'Informatioun wierklech bis beim Leschten, deen d'Solidaritéitsbäihëllef zegutt huet, ukënnt.

D'CSV Déifferdeng stëmmt dëser Erhéijung zou. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wäert ech dëser Erhéijung vun der Solidaritéitszoulag zoustëmmen.

Ech si frou, dass dat en Theema ass an der Tëschenzäit, wat d'Kommunistesch Partei virun zwee Joer ugestouss huet hei am Gemengerot. Fir dass et och deene Leit, déi ganz wéineg hunn, e bësse besser geet.

Ech wëll drop hiweisen, dass eng Erhéijung vun der Solidaritéitsbäihëllef séier opgebraucht ass. Dat muss een awer och soen.

Wann ee kuckt, wéi sech verschidde Präisser entwéckelen. Virun engem Joer, den 13. Januar 2021 huet ee Liter Heizueleg 0,52 Euro kascht. An de 15. Januar 2022 0,84 Euro. Dat heescht, wann ee säi Mazoutstank fëllt, da muss een, wann ee 500 Liter tankt, 150 Euro méi op den Dësch bliederen. Dat heescht, dann ass schonn e gudden Deel opgebraucht.

An et ass jo net nëmmen de Mazout, dee méi deier ginn ass. Vill Liewensmëttel si méi deier ginn, d'$CO_2$-Steier ass erhéicht ginn. Wou den Index zousätzlech manipuléiert ginn ass, well se net an de Wuerekuerf vum Index stoe komm ass. Dat heescht, do ginn d'Leit nach eng Kéier bestrooft.

An da muss een drun erënneren, dass ganz vill Leit, och déi, déi net vill verdéngen, méi Steiere musse bezuelen. Obschonn d'Regierung ugekënnegt hat, si géife keng Steiererhéijunge maachen. Si mussen trotzdeem méi Steiere bezuelen, well d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst gëtt. Dat ass natierlech eng ganz grouss Belaaschtung.

Dofir geet esou eng Solidaritéitssteier, déi d'Gemeng mécht, déi ganz gutt ass, déi awer, wéi gesot, deene Leit net hëlleft, ganz wäit aus dem Misär erauszekommen, net duer.

Vill éischter wär et noutwendeg – an dofir ass awer elo d'Gemeng net zoustänneg, mee d'Regierung an d'Chamber –, dass d'Mindestrent emol seriö misst erhéicht ginn, dass de Mindest-

lount misst erhéicht ginn. Da bräicht ee manner Solidaritéitsbäitrag ze leeschten.

Et géifen och nach ganz aner Méiglechkeete ginn. Wann d'Energiepräisser esou um Klamme sinn, dat belaascht jo net nëmmen déi Leit mat engem klengen Akommes, dat belaascht och déi Leit mat engem normalen oder mat engem mëttleren Akommes. Déi Energiepräisser misste gedeckelt ginn.

Mee do weigert sech d'Regierung an déi Parteien, déi an där Regierung sinn. D'LSAP, d'DP an déi gréng, déi weigere sech resolutt, d'Energiepräisser ze deckelen. An domat droe se automatesch derzou bäi, dass d'Aarmut zu Lëtzebuerg méi grouss gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'augmenter le taux/pourcentage de l'allocation de solidarité communale par rapport à l'allocation de vie chère allouée par l'État.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 5), Règlements temporaires de circulation. Ech ginn der Madamm Pregno d'Wuert.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Dës Kéier sinn et der eng ganz Rei. Ech hu se net all eenzel gezielt. Dir gesitt, d'Dokument ass relativ grouss. Ech si frou ze gesinn, dass bei deene meeschten e Plang dobäi ass. Sou ass et méi einfach nozevollzéien, wéi d'Reglement opgesat ass. Dofir e Merci un de Service Mobilitéit, mat deem neie Mataarbechter, dee sech doriëms gekëmmert huet.

An de Reglementer fannt Der eng ganz Rei Saachen: Steeën, Aarbechten, Renovatiounsaarbechten, Bennen. Dës Kéier och Bennen op Busarrêten, wou mer carrément dee ganze Busarrêt mussen deplacéieren. Engersäits zu Uewerkuer. Mir hunn awer och missen zu Nidderkuer e Busarrêt deplacéieren, well do Aarbechte vu Ponts et Chaussées och gemaach ginn, also am Péitengerwee, déi scho relativ laang undaueren.

Et gëtt eng Rei Reglementer, déi eis schonn e bësse méi laang begleeden: D'Reglement vum Chantier um Bock, wou eng ganz Rei Stroossen am Quartier betraff sinn. D'Reglement vum Quartier Belair, wou Stroosse frësch gemaach ginn, wou bis Abrëll den ieweschten Deel gespaart ass an deementspriechend am Metzkimmert en double sens erop- an erofgefuer gëtt, fir den Deel vum Belair ze desservéieren. D'Reglement am Mathendahl ronderëm d'Schoul, wou ënner anerem méi e geséchert Schoulwee soll hikommen. Wat awer nach ëmmer schwiereg ass, well do muss ugeliwwert ginn, souwuel op de Chantier wéi an d'Kiche vun der Schoul. Och ass deels gespaart.

An e Reglement, wat all Joer am Januar erëmkënnt, dat ass dat Reglement, wat fir de Maart gëllt, deen all Donneschdeg Mëtten zu Déifferdeng am Zentrum stattfënnt. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Meng éischt Fro, déi ass scho beäntwert gi vun der Madamm Pregno. Dass mer en neien Employé hunn, deen déi Texter dann opsetzt.

Et ass mer opgefall un der Zuel vun de 24 Reglementer – dat ass jo schonn net wéineg –, dass eng nei Fieder do war, fir déi opzestellen. Deem een awer ka felicitéieren, well dat ass alles konform zum Code de la route.

Wat awer och wichteg ass, dat ass net nëmmen, dass d'Texter konform sinn zum Code de la route, grad esou wichteg ass d'Kontroll um Terrain, déi soll gemaach ginn: am Ufank, wärend an zum Schluss vun de Chantieren. Dat ass ganz wichteg. Dat a Relatioun mat der

*quent à la hausse de la pauvreté au Luxembourg.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements temporaires de circulation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ne les a pas comptés, mais le dossier est volumineux. La plupart des règlements comportent des plans pour en faciliter la compréhension. Laura Pregno remercie le nouveau collaborateur du service de la mobilité, qui s'en est occupé.*
*Dans les documents figurent des échafaudages, des travaux de rénovation, des bennes ou des déplacements d'arrêts de bus — notamment à Niederkorn et à Oberkorn.*
*Le règlement du chantier du Bock concerne de nombreuses rues. Dans le quartier Belair, la partie supérieure de la rue est fermée à la circulation. Autour de l'école du Mathendahl, il s'agit d'aménager un chemin sécurisé, mais c'est difficile à cause du chantier et des livraisons.*
*Le règlement concernant le marché hebdomadaire est approuvé, quant à lui, tous les janviers.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répète qu'un nouvel employé s'occupe de préparer les documents. Il s'en était aperçu en lisant les règlements. Il le félicite, car tous les règlements sont conformes au Code de la route.*

*Mais cela ne suffit pas. Il faut aussi effectuer des contrôles au début, pendant et à la fin des chantiers en relation avec la signalisation, l'éclairage et les détours. Un des nouveaux agents municipaux pourrait éventuellement s'en charger.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *donne raison à monsieur Altmeisch. Hier, elle a demandé à son équipe d'effectuer des contrôles. En effet, il y a eu quelques insatisfactions récemment avec des entrepreneurs mettant en place des passages pour les piétons comme bon leur semble.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a une question concernant le nettoyage des routes jouxtant les grands chantiers, mais il ne sait pas si cela concerne la mobilité ou le service des bâtisses. Les camions roulent dans la boue plusieurs jours de suite et personne ne nettoie. Il faut intervenir.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que Differdange compte beaucoup de chantiers. Mais si les gens ont des problèmes, ils peuvent contacter la commune, qui interviendra.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une loi du 5 février 2021 stipulant que la Ville de Differdange doit disposer d'un délégué communal aux transports publics. Le conseil communal doit le désigner ainsi que son suppléant.*
*Le délégué constitue le lien entre l'administration communale et le ministère des Transports publics. Il doit informer le ministère de toute déviation, modification…*

Beschëlderung, mat der Beliichtung a mat den Ëmweeër, déi eis Foussgänger heiansdo musse goen.

Eng Kontroll, déi da vu Leit, déi mer weider astellen, kéint gemaach ginn. Respektiv vun deenen dräi Agents municipaux, déi mer astellen, vläicht kéint dat eng Kéier an d'A gefaasst ginn. Wat jo zum Virdeel vun eise Leit a vun eise Foussgänger wier.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech hoffen, dass mer dat esou ëmgesat kréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn Iech do vollkomme Recht, Här Altmeisch. Net méi spéit wéi gëschter hunn ech der Ekipp eraginn, si missten onbedéngt kontrolléiere goen, virun allem, wat déi grouss Chantiere punkto Entrepreneuren ugeet. Well mer do an der Lescht e puer Saachen haten, wou Foussiwwergäng awer wierklech immens schlecht waren a wou aus dem Büro gesot ginn ass, wéi et misst gemaach ginn an den Entrepreneur sech dat einfach ausgeluecht huet, wéi et hien dann arrangéiert huet.

An ech fannen, dat si Saachen, déi ginn net. Also do sinn ech ganz mat Iech d'accord. Dat ass gëschter esou erausgaange vu menger Säit. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hunn eng kleng Zousazfro, Madamm Pregno. Ech weess elo net, wie sech ëm de Stroossendéngscht këmmert. Betrëfft dat d'Bauten, de Verkéier? Wa mer grouss Chantieren hunn, wéi um Bock, wéi an der Woiwerstrooss an esou, misst een awer och kucken – ech weess, datt mer de Rappell ëmmer musse maachen, datt do gebotzt gëtt. Do gëtt net gebotzt. Do fuere Camionen duerch de Bulli zwee, dräi Deeg an et fiert keng Kiermaschinn. Dann huet een op eemol 10 cm Bulli. Do misst wéinstens awer gekuckt ginn, wa se Buedem ofdroen, datt déi Stroossen awer dann duerno gebotzt ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, ech erlabe mer, Iech ze äntwerten. Wann et e Problem gëtt – well mer jo awer wierklech vill Chantieren an der Gemeng hunn, kenne mer de Problem –, d'Leit brauche sech nëmmen op der Gemeng ze mellen, da kënnt een.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

A!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken duerno. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Merci. De Punkt 6, dat ass éischter eng Formalitéit. Et geet ëm e Gesetz vum 5. Februar 2021, wou am Artikel 12 steet, dass mer en Délégué communal aux transports publics brauchen. Genau wéi säi Suppleant, also säin Ersatz. An dee muss vum Gemengerot designéiert ginn. Deen Délégué, dat ass dann d'Jarnéier an der Kollaboratioun souwuel mat der Gemengenadministratioun wéi mat dem Ministère des transports publics. Fir si iwwer alles – Dir hutt et ganz kloer do stoen –, wat den Transport public ubelaangt, Deviatiounen, Modifikatiounen, Autobuslinnen, au courant ze halen.

Ech wëll Iech formell driwwer informéieren, dass de Schäfferot den Här Paulo De Sousa als Délégué communal

aux transports publics designéiert huet an als Suppleant d'Madamm Laura Pregno. Dat, well ab den 22. Mäerz wäert d'Madamm Laura Pregno am Schäfferot duerch den Här Paulo De Sousa ersat ginn. A fir weider Erklärungen, géif ech dann d'Wuert un d'Madamm Pregno selwer ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. D'Erklärung ass: Mir erwaarden nach eng Kéier. Mir kréien nach ee klengt Meedche Mëtt Mee. Soudass domadder d'Famill sech completéiert.

Genau wéi déi éischte Kéier, wëll ech op mäi Congé de maternité an och op mäi Congé parental zréckgräifen, well ech dat eng wonnerbar Zäit fannen. An och fannen, dass een als Politikerin wéi och als Politiker kënnen déi Chance ze hunn, och eng gewëssen Zäit fir seng Kanner do ze sinn. Ech si ganz frou an houfreg kënnen ze soen, dass d'Fraktioun vun de Gréngen et mer erméiglecht, mech kënnen zréckzezéien eng Zäitchen. An ech deementspriechend déi Zäit, dës Kéier da vum Paulo De Sousa, ersat wäert ginn.

Ech hoffen, dass dat heibannen dann awer och déi néideg Ënnerstëtzung fënnt. Déi éischte Kéier war dat jo mol de Fall. Mäerz 2023 wäert ech dann als Schäffen zréck sinn. De Paulo mécht den Ersatz. Ausnamsweis wäert ech awer Mee/Juni als Conseillère am Gemengerot sëtzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Tipptopp. Da géife mer elo zum Vott kommen, wannechgelift.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner un délégué communal aux transports publics ainsi que son suppléant.*

Villmools merci. Da si mer scho bei Changements vun de Kommissiounen. Do deelen déi gréng eis mat, dass d'Madamm Stéphanie Scaccia an der Kannerkommissioun duerch den Här Mike Marnach ersat wäert ginn. An dass den Här Michael Soares an der Jugendkommissioun duerch den Här Antoine Kosoko wäert ersat ginn. An ech bieden Iech hei drëm, dat zur Kenntnis ze huelen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Villmools merci.

D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just drop opmierksam maachen, dass mer och wat de President ubelaangt, do e Changement hunn, an der Kannerkommissioun. Ech duecht, et wär vläicht gutt, dat hei matzedeelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, dat huele mer an enger nächster mat.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Okay. Gutt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Domadder wäre mer mat eiser Séance publique fäerdeg. Ech soen Iech villmools Merci an och deene Leit, déi dobaussen nolauschteren. Mir géifen dann elo an d'Séance non-publique iwwergoen. Eis Video-Leit kënnen nolauschteren. Dir dierft just net matofstëmmen. Villmools merci.

*Le collège échevinal a désigné monsieur De Sousa comme délégué communal et madame Pregno comme suppléante. En effet, madame Pregno sera remplacée par monsieur De Sousa à partir du 22 mars.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *annonce qu'elle attend une petite fille et que sa famille va donc se compléter. Elle aura recours au congé de maternité et au congé parental. Elle se dit contente et fière du fait que les écologistes lui permettent de prendre du temps pour sa famille. Elle sera remplacée par monsieur De Sousa.*
*Laura Pregno espère que le conseil communal soutiendra sa décision. Elle fera son retour en mars 2023.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux commissions. Déi gréng remplacent madame Stéphanie Scaccia par monsieur Mike Marnach au sein de la commission des enfants. Monsieur Antoine Kosoko remplace monsieur Michael Soares au sein de la commission de la jeunesse.*
*(Vote)*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *signale que le président de la commission des enfants va aussi changer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il en sera question dans une autre séance.*
*Elle clôture la séance publique et*

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 9 FÉVRIER 2023

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin remplaçant (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
Serge Goffinet (LSAP)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Nicole Wohl

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Débat d'actualité public portant sur la sécurité sur le territoire de la ville en général et tout particulièrement sur la situation dans le parc Gerlache et les rues adjacentes à Differdange suivi des décisions qui s'imposent.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance d'urgence concernant la sécurité à Differdange et dans le parc. Il s'agit de deux sujets différents. Il en a été question en long et en large dans la presse après que la commune a décidé de ne pas renouveler le contrat à la société de sécurité privée le 31 décembre 2021.*

*Les articles de la presse ne correspondent que partiellement à la réalité. C'est pourquoi la Ville de Differdange a sorti un communiqué de presse rappelant sa stratégie quant à la sécurité.*

*Les conseillers communaux savent ce qui est arrivé lundi dernier devant un des établissements. Tout le monde a vu ce qui est arrivé à la police. Le jour suivant, un appel à témoins a été lancé concernant un autre incident.*

*Le collège échevinal est choqué. Les images ont dépeint la situation actuelle dans le parc Gerlache. Christiane Brassel-Rausch tient toutefois à préciser que même si on parle du parc, le vrai problème se situe dans deux rues autour du parc.*

*Car dans le parc, il n'y a pas de problèmes. La bourgmestre se souvient que l'été dernier, le parc était plein par beau temps. Elle mentionne à nouveau deux rues autour du parc et certains établissements.*

*Le parc Gerlache représentait le centre de Differdange et il reste un point stratégique. Les transports en commun, par exemple, sont drainés vers le parc. C'est pourquoi il faut veiller à ce que les scènes vues récemment à cet endroit ne se reproduisent pas.*

*Pour le collège échevinal, chaque parti politique doit prendre ses responsabilités. L'objectif de ce débat est de revenir sur ce que le collège échevinal a entrepris et de décider ensemble comment agir à l'avenir. Il faut définir la direction dans laquelle la commune souhaite s'engager pour soutenir la population. Car c'est la raison pour laquelle le conseil communal est là.*

*Christiane Brassel-Rausch demande aux conseillers si elle doit énumérer les mesures prises par le collège échevinal ou s'ils préfèrent passer directement aux questions.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien. Dir Dammen an Dir Hären, léif Pressevertrieder, déi mat hei am Sall sëtzen, ech begréissen Iech haut zu eisem Drénglechkeetsgemengerot, dee mer geduecht hunn anzeberuffen, fir iwwert d'Securitéit zu Déifferdeng am Allgemengen an awer och an eisem Park ze schwätzen. Ech denken, dat sinn zwee verschidden Theemen.

Et ass eng Diskussioun, déi u sech ëffentlech ginn ass, an duerch d'Press och en long et en large gaangen ass, nodeems mir de Kontrakt mat der Privatfirma opgehuewen hunn op den 31. Dezember 2021.

No deene ganze Presseartikelen, déi deelweis der Wourecht entspriechen, deelweis net esou dat erëmginn, wéi et a Wierklechkeet ass, ass e ganze Communiqué de presse un d'Presseleit erausgaangen, wat d'Strategie par rapport zur Securitéit ugeet. Déi matgе deelt ginn ass.

De Fin mot war dann elo leschte Méindeg, wou Der alleguer gesi konnt, wat virun engem gewëssenen Etablissement geschitt ass. Wou mer gesinn hunn, wat mat der Police geschitt ass. Wou d'Saach ganz visuell a ganz plakativ duergestallt ginn ass. A wou net vill Wierder brauche verluer ze ginn.

Dozou kënnt, dass deen Dag drop en Zeienopruff gemaach ginn ass wéinst engem Virfall, deen e puer Deeg virdru war, genee op där nämmlechter Plaz.

Dat si Biller, déi hunn eis als Schäfferot, also mech op alle Fall, extreem erschüttert. Si hu ganz kloer gewisen, wéi d'Situatioun am Moment am Park ass. Mee mir soen ëmmer „de Park", ech wëll awer ganz kloer soen, dass am Park kee Problem ass. De Problem ass an enger Strooss respektiv an zwou Stroosse ronderëm dem Park. Fir dat ganz kloer ze soen.

Well am Park selwer, virun allem, wa schéint Wieder ass, ass dagsiwwer kee Problem. Do sinn owes Pensionären, déi am Park ronderëm ginn, uewen um Parvis, Kanner mat hiren Elteren, déi do spillen, a souguer Studenten, déi do leien an hir Mëttespaus maachen.

D'lescht Joer, zum Beispill, ëm d'Mëttegstonn, wéi et esou schéi war, war de Park voll. Mir hunn Holz op d'Trape gemaach, fir dass d'Leit besser sëtze kënnen. Dagsiwwer ass am Park kee Problem. Also mir schwätze ganz kloer, fir mech, vun de Stroosse ronderëm dem Park, mat deenen Etablissementer ronderëm dem Park. Dat ass de Problem.

Firwat ass dee Park esou wichteg fir eis? Et war emol en Zentrum. Wéi jidderee matkritt, ass den Zentrum a Beweegung hei zu Déifferdeng, duerch déi vill Bauten, déi geschéien. An de Park ass an deem Sënn e ganz wichtege Punkt, well et e strateegesche Punkt ass, virun allem, wat d'Mobilitéit ugeet. Dat heescht: Mir drainéieren den ëffentlechen Transport am Moment nach ëmmer laanscht de Park, duerch déi Stroossen. Dofir ass de Park wéi och déi Stroossen esou wichteg, dass et do ass, an dass keng esou Zeene méi virkommen, wéi se elo virkomm sinn.

Wat ass d'Zil vun dësem Gemengerot? De Schäfferot ass der Meenung, dass mer als Parteien alleguerten eng Responsabilitéit hunn, egal op wéi enger Säit mer sëtzen. D'Zil ass, herno zum Schluss, no den Diskussiounen, wou mer gäre bereet sinn, Iech Ried an Äntwert ze stoen, Iech ze soen, wat mir als Gemeng alles gemaach hunn an zesummen ze kucken, op wéi ee gemeinsame strateegesche Wee mer kënne goen.

Wou mer soen: Do wëllt d'Gemeng hin, an dat wëlle mer maachen an dat ënnerstëtze mer am Sënn vun eise Bierger. Well mir sinn och dofir zoustänneg, fir d'Sécherheet vun eise Bierger ze garantéieren. An dat ass de Sënn an Zweck, firwat mer elo hei sëtzen.

Ech kann Iech elo schonn opzielen, wat mir als Gemeng alles gemaach hunn. Mir kënnen awer och direkt zu de Froen iwwergoen. Ech denken, ech ginn Iech direkt d'Wuert. An ech probéieren, au fur et à mesure, sou gutt et geet, drop ze äntwerten. Wann Der domat averstane sidd. An ech géif drëm bieden, nom Modus Oppositioun-Majoritéit ze verfueren. Villmools merci.

Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech hätt fir d'éischt e puer Froen ze stellen, ier ech eng Stellungnam dozou huele kann. Ech wëll jo och héieren, wat de Schäfferot dozou ze soen huet.

Wann een iwwer esou ee Sécherheetsproblem schwätzt, an et sicht een no Léisungen, da muss een d'Situatioun um Terrain ganz genee kennen. Da geet et net duer, dass een déi Situatioun vum „Hörensagen" kennt, net aus der Zeitung kennt, och vläicht net vu Poliziste kënnt, déi jo nëmmen d'Situatioun kennen, wann erëm eppes schifgelaf ass, mee wéi déi normal Situatioun do ass.

An do wär ech drun interesséiert ze wëssen, ob de Schäfferot déi Situatioun kennt an ob en eis kann do Detailer ginn, firwat dat esou funktionéiert, wéi dat funktionéiert.

Dofir meng Froen. Do sinn eng Rei Jugendlecher, déi Problemer maachen. Wat sinn dat fir Jugendlecher? Hutt Der doriwwer Informatiounen? Aus wat fir soziale Verhältnisser kommen déi? Sinn et Leit, déi schaffe ginn oder si se aarbechtslos? Komme se vun Déifferdeng oder handelt et sech vläicht ëm eng Band, déi sech hei zu Déifferdeng constituéiert huet, sou wéi et eng Band zu Esch an der Tëschenzäit gëtt? Sinn et Drogeverkeefer? Sinn et besonnesch vill Leit aus enger bestëmmter Communautéit? An ëm wéi vill Leit handelt et sech? Kënnt der mer op all déi Froen eng Äntwert ginn?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Zum Deel, Här Ruckert. Ëm wéi vill Leit et sech elo konkreet handelt – ech hu se net gezielt. Eng genee Zuel kann Iech net ginn. Mee d'Phenomeen, wat dat Ganzt jo am Fong esou tangibel mécht, dat sinn d'Rassemblementer. Dat heescht: Et sinn der vill! An dat ass dat, wat de Leit Angscht mécht. Dat heescht souwuel an der Adolphe Krieps an den Trape wéi virun deem gewëssenen Etablissement si vill Leit.

Ech weess net, ob et der 50 oder 100 sinn. Dat kann ech Iech net soen. Dat ass dat eent, wat beandrockend ass, wann Der do laanscht gitt.

Ech kann Iech soen, dass ech d'Situatioun um Terrain kennen. An ech behaapten dat och!

Dofir hunn ech Iech virdru gesot, moies an dagsiwwer ass ronderëm dee Park kee Problem. Mat de Pensionéierten, mat de FamilLen. Wa schéint Wieder ass och net. De Problem fänkt u mëttes, haaptsächlech, an et geet bis an d'Nuecht eran. Iwwer eng Auer eraus. Wat Angscht mécht, sinn d'Rassemblementer. Wouriwwer mer nach guer net geschwat hunn, dat ass d'Belästegung vum Kaméidi. Doriwwer ass elo nach guer net geschwat ginn. D'Gejäiz. D'Gebierels. Wat de Radio ugeet. Wat d'Musek ugeet.

Firwat d'Situatioun esou ass? Do stellt Der, mengen ech, elo d'Fro un dat Falscht. Well zënter ech dëst Mandat ugetrueden hunn, kënnt Der meng Kolleegen am Schäfferot froen, war d'Situatioun ronderëm de Park fir mech ëmmer e ganz grousst Uleies.

Ech hoffen, dass dat och vu menge Kolleegen esou gesi gëtt, an dass mer mat alle Mëttele probéiert hunn, oder op d'mannst all Hiewel a Beweegung gesat hunn, wat mir als Gemeng dogéint kënne maachen.

Gëtt et Drogeproblemer? Jo. Et gëtt Drogeproblemer. Et gëtt gedealt, et gëtt verkaf. Mir hunn d'Saach jo och nach schéin einfach gemaach, mat där Diffbus-Spur, déi mer amenagéiert hu mam Elektreschen. Esou kënne se nämlech do schéi mam Auto bäifueren, parken, et sichegoen an erëm fortfueren. Wëll ech Iech just soen. Op den Ecken, an der Strooss, jo, gëtt gedealt.

Iwwregens koum et zum Polizeiasaz, well een um Policebüro ugeruff huet a gesot huet, datt en Zeie wär vun engem Deal. Dat war méindes. Dat war den Haaptgrond. Doropshi si se dohinnergaangen. An de Rescht kennt Der jo, wéi d'Situatioun ausgeaart ass.

Wie sinn déi Jonk? Den Här Aguiar wäert duerno vläicht eppes dozou soen. Déi Jonk, dat si ganz heterogeen Gruppen. Engersäits gëtt et der, déi dealen. Déi domat hir Sue maachen. Déi hiert Geschäft maachen. Et gëtt awer och

**ALI RUCKERT (KPL)** *souhaite poser quelques questions avant de prendre position. Il veut connaitre l'avis du collège échevinal. De toute façon, pour trouver des solutions, il faut d'abord connaitre précisément la situation sur le terrain. En entendre parler, le lire dans les journaux ou le voir à la télévision ne suffit pas.*
*Le collège échevinal a-t-il une idée précise de la situation ? Peut-il fournir des détails au conseil communal ? Sait-il qui sont les jeunes qui créent des problèmes ? De quel milieu social viennent-ils ? Ont-ils un travail ? S'agit-il d'une bande differdangeoise ? Vendent-ils de la drogue ? Proviennent-ils d'une communauté spécifique ? De combien de personnes est-il question ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne peut pas avancer un chiffre précis. Mais les rassemblements rendent le phénomène tangible. Il y en a beaucoup et cela fait peur aux riverains. La bourgmestre mentionne la rue Adolphe-Krieps et un établissement.*
*Elle connait bien la situation. Elle répète qu'en journée, le parc est tranquille. Il y a des retraités et des familles. Mais la nuit, les rassemblements font peur. Le bruit, les hurlements, la radio et la musique sont aussi gênants.*
*Christiane Brassel-Rausch pense que ce n'est pas à elle d'expliquer la situation actuelle, car depuis qu'elle est bourgmestre, elle a fait de la situation autour du parc une priorité. Elle espère que ses collègues voient les choses de la même façon. La commune fait tout ce qu'elle peut.*
*Il existe effectivement un problème lié à la drogue. La voie pour le Diffbus facilite la vie aux personnes concernées, car elles peuvent se garer, acheter de la drogue et repartir. La dernière intervention de la police concernait d'ailleurs justement une affaire de drogue. Comme les conseillers communaux le savent, la situation a dégénéré.*
*Monsieur Aguiar pourra peut-être fournir des explications quant aux jeunes. Mais le groupe est hétérogène. Il y a les revendeurs de drogue faisant leurs affaires. Mais il*

*y a aussi des jeunes qui passent leur temps dans la rue faute de mieux.*
*Il ne faut pas oublier non plus que la situation est exacerbée par le confinement. Il ne s'agit pas d'excuser certains comportements, mais de nuancer les propos. Tout le monde n'est pas mauvais et le travail des éducateurs de rue le prouve. Le collège échevinal a eu de longues discussions avec eux et la bourgmestre peut leur demander des chiffres concrets.*
*Elle ne sait pas si les jeunes en question sont au chômage, mais elle le suppose, car à 16 h, ils sont assis dans le parc.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répète qu'un travail social est organisé autour du parc. Les éducateurs de rue et Outreach Youthwork rencontrent régulièrement les jeunes, qui forment un groupe hétérogène. Cependant, la majorité d'entre eux rencontre des problèmes sociaux, familiaux, scolaires, professionnels… Les travailleurs sociaux ont donc du pain sur la planche. Le collège échevinal va aussi organiser des ateliers dans le cadre de la place aux jeunes.*
*Comme l'a dit la bourgmestre, il faut distinguer les trafiquants de drogue et les jeunes oisifs. Cela rend la situation complexe.*
*Paulo Aguiar répète que les maisons des jeunes réalisent un travail important. Il rappelle que les maisons des jeunes sont très fréquentées.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *répète que pour prendre des mesures, il faut d'abord connaitre la situation sur le terrain. Or la bourgmestre vient d'avouer qu'elle ne sait pas tout. Le minimum est pourtant de savoir à qui on a affaire. Quelle est leur situation sociale ? Travaillent-ils ? Ont-ils une famille ? Sont-ils de Differdange ? Ce sont des choses à savoir pour pouvoir réagir.*
*Ali Ruckert ne fait pas de reproches à la bourgmestre. Il souhaite simplement prendre les mesures adéquates. Or le collège échevinal ne semble pas connaitre la situation. Comment veut-il réagir correctement ?*

Jonker, déi einfach do sëtzen, well se näischt ze dinn hunn.

Mir däerfen awer och net vergiessen – dat hunn ech och schonn an engem Interview gesot –, mir hunn eng extreem Situatioun zënter zwee Joer. Tëschent Confinement an Aspären. Ech wëll elo kee verteidegen. Mee ech mengen, mir mussen an deem Sënn ganz nuancéiert sinn.

Et sinn net alleguerten „Béiser", déi do sëtzen. Deem si mir eis ganz bewosst. An dat si mer eis ëmsou méi bewosst ginn duerch d'Aarbecht vun eise Streetworker, déi zënter Mee d'lescht Joer amgaang sinn. Mat deene mer laang Gespréicher haten. Wann Der do méi detailléiert Zuele braucht, Dir kritt se gären.

Si se aarbechtslos? Ech kann Iech et net soen. Ech hunn net mat hinne geschwat. Mee wann Der mëttes um 16 Auer do sëtzt – ech weess et net. Et sinn zum Deel Aarbechtsloser. Dat kënne mer och nofroen.

Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Ce que je pourrai ajouter, monsieur Ruckert, c'est qu'il y a un travail social qui est effectivement fait autour du parc. Un travail social très important. Les éducateurs de rue respectivement l'Opsichend Jugendaarbecht font régulièrement des passages, rencontrent les jeunes, comme madame la bourgmestre l'a dit, des groupes hétérogènes.

Mais la plus grande partie, c'est des jeunes qui rencontrent des problèmes sociaux ou familiaux, scolaires, d'emploi, où un travail très intensif avec nos travailleurs sociaux est fait dans ce sens-là.

Nous sommes en train également d'envisager de faire des ateliers avec ces jeunes, dans le cadre de notre place aux jeunes — que nous présenterons bientôt au conseil communal —, un projet dans lequel les jeunes sont très investis.

Mais comme madame la bourgmestre l'a dit, il existe deux groupes de jeunes. D'un côté, le groupe de jeunes qui fait du trafic. De l'autre côté des jeunes qui se retrouvent autour du parc. Donc deux groupes qui se retrouvent dans un seul endroit. Ce qui rend la situation problématique.

Mais encore une fois, je souhaite rappeler qu'un travail social très intensif est fait dans le cadre de l'Opsichend Jugendaarbecht des maisons des jeunes. Et à ne pas oublier que dans les maisons des jeunes il y a une fréquentation très grande de jeunes pour lesquels les éducateurs s'investissent énormément.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Ruckert, hunn ech op Är Froe geäntwert oder bleift nach eng?

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech hunn déi Froe gestallt, well d'Viraussetzung, fir déi richteg Moossnamen ze huelen, ass, dass een d'Situatioun um Terrain kennt. Et ass net, fir mat Kanounen op Spatzen ze schéissen. Dofir wär dat wichteg. An Dir sot elo, verschidde Saache wéisst Der net. Mee et muss ee jo awer wëssen, ëm wat fir Leit et sech handelt. Aus wat fir enger sozialer Situatioun komme se? Firwat lande se do all Dag? Gi se net schaffen? Hu se keng Famill? Komme se aus anere Stied, net aus Déifferdeng, komme se vun enzwousch anescht hier? Dat si jo awer Saachen, déi muss ee wëssen, fir richteg reagéieren ze kënnen.

Dofir hunn ech déi Froe gestallt. Net fir iergendengem e Virworf ze maachen, mee einfach fir ze kucken: Kenne mer déi Situatioun, wéi se richteg do ass, fir kënnen adequat Moossnamen ze huelen.

An elo muss ech awer feststellen, mer kenne se net esou. Oder de Schäfferot kennt se net esou. Dat wär awer dann eng Aufgab, déi wichteg wär, dass dat geschitt, fir kënne richteg ze reagéieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, ech hunn Iech elo just gesot, ech kenne se wierklech vum Terrain. An ech kenne se laang, d'Situatioun! Wann Dir elo gäre konkreet Chifferen hätt, wäerten d'Mataarbechter vum Projet Streetwork a vun Outreach Youthwork Iech déi genau Chiffere ginn.

Entschëllegt mech, wann ech Iech elo net ka soen, esou vill sinn der do an esou vill sinn an där Situatioun. Si hu Kontakter mat de Leit, wat den Här Aguiar gesot huet. A si hu vill Kontakter mat de Leit gehat.

Sinn et nëmme Leit vun Déifferdeng? Do kann Iech soen: Nee. Dat war emol an der Zäit esou, dat huet mëttlerweil geännert.

Wann ech Iech elo net all Zuel prezis kann op den Dësch leeën, sinn ech awer gäre bereet, Iech se ze ginn. Si sinn do.

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären aus dem Gemengerot, elo dann e klengen Aworf vun der Demokratescher Partei.

Dat Theema hei beschäftegt eis jo schonn eng Zäitchen. An et fänkt elo un, aus dem Rudder ze lafen an onhaltbar ze ginn. Doriwwer si mer eis eens. Virun allem am ale Stadkär, notamment, et ass gesot ginn, ronderëm de Parc Gerlache. Awer och op aneren nei amenagéierte Plaze wéi um Fousbann op der Place des Alliés.

Dass een net ëmmer ka kanaliséieren, wou Leit mat Sucht- oder Gewaltpotenzial oder anere Problemfäll sech ophalen, ass novollzéibar. Et misst ee Jonke Méiglechkeete ginn, sech ze treffen, sech auszetoben an och emol ze feieren, am Rame vum Gesetz natierlech. Esou Plaze feelen hei zu Déifferdeng.

Elo läit d'Kand am Pëtz. Natierlech däerfe mer dat net einfach esou hinhuelen. A mir däerfen och net toleréieren, dass sougenannten Drogentouriste massiv am Déifferdenger Zentrum afalen. Do spillt d'Linneféierung vun de Busser duerch den Zentrum eng Roll.

Wéi konnt et sou wäit kommen? Ma wa mer zwee an halleft Joer brauchen, fir d'Beliichtung an a ronderëm de Park ze verbesseren, wéi mer dat scho jorelaang hei fuerderen, da gesinn ech awer schwaarz.

Projete wéi Streetwork an Outreach Youthwork sinn eng kleng Etapp, wäerten de Problem awer net léisen. Mir mussen d'Installatioun vu Kameraen am ëffentleche Raum op problematesche Plaze konsequent weiderdreiwen, net schleefe loossen an op d'Autorisatioun pochen.

Mir proposéieren, d'Sécherheetsfirma erëm ze engagéieren, bis dat neit Policegebai steet a bis deen néidegen Effectif u Poliziste fir Déifferdeng affektéiert ass.

Och proposéiere mer, momentan eis Agents municipaux méi staark am Zentrum ze regruppéieren, fir Presenz ze weisen, fir quasi „Patrull ze goen".

Mir mussen eis Gedanke maachen, wéi ech virdru gesot hunn, wou mer kënne Plaze schafen, wou Jonker sech kënnen am Rame vum Gesetz austoben.

Mir begréissen déi Kontrollinterventioun vun der Police d'lescht Woch, mengen en Donneschdeg, am sougenannte Quartier chaud. Dat muss konsequent weidergedriwwe ginn, fir ze weisen, wien Här a Meeschter ass.

Schlussendlech musse mer genau analyséieren an am A behalen, wat déi Lokaler an deem Quartier maachen. All Dag sti Leit mat Alkohol an Droge virun hiren Etablissementer. Deem musse mer géigesteiere mat alle Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn.

Sou wäit, bis elo mol, vun eis. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Erlaabt mer, direkt op eppes hinzeweisen. Ech sinn elo gutt zwee an halleft Joer am Amt. Fir dann ze soen, mir hätten zwee an halleft Joer gebraucht, fir dee Park nei ze beliichten,

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rétorque qu'elle connait la situation sur le terrain depuis longtemps. Mais pour les chiffres détaillés, elle devra s'adresser aux éducateurs de rue et à Outreach Youthwork. La bourgmestre s'excuse de ne pas pouvoir dire à monsieur Ruckert combien de jeunes se trouvent dans telle ou telle situation. Mais ce sont les éducateurs, qui sont en contact avec ces gens.*
*Il ne s'agit plus uniquement de Differdangeois comme dans le passé.*
*Christiane Brassel-Rausch fournira tous les chiffres à monsieur Ruckert s'il le souhaite.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *signale que le problème n'est pas nouveau, mais qu'il s'amplifie — surtout dans le centre-ville autour du parc Gerlache, mais aussi sur la place des Alliés au Fousbann.*
*Bien entendu, on ne peut pas toujours décider où les toxicomanes et les personnes violentes passent leur temps. Mais il faut proposer aux jeunes des endroits où s'amuser et se défouler.*
*En attendant, la commune doit réagir. Elle ne peut pas laisser qu'un tourisme de la drogue se mette en place à Differdange.*
*Mais s'il faut des années pour améliorer l'éclairage dans le parc, François Meisch voit noir.*
*L'éducation de rue et Outreach Youthwork ne peuvent pas résoudre les problèmes. Il faut installer des caméras de vidéosurveillance. Les démocrates demandent au collège échevinal de revenir sur sa décision concernant la société de sécurité privée jusqu'à ce que Differdange dispose du nombre d'agents de police nécessaire. Les agents municipaux doivent être regroupés dans le centre. Il est nécessaire d'aménager des endroits pour les jeunes.*
*François Meisch salue l'intervention de la police dans le quartier chaud. Il faut continuer sur cette voie.*
*Tous les jours, des personnes droguées ou alcoolisées se trouvent devant certains établissements. Il faut intervenir.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *réplique que l'éclairage a été instal-*

*lé dans le parc, les escaliers et près des murs il y a plus d'un an. Il ne manque plus que l'éclairage de la rue du Chemin-de-Fer, mais il a été commandé. Une analyse de la rue Adolphe-Krieps a aussi été effectuée pour savoir quel type d'éclairage est adapté.*
*Le plan local de sécurité prévoit une présence accrue des agents municipaux dans le centre-ville. Mais il y a un problème. Le plan local de sécurité est réalisé par les acteurs sociaux differdangeois, mais aussi par la police, la brigade des drogues, les douanes… Mais ce sont les agents municipaux qui se trouvent sur le terrain. Or ils ont une fonction répressive et ne sont pas vus comme des interlocuteurs par la population. Dès qu'ils ont renforcé leur présence dans le centre, les gens ont supposé qu'ils allaient verbaliser davantage encore les automobilistes. Christiane Brassel-Rausch n'est pas sure que ces fonctions répressives puissent aller de pair avec leur mission consistant à être proches des citoyens. Mais cette question sera traitée dans le plan local de sécurité.*
*Monsieur Aguiar a parlé de la place aux jeunes.*
*La bourgmestre revient sur les propos de monsieur Meisch. Elle doute que ce soit à la commune de contrôler les cafés. Il est temps que les brasseries prennent leurs responsabilités quand elles louent leurs locaux. Christiane Brassel-Rausch vient d'une famille de commerçants. Jadis, on disait que le cafetier avait la clientèle qu'il méritait et qu'il avait des responsabilités. Aujourd'hui, ce n'est plus le cas apparemment.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *salue la tenue de cette séance du conseil communal. Il était important d'aborder ce sujet, dont il est tellement question sur la place publique. Il s'agit de débattre, de chercher des solutions et d'éclairer les problèmes.*
*Georges Liesch regrette que dernièrement, les articles dans la presse soient tous négatifs au sujet du parc. Differdange a d'autres choses à proposer que le parc Gerlache et tout n'est pas négatif.*

dat muss ech awer formell contestéieren. Déi Beliichtung steet. Mir sinn zu dräi Schäffe mat Leit vum Service technique nuets duerch de Park gaangen, fir ze kucken, wéi déi Beliichtung ass. D'Trape sinn nei beliicht ginn, d'Mauere sinn nei beliicht ginn. Wat am Devis scho steet. Dat ass elo méi rezent. Also do distanzéieren ech mech formell. Déi Beliichtung steet elo schonn op d'mannst ee Joer, wat de Park ugeet.

Wat elo nach dobäikënnt, wat awer och schonn an der Commande ass, dat ass d'Beliichtung vun der Rue du Chemin de Fer. Wat e grousse Problem ass. Doriwwer hu mer nach guer net geschwat, den Urbanismus ëm déi Plazen alleguerten. Do huet nach kee Mënsch dovunner geschwat. An d'Rue Adolphe Krieps, déi gouf och ënnersicht, wat do vu Beliichtung sech am beschten ergëtt.

D'Agenten am Zentrum, kann ech soen, dat ass am Plan local de sécurité mat ugeduecht. Do besteet awer e ganz grousse Problem. A mir hu keng Äntwert dorobber. Dir wësst, an eisem Plan local de sécurité si souwuel eis sämtlech sozial Ariichtunge wéi d'Police, wéi d'Direction Région Sud-Ouest, wéi d'Drogen, wéi d'Douane, also et ass e grousst Konglomerat.

An d'Fro ass do opgeworf gi vu menger Säit, well ech mer ganz bewosst sinn: Déi, déi wierklech um Terrain sinn an duerch d'Stroosse ginn, dat sinn eis Agents municipaux. Si hunn awer eng repressiv Funktioun. Am November hu mer d'Toure vun den Agente geännert, fir se am Zentrum ze konzentréieren, fir dass se als Uspriechpartner – genau wat Dir do sot – solle fungéieren. Wësst Der, wat de Fin mot vun der Geschicht war? „Elo komme se och nach duebel. Elo kréie mer nach méi Protokoller".

Dat ass elo de Wee, wou mer drop sinn, a wou ech am Plan local de sécurité elo keng eendeiteg a kloer Äntwert kritt hunn: Ass et méiglech, d'Agents municipaux, déi d'office eng repressiv Roll hunn, mat enger bürgernaher, bürgerfreundlicher Missioun ze betreien? An dat ass de Wee, wou mir elo drop sinn. Wou ech awer bis elo nach keng Äntwert hunn.

Mee mir hunn d'Pist schonn ausprobéiert. An déi ass leider no hanne lassgaangen. Do hu mer dat erëm gestoppt a gekuckt: Wéi kënne mer eis aneschters opstellen? Et ass e Sujet am PLS. A mir wäerte weider doriwwer schwätzen, mat den Agenten a mat alle Bedeelegten.

Plaz fir Jonker, huet den Här Aguiar Iech jo gesot.

A wat ech awer hei och soe muss als Buergermeeschtesch – Dir sot, mir musse kucken, wat an deene Lokaler ass. Elo soen ech Iech eppes, Här Meisch: Ass et elo och nach un der Gemeng fir ze kucken, wat an de Lokaler ass? Oer solle mer net vläicht emol d'Brauereien an hir Responsabilitéit huelen, déi hir Lokaler un déi Leit verlounen, a mir si mam Problem ronderëm dem Lokal gehäit.

Ech fannen, do mussen d'Brauereie vill méi an d'Responsabilitéit geholl ginn. Si si jo schliisslech do. A si hunn de Gerant erausgesicht. Fréier war et esou – Dir wësst, ech kommen aus engem Geschäftsliewen. Fréier huet et ëmmer geheescht: De Wiert zillt sech seng Clientèle! An de Wiert ass responsabel fir hei a fir do. Mee dat Gesetz schéngt ganz opgehuewen ze sinn, nodeem wat ech gesinn, wat hei lass ass. À clarifier!

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Virop begréissen ech, oder mir als Gréng, begréissen, dass dëse Gemengerot stattfënnt. Och wann e kuerzfristeg aberuff ginn ass, fanne mer dat eng ganz gutt Iddi, fir iwwert dëst Theema, iwwert dat jo elo scho vill op der Place publique geschwat ginn ass, hei e Gemengerot ze schwätzen. Wou mer iwwert d'Dëscher hei ewech diskutéieren, no Léisunge sichen an de Problem vu verschiddene Säite beliichten. Dat fanne mer e ganz gudden Exercice.

Bedauere maache mer, dass an der leschter Zäit, wéi Dir och scho gesot hutt, an der Press nëmmen negativ iwwer Déifferdeng geschwat gëtt am Zesummenhang mat dem Park. Dat eng zimmlech eesäiteg Duerstellung vun Déifferdeng. Dat bedauere mer zudéifst. Well mir hu méi ze bidde wéi

nëmmen de Parc Gerlache. An och méi ze bidde wéi just déi negativ Säiten.

Perséinlech ginn ech dem Här Ruckert Recht, dass een effektiv vill méi nach muss wëssen iwwert d'Leit. Wéi Dir och gesot hutt: Mat wiem hu mer et do ze dinn Fir dass een do geziilt Mesurë kann huelen.

Ech denken awer, dass de Schäfferot, an Zesummenaarbecht mat der Police a mat eisen Educateuren do eigentlech um Ball ass, fir eebe genau déi Clientèle méi genau ze analyséieren. Well dat ass sécher keng homogeen Clientèle. An Dir hutt et och scho gesot. Et däerf een op jidde Fall hei net alles an een Dëppe geheien. Et gëtt hei verschidde Fluxen, wann een dat esou kann nennen, déi zesummekommen. An et muss ee fir déi eenzel och dann adequat Léisunge fannen.

Et gëtt hei ëmmer vun deene Jonke geschwat. Dat wëll ech net pauschaliséieren. Well et sinn net nëmme Jonker. Et sinn och Erwuessener dobäi. Also mir schwätzen ëmmer vu Jonker. Et mengt een dann, dat wäre Jugendlecher, Mannerjäreger eventuell souguer.

Grad op der Säit vun den Dealer, sinn der dobäi, déi net méi zu deene Jonke kënne gezielt ginn. Déi genau hir Responsabilitéit mussen iwwerhuelen, fir dat, wat se do maachen.

Also ech warnen nach eng Kéier dovir, dat hu mer hei vu jiddwerengem ronderëm den Dësch bis elo héieren, dass mer net alles an een Dëppe geheien. An dass mer net eng Léisung fanne fir deen dote Problem. Dat mengen ech net.

Mir gesinn, dass déi richteg Akzenter gesat ginn. Déi Akzenter, déi mer gesat hunn, bréngen net esou schnell Léisungen, wéi de Problem vläicht entstanen ass.

Mir mengen nach ëmmer, dass déi sozial Aarbecht um Terrain dat Allerwichtegst ass. Dass mat deene Leit geschwat gëtt. Deene Jonken, wéi gesot ginn ass, déi einfach do ronderëm hänken, well se dat flott fannen. Well se et cool fannen, well se soen: Do leeft eppes, also ginn ech als Jonken dohinner. A sech warscheinlech net emol bewosst sinn, wat do alles ass.

De Problem ass, si kommen awer do a Kontakt mat anere Leit, mat engem Milieu, wat mer sécher alleguerten net wëllen. An d'Eltere warscheinlech och net wëllen. Sécher ass mol an der Sozialaarbecht wichteg de Kontakt mat de Jonken. Hinne weisen, wéi eng Veräiner et zu Déifferdeng gëtt, wat fir Jugendhaiser et zu Déifferdeng gëtt. Se iergendwou an eng Struktur bréngen.

Ech si perséinlech nach ëmmer der Meenung, an ech deelen do d'Meenung vum Här Bertinelli, deen dat och schonn e puermol hei gesot huet: E Jonken, deen an engem Veräin strukturéiert ass, huet net déi dote Problemer. Deen huet eng zweet Famill, wann een dat esou kann nennen, an engem Veräin. Dat muss de Wee sinn: iwwert d'Jugendhaiser eis Jugendlech an e Veräin hei zu Déifferdeng kréien.

D'Theema Kameraen. Als Gréng si mir do ganz skeptesch. Mir sinn nach ëmmer der Meenung – an dat, wat Dir hei gesot hutt, bestätegt eis doranner: D'Kamerae sollen als eng absolutt temporär an als punktuell Léisung zum Asaz kommen. A genau wéi Dir et beschriwwen hutt: Kameraen am Park hëllefen eis näischt, wann de Problem ronderëm dem Park ass. Eng Kamera, wa se bis opgehaangen ass, weess muer jiddwereen, wou déi Kamera ass a wat d'Bléckfeld vun där Kamera ass an da stellt ee sech dräi Meter op d'Säit an dann huet déi Kamera null Wierkung. Dat bréngt also absolutt net ganz vill, muss ee soen.

Mir fannen éischter, wat Dir ugeschwat hutt, Madamm Buergermeeschtesch, dass ee muss mat de Brauereie kucken. Mir gesinn och si hei an der Responsabilitéit. Et misst een e Gespréich mat de Brauereien – et si jo méi Brauereien am Spill, et misst ee mat deene Kontakt ophuele, kucken, wat een do ka maachen an eventuell, wann et muss sinn, investéieren an als Gemeng soen: Mir si prett, deen een oder deen anere Café ze kafen, fir do eppes aneschters dann dran ze maachen.

Notamment deen ee Café, deen Dir jo schonn ugeschwat hutt, dat ass jo en historesche Café hei zu Déifferdeng, zu menger Zäit op jidde Fall, wou ee vill flott Stonne verbruecht huet a wou ee sech ka ganz flott Aktivitéite virstellen. Well et och e grousse Raum nach han-

*Monsieur Ruckert a raison de dire qu'il faut plus d'informations au sujet des gens pour prendre des mesures ciblées. Mais le collège échevinal, la police et les éducateurs sont en train de faire cette analyse. Il ne faut pas mettre tout le monde dans le même panier. Des solutions plus personnalisées sont nécessaires.*

*Par ailleurs, Georges Liesch ne pense pas qu'il faille parler de jeunes, car il y a aussi des adultes — notamment du côté des revendeurs de drogue. Ces adultes doivent prendre leurs responsabilités.*

*Georges Liesch exhorte le conseil communal à ne pas faire de généralisations. Il n'existe pas une seule solution au problème. Le collège échevinal a pris les bonnes mesures, mais elles ne peuvent pas porter leurs fruits immédiatement.*

*Les écologistes sont d'avis que le travail social est le plus important. Il faut aller à la rencontre des jeunes qui sont là parce qu'ils trouvent ça cool. Ils veulent être dans le parc parce qu'il s'y passe des choses. Le problème, c'est qu'ils y rencontrent d'autres gens. Les éducateurs de rue doivent leur expliquer qu'il existe des associations, des maisons des jeunes... Comme le dit souvent monsieur Bertinelli, un jeune faisant partie d'une structure n'a pas ces problèmes, car il a une deuxième famille.*

*Les écologistes sont sceptiques quant aux caméras. Elles ne peuvent représenter qu'une solution temporaire. De toute façon, des caméras dans le parc ne servent à rien si le problème se trouve autour du parc. En plus, une fois que les gens savent où elles se trouvent, ils n'ont qu'à se placer trois mètres plus loin.*

*En revanche, il faut discuter avec les brasseries pour qu'elles prennent leurs responsabilités. Le cas échéant, la commune doit être prête à investir et à racheter quelques cafés.*

*Le café dont tout le monde parle est un café historique de Differdange. Georges Liesch se souvient qu'il y a passé de nombreuses heures. L'établissement comporte une grande salle à l'arrière. Ce café mériterait un tout autre avenir que*

*ce qu'il a actuellement. Même si la commune doit faire attention à ses dépenses, Georges Liesch pense que des investissements intelligents sont nécessaires.*
*Quand il était échevin, Georges Liesch a aussi discuté avec la police. À l'époque, le collège échevinal avait décidé de renforcer la présence des agents municipaux dans le parc. Dans ce contexte, il avait proposé à la police d'ouvrir un bureau dans le centre-ville comme Luxembourg-ville l'a fait dans le quartier de la gare. La police a refusé. Pourtant, l'idée reste bonne et il faudrait peut-être la relancer.*
*Le commissariat actuel n'est pas bien situé. C'est pourquoi l'État construit un nouveau bâtiment. Mais en attendant, une petite antenne pourrait fonctionner dans la rue Michel-Rodange. Cela permettrait de calmer les inquiétudes des gens. Cela serait bien plus efficace que des caméras ou plus d'éclairage. Et la police verrait directement ce qui se passe dans le parc. Peu importe que les agents en question fassent leur travail habituel ou qu'ils fassent des rondes. Ce qu'il faut, c'est une présence fixe.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que la commune a mené des entrevues avec toutes les brasseries. Differdange compte un nombre de cafés au-dessus de la moyenne. L'autre problème concerne les chambres de cafés.*
*La bourgmestre constate que malgré tous les établissements, elle ne saurait pas où aller boire.*
*Elle répète qu'elle connait bien la situation et qu'elle peut en parler en bonne conscience. L'établissement dont il est plus particulièrement question était une* place to be *à Differdange. Tout le monde y allait. L'idée du collège échevinal était d'en faire à nouveau un lieu convivial, car il se trouve à un endroit stratégique où passent le Diffbus et le TICE. Quand il fait froid et qu'on attend le bus, on a souvent envie d'aller prendre un thé. Et quand il fait chaud, on prend une bière ou une limonade. Or actuellement, personne ne va dans ces cafés.*
*Le collège échevinal a mené des discussions avec les brasseries. Les né-*

nendru gëtt, wou een e flotte Café kéint draus maachen. Deen eng ganz aner Zukunft kéint kréien, wéi dat wat en elo huet. Grad eeben d'Proximitéit zum Park.

Ech mengen, do sollte mer, och wann eis finanziell Situatioun elo e bëssen ugespaant ass, awer clever investéieren, wa mer déi Méiglechkeet géife kréien.

Ech ka mech erënneren, déi Zäit, wou ech am Schäfferot war, hate mer och schonn Diskussioune mat der Police. Deemools hate mir eng Offer gemaach. Déi ass leider awer net ugeholl ginn. Vläicht kéint een déi erëm eng Kéier opgräifen. Mir haten deemools proposéiert, wéi mer eis Agenten an de Park gesat hunn, notamment aus deem dote Grond, fir eeben eng Presenz vun, ech nenne se mol, uniforméierte Leit ronderëm dem Park ze hunn, hate mer der Police offréiert, fir do e Büro opzemaache vun der Police. Quasi wéi eng kleng Antenn, wéi dat an der Stad an dem Garer Quartier och scho mol gemaach ginn ass.

Ech fannen dat nach ëmmer eng ganz gutt Iddi. Ech mengen, do wäre mer jo als Gemeng sécher bereet, e Lokal iergendwéi ze organiséieren an en adequate Büro do ze offréieren.

Dat géif sécher hëllefen, wa mer do e Büro hätten, eng Antenn. Mir wëssen, dass déi Büroen, wou d'Police am Moment sëtzt, net immens gutt sinn. Dofir gëtt en neit Gebai gebaut. En attendant kéint eng Antenn funktionéieren an der Michel-Rodange-Strooss, woumat mer eng weider Presenz hätten a wou dann direkt gesi géif ginn, wat do alles leeft.

Dat hätt vill méi e groussen Effekt wéi eng Kamera, déi iergendwou opgestallt gëtt oder de Park nach e bësse méi ze beliichten. An ech mengen och, dass dat fir déi Leit ronderëm dem Park, déi do wunnen, e berouegend Gefill wär, wa se wéissten: Do ass e Police-Büro. Do sinn e puer Leit, déi sëtzen do, soit dass déi hir normal Aarbecht maachen an och emol mussen erausfueren, mee dass se eigentlech awer e feste Sëtz do hunn.

Dat wär eng Pist, déi ech dem Schäfferot nach gäre géif mat op de Wee ginn. Fir déi Diskussiounen nach ze féieren. Souwäit mol eis Stellungnam.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Ech kann Iech drop äntwerten, wat mat de Brauereien ass. Do si mer zënter leschte Summer amgaang. Also mat hinnen alleguerten hate mer Entrevuen. Souwuel mat där enger wéi mat där anerer. Ouni Nimm wëllen ze nennen.

Dir wësst, dass mer hei zu Déifferdeng iwwerduerchschnëttlech vill Caféen hunn. A Cafészëmmeren. Dat ass nach en anere Problem! Dee mer och nach ze léisen hunn. Elo schwätze mer awer ausschliisslech vun de Caféen.

De Problem ass: Mir hunn esou vill Caféen, an ech fanne keen, wou ech mäi Kaffi kann drénke goen. Fir et elo ganz plakativ ze soen. Do ass eis d'Iddi komm, virun zwee Joer – an dofir si mer och schonn esou laang amgaang, dofir weess ech, vu wat ech schwätzen, an dofir kann ech Iech och mat guddem Gewësse Ried an Äntwert hei stoen.

Et war eis Iddi – an dat war och iwwregens ee Grond, firwat mer d'Brauereien invitéiert hunn –, wéi Dir et sot, dat Etablissement do, vun deem mer schwätzen, war hei zu Déifferdeng e Place to be. All Mënsch ass dohinnergaangen. An all Mënsch ass gär dohinnergaangen. An do hu mir geduecht, well et strateegesch esou wichteg ass, well den Diffbus fiert, den T.I.C.E. fiert, all Linn fiert do laanscht, fir aus deem Café erëm e Lieu convivial ze maachen.

Dat heescht: Wann ech op e Bus waarden an et ass kal an et reent, da ginn ech en Téi drénken. A wann et waarm ass, ginn ech mer eng Limonad oder e Béier oder wat och ëmmer sichen. Dass Leit dohiginn. Wou Leit sech begéinen. Well d'Leit lafe jo just nach laanscht deen, ouni och nach vum Knascht ze schwätzen, deen op der Strooss läit. Mee d'Leit, et geet jo kee méi an dee Café.

An dofir hu mer probéiert, mat de Brauereien ze schwätzen. Den Här Krecké wäert speider nach dorobber agoen. Mir sinn op deem Wee. A mir kréien do och vläicht en Accord zustanen. Mee dofir bräicht ech Ären Accord, fir op dee Wee kënnen ze goen.

Den Här Krecké wäert eis dat spéider erklären.

De Büro fir d'Police. Kann ech Iech och soen. Mir haten eng Entrevue mat der Police. Mir hunn hinne virgeschloen, an dat ass matgeholl ginn, fir eng Unité mobile an de Park ze setzen. Mir hunn elo net un e Policebüro geduecht, mee un eng Unité mobile. Dat wär e wichtegt Zeeche fir d'Leit hei zu Déifferdeng, dass d'Police am Park ass. A si hunn et matgeholl. Ech hu bis elo awer nach keng Réckmeldung.

Wann dat op Är Froen eng Äntwert ass. Dat mam Büro ass natierlech gutt. Mee ech weess net, wéi d'Police opgestallt ass mat hire Leit. Ech mengen, dat muss ee mat hinne kucken. Mir hunn d'Propositioun gemaach vun enger Unité mobile.

Kameraen ass e Problem deen – entschëllegt, ech sinn amgaangen ze iwwerleeën, well „Zwei Seelen wohnen, ach, in meiner Brust". Wat mer wichteg ass, ganz kloer ze ënnersträiche fir jiddwereen heibannen: Ech sinn elo net prinzipiell géint Kameraen. Well mir ginn alles präis mëttlerweil, ouni dass een eis et freet. Op där anerer Säit muss ee sech awer bewosst sinn, dass d'Kamera just een Deel vun deem Ganzen ass.

(Ënnerbriechung)

An ech widderhuele mech, wann ech soen: London ass vollbehaange mat Kameraen. Dat huet awer net evitéiert, dass Attentater zu London geschitt sinn. Deem musse mer eis ganz bewosst sinn!

Wa se géifen hëllefen ..., prinzipiell sinn ech net dergéint. Mee mir mussen eis ganz kloer bewosst sinn: Et ass net dat Mëttel, wat eis d'Kriminalitéit hei zu Déifferdeng ewechhält. Et ass ee Moyen vu villen. Wann dat kloer ass an de Käpp, da ginn ech gär mat op de Wee vun der Diskussioun.

Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech wëll direkt do unhaken, wat Der elo gesot hutt vun de Kameraen. Kameraen ass dee bëllegsten an dee schlechtste Wee, fir Sécherheetsproblemer ze bekämpfen! Dat muss ee kloer esou soen. Well dat ass d'Realitéit.

Néierens, wou dat massiv gemaach ginn ass, och a Groussstied, ass eng weesentlech Wierksamkeet nogewise ginn. An och d'Delikter sinn net zréckgaangen duerch den Asaz vu Kameraen.

Dat kann also net de Wee sinn, op dee mer ginn. Et sief dann, et schaaft ee sech ganz speziell Kameraen un, déi reagéieren, mat Mikroen zum Beispill, déi wann ee jäizt, sech dann dohinnerdréien, dass een direkt gesäit, ëm wat et geet!

Och esouguer, dass dann d'Auswäertung vill méi einfach ass. Do gëtt et also eng Rei technesch Mëttel, fir dat ze vereinfachen. Mee global mengen ech, ass dat net, wat mir brauchen. Dat ass vläicht eng Symbolpolitik, fir de Leit e subjektiivt Sécherheetsgefill ze vermëttelen. Mee dat huet näischt mat der Realitéit ze dinn.

Ech wollt awer nach am Allgemengen e puer Wuert soen. Wa mer éierlech sinn, da sti mer hei virun de Schierbele vun enger gescheiterter Sozial- an Integratiounspolitik. An domat muss ee sech awer och befaassen. Et ass jo net esou, wéi wann dat e Phenomeen wär, woumat just Déifferdeng geplot wär. Déifferdeng ass eng vun deene gréisste Stied vu Lëtzebuerg. Dofir kënnt dat och méi eriwwer. Déifferdeng ass och eng vun deene Stied zu Lëtzebuerg, wou déi gréisste Sozialproblemer sinn. A wann een do net den Zesummenhang mécht, dann ass ee blann.

Laangfristeg kann et nëmme sinn, d'Leit um soziale Gebitt ze integréieren, och Jonker, sech méi mat deenen ze befaassen. Et ka just an déi Richtung goen, wa mer dee Problem deelweis wëlle geléist kréien. Well an enger Gesellschaft, wou Gewalt alldeeglech ass, an enger Ielebougesellschaft – dat gesinn d'Leit jo –, a wa mer kucken hei zu Déifferdeng, dee Leerstand vun de Geschäfter, deen et do gëtt, do wëssen d'Leit dach och, dass et esou ass an dëser Gesellschaft, dass déi Grouss déi Kleng friessen. Dat hänkt dach alles zesummen. An dat muss een alles analyséieren.

*gociations sont en cours. Christiane Brassel-Rausch a besoin de l'accord du conseil communal pour les poursuivre.*
*Le collège échevinal a proposé à la police de créer une unité mobile dans le parc. Il ne s'agirait donc pas d'un bureau fixe. La police réfléchit à la question.*
*Christiane Brassel-Rausch a des sentiments ambivalents concernant les caméras de surveillance. Elle n'est pas contraire aux caméras par principe. Mais les caméras ne peuvent pas constituer la seule solution.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch rappelle que toutes les caméras de Londres n'ont pas pu empêcher les attentats. Mais si elles peuvent contribuer à améliorer la situation, pourquoi pas. Il s'agit de moyens parmi d'autres de lutter contre la criminalité.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *réplique que les caméras de surveillance sont le moyen le moins cher et le moins bon pour lutter contre l'insécurité. C'est clair. Leur efficacité n'a été démontrée nulle part, même pas dans les grandes villes. La criminalité n'a pas reculé.*
*Pour Ali Ruckert, seules des caméras spéciales enregistrant ponctuellement — par exemple en cas de bruit — seraient acceptables. Il existe aussi des moyens techniques pour faciliter l'exploitation des images. De toute façon, la solution n'est pas bonne, mais elle peut donner un sentiment de sécurité subjectif.*
*En réalité, la Ville de Differdange ramasse les morceaux d'une politique sociale et d'une politique de l'intégration qui ont échoué. Differdange n'est pas la seule commune faisant face à ces difficultés. Mais c'est une des villes les plus grandes du Luxembourg et le phénomène y est amplifié. En revanche, les problèmes sociaux y sont plus importants qu'ailleurs. C'est être aveugle que de ne pas le voir.*
*À long terme, il faut intégrer les gens et les jeunes dans la société. Nous vivons dans une société violente, où l'on joue des coudes, et les nombreux commerces vides à Differdange démontrent que les petits sont mangés par les grands.*

*Un concept urbanistique est aussi nécessaire. Certes, il ne peut être élaboré du jour au lendemain. Mais au moins, il faut essayer. Or les choses n'avancent pas, et pas qu'à Differdange. Même des mesures à court terme ne sont pas prises. Les communistes demandent, par exemple, depuis vingt ans des agents de police dans les quartiers. Car ces agents connaissent les riverains et savent quels problèmes ils rencontrent. Les patrouilles qui circulent de temps en temps ne servent à rien. C'est le gouvernement qui est responsable de la police et il ne fait rien depuis vingt ans.*
*Ali Ruckert demande à la bourgmestre d'en discuter avec le ministre. Des policiers dans les quartiers seraient plus efficaces qu'un commissariat à un kilomètre et quelques patrouilles.*
*Les maisons des jeunes fonctionnent grâce à l'engagement des éducateurs et de la commune. Celle du Fousbann attire beaucoup de monde, d'autres moins. Malheureusement, il n'y en a pas dans le parc du centre. Ne pourrait-on pas utiliser les locaux du café dont on parle tant ?*
*Ali Ruckert signale par ailleurs que les problèmes ont été exagérés ces derniers mois. Differdange a aussi du positif à offrir. Malheureusement, on en parle peu.*
*À long terme, il est nécessaire de combattre les inégalités à la fois sur le plan national et local. C'est-à-dire combattre le sans-abrisme, la pauvreté, la pauvreté des jeunes…*
*La Ville de Differdange doit s'engager davantage. Ali Ruckert constate que toute une série de propositions faites par les communistes dans le passé n'a pas été entendue. Mais il n'est jamais trop tard pour en discuter.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *se trouve dans une position délicate. En tant que représentant de déi Lénk, il aurait tendance à voir les choses comme monsieur Ruckert et à dire que la politique sociale a échoué. Car les jeunes ne passent pas volontairement leurs après-midis dans le parc à boire et à consommer.*
*Mais d'un autre côté, Eric Weirich habite à proximité du parc avec vue sur le bordel et la misère devant*

An da muss een natierlech och sech domat ofginn, en neit urbaant Konzept ze hunn, fir d'Stad méi sécher ze maachen. Och nuets méi sécher ze maachen. Dat sinn alles Saachen, déi kënne mer net vun haut op muer léisen. Mee op d'mannst muss ee sech emol do eruwoen, et muss een op d'mannst Initiativen an déi Richtung ergräifen. Hei schleeft alles. Ech schwätzen do net eleng vun Déifferdeng, dat kann een och vun aneren Uertschafte soen, dass et schleeft.

Hei schleeft och alles punkto kuerzfristege Moossnamen, déi kéinte geholl ginn. D'Kommunistesch Partei fuerdert zënter 20 Joer Quartierspolizisten. Quartierspolizisten hu sech bewäert a ville Stied! D'Polizisten, déi agesat ginn, kennen d'Leit, déi do wunnen an deem Quartier. Se wëssen, wou d'Problemer sinn a kënne sech domat ofginn an esou weider.

Wa keng Quartierspolizisten agesat ginn, wann do heiansdo eng Patrull laanscht kënnt, dat déngt dach näischt. Mir gesinn dat dach un eiser Realitéit zu Déifferdeng, dass dat näischt déngt. An ech mengen, dass net de Schäfferot verantwortlech ass, fir Quartierspolizisten anzesetzen, mee d'Regierung ass verantwortlech. An do gëtt zënter 20 Joer näischt gemaach.

Ech géif Iech awer bieden, Madamm Buergermeeschtesch, nach eng Kéier mam Minister ze schwätzen, fir op dee Wee ze goen, fir Quartierspolizisten hei anzesetzen. Net e Gebai ze maachen, ee Kilometer wäit ewech oder eng Patrull dohinzeschécken an esou weider an esou fort.

A genau esou ass et mat der Jugendaarbecht. Mir hunn e puer Jugendhaiser. Wou de Wëllen do ass vun deene Leit, déi do schaffen, wou de Wëllen do ass vun der Gemeng, fir eppes am Interessi vun der Jugend ze maachen. Elo funktionéieren déi ganz ënnerschiddlech. Mir hunn eent, dat funktionéiert ganz gutt, dat um Fousbann. Déi aner funktionéiere manner gutt.

Mee et gëtt zum Beispill keent am Zentrum beim Park. Wa mer vun deem Café do schwätzen, ma wär dat dann net eng Geleeënheet, do e Jugendtreff ze maachen an do ze versichen, d'Jugendlech ze encadréieren. Dat misst dach méiglech sinn. Dat wär eng Saach, déi mir als Kommunistesch Partei och géifen ënnerstëtzen, wa mer op esou ee Wee géife goen.

Mee nach eng Kéier: Dee Problem, deen elo hei an de leschte Méint méi eropkomm ass an deen och nach, ech géif soen, awer iwwerdriwwen duergestallt gëtt dacks! Dat muss een awer och soen. Well et gëtt jo zu Déifferdeng net nëmmen eng negativ Säit, et gëtt ganz vill positiv Säiten, déi kéint een och emol ervirsträichen, wat awer ganz rar gemaach gëtt.

Mee ech mengen eeben, dass ee muss laangfristeg denken. D'Ongläichheete bekämpfen. Net nëmmen op nationalem Plang, och op lokalem Plang d'Ongläichheete bekämpfen. Eppes géint d'Obdachlosegkeet maachen. Eppes géint d'Aarmut maachen. Géint d'Jugendaarmut, déi et zu Déifferdeng gëtt. Et gëtt eng Panoplie vu Saachen, déi ee kéint ugoen. An do muss sech méi engagéiert ginn.

Ech stelle fest, dass sech do net genuch engagéiert ginn ass. An dass eng Rei Virschléi, déi mir an der Vergaangenheet hei gemaach hunn, zu kengem Zäitpunkt opgegraff gi sinn. Mee et ass jo ni ze spéit! Mer kënne jo driwwer diskutéieren, wat et do nach alles ze maache gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Bei deem heiten Theema hunn ech immens Bauchwéi als Vertrieder vun déi Lénk. Wann ech elo meng politesch Kap undinn, da kommen ech relativ schnell zur Konklusioun, wat den Här Ruckert och grad sot, dass et iergendwou geschélt ass vun enger verfeelter Sozialpolitik. Well ech mengen, jonk Mënsche sëtzen net fräiwëlleg all Dag mëttes an engem Park, ech soen emol 14.00 15.00 Auer, fir ze drénken an aner Saachen ze consomméieren.

Wann ech déi politesch Kap elo ausdinn a meng privat Kap undinn, als Awunner, dee beim Park wunnt, mat Vue op dee ganze Bordell, soen ech elo, an dee Misär, dee mer do virun der Dier hunn, da sinn ech natierlech awer och schwéier genervt. An ech kann och déi Leit verstoen, déi ronderëm de Park wunnen, déi genau esou genervt si vum Kaméidi all Dag, all Mëtteg, ab fréien Nomëtteg bis owes. Souguer, Dir hutt et och gesot, Madamm Buergermeeschtesch, bis an d'Nuecht eran. Am Summer schléift ee jo gär mat der Fënster op. Dat kann ech deelweis am Summer net maachen, well d'ganz Nuecht duerch Kaméidi virun der Dier ass.

Dowéinst sinn ech an zwee gedeelt: Mir kënnen net einfach blöd banal op déi Jonk aschloen. Anerersäits kënne mer déi Situatioun awer net weider toleréieren. Well, ech soen elo, eng zwou Dose jonk Mënschen oder Persounen d'Liewensqualitéit vun Honnerte Leit aschränken, déi ronderëm dee Park wunnen.

Ech sinn och net honnertprozenteg averstane mat Ärer Analys, dass et sech op zwou Stroosse begrenzt. Fir mech ass et och de Park selwer. Virun allem uewen de Parvis, wou se sech versammelen. Do gouf effektiv d'Luucht verbessert. Et goufe Luuchten dobäigesat. Dat hënnert d'Leit awer net dorunner, fir sech do ze treffen, egal zu wéi enger Auerzäit.

Fir mech ass et wierklech och de Park selwer an och méi wéi zwou Stroossen. Et ass och d'Strooss bei mir, wou ech wunnen, d'Rue des Prés, wou se eng Auswäichméiglechkeet hunn, fir net op enger Plaz ze sinn, déi beliicht ass. Also et ass schonn dee ganze Bräich. Net nëmmen zwou Stroossen.

D'Situatioun am Park, wat ech selwer schonn erlieft hunn, wann ee mëttes op enger Bänk sëtzt: Lénks spillen d'Famillje mat de Kanner a riets gëtt gedealt. Also et ass schonn zimmlech frappant mat Momenter. Et sinn net nëmme Jugendlecher, et sinn och erwuesse Persounen, also richteg Dealer, déi do hire Business bedreiwen.

Ech gesinn dat jo selwer all Dag. Et ass carrément Drogentourismus. Auslännesch Placken defiléiere virun eiser Dier, sprangen an dee Bistro an de Park, verkafen an zéien erëm weider. Ech wëll d'Situatioun elo net méi schlëmm duerstellen, wéi se ass, mee et ass awer och net esou harmlos, wéi et vun e puer Vertrieder hei duergestallt gouf.

Ech hunn e puer Froen zur Mobilitéit. Dir hutt gesot, do fiert den TICE, den Diffbus an esou weider an esou fort duerch d'Michel-Rodange-Strooss, mam Busarrêt virun deem ominéise Bistro. Da soen ech mer: Mee wéisou huele mer dann de Bustrafick net do eraus?

Well et ass net nëmmen de Bustrafick, dee vill Leit an den Zentrum zitt op déi Plazen. Et ass och, wéi grad gesot, den Drogentourismus, wou immens vill Autoen defiléieren an et ass och d'Gerenns an där Strooss. Do sinn zwar esou Polleren um Buedem, fir dass ee méi lues fiert, mee dat beandrockt vill Leit awer net. Also do gëtt och elle vill gerannt an där Strooss. An ech soe mer: Ma da kommt, mir maachen déi Strooss carréement zou fir de Verkéier. Ech mengen, et kréich een dat gereegelt, fir doraus eng Zone piétonne ze maachen. De Verkéier ëmzeleeden.

Et gëtt keng Grond, déi dote Strooss weider fir den Trafick opzeloossen. Dat oder méi strikt verkéiersberouegend Mesuren an d'Strooss installéieren, fir dem Gerenns en Enn ze setzen. Well Dir hutt virdrun de Kaméidi erwäänt. Ech si frou, dass Der de Kaméidi ugeschwat hutt, dat Gerenns dat mécht och Kaméidi. Dat si keng banal Autoen. Déi si meeschtens héich getuned an esou weider an esou fort. Déi maachen extra vill Kaméidi. Dat heescht, dat ass och e Problem mat där ganzer Zirkulatioun do an där Strooss.

Et ass oft geschwat gi vun alternative Plazen. Déi Iddi fannen ech net verkéiert. Als Jonken, ech och natierlech, huet ee sech emol dobaussen op Plazen opgehalen, am ëffentleche Raum. Zu menger Zäit ass een elo net onbedéngt an e Stadzentrum gaangen, mee et huet een eng Plaz gesicht, wou een ongestéiert ënner sech konnt sinn an et huet een d'Leit ronderëm net gestéiert. Dat ass hei bei eis zu Déifferdeng anescht. An ech hunn net vum Här Aguiar eraushéieren, ob dat konkreet geet oder net.

*chez lui. Et bien entendu, cela l'énerve. Par conséquent, il comprend les autres riverains qui vivent dans le bruit tous les jours de l'après-midi au soir. En été, Eric Weirich voudrait bien dormir la fenêtre ouverte, mais souvent, ce n'est pas possible.*

*La situation est complexe, car on ne peut pas s'en prendre aux jeunes, mais on ne peut pas non plus tolérer certaines situations. Actuellement, deux douzaines de jeunes pourrissent la vie de quelques centaines d'habitants.*

*Eric Weirich ne pense pas que le problème ne concerne que deux rues. Les gens se rassemblent aussi sur le parvis du parc malgré le fait que l'éclairage ait été amélioré. En plus, ils se rendent aussi dans la rue des Prés, où vit Eric Weirich, car cette rue est moins éclairée. Le problème touche toute la zone.*

*L'après-midi dans le parc, d'un côté, il y a les enfants qui jouent et de l'autre les revendeurs de drogue. Eric Weirich parle de tourisme de la drogue. Des voitures étrangères circulent régulièrement dans cette zone.*

*La bourgmestre a expliqué que le TICE et le Diffbus circulent dans la rue Michel-Rodange. Eric Weirich se demande si c'est vraiment nécessaire. Car en plus des bus, il y a le tourisme de la drogue et la rue est généralement très fréquentée. Pourquoi ne pas fermer la rue au trafic et en faire une zone piétonne ? Autrement, il faudrait prendre des mesures pour ralentir la circulation. Car les voitures occasionnent aussi du bruit. Il existe donc un vrai problème de circulation de voitures dans la rue.*

*Il est souvent question de sites alternatifs. Quand il était jeune, Eric Weirich passait aussi du temps dans la rue. Mais à l'époque, les jeunes cherchaient plutôt des endroits tranquilles où ils pouvaient passer de temps ensemble sans être dérangés. À Differdange, la situation est différente et monsieur Aguiar n'a pas offert de solution concrète.*

*L'office social recherche des endroits alternatifs. Ce n'est pas une mauvaise idée de permettre aux jeunes de se retirer de boire et de*

*fumer sans qu'ils dérangent les gens autour d'eux.*
*En automne dernier, le plan local de sécurité était en train d'être élaboré. La bourgmestre a dit qu'il était fini. Mais Eric Weirich ne pense pas qu'il ait été présenté. Madame Brassel-Rausch pourrait-elle donner des détails ?*
*Eric Weirich est du même avis que messieurs Ruckert et Liesch concernant la police de proximité.*
*Il mentionne ensuite l'action d'une agence immobilière ayant rassemblé 130 signatures. La personne en question a aussi été citée dans un article de presse. Les riverains sont énervés. Il ne s'agit pas de faire justice soi-même.*
*La commune ne peut-elle pas mettre en place un accueil que les riverains pourraient contacter en cas de besoin ? C'est une de leurs doléances. Eric Weirich habite dans le quartier depuis un an et demi, mais il trouve exagéré d'appeler la police. Il trouverait utile de disposer d'une alternative. Cela permettrait aussi à la commune de mieux cerner le problème et de montrer aux riverains qu'elle est à leur écoute.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que les voitures font beaucoup de bruit dans la rue en question. Faut-il la fermer à la circulation ? Le collège échevinal veut mettre en place un plan de mobilité. Mais son rendez-vous au ministère de la Mobilité a été reporté. Le plan devra être cohérent. Ensuite, il sera mis en place petit à petit.*
*Le parc Gerlache est un vrai poumon vert en plein centre. Christiane Brassel-Rausch voudrait qu'il devienne un lieu de récréation. Mais elle demande de la patience concernant le plan de mobilité.*
*Le ministère a approuvé l'élaboration d'un plan local de sécurité. Trois réunions ont eu lieu avec l'office social, le service de la jeunesse, les éducateurs de rue, Outreach Youthwork, la police, les douanes, l'inspection de la drogue…*
*L'objectif est d'analyser la situation à Differdange. Que s'y passe-t-il, quand et pourquoi ? Ensuite, il faudra proposer des solutions concrètes.*

Mee ech mengen, eisen Office social huet schonn op deem Theema geschafft, eng alternativ Plaz ze fannen. Ech fannen déi Iddi net verkéiert, de Jonken eng Plaz zur Verfügung ze stellen, wou se sech kënnen, ech soen elo „de Batti stellen" an drénken a fëmmen a wat weess ech. Ouni awer, dass se de Leit ronderëm duerch hiert Feieren oder hir Presenz ferm op d'Strëmp ginn.

De Plan local de sécurité hat Der ernimmt. Déi leschte Kéier, wou mer iwwert dee geschwat hunn, ech mengen, dat war d'lescht Joer am Hierscht, do war deen amgaangen ausgeschafft ze ginn. An elo, wann ech Iech richteg verstanen hunn, Madamm Buergermeeschtesch, schéngt deen do ze sinn. Ech hunn net matkritt, dass dee fäerdeg ausgeschafft gouf a virgestallt gouf. Wann Der eis do vläicht e bësse kéint erläuteren, wéi et ëm dee Plan de sécurité local steet.

D'Police de proximité. Do sinn ech ganz beim Här Ruckert a beim Här Liesch. Absolutt fir dat Konzept méi biergerno Policeaarbecht. Dat kann ech absolutt matdroen als Vertrieder vun déi Lénk.

Ech si gläich duerch. Ech wollt nach eppes froen am Zesummenhang mat deem Plan local de sécurité an der Initiativ, déi et gouf, deen Opruff vun deem Här, deen déi Immobilienagence huet, wou 130 Ënnerschrëfte gesammelt gi sinn. Et gëtt och een Artikel iwwert deen Här an der Press, wat ech iergendwou novollzéie kann. Wéi ech gesot hunn, d'Leit si schwéier genervt, déi do wunnen. Et ass net, dass dee Mann oder déi Leit wëllen iergendwéi Selbstjustiz ausüben.

Meng Fro ass: Wat bidde mer de Leit kuerzfristeg un als Gemeng, ech weess net eng Ulafstell, dass se kënnen, allkéiers, wann eppes virgefall ass, XY op der Gemeng kontaktéieren an dat einfach berichten? Fir den Terrain besser kennenzeléieren. Dat ass oft gesot ginn. Fir d'Ausmooss ze gesinn. Dass een de Leit eng direkt Kontaktplaz ubitt.

Ech wunnen elo annerhalleft Joer do. Ech hunn nach net eng Kéier den Telefon an de Grapp geholl, fir d'Police ze ruffen. Dat ass mer awer dann too much. Soudass d'Leit eng Alternativ hätten, wa se an der Situatioun sinn, tëschent Police ruffen a sech net manifestéieren. Als Gemeng de Biergerinnen an de Bierger esou eng Tëscheplaz géif ubidden. Dat géif et eis erlaben, de Problem méi genau ze cernéieren. Plus wär et en Zeechen nobaussen, dass mer d'Leit héieren an héiere wëllen als politesch Responsabel.

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich.

(Ënnerbriechung)

Fir d'éischt äntwerten ech dem Här Weirich.

Kaméidi an de Stroossen, dass se do sliden, si rennen a si bremsen erëm of an esou virun an esou weider, dat kann ech just bestätegen. Ob mer déi Strooss zoumaachen – do soen ech Iech: Mir si bei engem Plan de mobilité. Virun engem Mount hätte mer sollen e Rendez-vous am Mobilitéitsministère hunn. Deen ass verluecht ginn. Mir sinn amgaang, mat eise Servicer ze kucken, wéi mer e ganz kohärente Mobilitéitsplang fir Déifferdeng op d'Bee gestallt kréien. An da lues a lues ëmgesat kréien. Dat leeft och schonn. De Rendez-vous ass leider verluecht ginn.

Ech perséinlech ënnerstëtzen Iech do. De Park ass esou eng schéi gréng Long matten an all deenen Haiser. Et wier schéin, wa mer deen als Lieu de récréation kéinten huelen. Wéi dat awer elo mobilitéitstechnesch méiglech ass, do musst Der nach e bësse Gedold hunn. De Plang leeft, also ass amgaang ausgeschafft ze ginn, de PLS, de Plan local de sécurité. Dat heescht, d'Gemeng huet deen ugefrot an deen hu mer vum Minister geneemegt kritt.

Mir haten elo dräi Versammlungen, tëschent 12 a 14 Leit, mat eise soziale Servicer: Dem Office social, dem Jugendservice, de Streetworker, dem Outreach Youthwork, der Police, der Direktioun vun Esch, eisen Agenten, der Douane, der Drogeninspektioun. Dir gesitt, dat ass ganz breetgefächerte Gremium.

D'Zil ass jo, dass mer ganz genau analyséieren hei zu Déifferdeng: Wou geschitt wat? Wéini? A firwat? An dass mir da ganz konkreet als Stad dorobber Léisunge fannen. An dat ass eng Saach, dat ass näischt fir haut a muer. D'Fro: Gëtt et dee Plan local de sécurité? Nee, gëtt et nach net. Mir haten elo dräi Versammlungen.

Direkte Kontakt op der Gemeng. Ech weess, mir hu vill Bréiwer, vill Mailen och kritt op d'Gemeng, zu ganz ënnerschiddlechen Theemen. Dat eent ass de Kaméidi. Dat anert ass den Dreck. Dat anert ass d'Entréesdier, déi gesquat gëtt.

An d'Ausso, dass déi Leit an d'ACOMM, e Bréif geschriwwen hätten a si hätte keng Äntwert kritt, dat weisen ech och vu mer. Si hunn alleguer geäntwert kritt, d'Gemeng wär drun a mir wäre mat eisem Plan local de sécurité amgaangen. Déi Leit hunn eng Äntwert kritt. Wann et net déi Äntwert ass, déi si sech erwaart hunn. D'Police ass dohinnergaangen. Zum Beispill déi, déi an den Entréesdiere squatten. Déi kënnen net méi maache wéi de Leit soen: Gitt do eraus. A wann d'Police fort ass, sëtzen d'Leit sech erëm dohinner.

Wat soll ech Iech do soen.

A wann eppes ass, rufft d'Police. Ech ka just eisem Kommissär säin Opruff wéi e Mantra widderhuelen: Wann eppes ass, rufft den 113. Dass si au courant si vun deem, wat ass. Well wa si net wëssen, wou wat leeft, dann hu si jo och keng Handhab, fir eppes ze maachen.

D'Quartierspolizei …

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ma dat ass et jo, well se net um Terrain sinn. Da wësse se näischt. Wa se um Terrain wären, géife se et wëssen. Wa vill vun hinnen deeglaang um Kommissariat musse sëtzen, fir Bréiwer ze schreiwen oder soss Saachen, kënne se net um Terrain sinn. Da soll derfir gesuergt ginn, dass d'Polizisten um Terrain sinn.

Dofir schwätzt ee jo vu Quartierspolizisten. Sot Ärem Minister dat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn him et gesot. An och d'Polizei. Et ass och eng Demande vun der Polizei. D'Police ass sech deem ganz bewosst. Här Ruckert, déi Demande no der Quartierspolizei, ech mengen do gi mer eis alleguer d'Hand a soen: Jo. Dat ass et. Mee si ass awer elo net do.

An ech wëll ganz kloer soen: Mir hu mëttlerweil véier Poliziste bäikritt. Eis Déifferdenger Polizei deckt Déifferdeng of, Péiteng of, Käerjeng of a Suessem of. Dat sinn, iwwert den Daum, 80.000 Leit! Mir brauche Leit. Mir hunn der véier kritt. Déi véier wäerten elo net d'Welt retten an Déifferdeng scho guer net. Déi sinn iwwerlaascht. An den Här Kox huet et fäerdegbruecht, dass elo 200 nei Rekrutte kommen. Déi d'Poliiceschoul gepackt hunn an déi jo dann och an den Asaz kommen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

An et sinn der 150, déi an d'Pensioun ginn. Da rechent dat emol op d'ganzt Land. Wat bleift? Net méi vill. A fir Déifferdeng guer näischt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Elo kënne mer dat alles bedaueren a klengrieden. Mir kënnen awer och soen: Et ass elo mol ee Minister, deen eppes an d'Woschuel gehäit huet. Well mir däerfen net vergiessen, alleguer, wéi mer hei sëtzen, déi main Alter hunn: An de 70er-Joren, an den 80er-Joren an an den 90er-Joren, wie waren déi béis? Ëmmer d'Police. Ëmmer. Si si systematesch vum Staat ofgebaut ginn.

An elo, komescherweis, huet d'Gesellschaft sech geännert, 2022. Elo op eemol hätte mir gären alleguerten: d'Police soll do sinn, wa mir se ruffen. Dat kann den Här Kox net an dräi, net a véier an net a fënnef Joer maachen. An deem musse mer eis bewosst sinn.

Ech kennen d'Suerge vun der Police, meng Attitüd ass elo: Mir als Gemeng probéieren, d'Police esou gutt ze ënnerstëtzen, wéi et geet. Wat d'Police och mat der Gemeng mécht. Déi probéiert och eis ze ënnerstëtzen. Elo hu mer

*Mais pour le moment, le plan local de sécurité n'est pas fini.*
*Pour ce qui est d'une hotline à la commune, Christiane Brassel-Rausch rappelle que la Ville reçoit beaucoup de lettres et de courriels concernant le bruit et les déchets.*
*L'ACOMM prétend ne pas avoir reçu de réponse à une de ses lettres, mais ce n'est pas vrai. La commune leur a expliqué qu'elle était en train de préparer un plan local de sécurité. Mais ils s'attendaient peut-être à une autre réponse. Christiane Brassel-Rausch cite l'exemple des jeunes squattant les entrées. La police les fait partir, mais dès qu'elle s'en va, ils reviennent.*
*La bourgmestre ne peut qu'inciter les riverains à appeler la police en cas de besoin.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *réplique que la police n'est au courant de rien parce qu'elle n'est pas sur le terrain. Les agents passent leur temps au commissariat à rédiger des lettres. C'est pourquoi il faut une police de quartier.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *en a parlé au ministre. Même la police est du même avis.*
*La bourgmestre rappelle que Differdange a obtenu quatre agents supplémentaires. Mais la police de Differdange s'occupe aussi de Pétange, Käerjeng et Sanem, c'est-à-dire de 80 000 personnes. Quatre agents supplémentaires ne suffisent donc pas. Mais grâce à monsieur Kox, la police a recruté 200 agents.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rétorque qu'il s'agit de 150 recrues pour tout le pays. Ce n'est rien du tout.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale que dans les années 70, 80 et 90, la police, c'était les méchants. Et le gouvernement a réduit les effectifs. Aujourd'hui, les choses ont évolué, mais monsieur Kox ne peut pas changer la situation en quelques années.*
*La commune et la police se soutiennent mutuellement. Les quatre nouveaux agents ne vont pas sauver Differdange, mais c'est mieux que rien.*

*En tout cas, le ministre n'est pas responsable de la situation.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'attendait à un tour de table et non à une discussion entre deux personnes. Il y a d'autres conseillers communaux que monsieur Ruckert.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que dans ce cas, il faudra aussi se tenir à ces règles lors des séances du conseil communal.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *estime qu'il n'existe pas de solution unique et le collège échevinal en est conscient. Toutes les décisions auront des avantages et des désavantages. C'est banal, mais vrai.*
*Aménager une zone piétonne autour du parc est une bonne idée, à condition que cette mesure soit intégrée à un concept de mobilité global. Certains conseillers communaux pensent que le Diffbus ne devrait pas circuler à cet endroit. Nicole Wohl n'est pas convaincue par cette mesure, car tant que les bus circulent dans cette rue, il y aura du monde. Elle craint qu'autrement, on finisse par créer un ghetto comme il en existe à Bruxelles, où la police n'a plus rien à dire et n'ose plus y aller. C'est pourquoi il est important que le Diffbus circule dans le centre et qu'il y ait la Diffwäsch.*
*Il y a quelques années, les journaux étaient remplis d'articles sur la dangerosité du parc de Differdange. Nicole Wohl était allergique à ce type d'articles, car ils font peur aux gens. Et si les gens ont peur, ils ne se rendront plus dans le centre-ville. Un ghetto verra le jour.*
*Pour ce qui est des caméras, Nicole Wohl partage l'avis de monsieur Ruckert et de monsieur Liesch. La situation n'étant pas sous contrôle, les caméras ne permettront pas de résoudre les problèmes. Comme l'a dit monsieur Liesch, elles ne fonctionnent pas toujours et de toute façon, les criminels n'ont qu'à se déplacer de quelques mètres.*
*Il faut trouver une solution concernant le café. Si des activités illégales s'y déroulent, la commune doit essayer d'y installer un autre commerce. Nicole Wohl propose une activité pour les jeunes.*
*Elle signale qu'il y a des endroits à Differdange où l'on peut aller*

véier nei Leit. Dat wäert eis net retten. Mee besser déi wéi guer keng. An déi jonk Leit, déi musse jo och ausgebilt ginn. Mee dofir kënne mer elo net engem Minister d'Schold ginn.

D'Madamm Wohl hat d'Wuert fir d'éischt gefrot, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt allgemeng zu eiser Diskussioun eppes soen. Ech mengen, mir sollen hei en Tour de table maachen an net zwee Leit mateneen dauernd diskutéieren. Et ass jo schéin, dass Dir dem Här Ruckert direkt d'Äntwert gitt, mee hei sinn nach vill Leit, déi och warscheinlech géifen eppes dozou soen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, Här Muller, da maache mer dat. Mee da maache mer dat och an deenen nächste Gemengerotssëtzungen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Moien alleguerten, ech wollt och e puer Saache soen. Et gëtt net eng Léisung fir dëse Problem. Mir mussen un e puer Saache schaffen. D'Gemeng ass jo och domadder amgaangen, also de Schäfferot.

All nei Decisioun wäert Vir- an Nodeeler hunn. Mir wäerten do net eppes fannen, wou alles jidderengem herno wäert passen. Dat ass zwar eng Banalitéit, wat ech do soen. Mee ech wollt et awer eng Kéier ënnersträichen.

Eng Foussgängerzon ronderëm de Park, dat héiert sech ganz schéin un. Fir mech och. D'Fro ass effektiv am gesamte Mobilitéitskonzept, wéi mer dat solle maachen a wéi net.

Et ass e puermol gesot ginn, den Diffbus, dee wär do net gutt oder e misst enzwousch anescht fueren. Do hunn ech meng Bedenken. Dat mécht, dass nach, soen ech elo mol, déi normal Leit dohinner ginn an de Bus huelen an an där Strooss zirkuléieren.

Ech denken, dass dat wichteg ass. Well wann ech eppes fäerten, mer sinn zwar schonn e bëssen amgaang, dat féiert zu enger Ghettoiséierung vun deem ganze Quartier. Wéi een dat vu Bréissel oder esou kennt, wou dann op eemol ganz Quartiere sinn, wou herno eege Rechter gëllen an d'Police guer näischt méi ze soen huet. An d'Gemeng och näischt méi. A wou d'Police och net méi higeet oder fäert hinzegoen. Dat muss op alle Fall evitéiert ginn.

Dowéinst, awer net nëmmen, ass et vu Virdeel, dass den Diffbus do fiert. Dass d'Diffwäsch do ass. Dass verschidde Saachen dohinnergesat ginn, déi maachen, dass vill Leit zirkuléieren.

Fir mech war et kee gutt Zeechen, wou virun e puer Joer, ech weess elo net méi genau wéini, d'Zeitunge voll ware mat, wéi geféierlech et wär ronderëm de Park zu Déifferdeng. Mir misste Kameraen dohinnerkréien. Ech hunn déi Zäit ëmmer eng Allergie kritt, wann ech déi Artikele gelies hunn. Well ech mer gesot hunn: Domadder maache mer de Leit Angscht. A wa mer de Leit Angscht maachen, da gi se net méi dohinner. A wann d'Leit net dohinner ginn, da kréie mer déi Ghettoiséierung, déi mer eigentlech evitéiere wëllen.

Fir mech ass dat wierklech e ganz wichtege Punkt.

En aneren ass dee mat de Kameraen. Ech deelen do d'Aussoe vum Här Liesch a vum Här Ruckert. Eppes ënner Kontroll ze kréie, wat längst ausser Kontroll geroden ass, fir da Kameraen ze installéieren, dat si Moyenen, déi eis net wäerten hëllefen.

An et ass zwar vläicht e Witz – ech weess net, ob ee mech elo nach héiert, well ech hunn elo hei esou e komescht Zeechen op mengem Apparat –, wann een heiansdo Krimie kuckt, Kamerae retten de Problem net. Well se, wéi den

Här Liesch gesot huet, ganz oft futti sinn oder sech alles op enger anerer Plaz ofspillt. Op d'mannst alles, wat d'organiséiert Kriminalitéit ubelaangt natierlech.

Dass ee vläicht mam Bistro misst kucken, wat een do kéint maachen, dat ass ganz kloer. Ech denken, wann do Aktivitéite sinn, déi net solle sinn – an datt do gedealt gëtt, dat weess ech och –, da wär et natierlech gutt, wa mer do kéinten eppes ënnerhuelen a vläicht och en anere Bistro dohinnerkréien. Vläicht och eppes fir Jugendlecher. Dat ass awer elo alles zimmlech vag, wat ech do soen. Mee et sollt een op jidde Fall doru schaffen. Vläicht och eppes, wou jidderee kann higoen an net just Jugendlecher.

An da wollt ech awer och nach soen: Mir hu Plazen, wou ee kann e Kaffi drénke goen. Nach net esou laang hier, hate mer nach am Gemengerot en neie Café gestëmmt, dee sech bei eis breetgemaach huet, soen ech elo mol, a wat mer roueg kënnen ënnerstëtzen.

Et ass net esou, dass mer zu Déifferdeng net kënnen eppes drénke goen. Och wann ech der Madamm Buergermeeschter hir Ausso ka verstoen, well et, leider, warscheinlech awer e puer Bistroe gëtt, wou mer net esou vill Loscht hunn do eleng eranzegoen oder iwwerhaapt eranzegoen.

Ech sinn och drop ugeschwat ginn, dass Problemer wäre ronderëm de Park. An dass d'Leit sech veronséchert fillen, well manner Presenz ass. Ech mengen awer, dass Sécherheetsfirmaen definitiv net déi richteg Manéier sinn, aus e ganze Koup Grënn. Et kann een dat am Ausland gesinn. Ganz oft protegéieren déi nach à la limite déi, déi do dealen. Dat ass dat eent.

Well ganz oft, et muss een ëmmer kucken, wou déi hierkommen, firwat déi net méi an der Police sinn, well oft kommen déi jo aus der Police vu fréier. Dat sinn alles Saachen, déi ee muss betruechten. Wat immens wichteg ass. Ausserdeem hunn déi guer net d'Moyenen, fir dat ze maachen, woufir mir mengen, dass se do wieren, wann déi duerch de Park ginn. Si si just dofir do, fir de Park ze protegéieren. Net fir géint déi Saachen, déi do lass sinn an deene Caféen an esou eppes ze maachen.

Dat wëll ech einfach eng Kéier gesot hunn. Dat heescht, d'Moyene waren ëmmer limitéiert. Mir bezuelen e ganze Koup. An à la limite ass et kontraproduktiv. An dat solle mer soen.

Natierlech wär et gutt, wa mer Polizisten hätten, déi kéinten do laanschtgoen, besonnesch am Moment. Mee mer hu se net. Mir kënnen nëmme mat deene Moyene schaffen, déi elo do sinn. Dat huet d'Madamm Buergermeeschter eis jo schonn erkläert. Mee mer woussten et awer och scho virdrun. Ech soen Iech alleguerte Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Häre Gemengerot, Vertrieder vun der Press …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Altmeisch, et héiert een Iech schlecht. Ech mengen, d'Mikroe ginn net.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ass et besser esou?

(Ënnerbreichung)

Wonnerbar. Ech soen Iech Merci. Sonndes den 30. Januar 2022 19.30 Auer ginn dräi Männer am Park vun zirka 15 Leit ugegraff, blesséiert a beklaut. Méindes den 31. Januar, also den Dag drop, mëttes um 16.00 Auer: D'Police gëtt ëm Hëllef geruff fir den Drogenhandel beim Park ze stoppen. 12 bis 15 Leit behënneren d'Police bei der Ausübung vun hirem Déngscht. Gräifen d'Beamten un a blesséiere se liicht.

D'Biller an de Soziale Medien dokumentéieren dës Situatioun am Detail. Ech war schockéiert an traureg zugläich, wéi ech déi Biller gesinn hunn. Déi aarme Leit, déi am Quartier Parc

*prendre un café. Récemment, le conseil communal en a approuvé un qui mérite d'être soutenu. Cependant, Nicole Wohl comprend les affirmations de la bourgmestre, car il y a aussi des cafés où l'on n'a pas envie d'entrer.*
*Elle entend souvent parler des problèmes autour du parc. Les gens ont peur. Mais une société de sécurité privée ne constitue pas la bonne solution. On voit à l'étranger que parfois, ils protègent même les revendeurs de drogue. La question est de savoir d'où proviennent ces agents de sécurité et pourquoi ils ne travaillent pas pour la police. En plus, ils ne disposent pas des moyens nécessaires pour intervenir en cas de problème. Ils ne font que protéger le parc. Bref, la commune paie cher pour un service qui se révèle contreproductif.*
*Il vaudrait mieux renforcer la présence de la police. Mais il n'y a pas assez d'agents et il faut faire avec les moyens du bord. C'est ce qu'a expliqué la bourgmestre.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à monsieur Altmeisch, mais constate que l'on ne l'entend pas.*
*(Interruption)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que dimanche 30 janvier 2022 à 19 h 30, un groupe d'environ 15 personnes ont attaqué 3 hommes. Le lendemain à 16 h, quelqu'un appelle la police et signale une vente de drogue dans le parc. Douze à quinze personnes empêchent la police d'intervenir et blessent les agents légèrement.*
*Guy Altmeisch se dit choqué par les images sur les réseaux sociaux documentant ce qui est arrivé.*

*Il plaint les pauvres riverains. Les images font peur.*
*Il faut arrêter de parler de sentiment d'insécurité, car celle-ci est réelle même pour les policiers. Ceux-ci essaient de faire respecter l'ordre, mais ils sont attaqués et blessés. Il n'y a plus de respect.*
*Le législateur doit protéger les fonctionnaires à travers des lois plus dures et le parquet doit se montrer plus sévère. Les hommes politiques nationaux et locaux doivent mettre en place un cadre garantissant la sécurité des citoyens.*
*Guy Altmeisch a signalé plusieurs fois au conseil communal la dangerosité de la situation. Mais on ne l'a pas écouté. Désormais, il faut analyser les deux incidents pour savoir de quoi et de qui on parle. S'agit-il de Jemp de Differdange ou de Pierre de Mersch ? Ensuite, la commune devra réagir rapidement. Il faut arrêter de discuter, de chercher des excuses, de regarder et de se plaindre. Il est temps d'agir.*
*Depuis 2018, les socialistes regrettent que la question de la sécurité soit tabou. Or il faudrait que le conseil communal analyse la situation régulièrement. Et depuis 2019, ils exigent l'installation de caméras de surveillance. Guy Altmeisch ne comprend pas le scepticisme de certains conseillers communaux. Il a vu ce que de telles caméras peuvent apporter à Luxembourg-ville pendant 18 ans. Tout n'est pas négatif. Les caméras doivent faire partie d'un ensemble de mesures.*
*Elles permettent d'identifier les criminels et sont utiles en matière de prévention. Les plaintes contre X ne servent à rien et engendrent du travail administratif.*
*Les caméras sapent la confiance des criminels et renforcent le sentiment de sécurité des citoyens. De nombreuses villes à l'étranger profitent des avantages des caméras, tout comme Luxembourg-ville. Que doit-il se passer dans le parc de Differdange pour qu'on en installe ?*
*Guy Altmeisch demande la création d'une commission de la sécurité comprenant des habitants, la police et les hommes politiques.*
*Il faut aussi former les agents municipaux, car on ne peut pas les envoyer sur le terrain du jour au*

Gerlache wunnen. Dës Biller kann ee soubal net vergiessen. Si maachen engem Angscht a werfe vill Froen op.

Hei däerf kee méi vun enger gefillter Onsécherheet schwätzen. D'Onsécherheet ass reell an ass am Alldag ukomm. Och fir eis Poliziste sinn dat Momenter, déi Spueren hannerloossen. Si ginn alles, fir Uerdnung ze schafen, ginn aggresséiert a blesséiert. Hei gëtt et kee Respekt méi a keng Hemmschwell.

De Legislateur muss eis Beamte besser schütze mat méi strenge Gesetzestexter. An de Parquet streng duerchgräife bei enger Verurteelung. Mesurë mussen eng ofschreckend Wierkung ausléisen.

D'Aufgab vun der Politik ass et, e kommunalen an nationale Kader ze schafen, fir seng Bierger ze schützen a fir hir Sécherheet ze garantéieren.

Am Laf vun de Joren hunn ech des Ëfteren am Gemengerot unhand vu Beispiller kloergemaach, wou mir géifen histeieren. Leider hu meng Wierder net ëmmer dat richteg Gehéier fonnt. Déi zwou dramatesch aktuell Situatioune mussen analyséiert ginn. Analyséiert, dass mir wëssen, wéi wat wou war an esou virun. Dass mer do Detailer hunn, dass mer mol wëssen, vu wiem a vu wat mer schwätzen.

Schwätze mer vum Jemp vun Déifferdeng oder schwätze mer vum Pir vu Miersch, deen den Zuch hëlt, fir hei kënne seng Wuer ze verkafen? Dat ass e ganz wichtegt Element. An da muss eng Reaktioun kommen. Awer an engem Delai, deen der Vitess vun der Aktioun ugepasst ass. Et muss fäerdeg si mat Wëllen oder net Wëllen, mat Ausrieden, mat Waarden, mat Kucken a Lamentéieren. Agéieren ass elo ugesot.

D'LSAP Déifferdeng huet säit 2018 bemängelt, dass d'Sécherheet, ausser bei de Budgetsdebatten, en Tabu am Gemengerot ass. D'Sécherheet soll eng fest Plaz um Ordre du jour vum Gemengerot hunn. Dëst erméiglecht eng permanent Analys vun der aktueller Situatioun an eiser Gemeng. En Ausaarbechte vu preventiven Aktiounen. Informatioun iwwer aktuell Problemer um Terrain duerch eis lokal Police an eis Agents municipaux. Eng Upassung vum Budget fir d'Sécherheet un d'Realitéit. Eng ëffentlech Stellungnam vun de Parteien.

Säit 2019 fuerdere mir eng Kameraiwwerwaachung an der Géigend vun dem Parc Gerlache. Ech verstinn net, firwat verschidde Leit heibannen esou skeptesch sinn, wat d'Kameraiwwerwaachung ubelaangt.

Ech ka just confirméieren, dass ech esou Kameraiwwerwaachunge wärend 18 Joer an der Stater Gemeng materlieft hunn, live gesinn hunn, wat dat bréngt a wat do fir Problemer kommen. Dat war net alles esou negativ, wéi Dir dat hei duerstellt. An et ass och net esou. Fir mech ass d'Kameraiwwerwaachung een Element an deem ganzen Ensembel, wat eis zu engem positive Resultat bréngt.

Déi Installatiounen erméiglechen eng Identifikatioun vun den Täter. Eng juristesch Suite mat enger Verurteelung wierkt ofschreckend. Plainten, wéi bis dato, sinn den Opwand net wäert a bréngen näischt, soulaang se géint Onbekannt sinn. Et ass just administrativ Aarbecht fir eis Police. Et bréngt näischt. Sinn alt erëm manner Leit um Terrain. Dat bréngt eis absolutt näischt.

Live-Filmer a -Biller vu Strofdote léisen Onsécherheet beim Täter aus a stäerken d'Sécherheetsgefill beim Bierger.

A villen internationale Stied ass de Virdeel vun de Kameraen erkannt ginn. Och d'Stad Lëtzebuerg profitéiert säit Jore vun dësen Avantagen. D'Parkanlagen op verschiddene brisant Plaze ginn esou iwwerwaacht. Wat muss nach geschéien, bis Déifferdeng vun dëser Hëllef ka profitéieren?

D'LSAP Déifferdeng mécht sech weider staark fir d'Schafung vun enger Sécherheetskommissioun. Bestoend aus Awunner, Membere vun der lokaler Police an der Politik. D'Neibesetzung vum Comité de prévention. Dréngend Formatioun vun eisen Agents municipaux an dësem Spezialberäich.

Et kann een net higoen, déi Leit vun haut op muer op en onbekannten Terrain schécken an zu deenen ze soen: Sou, elo kucks de, dass du hei Uerdnung schaafs. Do gehéiert eng Formatioun dozou. Do gehéiert eng Formatioun vu Leit, déi Anung dovunner

hunn. An dat ass net ze maachen a 14 Deeg.

Mee dat däerf een net muer, mee dat muss een haut ukuerbelen. Do däerf net nach laang driwwer diskutéiert a lamentéiert ginn. Dat muss direkt an den Asaz, dass déi Leit forméiert ginn. An dann hu mer der erëm X weider, déi een och nach kann als Noper vum Park an där ganzer Géigend do bezeechnen, déi aktiv do kënnen um Terrain matschaffen.

Verstäerkt grouss Kontrolle vun eiser Police an der Géigend vum Park wierke Wonner. Wa mer gesinn hunn, leschten Donneschdeg, wat do geschitt ass, wéi vill dat ronderëm geschwat gëtt bei de Leit, dann ass dat eng gutt Saach vis-à-vis vun deene Filmer, déi zirkuléieren an esou virun. Elo zielen d'Leit: A! D'Police war do. Ech mengen, se waren zu zwielef Mann, du bass net méi duerchkomm, si hunn awer do eng Selektioun gemaach. Si hunn d'Identitéit vun deene Leit festgestallt, déi op deene Bistroen, op deenen Trapen do hänken a pechen, fir dass een emol weess, mat wiem een ze dinn huet. Wat eng wonnerbar Saach ass.

Participatioun fuerdere mir – dofir maache mir eis staark – vun alle Parteie bei der Planung vun der Sécherheet. All Element, dat zur Sécherheet bäidréit, ass wichteg an däerf net vergiess ginn. Total Transparenz an Éierlechkeet mussen dësen Dossier dominéieren an esou zu enger Léisung féieren. D'LSAP Déifferdeng ass sech dëser permanenter wichteger Aufgab bewosst. D'Sécherheet vun eise Bierger ass a bleift eis wichteg. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Déifferdenger CSV si mir immens frou, datt mer haut hei iwwert dëst Theema kënne schwätzen. Schliisslech fuerdere mer scho méi laang, datt hei deementspriechend Mesuren en place gesat ginn. Souwuel um preventive wéi am soziale Beräich. Datt mer méi Police kréien. An och si mer ganz kloer fir eng Kamera op dëse sensibelen Zonen.

Et muss een ënnerscheeden – éinescht ass vill vu Jonke geschwat ginn. Jo, et si Jonker, déi do hir Fräizäit verbréngen, wat jo och gutt a richteg ass. Et ass e schéine Park. An ech denken och net, datt elo onbedéngt just de Problem do läit. Et si vill Jonker, déi einfach do sinn. Wou guer kee Problem ass.

An dann hu mer och Jonker, déi heiansdo iwwert d'Strengt schloen, déi d'Gemengereglementer net anhalen. An do ass et wichteg, datt mer sozial a preventiv Moossname wéi zum Beispill eis Streetworker en place gesat hunn. Och den Outreach Youthwork an eise Jugendhaiser.

Dës bidden deene Jonken an och deenen anere Leit … Ech mengen, et ass éinescht geschwat gi vun de Wunnbléck, déi do sinn, wou d'Leit an den Entréeë respektiv souguer bannen an de Gäng sinn, wat jo net ze akzeptéieren ass.

Déi ganz Aarbecht, all déi Moossnamen, déi mer als Gemeng geholl hunn, si wichteg. An déi hëllefen och de Leit. Awer et kann een net nëmme vun deene schwätzen.

Et gëtt ganz kloer, dat weess mëttlerweil jiddwereen, organiséiert Kriminalitéit, Drogenhandel, vun deem mer haut méi schwätzen. Och schonn an der Vergaangenheet geschwat hunn. Dat huet keen Impakt op déi. Ee Kriminellen, deen op Déifferdeng kënnt – et ass jo och haut gesot ginn, et gëtt Drogentourismus –, fir hei seng illegal Machenschaften ze maachen, mat deenen hei Geld ze verdéngen, deen toleréiert héchstens d'Streetworker, soulaang se him net säi Commerce stéieren.

Fir esou eng Zort Kriminalitéit ze bekämpfen, brauch et ganz aner Moossnamen: Polizisten, där mer vill méi bräichten, wat mer och schonn zënter Jore vu Säite vum Ministère fuerderen. A Kameraiwwerwaachung op de sensibelen ëffentleche Plazen.

Am Joer 2019 gouf d'Infrastruktur scho budgetiséiert. Leider hu mer vun

*lendemain. Une bonne formation ne se fait pas en deux semaines. Cependant, il faut s'y mettre dès aujourd'hui pour qu'ils puissent intervenir rapidement sur le terrain. La police doit, elle aussi, renforcer sa présence dans le parc. Les gens discutent beaucoup de l'intervention de jeudi dernier. Douze agents de police ont vérifié l'identité des personnes dans les cafés, sur les escaliers, etc. C'est important pour savoir de qui il s'agit.*
*Les socialistes exigent une politique participative en matière de sécurité. Tout ce qui peut contribuer à la sécurité est important. La commune doit être transparente et sincère. Le LSAP en est conscient.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se dit content de pouvoir discuter de ce sujet. Les chrétiens sociaux demandent depuis longtemps que des mesures préventives et sociales soient mises en place. Il faut aussi plus de policiers et des caméras.*
*Pour Jerry Hartung, il est important que les jeunes puissent passer du temps dans le parc. La plupart d'entre eux ne créent pas de problèmes. D'autres ne respectent pas les règlements communaux. C'est là que les éducateurs de rue, les maisons des jeunes et Outreach Youthwork entrent en jeu.*
*Tout à l'heure, il était question des jeunes qui squattent les entrées et parfois les couloirs des immeubles. C'est inacceptable. Mais on ne peut pas parler uniquement d'eux. Car entretemps, il est question de criminalité organisée et de trafic de drogue. Les mesures sociales n'ont pas d'impact sur ces criminels. Quelqu'un qui vend de la drogue et gagne de l'argent dans le parc ne tolère les éducateurs de rue que si ceux-ci le laissent tranquille.*
*C'est là que la police doit intervenir. Differdange a besoin de beaucoup de policiers et la commune en demande depuis des années. Il faut aussi des caméras aux endroits sensibles.*
*La vidéosurveillance figurait déjà dans le budget de 2019. Malheureusement, la Ville de Differdange n'a jamais obtenu les autorisations nécessaires de la part des instances étatiques. Les différents acteurs se renvoient la balle. Où en est-on*

*concrètement ? Pour le système Visupol, la CNPD doit demander les autorisations. Le collège échevinal sait-il si les enregistrements seront conservés ou s'il s'agit seulement d'une retransmission en direct ? Qui aura accès aux images ? Les caméras constituent un outil important à condition de préserver la protection des données et la sphère privée.*
*Jerry Hartung ne pense pas que les caméras vont créer un sentiment de peur chez les habitants. Ce seront plutôt les revendeurs de drogue qui auront peur et qui se réfugieront dans le café. Les riverains se sentiront, quant à eux, plus surs dans les rues.*
*Les policiers differdangeois font du bon travail avec les moyens dont ils disposent. La collaboration avec la commune se passe bien. Malheureusement, il n'y a pas assez d'agents. L'équipe va être renforcée par quatre personnes, mais ils ne s'occuperont pas seulement de Differdange. C'est une goutte dans l'océan.*
*Il n'est pas normal que la police ne se rende dans les endroits chauds que quand on l'appelle. Elle doit montrer de la présence au préalable et effectuer des contrôles. Jerry Hartung soutient l'idée d'une unité mobile ou d'un commissariat de proximité.*
*La Ville de Differdange avait besoin d'un service de gardiennage. Mais le ministre insiste sur le fait que la sécurité est du domaine de la police, ce qui explique que la commune ait résilié le contrat. Les agents municipaux seront confrontés aux mêmes difficultés. Si le ministre veut que la police s'occupe seule de la sécurité, il doit veiller à ce qu'elle puisse remplir sa mission. Jerry Hartung à l'impression parfois que le gouvernement ne s'intéresse pas à Differdange.*
*Pour ce qui est du plan local de sécurité, il est évident que Differdange a besoin de plus de policiers et ceux-ci ont besoin de moyens supplémentaires. Par exemple le droit d'expulsion.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*signale que les caméras figurent dans le programme de coalition. (Interruption)*

de Responsabelen um nationale Plang bis haut net déi néideg Autorisatioune kritt, fir d'Kameraen an a ronderëm de Parc Gerlache opzehänken. Een huet op deen anere verwisen. Dofir ganz konkreet meng Fro: Wou si mer drun?

Ass mëttlerweil gekläert, ob mer de System Visupol, wou d'CNPD muss d'Geneemegung ufroen … Sinn och d'Froen hannendru gekläert, ob opgeholl gëtt oder ob et just eng Live-Iwwerdroung ass? Wéi laang däerf gespäichert ginn? Wéini muss geläscht ginn? Wien huet Accès op d'Biller? Fir sécherzestellen, datt d'Privatsphär vum eenzelnen awer séchergestallt ass.

Den Outil ass wichteg, aus eiser Siicht, fir op de sensibelen ëffentleche Plazen d'Kriminalitéit anzedämmen. Natierlech muss den Dateschutz an d'Privatsphär vum eenzelnen assuréiert bleiwen. Dat ass eng wichteg Viraussetzung, fir Kameraen opzeriichten.

Ech kann d'Argument net deelen, datt Kameraen e Symbol sinn, fir Angscht auszeléisen. Ech mengen, wann déi Kamerae bis do sinn … Et ass elo vill vu Situatioune geschwat ginn, datt baussen am Park, op der Strooss, um Diffbus-Arrêt, datt een do ganz kloer gesäit, wien d'Clientë sinn, wien d'Drogendealer sinn. A wann do Kamerae wieren, géif dat déi ofschrecken, géif dat se warscheinlech erëm zréck an de Café drängen. An da kéinten déi Leit, déi veronséchert sinn – an dat sinn der eng jett –, sech erëm méi sécher fillen, wa se an deene Strooss sinn.

Et ass vill iwwert d'Police geschwat ginn. Déi Polizisten, déi mer hei zu Déifferdeng hunn, maachen eng gutt Aarbecht. An dat mat deene Mëttelen, déi se hunn. Si schaffen och wierklech gutt mat der Gemeng zesummen. D'Gemeng och mat hinnen.

Mee et ass d'Unzuel vu Polizisten, déi feelt. Elo komme véier bäi. D'Madamm Buergermeeschtesch huet virdru gesot, déi véier wären net nëmme fir Déifferdeng. Déi si fir d'Südgemengen. Also just eng Drëps op e waarme Steen. Mir brauchen effektiv méi Police um Terrain, déi patrulléiert, déi ze Fouss op de sensibele Plazen an der Stad ënnerwee ass. Ouni datt se extra musse geruff ginn.

Wa mer wëssen, datt do esou een Hotspot ass, da kann et net sinn, datt d'Police just dohinnergeet, wa se ugeruff gëtt, datt do eppes geschitt ass. Da muss se am Virfeld scho vill méi Presenz weisen, fir Sécherheet suergen an och Kontrollen duerchféieren, ouni datt se virdru geruff ginn ass. Wann ee wëll, datt dee Problem ewechgeet, da muss een déi Leit, déi dat do ëmsetzen, stéieren.

Déi Iddi vun der Unité mobile oder Police de proximité, kënne mer ënnerstëtzen.

Et ass och vum Service de gardiennage geschwat ginn. Esou een hate mer. Et pour cause. Mer wousst en, firwat mer e brauchen. Leider krute mer vum Minister gesot, datt dat d'Kompetenz vun der Police wier. Dëst Joer däerfe mer déi dann net méi asetzen.

Mir hunn d'Agent-municipallen. Déi kënnen awer net esou agräifen. De Service de gardiennage konnt och net esou agräifen. Mee wann e Minister seet, datt dat d'Kompetenz oder d'Missioun vun der Police ass, da muss een awer och kënnen afuerderen, datt déi Missiounen erfëllt ginn. Wat ech a mengem Numm ka soen: Heiansdo fillen ech mech op nationalem Niveau e bëssen am Stach gelooss.

Plan local de sécurité. Mer wëssen alleguerten, wou de Problem ass. All d'Parteien heibanne si sech eens, datt mer méi Policepresenz brauchen. Da wier et gutt, wann do och eppes géif kommen. An och de Polizisten déi néideg Moyene ginn. Ënner anerem Plazverweis. Éinescht ass vun den Entréeën an den Immeublë geschwat ginn, ech mengen, e Plazverweis géif do vill hëllefen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech weess, dass d'Kameraen en Dada vun Iech ass. D'Kamerae sti ganz kloer am Koalitiounsprogramm.

(Ënnerbriechung)

Da muss een et awer och maachen. An et och vläicht weiderdreiwen. Ech wëll Iech just soen, Dir schwätzt Visupol un.

Also déi Saach ass e bësse méi komplex, wéi et sech ausgesäit. Visupol ass bis elo vu kengem verlaangt ginn hei. Visupol erlaabt eng Visioun 24 Stonnen op 24. Hu mir déi Leit? Oder dreeme mer?

(Gelaachs)

Dat Zweet ass, dass Saache gefilmt ginn a si ginn iwwer eng Zäit gehalen. Fir wann eng Plainte bei der Police gemaach gëtt, d'Police dorobber zréckgräife kann. Ech wëll Iech soen, mir hunn net näischt gemaach an deem Domän. Mir gi mat der Police ganz kloer op de Wee, dass mer elo net fir Visupol sinn, mee fir en Enregistrement op eng begrenzten Zäit. An en cas de demande, dräi Leit vun der Gemeng hunn d'Berechtegung, dräi Stéck, ganz genau, déi Zougrëff dorobber hätten, fir der Police dat auszehännegen. An no engem gewëssen Zäitraum gëtt dann alles geläscht.

Wéi gesot, mir sinn amgaang. Mee ech halen hei nach eng Kéier drop, Här Hartung, och Iech ze soen: D'Kamerae sinn en Deel vum Ganzen. D'Kamerae wäerten eis elo net d'Kriminalitéit am Park verdreiwen. Wa mer eis deem all bewosst sinn. Dofir widderhuelen ech et nach eng Kéier: Et ass ee Puzzlestéck vu villen, dann ass et kee Problem.

A mir als Gemeng si jo och drun. Ufanks Mäerz ass eng Reunioun mam Minister, mat der Police, mat der Gemeng, fir ganz spezifesch déi Saach mat de Kamerae kloerzestellen. Well mir si jo déi, déi soen, eis Rechter wëllen net beschnidde ginn. An ech wëll net de Risiko agoen, eppes ze maachen, wat net legal ass.

Wéi gesot, ufanks Mäerz wäerte mer do méi Informatiounen hunn, ganz konkreet Informatiounen. D'Gemeng ass um Wee et auszeschaffen.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, fir een, deen eng Kéier zoustänneg war fir d'Sécherheet hei an der Gemeng, hunn ech haut de Moie ganz vill Saachen héieren, wou ech just muss de Kapp rëselen. Also dat huet jo awer näischt méi mat der Sécherheet vun eiser Stad ze dinn. An absolutt näischt mat deem, wat ech gemengt hunn, woufir mer de Moie géifen zesummekommen.

Mir, de Schäfferot, si gewielte Politiker hei aus der Gemeng, déi de Suerge vun de Bierger solle Rechnung droen. An dovunner huet hei nach keen de Moie geschwat, wéi et de Leit, déi do wunnen, geet.

Hei schwätzt jiddweree vun der Jugend, vun deene Leit, déi heihinner Droge verkafe kommen, déi Leit, déi heihinner Beschafungskriminalitéit maache kommen. Mee déi Leit, déi do wunnen, d'lescht Joer sinn iwwer 20 Leit fortgezu ronderëm dem Park Gerlache, well dat intolerabel ass, wéi een do muss liewen. An ech weess, datt ganz, ganz vill Leit op der Gemeng reklaméiert hunn an do kee Suivi kréien.

An et ass och keen, wou ech weess vum Schäfferot, dee mol eng Kéier den Tour ronderëm de Park gemaach hätt a bei d'Leit schelle gaange wär an do de Bols gefillt hätt. Ech weess vu Leit vu menger Famill, déi do wunnen, déi no 18 Auer owes fäerten, virun d'Dier ze goen, well se schonn een- oder zweemol am Park iwwerfall gi sinn.

An ech hunn e bëssen d'Gefill, mir hunn déi Sitzung hei, well dat elo iwwert de Fernsee gelaf ass a well dat iwwer verschidde Biller gelaf ass. Datt mer dowéinst hei sëtzen. Well dat ass jo scho laang esou an Déifferdeng. An dat huet virdrun net esou vill Leit interesséiert, well verschidde Saachen … Wat mech och ëmmer wonnert, wa Leit virun der Gemeng op der Trap mat 80 Joer iwwerfall ginn an d'Posch geklaut kréien. An aner Saachen, Iwwerfäll hu mer praktesch all zweeten Dag. Déi liest een net an der Zeitung, dann interesséiert dat och net vill Leit.

Ech muss soen, wéi d'LSAP zoustänneg war, hate mer e Grupp kreéiert vun zwielef Leit. Dat waren zum grousse Deel pensionéiert Polizisten, déi gesot hunn, se géife reege Kontakt mat der Gemeng, mam Schäfferot a mat der Police halen, fir ze kucken, wat an de Quartieren net fonctionéiert. Well ier mir et am Schäfferot wëssen, ass et meeschtens ze spéit, well dann huet dat scho laang Zäit an de Quartiere gewullt, ier d'Gemeng et gewuer gëtt.

*Christiane Brassel-Rausch explique que personne n'a exigé Visupol, qui permet un visionnage des images 24 h/24.*
*Les images sont conservées pendant un certain temps pour que la police puisse les visionner le cas échéant. La Ville de Differdange et la police sont d'accord pour ne pas adopter le système Visupol. À la commune, trois personnes auront accès aux images pour les remettre à la police.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que les caméras ne sont qu'une pièce du puzzle pour éliminer la criminalité dans le parc.*
*Début mars, le collège échevinal rencontrera la police et le ministre pour clarifier la situation. Christiane Brassel-Rausch veut s'assurer que la procédure est légale.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a été échevin à la sécurité et il ne peut que secouer la tête. Les débats ne portent absolument pas sur la sécurité des habitants. Le collège échevinal représente les citoyens. Mais personne ne parle des riverains du parc.*
*Il est question des jeunes, des revendeurs de drogue, des criminels… Mais l'année dernière, vingt personnes ont déménagé parce que les conditions de vie autour du parc sont impossibles. Beaucoup d'autres gens ont réclamé, mais il n'y a pas de suivi des réclamations.*
*Le collège échevinal n'a pas non plus parlé aux riverains pour savoir comment ils vont. Des membres de la famille de Fred Bertinelli ont peur de sortir de chez eux après 18 h, car ils ont déjà été attaqués.*
*Fred Bertinelli a l'impression que la réunion d'aujourd'hui est liée uniquement aux articles de presse et aux reportages à la télé. Les crimes autour du parc n'ont rien de nouveau. Mais si un sénior de 80 ans se fait agresser, on fait semblant de rien tant que la presse n'en parle pas.*
*Quand il était responsable de la sécurité, Fred Bertinelli voulait mettre en place un groupe de 12 anciens policiers pour essayer de comprendre quels sont les problèmes du quartier. Mais le même parti qui ne veut pas de caméras était aussi contraire à cette mesure.*

*Fred Bertinelli rappelle que les socialistes ont quitté la salle des séances quand il a été question du nouveau commissariat. Car l'emplacement de ce bâtiment, à proximité du parc, était primordial.*
*À l'époque, le collège échevinal pensait que ce n'était pas à la commune de financer un commissariat. Mais le LSAP a insisté. Tout le monde n'était pas convaincu non plus du site.*
*Fred Bertinelli ne comprend pas pourquoi les Diffbus ne devraient plus circuler dans le centre. Le collège échevinal n'a qu'à clôturer le parc et y mettre un lion pour dévorer les revendeurs de drogue. Il est inadmissible que les bus ne circulent plus dans le centre historique. Le conseiller communal espère avoir mal compris.*
*Les criminels sont mieux organisés que la police et que la commune. Ils contrôlent le centre. Dès que la police s'approche, on les prévient. Tout le Kordall vient acheter de la drogue à Differdange. Il faut maitriser la situation coute que coute. Autrement, plus personne ne voudra vivre dans le centre. Aujourd'hui, un local de commerce de 200 m² coute 500 000 €, mais personne n'en veut.*
*Fred Bertinelli espérait que la visite du ministre dans le parc avait servi à quelque chose. Mais en réalité, rien n'a changé. Tout au plus, la situation a empiré.*
*Quand il était échevin, Fred Bertinelli était aussi responsable des agents municipaux. Il sait combien ont démissionné parce qu'on les menaçait dans le parc dès qu'ils posaient une question. Maintenant, ils travaillent ailleurs. Aucun policier n'ose entrer dans le café en question à moins d'être accompagné de dix collègues.*
*Pour ce qui est de la police luxembourgeoise, la qualité laisse à désirer. Les équipes doivent être composées de vingt ou trente policiers comme à l'étranger. On l'a vu pendant les manifestations liées à la COVID-19. Que peuvent faire deux policiers contre cinquante manifestants ? Dans le Kordall, c'est pareil. Il y a six policiers pour une population de 70 000 personnes. C'est intolérable.*

Dat war eng gutt Iddi. An et ass un där selwechter Partei gescheitert, déi och géint d'Kameraen ass. Déi dat net wollten.

Gott sei Dank hat d'LSAP deemools de Sall verlooss, fir d'Policegebai op déi Plaz ze kréien, wou et elo hikënnt. Well stellt Iech emol vir – dat steet jo elo praktesch am Park –, dat wier net geschitt a mir hätten dat Policegebai net dohinnergesat. An Zukunft wäert doduerch méi Sécherheet an de Park komme mat de Polizisten. An d'LSAP huet sech eenorm dofir agesat. A mir hunn dat jo virfinanzéiert.

Ech muss soen, mir hunn eng Kéier missten de Sall verloossen, well de Schäfferot gemengt hat, dat wier keng Affär vun der Gemeng. Dat sollt de Staat maachen, wou d'Policegebai hikënnt. An do hu mer gesot: Nee. Mat deene Problemer, déi mir an Déifferdeng hunn, muss dat Gebai op déi dote Plaz kommen. Well dat déi richteg Plaz an eiser Stad ass.

An ech wëll drun erënneren, datt och Leit net esou ganz waarm ware fir dat Gebai dohinnerzestellen.

Dat anert, wat ech awer elo schrecklech fannen, wa mer hei elo iwwer Mobilitéit schwätzen a soen, datt déi zwee Elektrobussen net méi sollen duerch déi Strooss fueren. Solle mer dann en Zoo doraus maachen? Wa méiglech en Drot ronderëm an e Léiw, dee frësst dann déi, déi d'Droge verkafen? Oder wéi stellt Dir Iech dat vir? Dat ass eise Stadkär, an do sollen d'Busser net méi duerchfueren, fir d'Leit erauszeloossen? Wou kommen d'Leit nëmmen op esou Saachen! Also ech mengen, ech hu mech verhéiert hei.

Déi Kriminalitéit, wéi mer se de Moment hunn, do hu mer den Zuch verpasst viru Joren. Déi si besser organiséiert wéi d'Police. Déi si besser organiséiert wéi eng Gemeng organiséiert ass. Wann ee kuckt, wéi déi de Stadkär am Grëff hunn, do fiert kee Polizist uewen oder ënnen an d'Strooss, wou Jonker mat Vëloen do stinn, mam Telefon am Grapp a scho soen: „Elo komme se". Déi sinn esou gutt organiséiert.

Mir zéien hei praktesch dee ganze Kordall u Leit un, déi Droge wëlle kafen. Déi och ganz vill Kriminalitéit, Beschafungskriminalitéit maachen. An dat musse mer lassginn, coûte que coûte. Mat alle Moyenen. Ob dat Kamerae sinn, egal, wat et ass, musse mer dat dote lassginn. Well soss kréie mer e Stadkär, do bleift kee méi wunnen.

Wann een d'Präisser gesäit vun den Appartementer, wou d'Leit do wëlle verkafen, mir wësse jo, wat d'Präisser haut sinn zu Lëtzebuerg, vun 200 m2 fir 500.000 Euro, wat e Geschäftsmann net méi verkaf kritt, well kee méi wëll dohinner wunne goen. Dat ass jo onméiglech. Mir sinn an enger Situatioun, déi ass onméiglech. Dat ass eise Geschäftskär. Dat ass eise Kär vun Déifferdeng. An dat ka jo net sinn.

Ech hat geduecht, wou Der mam Minister duerch de Park gaange sidd, do wier méi dobäi erauskomm wéi dat doten. Also et ass jo guer näischt dobäi erauskomm. Dir waart viru Méint mam Minister duerch de Park gaang. Ech hunn näischt gemierkt, datt elo eppes soll anescht sinn. Ech hunn näischt gemierkt.

Wat ass dann anescht ginn? Et ass ëmmer méi schlëmm ginn. Déi Agenten, déi mer haten, déi sinn elo net méi do. An d'Pecherten. Ech wëll Iech just soen, ech war och responsabel fir d'Pecherten. Wësst Der, wéi vill Pecherte bei eis opgehalen hunn, déi nuets no der Aarbecht menacéiert gi sinn, well se deem engen oder deem anere mol eng Fro gestallt hunn?

Da musse mer eis och do besser organiséieren. Déi hunn opgehalen an eiser Gemeng. Déi sinn enzwousch anescht schaffe gaang, well se menacéiert gi si vun deene Leit. Well do geet jo kee Polizist méi an dee Café an och net zu zwee, wa se net zu zéng sinn.

Wat d'Police ubelaangt, muss ech soen, leider Gottes hu mer elo eng Qualitéit hei zu Lëtzebuerg erreecht, wou et net méi duergeet. Wou mer eis un d'Ausland mussen upassen, datt mer Ekippe vun 30 oder 20 Leit mussen hunn, wann eng Interventioun ze maachen ass. Déi déi dann direkt kënne maachen. Déi iergendwou festsëtzen.

Et huet ee gesi bei de Covidmanifestatiounen an der Stad, déi sinn zu 50 dohikomm. Wat kënnen zwee Poliziste

maachen? Hei am Süden, de Kordall, dat si 70.000 Leit, hu mer sechs Polizisten. Wat sollen déi maachen? Do ginn dann zwee hin, déi si jo verluer. Wa 50 Leit op se waarden. Wat sollen dann zwee Polizisten do maachen? Dat ka jo net sinn.

Menger Meenung no muss dee Problem do behuewe ginn. An dat ass wierklech en eeschte Problem fir eise Stadkär, well ëmmer méi Leit fortzéien. Et wëll kee méi do kafen. Et wëll kee méi dohinner wunne goen. An déi Leit, déi verkafe wëllen, kréien et och net verkaf, well keen dohinner wëll goen.

Wéinst deem Problem, wou – ech huele mech do och mat an d'Schold – mir hätte viru Jore vill méi misse maachen. A mir hätten eis nach méi missen duerchsetzen, fir dat an de Grëff ze kréien. Mee déi sinn esou gutt organiséiert, dat ass professionell. Dat si wierklech Krimineller. Dat si keng Jugendlech wéi déi, déi et hei no der Stolkris ginn huet, déi mol Droge geholl hunn a mol gefëmmt hunn. Dat ass net mat deenen ze vergläichen.

Dat hei ass eng organiséiert kriminell Band, déi zu Esch, zu Ettelbréck an hei zu Déifferdeng fonctionéiert. An déi kann een nëmme begéinen, wann ee grad esou organiséiert ass. Dat geet net mat zwee Polizisten duer. Dat kann ee vergiessen. Do muss ee wierklech de Maximum maachen. Mir hu jo Gewaltentrennung hei am Land. Dat ass net d'Aufgab vum Schäfferot. Mee de Schäfferot muss andauernd do hannendrubleiwen a probéieren, dat awer iergendwou an de Grëff ze kréien.

A wa Kamerae mussen dohin, da musse Kameraen dohinnerkommen. A wann et nëmmen ass, datt een deejéinegen erkennt, deen d'Fra oder de Mann iwwerfall huet, datt een deen awer wéinstens déngfest ka maachen, datt deen déi Woch drop net erëm een aneren iwwerfält. Well all déi Leit – gitt emol froen an de Park. Ech kenne keen, deen no 18 Auer owes do nach duerch de Park trëppelt. Dat ass eriwwer. Déi Zäite sinn eriwwer.

Dat kann dach net sinn, datt mer esou een Zoustand do hunn. Dat war mat eng vun deene schéinste Stroossen, déi an Déifferdeng war. Wou Doktere waren. An de Parc Gerlache. Also ech hat gemengt, mir géifen doriwwer schwätzen. Mir missten och beim Staat vill, vill méi intervenéieren, fir datt se eis do hëllefen. Well mir kréien dat net eleng hin! Mir als Gemeng kréien dat do net eleng hin! Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Ech erlabe mer, Iech punktuell ze äntweren. Meng éischt Fro ass: Lauschtert wierklech all Mënsch no, wat ech soen? A kënnt dat un, wat ech soen?

Ech hunn Iech gesot, dass d'Leit eng Äntwert kritt hunn. Dir hutt gesot, d'Leit hu keng Äntwert kritt. Ech hunn Iech gesot, d'Leit hunn eng Äntwert kritt. Och wann et vläicht net déi war, déi se sech erwaart hunn. Mee si hunn eng Äntwert kritt vun der Gemeng.

Ech fänken elo hannen un. Mir sinn eis heibannen alleguer eens, dass mer méi Polizei brauchen. Ech mengen, dat kënne mer alleguer esou ënnerschreiwen. Dat ass elo vun all Partei, quer durch den Garten, gefuerdert ginn. Dat bréngen ech als Buergermeeschter net fäerdeg!

Dir hutt elo e ganze Koup Feststellunge gemaach, zum Deel ganz onnuancéiert. Vill hutt Der der gemaach. Et waren der ze vill, fir dass ech se alleguer verhalen hunn. Ech hu mech nämlech op meng Äntwerte konzentréiert. Dass Dir elo Saachen net verstitt, fir de Bus erauszehuelen oder net erauszehuelen an esou virun an esou weider – am Fong ass d'Zil vun dëser Versammlung, dass jiddweree seng Meenung soe kann a mer zesumme kucken: Wéi komme mer do eraus? Dat ass d'Zil vun dëser Versammlung.

(Ënnerbriechung)

Et geet net ëm den Diffbus. Et geet ëm d'Mobilitéit. Dozou gëtt et elo verschidde Meenungen. Mee dat war ee Virschlag, dee komm ass. An da kucke mer zesummen, wat mer domadder maachen.

Ech ka just ëmmer erëm widderhuelen: Mir hunn als Gemeng dat gemaach, wat mir konnte maachen. Mir sinn nach net fäerdeg domadder. Ech blei-

*Fred Bertinelli répète que les gens veulent quitter le centre-ville, mais personne n'achète leurs logements. Il aurait fallu agir il y a des années. Fred Bertinelli en est conscient. La commune aurait dû s'imposer. Désormais, ces criminels sont organisés de manière professionnelle. Il ne s'agit pas de quelques jeunes prenant un peu de drogue. C'est une bande organisée agissant à Differdange, Esch et Ettelbruck. Deux policiers ne servent à rien. Il faut faire plus. Bien sûr, le judiciaire n'est pas de la compétence du collège échevinal. Mais celui-ci doit faire son possible pour reprendre le contrôle.*
*S'il faut des caméras, qu'on en installe même si elles ne servent qu'à arrêter un type ayant dévalisé une femme. Au moins, il ne recommencera pas la semaine suivante.*
*Les riverains n'osent plus se promener dans le parc après 18 h. C'est intolérable. Il est question de quelques-unes des plus belles rues de Differdange.*
*Fred Bertinelli pensait que l'on parlerait de cela. Le collège échevinal doit intervenir après de l'État.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se demande si tout le monde l'écoute quand elle parle.*
*Les riverains ont obtenu des réponses à leurs questions. Mais ces réponses ne correspondaient peut-être pas à leurs attentes.*
*Tous les partis sont d'accord pour dire qu'il faut renforcer la présence policière. Et Christiane Brassel-Rausch y parviendra.*
*Certaines affirmations de monsieur Bertinelli manquent de nuances. La bourgmestre ne les a pas toutes retenues. Monsieur Bertinelli a notamment parlé du bus. L'objectif de cette réunion est de discuter des problèmes et chercher des solutions.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch répond qu'il ne s'agit pas seulement du Diffbus, mais de la mobilité. Les avis divergent sur ce qu'il faut faire. Il faut en discuter.*
*La Ville de Differdange a fait tout ce qu'elle a pu et continue de le faire. L'éclairage a, par exemple, été amélioré. Mais monsieur Bertinelli*

*a raison de dire que la collaboration avec la police est essentielle.*
*En revanche, quand il dit que la visite du ministre n'a rien changé, c'est faux. Les quatre nouveaux agents de police ne tombent pas du ciel.*
*Christiane Brassel-Rausch tenait à répondre à ces remarques peu nuancées.*
*En ce qui concerne les caméras, elles figurent dans le programme de coalition. Mais il faut suivre les règlementations.*
*(Interruption et rires)*
*Christiane Brassel-Rausch n'a pas entendu ce qu'a dit monsieur Ruckert.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *estime que le programme de coalition est plein de projets non réalisés.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'il reste un an au collège échevinal.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit d'un an et demi.*
*Il ajoute ne pas être un cowboy, mais il tient au principe du law and order. En voyant certaines images sur Facebook, il ne peut que plaindre les policiers, qui n'ont pratiquement aucun droit. Ils ne sont pas respectés et ils ont peur de se défendre parce qu'ils finissent sur les réseaux sociaux. Ils doivent se laisser maltraiter pendant que les malfaiteurs peuvent faire ce qu'ils veulent.*
*De nos jours, la police n'occupe plus la même place dans la société. Quand Tom Ulveling était jeune, les gens avaient peur de la police. Aujourd'hui, on demande au commissaire ce qu'il vient faire.*
*La Ville de Differdange a fait tout ce qu'elle pouvait. Mais il faut d'abord résoudre le problème de la police. Actuellement, il n'y a que six policiers pour patrouiller tout le sud. C'est insuffisant. Le gouvernement doit prendre ses responsabilités. Car même si le ministre ne peut pas recruter 500 policiers en même temps, il peut adapter les lois pour que les citoyens honnêtes soient protégés.*
*Tom Ulveling voyage beaucoup. Il se dit convaincu que partout où il y a des caméras, le taux de crimina-*

wen drun. Mir sinn nach mat der Belichtung dobäi. Awer wou Der Recht hutt, hutt Der Recht. Mir kréien de Problem just an Zesummenaarbecht mat der Police geléist.

A wou Der net Recht hutt: Ech si mam Här Minister duerch de Park gaangen, mat nach Police-Direktiounen. An Dir sot, do wär näischt komm. Déi véier Polizisten, déi mer elo hunn, sinn net vum Himmel gefall komm! Déi hu mir kritt. Dofir soen ech, et waren eng Rei vill laang Feststellungen, déi mer alleguerte wëssen, déi zum Deel ganz onnunancéiert sinn. An et war mer wichteg, Iech dorobber ze äntweren.

Den Här Ulveling hat d'Wuert gefrot.

Entschëllegt. Zu de Kameraen, hunn ech Iech elo just gesot – lauschtert iwwerhaapt ee mir no –, si stinn am Koalitiounsvertrag. Si stinn dran. Mir si just amgaang, de Wee ze kucken.

(Ënnerbriechung a Gelaachs)

Entschëllegt, Här Ruckert, ech hunn Iech net verstanen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hu gesot, an deem Koalitiounsprogramm steet nach vill, wat net realiséiert ginn ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir hu jo nach ee Joer!

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Annerhalleft!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech sinn nach e bësse vum ale Schlag, muss ech Iech soen. Ech si kee Cowboy, mee ech halen awer ëmmer nach drop, dass d'Prinzip vum Law & Order muss agehale ginn.

Ech stelle fest, wann ech déi Biller gesinn, déi op Facebook zirkuléiert sinn, datt ech déi Poliziste bedauere fir déi Aarbecht, déi se musse maachen, well si jo praktesch guer keng Rechter hunn.

Et huet ee jo ganz kloer gesinn, si ginn net respektéiert. An déi Leit, déi hu warscheinlech Angscht, fir sech iergendwéi do ze wieren. Well si sinn direkt op der Foto. Da gëtt dat esou oder esou ausgewielt. A si sinn déi, déi deen zweete Präis kréien. Dofir musse sech da wéi aarm domm Jongen hin an hier schubse loossen. An deenen aneren, deene Béisen, loosse mer déi emol esou nennen, deene geschitt guer a glat näischt.

De Problem, dee mir hei am Land hunn, ass dass d'Police net méi dee Stellewäert huet, dee se zu eiser Zäit hat, wéi mir nach jonk waren. Wann deemools e Polizist op dech duerkomm ass, dann has de mol fir d'éischt Angscht. An hei, wann ech mam Policekommissär schwätzen, da seet deen: Déi Leit soe mir: „Wat méchs du dann hei"? Dat ass de Problem. An dee muss een upaken.

Ech ginn Iech alleguerte Recht. Mir hunn als Gemeng alles gemaach, wat mer konnten. All Pist hu mer suivéiert. Si mer och nach amgaang. Mee esoulaang de Problem vun der Police net geléist ass …

Et gëtt eng Quartierspolizei verlaangt, méi Leit. Mee et sinn nëmme sechs Leit, déi owes Patrull maachen hei am Süden. Dat geet net duer. An do muss déi national Politik awer elo Responsabilitéit iwwerhuelen.

Ech weess och, dass de Minister keng nei 500 Polizisten aus engem Stee schloe kann. Mee da mussen awer op d'mannst d'Gesetzer esou adaptéiert ginn, dass den treie Bierger oder de brave Bierger éischter geschützt ass wéi deen, deen eng gestëbst huet.

An ech sinn nach ëmmer der Meenung – an ech wäert där Meenung och bleiwen, well ech komme jo vill an der Welt ronderëm: Iwwerall do, wou Kamerae sinn, ass weesentlech manner

Kriminalitéit wéi do, wou keng sinn. Ech ginn Iech awer Recht, wann Der sot, dass d'Kameraen eleng net duerginn. New York, zum Beispill: Et ass net, fir eis elo mat deenen ze vergläichen, mee do huet ee gesinn … Et war jo eng Zäit Rapp a Klapp um Time Square, do waren Drogentrafick, Kläppereien, Schéissereien. an déi hunn dat awer geléist. Do ass op all Eck eng Kamera an op all Eck e Polizist, deen nieft der Kamera steet. An do geschitt net méi ganz vill.

Dass ee mat Kameraen net alles geléist kritt, ass ganz kloer. Et weess een awer, dass d'Kameraen dissuasiv wierken. Mer hunn eng Kamera am Lift, dee mer ëmmer futtigeschloe kritt hunn. Zënter dass d'Kamera dran ass, ass en net méi futtigeschloe ginn. Dofir mengen ech awer, dass eng Kamera eng gewëssen Dissuasioun matsechbréngt. An ech hoffen, dass déi Kamerae méiglechst schnell wäerte kënnen opgehaange ginn. Net, dass et erëm Pingpong ass, wien dann elo fir wat zoustänneg ass a wien Zougang op d'Donnéeën huet.

Et sinn elo praktesch zwee Joer gebraucht ginn, fir ze wëssen, wat fir ee Ministère dann do zoustänneg ass. Well et ass ëmmer vun deem engen op deen anere gedréckt ginn, et war keen zoustänneg. Dass dat och emol gekläert gëtt, an dass och eng Kéier e Gesetz kënnt. An do ass de Legislateur gefuerdert, fir dat kloer ze regléieren. Dat selwecht mat eise Pecherten. Déi mussen och méi Attributioune kréien. Ech mengen, dat si Leit an Uniform. A Leit an Uniform, déi hunn en Eed geschwuer. An deene muss gefollegt ginn.

Eng gutt Iddi fannen ech d'Stroossespärungen. Et kéint ee sech iwwerleeën, dat nëmmen owes ze maachen, ab enger gewësser Zäit, loosse mer soen ab 20 Auer ab 22 Auer, oder wéi och ëmmer. Dass zou wier, dass een net méi dierft duerchfueren. Esou kéint keen Drogendealer méi direkt bäifueren, seng Droge verkafen an erëm fortfueren.

Wéi gesot, de Staat muss de Kader setzen, fir dass mer net hei iergendwéi an eng Anarchie verfalen. Law & Order muss nach ëmmer herrschen.

Domat wéilt ech dann ofschléissen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller. Duerno wär dann Zäit, zu de Konklusiounen ze kommen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dëst ass en Debat, deen eis alleguerten eppes ugeet. Erlaabt mer och, nodeems den Här Altmeisch fir d'LSAP schonn zum groussen Deel op Konklusiounen a Revendicatiounen agaangen ass, nach e puer perséinlech Bemierkunge bäizefügen.

Ech war schockéiert iwwert den Artikel den 28. Januar dëst Joer an der Lëtzebuerger Dagespress, mat Stellungnam vun den Anrainer iwwert d'Virfäll ronderëm de Parc Gerlache.

Ech sinn net der Meenung, dass d'Press nëmmen Negatives erëmginn huet. D'Press huet just dat erëmginn, wat déi Bierger der Press matgedeelt hunn.

An obwuel d'Anrainer eng Biergerinitiativ wëllen an d'Liewe ruffen, spiert een eng gewësse Resignatioun. Och bedauere si den Dialogmangel vun de responsabele Politiker. Dir waart awer schonn dorop agaangen, Madamm Buergermeeschter.

Anrainer an och d'ACOMM hunn am Dezember schonn, no den Debatte vum Budget, an der Ukënnegung, dass d'Gemeng de Kontrakt mat der privater Sécherheetsfirma net méi géif verlängeren, e Bréif un d'Buergermeeschtesch geschéckt. Ech muss soen, de Gemengerot war heiriwwer net informéiert!

An enger Reaktioun huet de Schäfferot e Communiqué de presse erausginn, an deem versicht ginn ass, dës Decisioun ze erklären. D'LSAP hat vun Ufank un d'Initiativ vun der privater Sécherheetsfirma kritiséiert an hat verlaangt, dass dës Aufgab vun eisen Agents communaux sollt iwwerholl ginn. Wat och um Niveau vum zoustännege Ministère fir Sécherheet ënnerstëtzt ginn ass.

*lité est nettement plus bas. Il cite l'exemple de New York, même si la comparaison est difficile. À Time Square, c'était le bordel: trafic de drogue, bagarres, coups de feu… Aujourd'hui, il y a une caméra et un policier à chaque coin et le quartier est tranquille.*
*L'installation de caméras constitue une mesure dissuasive. Depuis qu'il a une caméra, l'ascenseur n'a plus été cassé. C'est pourquoi Tom Ulveling espère que les caméras seront bientôt en place sans que l'on perde du temps à discuter pour savoir qui aura accès à quelles données.*
*Il a fallu deux ans pour comprendre quel ministère était compétent en la matière. Maintenant, il faut une loi. Le législateur doit prendre ses responsabilités. La même chose est vraie pour les agents municipaux, qui ont besoin de nouvelles attributions. Après tout, ils portent l'uniforme.*
*Fermer les routes à la circulation à certains horaires — par exemple à partir de 20 h ou 22 h — est une bonne idée.*
*En tout cas, l'État doit fixer le cadre pour qu'on ne tombe pas dans une anarchie.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que ce débat concerne tout le monde. Monsieur Altmeisch a présenté les revendications du LSAP. Erny Muller va faire quelques remarques.*
*Il a été choqué de lire un article de presse daté du 28 janvier dans lequel les riverains du parc prennent position. Il n'a pas l'impression que la presse n'écrit que du négatif. Elle n'a fait que rapporter ce que les citoyens ont dit. Ceux-ci veulent créer une initiative citoyenne et regrettent le manque de dialogue avec la politique.*
*Les riverains et l'ACOMM ont envoyé une lettre à la bourgmestre en décembre, quand ils ont appris que le contrat avec la société de gardiennage allait être résilié. Au départ, les socialistes étaient contraires à une société de gardiennage et pensaient que les agents municipaux pouvaient remplir cette mission. C'est aussi ce que préconisait le ministère.*
*Trois nouveaux agents municipaux devaient être recrutés et formés. Mais rien n'a été fait. Le manque de*

*réaction de la part de la commune a créé un vide dans le parc et le café. La tentative d'inclure les agents municipaux dans les mesures de sécurité a échoué pour le moment.*
*C'est pourquoi Erny Muller comprend que monsieur Meisch demande le retour des agents de sécurité. Ce serait mieux que rien. En tout cas, il est temps de réagir. Et si les agents municipaux ne sont pas acceptés par la population, il faudra sensibiliser celle-ci à leurs nouvelles tâches.*
*Pour ce qui est de la formation, elle pourrait se faire sur le tas grâce à des patrouilles avec la police ou les éducateurs de rue.*
*Le collège échevinal a pris quelques initiatives tardives comme l'amélioration de l'éclairage dans le parc Gerlache et la rue du Chemin-de-Fer. Celle-ci relie directement le parking du contournement au centre-ville.*
*Erny Muller salue les initiatives concernant CollecDiff, les maisons des jeunes et Outreach Youthwork. À long terme, elles apporteront des résultats. Mais elles ne résoudront certainement pas le problème des groupes de jeunes. Les initiatives doivent être plus ciblées. Qu'en pensent les éducateurs de rue ? Il a été question d'eux aujourd'hui. Pour que le conseil communal puisse faire son travail correctement, chercher des solutions et faire des propositions, il doit connaitre les détails du terrain. Autrement, les conseillers communaux ne peuvent pas agir dans l'intérêt de la population.*
*Erny Muller demande par ailleurs que le conseil communal soit inclus dans les différents comités comme le comité de prévention. Monsieur Altmeisch a proposé d'y participer en raison de son expérience professionnelle. Erny Muller regrette que la majorité ne veuille pas. Car une réforme ou un développement du comité de prévention sont devenus nécessaires. Erny Muller a cependant entendu dire que, le cas échéant, le comité serait étendu à des gens ayant l'expérience du terrain.*
*Monsieur Bertinelli a parlé des voisins vigilants, une initiative française. En France, les caméras de*

Allerdéngs sollt dofir d'Zuel vun den Agenten ëm dräi Unitéiten eropgoen an dës eng speziell Formatioun kréien. Mee weeder dat eent nach dat anert ass geschitt. Et ass dofir, menger Meenung no, speziell um Plang ronderëm de Parc Gerlache an de betreffende Café e sougenannte Vide entstanen, well net richteg reagéiert gouf.

Haut si mer gewuer ginn, dass probéiert ginn ass, d'Agenten do matanzebannen. Mee et kann ee soen, fir de Moment op jidde Fall, dass dat gescheitert ass.

An da kann ech och verstoen, wann hei erëm d'Fuerderung no den Agents de sécurité vun enger privater Firma kënnt, wéi vum Här Meisch zum Beispill. Well momentan hu mer op deem Plang näischt méi en place. Dat heescht, mir hunn dat komplett opginn. An do misste mer awer sou schnell wéi méiglech reagéieren, wéi mer et wëlles haten, dass mer dat duerchgezu kréien.

Et gëtt bestëmmt Méiglechkeeten. Wann déi Agenten net direkt akzeptéiert ginn an hirer neier Aufgab, da gëtt et do Moyenen, fir der Populatioun dat bäizebréngen, dass dat elo eng Aufgab vun dëse Leit ass.

Wat d'Formatioun ubelaangt, do kann een och eng Formation sur le tas maachen. Dat heescht, dass si souwuel a Begleedung vun der Police wéi och vun de Streetworker géifen Toure maachen, wou se geséichen, op wat et haaptsächlech ukënnt, awéiwäit och si sech kéinte mat hiren aktuelle Befugnisser do mataschalten.

Et sinn, wann och mat Verspéidung, eng Partie Initiative geholl ginn. Zum Beispill d'Verstäerkung vun der Beliichtung am Parc Gerlache. A mir begréissen och, dass d'Rue du Chemin de Fer, also d'Stroosse ronderëm matagebraff sinn.

Iwwregens d'Rue du Chemin de Fer ass och eng Strooss, wou eng direkt Verbindung ass op de Parking du Contournement an do ass och nach ee Geschäft. Ech mengen, et ass wichteg, dass dat Ganzt esou sécher wéi méiglech gemaach gëtt.

Eng weider Initiativ ass dat fënnef Mann staarkt Team vu Streetworker am Kader vum Projet CollecDiff, an och um Niveau vun de Jugendhaiser an dem Projet Outreach Youthwork. Dat sinn alles luewenswäert Initiativen, déi mëttel- a laangfristeg eppes bewierke kënnen. Eng direkt Äntwert op d'Problematik vun de Gruppen, an der Haaptsaach Jugendlecher, mat deene mir et an dësem Fall ze dinn hunn, hu si awer sécherlech net.

Dat heescht, do muss eng spezifesch Initiativ en place gesat ginn, déi direkt a méi punktuell wierksam gëtt.

Et wär interessant, emol en Avis vun de Streetworker heizou ze héieren. Et ass jo och dervu geschwat ginn haut. Si hunn, wann ech dat richteg verstanen hunn, schonn zu verschidde Pläng an de verschiddene Kommiteeën eppes dozou gesot.

Mee fir eis am Gemengerot, fir eis Aarbecht richteg maachen ze kënnen an och no Léisungen ze sichen a Propositiounen ze maachen, ass et wierklech immens wichteg, informéiert ze sinn iwwert d'Aarbecht um Terrain a méi Detailer ze kennen iwwert dat, wat d'Intervenanten um Terrain an hirem dagdeeglechen Aktivitéiten do erliewen.

Nëmmen esou kënne mir als Gewielten eng gutt Aarbecht am Sënn vun der Sécherheet an der Liewensqualitéit vun eise Biergerinnen a Bierger maachen.

Och musse mir um Niveau vun de besteeënde Gremien, wéi zum Beispill dem Comité de prévention, matagebonne ginn. Den Här Altmeisch huet sech duerch seng laangjäreg Erfarung um professionelle Plang ugebueden, am Comité de prévention matzeschaffen. D'Majoritéit ass awer net op dës Offer agaangen. Wat ze bedaueren ass.

Eng Reform vum Comité de prévention oder eng Erweiderung vum Groupe élargie drängt sech fërmlech op. Ech war awer frou ze héieren, dass dat schonn an deem Sënn deelweis funktionéiert. Dat heescht de Comité de prévention gëtt, wann et néideg ass, erweidert mat Leit vum Terrain déi hiren Appui, hir Iddie kënnen abréngen an déi Problematik a punkto Sécherheet.

Den Här Bertinelli ass op eng Initiativ agaangen, déi a Frankräich an de Stied gang und gäbe ass. Dat ass déi Initiativ vun de Voisins vigilants. Ech mengen, dat ass do eng Institutioun. An och d'Kameraen, déi gi laang net esou mat Bedenken ugesi wéi dat bei eis de Fall ass. An déi Voisins vigilants, dat ass ugezeechent an de Quartieren, dass et déi Initiativ gëtt, mat spezielle Schëlter. Jiddwereen ass driwwer informéiert. Et ass feste Bestanddeel vun der Gemengepolitik.

Un éischter Stell ass et wichteg, dass d'Usammlunge vu Leit, sief et Jugendlecher oder anerer, fir am Domaine public Alkohol oder esouguer Drogen ze konsuméieren, absolutt ënnerbonne gëtt. Dat schéngt mer elo eng direkt punktuell a wichteg Initiativ ze sinn. Dass mer an de Gemengereglementer an och um Niveau vun de Gesetzer eng Méiglechkeet fannen, fir esou Usammlungen ze ënnerbannen.

Dat wëllt awer net heeschen, dass anerer Jugendlecher – wéi dat och hei schonn ugeklongen ass – sech net däerfen op de Lieu-publicken treffen. A firwat net och souguer op Initiativ vun der Gemeng, dass an deem Sënn Aktivitéiten ugebuede ginn. Dass do, wéi scho gesot ginn ass, e spezielle Kader geschafe gëtt fir déi Jugendlech.

Menger Meenung no ass d'preventiv Aarbecht immens wichteg. Net eréischt anzegräifen, wann et ze spéit ass, wou mer dann esou Zeene kréie wéi elo virun enger gudder Woch.

Et ass wichteg, dass Leit do sinn, dass d'Police present ass, dass se do kann hikommen. Mir kéinten déi Situatiounen do vermeiden. Duerfir ass et wichteg, dass mer um Terrain sinn.

A wa mer haut véier Agents de police méi kritt hunn, wat wierklech ze begréissen ass, da musse mer awer och emol mat hinne schwätzen, wéi vill vun deene kënnen op den Terrain goen. Oder sinn déi elo just do, fir dass mer erëm op déi selwecht Zuel kommen, fir iwwerhaapt dee ganze Beräich vun dem Kordall, wéi mer et hei gesot kritt hunn, ofgedeckt kréien? Nee. Mir mussen och fir Déifferdeng eng spezifesch Hëllef kréien. Well mir hunn déi jo gefrot. An dat ass Déifferdeng zougesprach ginn. Da musse mer och kënnen zu Déifferdeng op déi Agenten zréckgräifen.

Da kéim ech nach zum Pressecommuniqué. Eppes, wat gesot ginn ass a wou ech mer geduecht hunn: Do hues de awer nach näischt dovun héieren. Mee dat ass haut schonn zum Ausdrock komm: Dat ass d'Ausschaffe vum Sécherheetsplang, dem PLS. Do hunn ech haut méi héieren. Dee Moment, wou de Pressecommuniqué war, hunn ech mer geduecht: Wat ass dat do dann? Du hues do nach guer näischt dovun héieren. Wat ass dann elo do amgaangen ausgeschafft ze ginn?

Ech perséinlech sinn och ee vun de Vertrieder, déi soen, mir sollen op de strateegesche Plaze Kameraiwwerwaachung maachen. Hei ass wierklech dréngenden Handlungsbedarf. Mir kënnen elo net dee PLS bis an de leschten Detail ausschaffen a soen: Sou, elo hu mer eppes. An dat dauert dann nach méintelaang, an dann hu mer eppes, an da kënne mer duerfueren. Nee. Elo muss eng Prioritéitelëscht opgesat ginn, fir mat deem wierklech Wichtegsten an Akuutsten unzefänken, do Moyenen en place setzen an da lues a lues déi aner bäischalten. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech huelen dat esou mat an de PLS. Dat kucke mer. Déi Saach mat den Agenten: Wéi gesot, ufanks Mäerz ass eng Reunioun mat der Police, mat dem Minister, mat eis virgesinn, fir ze kucken. Well dat och eis Begier ass, dass d'Agenten op der Plaz solle sinn. Dass se dobausse solle sinn. Do si mer eis alleguer eens.

Ech huelen dat esou mat dohinner. Villmools merci.

Den Här Mangen, wannechgelift.

#### SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll d'Gemeng e bëssen a Schutz huelen. D'Gemeng fuerdert scho säit Joren – zumindest déi Zäit, wéi ech am Comité de prévention war, ass dat ëmmer erëm betount ginn – eng Police de quartier.

*surveillance existent depuis longtemps. Des panneaux informent les habitants des quartiers de la présence de voisins vigilants.*
*Il est primordial de lutter contre les regroupements pour boire de l'alcool et consommer de la drogue. Le collège échevinal doit rapidement amender les règlements communaux dans ce sens.*
*Bien entendu, cela ne signifie pas que les jeunes ne peuvent pas se retrouver dans les espaces publics. La Ville de Differdange pourrait même leur proposer des activités.*
*Il est important que la police soit présente dans le centre-ville pour prévenir certaines situations. C'est pourquoi Erny Muller voudrait savoir combien des quatre agents de police supplémentaires vont travailler sur le terrain. Differdange a besoin d'un soutien spécifique. Or ces agents sont responsables de tout le Kordall. Mais c'est la Ville de Differdange qui a demandé plus d'agents.*
*Erny Muller a été surpris d'apprendre l'existence d'un plan local de sécurité dans un communiqué de presse. Il ne savait pas ce que c'était.*
*Pour Erny Muller, il faut installer des caméras de surveillances aux endroits stratégiques. La commune ne peut pas attendre que le plan local de sécurité soit élaboré dans les moindres détails. Il est temps de dresser une liste des priorités et de se donner les moyens de prendre des mesures.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que début mars aura lieu une réunion avec la police et le ministre des quatre nouveaux agents. Le collège échevinal souhaite qu'ils patrouillent à Differdange.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *tient à défendre la commune. Celle-ci demande depuis des années une police de quartier.*

*Malheureusement, la police de quartier n'existe plus. La Ville de Differdange s'en plaint tous les ans et a même été attaquée par celui qui a changé la loi. Peut-être le conseil communal pourrait-il rédiger une telle demande dans son ensemble ? En tout cas, cela n'a rien à voir avec Differdange en particulier.*
*Pour ce qui est bodycams, monsieur Ulveling a déjà parlé de ces images terribles. Les policiers ne peuvent pas se défendre. Et les gens autour les filment. Certaines communes ont même demandé aux gens de leur mettre leurs portables à disposition. Pour Robert Mangen, c'est effrayant. Il répète que les policiers ne peuvent même pas se défendre. Des bodycams leur permettraient de se défendre ensuite.*
*Le travail d'agent de police n'est pas des plus agréables. C'est comme dans les hôpitaux, où les infirmières font continuellement de la paperasserie. Si les policiers remplissent des documents, ils ne peuvent pas être sur le terrain. Mais cela aussi est une question nationale. Le conseil communal ne peut qu'adresser des demandes au ministère.*
*La Chambre compte de nombreux députés-maires. Pourquoi ne mènent-ils pas ce type de discussions ? Car les problèmes ne touchent pas que Differdange.*
*Robert Mangen tient à défendre monsieur Kox concernant le manque de policiers. Il ne peut pas tout arranger en quelques mois. Le processus va prendre du temps.*
*Dehors, les gens ne peuvent pas faire ce qu'ils veulent. Il y a des lois. Les agents municipaux vont voir leurs compétences s'élargir. Mais c'est la police qui doit agir en matière de répression.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se dit lui aussi choqué par les images de la semaine dernière. Tous les habitants, tous les hommes politiques et tous les agents de police doivent agir. Il faudra notamment définir des mesures dans le domaine social et le domaine de la prévention.*
*Il y a une certaine urgence. Il faut donc apporter des réponses. C'est ce qu'attendent les gens.*

Dat ass leider gesetzlech ofgeschaaft ginn. Dat kënne mer net maachen. Mir widderhuelen dat all Joer, datt mer dat wëllen. Deelweis si mer och schonn do e bëssen ugegraff ginn, wa mer dat gefuerdert hunn, vun deem, deen dat gemaach huet. Ech nennen elo keen Numm.

Mee déi Demande, déi musse mer erëm maachen. Vläicht kënne mer hei am Gemengerot nach eng Kéier beschwätzen, fir esou eng Demande ze maachen.

Dat läit net un der Gemeng. Dat ass wierklech national, wou een déi Ufro muss maachen.

Dat selwecht ass mat de Bodycams, déi gefrot ginn. Wann een déi Biller gesäit, wou déi Polizisten ugegraff ginn, den Här Ulveling huet dat scho gesot, dat ass erschreckend. Si hu keng Méiglechkeet, fir sech ze wieren. Et si Leit ronderëm, déi zeechne mat de Kameraen op.

Et gouf Opriff op anere Plaze vu Gemengen, wou d'Police och ugegraff ginn ass, a wou da gefrot ginn ass: Stellt ons Är Handyen zur Verfügung mat de Biller, déi Der gemaach hutt. Ech fannen dat perséinlech – ech schwätzen elo net als Politiker, mee einfach als Persoun –, wierklech ganz schrecklech, wat do gefrot ginn ass. An déi Leit, déi um Terrain sinn, déi kënne sech net wieren.

Mat Bodykamera oder esou huet d'Police wéinstens eng Méiglechkeet, sech awer do kënnen ze wieren. Ech mengen, dat ass och eng Demande, déi ee muss maachen.

Ech hat schonn an der Budgetspresentatioun gesot: D'Aarbecht vun der Police ass net ganz agreabel. Ech gesinn dat och an de Spideeler, mat den Infirmièren, all déi Paperassen, déi ee muss maachen. Déi Zäit, wou déi Leit am Büro sinn an hir Pabeiere musse schreiwen, kënne se net um Terrain sinn. Dat muss reforméiert ginn, administrativ gereegelt ginn.

Dat ass och erëm national, wou dat muss geschéien. Datt se mol zumindest eng Erliichterung kréie vun de Pabeieren, déi se maachen. Fir datt se méi kënnen um Terrain sinn. Dat sinn alles Saachen, déi mer als Gemengerot kënne fuerderen. An datt eng Diskussioun doriwwer kënnt.

Esou vill Député-mairë sëtzen an der Chamber. Déi Problemer, déi mir hei hunn, déi sinn net nëmmen hei zu Déifferdeng. Déi gëtt et och an anere Gemengen. Firwat kënnt keen drop, fir d'Gesetz, wann ee mierkt, datt dat net richteg ass, fir dat mol ze änneren. Déi Diskussiounen, déi musse fir mech och gefouert ginn.

Kameraen. Dorop ginn ech net méi an. Ech hu gesot, Bodycams si wichteg fir d'Police.

De Problem vum Personalmangel vun der Police ass ugeschwat ginn. Do muss ech den Här Kox a Schutz huelen. Dat hunn ech och schonn hei gemaach. Hie kann dat elo net innerhalb vun e puer Méint änneren. Dat ass e Prozess vu laanger Dauer. An do musse mer eebe leider waarden, bis Leit op den Terrain kommen.

Et kann net jiddwereen op der Strooss decidéieren, wat gemaach gëtt. D'Rechter musse respektéiert ginn. D'Pecherte kréien elo e bësse méi Rechter. Mee d'Haaptrechter, déi leien awer nach ëmmer bei der Police, déi repressiv sinn. An ech mengen, do musse mer d'Recht natierlech uwenden. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Ech ginn nach d'Wuert un den Här Schwachtgen an da schléisse mer d'Ronn of mat enger Konklusioun vum Här Krecké. Wannechgelift, Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, déi Biller, déi hu mech och schockéiert d'lescht Woch. An och déi Aktiounen duerno. Jiddwereen, deen do wunnt, jiddweree vun der Populatioun, all Politiker, all Agent an och d'Regierung mussen elo handelen. Mir mussen handelen.

Ee Wee ass deen: Wat fir eng Methode gi mer eis an Zukunft – dat dauert(!) –, fir am soziale Beräich virzegoen? Am

repressive Beräich? Am preventive Beräich? Mir hunn e gewëssenen État d'urgence, stellen ech fest. An deen État d'urgence, dee muss elo Äntwerte kréien. D'Leit waarden drop: Wat geschitt elo? Net, wat mir elo palaveren hei fir d'Zukunft.

An dat geet all Partei eppes un. An ech verwiere mech och géint all Parteipolitik. Jiddweree sëtzt an der Regierung. Jiddweree sëtzt hei am Schäfferot, vun alle Parteien. Mat Ausnam vum Här Weirich a vum Här Ruckert.

Ech hunn Är Stellungname ganz, ganz gutt fonnt. Speziell och dem Här Ruckert seng Interventiounen am Sozialberäich. Déifferdeng ass en Hotspot am Sozialberäich, am Immigratiounsberäich an alles, wat dat mat sech bréngt, och e racialen Hannergrond dacks. Et schwätzt keen et un heibannen.

Mee et ass ganz dacks och deen Hannergrond. Wann d'Police mer zielt, si ginn esou ugemaach. A wann och Lëtzebuerger mer zielen, et sinn déi an esou virun. Dat spillt mat an de Käpp vun de Leit. Et spillt mat an der Onsécherheet vun de Leit. A mer däerfen dat, wannechgelift, net ausse vir loossen an eisen Iwwerleeungen.

Fir mech ass e Punkt iwwerschratt ginn, d'lescht Woch, mat där Kläpp op d'Polizisten. Déi, zouginnenermoossen, vläicht ze naiv waren, sech mat engem Grupp vun 12-15 – oder ech weess net wéi vill Leit et waren – „unzeleeën". Déi hu geduecht: Mir kréie Respekt, wa mer mat der Uniform kommen, denken ech. Dee Respekt ass net méi do. An dat musse mer erkennen.

D'Gewaltbereetschaft, duerch divers Ëmstänn, ass vill méi grouss ginn. Dat gesi mer beim Autofueren. Dat gesi mer beim Mord zu Péiteng. Dat gesi mer an der Stad bei Maniffen an esou virun.

Eis Gesellschaft wiisst. Eis Gesellschaft kritt aner Hannergrënn. A mir mussen dorobber reagéieren. Reagéieren elo zu Déifferdeng. Eis Bierger verlaangen, dass mir ab nächster Woch e puer Léisunge fannen. An net soen: An dräi Joer kréie mer vläicht e puer Poliziste méi.

Ech si frou ze héieren – dat hu mer jo constatéiert –, dass eise Schäfferot déi lescht zwee, dräi Joer amgaang ass, dorunner ze schaffen. Ech sinn och frou, dass de Ministère oder eis Regierung endlech reagéiert huet, fir d'Polizei-Effectiver eropzesetzen. Dass mer zu Déifferdeng oder hei am „Bassin de la chiers" véier Leit méi kritt hunn.

Mee dat geet net duer, fir direkt aktiv ze ginn. Och d'Kombinatioun Action sociale, action préventive an action répressive muss klappen. An dësem Moment, am akute Moment, muss déi repressiv och eng Äntwert kréien dobaussen.

Dofir mussen déi dräi Corpsen: d'Police, d'Agents municipaux an d'Agents sociaux zesummeschaffen. Enk zesummeschaffen. Dat ass e Punkt, dee ganz, ganz wichteg ass. An no enger gewësser Methodologie virgoen.

A mengen Aen déngt et elo näischt – also et déngt schonn, den Effectif vun der Police ze erhéijen. Meng Virstellung, déi mer och kuerz diskutéiert hunn, dass am Polizeicorps eng Ekipp muss fräigestallt ginn, fir Aktiounen um Terrain ze maachen, op Hotspots, fir permanent do ze sinn, sou vill wéi méiglech, 24 Stonnen op 24, wann d'Demande kënnt.

Déi Demande kann ënnerstëtzt gi mat Agents municipaux an/oder Agents municipaux souwéi och mat den Agents sociaux Kontakt ophuelen. Wann et enzwousch brennt, musse mir kënnen do sinn.

Ech hunn et gëschter Owend verglach mat dem CGDIS: Si hunn eng extra Unitéit um Findel. Déi ass nëmmen do fir de Flughafen-Déngscht ze maachen, am Fall, wann et do brennt. Déi si 24 Stonnen op 24 do.

A mir mussen och hei am Süden, am Kordall, egal wéi, mat de Pro-Sud-Gemengen oder mat de Kordall-Gemengen, esou eng Ekipp hunn, déi kann agräifen, wann et brennt. Wann et net brennt, tant mieux.

Da kann et vläicht sinn, dass eis aner Demarchen, eis aner Ustrengungen am soziale Beräich fonctionéieren. Da brauche mer déi vläicht iergendwann net méi oder net méi vill. Da kënne se op aner Plazen hëllefe goen. Mee et geet net, dass vun dräi Polizeiween een zu

*Chaque parti politique est concerné. À l'exception de monsieur Ruckert et de monsieur Weirich, tout le monde fait partie du gouvernement.*

*Frenz Schwachtgen tient à saluer l'intervention de monsieur Ruckert concernant le volet social. Differdange est un point chaud du point de vue social et du point de vue de l'immigration. Mais personne n'en parle.*

*Frenz Schwachtgen entend dire ce qui arrive à la police. Les Luxembourgeois lui racontent qu'il s'agit de telles ou telles personnes. Tout cela contribue au sentiment d'insécurité. Il faut réfléchir à ces questions.*

*Pour Frenz Schwachtgen, un point de non-retour a été franchi la semaine dernière quand les policiers ont été agressés. Ceux-ci se sont montrés naïfs, car l'uniforme ne suffit plus pour se faire respecter. Les gens sont davantage disposés à recourir à la violence de nos jours.*

*La commune doit réagir face à la croissance de la population. Les citoyens attendent des réponses maintenant, pas dans trois ans.*

*Frenz Schwachtgen salue les recrutements de policiers. Le Kordall disposera de quatre agents supplémentaires. Mais cela ne suffit pas. Il faut combiner les actions sociales, préventives et répressives. Une collaboration méthodique entre la police, les agents municipaux et les agents sociaux est essentielle dans ce contexte.*

*Idéalement, une équipe de policiers devrait se tenir prête à intervenir aux endroits chauds 24 h/24 sur demande. Elle pourrait être soutenue par les agents municipaux et les agents sociaux. Le CGDIS, par exemple, dispose d'une unité spéciale au Findel. Elle ne s'occupe que de l'aéroport 24 h/24.*

*Pour Frenz Schwachtgen, il faut une équipe similaire dans le Kordall ou dans les communes du Prosud pour intervenir quand il le faut.*

*Les efforts sociaux porteront peut-être leurs fruits. Peut-être qu'un jour, Differdange n'aura plus besoin d'éducateurs de rue. Mais en attendant, il est inadmissible que sur trois patrouilles, une s'occupe d'un petit accident à Pétange, l'autre d'une dispute de voisinage à*

*Belvaux et la troisième se trouve ailleurs quand il y a le feu à Differdange. Des équipes doivent pouvoir intervenir au besoin.*
*Frenz Schwachtgen salue les contrôles effectués cette semaine dans le centre. Il ne connait pas les détails concernant le groupe visé, mais la question peut être abordée dans une séance à huis clos.*
*La demande de monsieur Muller concernant la participation du conseil communal au plan local de sécurité est pertinente. Les conseillers communaux sont assermentés et doivent se taire. Mais ils pourraient au moins débattre en connaissance de cause.*
*La commune ferait bien de discuter à nouveau avec le ministre pour obtenir des réponses rapides. Il est inadmissible que les gens appellent la police à 2 h du matin à cause du bruit, mais que celle-ci ne soit pas disponible. Il faut soutenir les citoyens et faire comprendre à ceux qui ne respectent pas les règles que la limite est atteinte. Les policiers auraient pu être passés à tabac la semaine dernière.*
*L'intervention qui a suivi a été exemplaire, car la situation était dangereuse.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*rappelle qu'actuellement, les agents municipaux ont un rôle clairement défini : le stationnement. La commune ne peut pas leur octroyer d'autres missions. Les intégrer aux patrouilles est donc difficile.*
*Les agents municipaux ont un rôle répressif. La nouvelle loi devrait leur accorder des compétences en matière d'incivilités. Christiane Brassel-Rausch sait bien que ce sont eux qui sont sur le terrain, mais elle ne peut pas leur octroyer des fonctions non prévues par la loi. Elle répète que pour le moment, leur rôle se limite au stationnement, mais la commune trouvera peut-être une solution.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**
*va résumer ce qui a été dit pour pouvoir prendre une décision.*
*Il a beaucoup été question de l'incident de lundi. Henri Krecké rappelle que dès lundi soir, la bourgmestre a pris contact avec InBev. Entretemps, InBev a réagi*

Péiteng steet, e klengen Accident ophuelen, een zu Bieles, deen en Noperschaftssträit schlicht an een, deen iergendwou ënnerwee ass, wann et an der Wierkstrooss bei eis brennt.

Mir mussen Ekippen hunn, déi kënne kommen. Grad an dësem Moment. An ech begréissen ausdrécklech, dass dës Woch schonn där Aktioune waren am Zentrum, wou méi Kontrolle gemaach si ginn. Well dee Grupp, dee mer elo do hunn – ech kennen en net, ech kennen d'Detailer net alleguerten. Ech mengen, dat gehéiert och net an eng ëffentlech Sitzung, mir sollen eis do méi informéiere loossen an enger netëffentlecher Sitzung.

Déi Demande géif ech och ënnerstëtzen, déi den Här Muller gemaach huet, wou mer mat eise Leit vum Plan local de la sécurité respektiv och mat der Police zesummekommen, fir méi gewuer ze ginn. Mir sinn all vereedegt. Mir mussen de Mond halen. Mee mir kënnen dann awer méi en connaissance de cause schwätzen an net vun iergendeppes schwätzen, wou een hallef informéiert ass. Fir eis vun deene beroden ze loossen.

Mir sollten och nach eng Kéier mam Minister schwätzen, dass mer fir eise konkreete Fall eng schnell Äntwert kréien.

Ech huelen ee Beispill aus eiser Versammlung vu gëschter Owend. E kann net sinn, dass elo an dësem Moment, loosse mer soen, d'Bierger reklaméieren, well nuets um zwou Auer nach ganz haart Musek an där Strooss ass an d'Police gëtt ugeruff, a si huet keng Zäit oder keng Disponibilitéit fir dohinner kucken ze goen.

Ech fannen, an dëser Situatioun musse mer dohinner kucke goen. Mir mussen d'Bierger ënnerstëtzen. A mir mussen och deene Leit soen, déi sech u keng Reegelen halen, dass mir eng Limitt erreecht hunn. Et hätt vill méi schro ausgoe kënnen! Stellt Iech emol vir, déi zwee Poliziste vun der leschter Woch wieren tabasséiert ginn.

Den Asaz vun der Police dee war virbildlech, muss ee soen. Deen hat zwar och vill Risiken, well ech hat déi sechs Polizeiween, déi vun Nidderkuer, Suessem a Péiteng komm sinn, ënnerwee begéint. Dat war net ganz ongeféierlech fir déi Leit, déi iwwert d'Strooss gaange si respektiv mam Auto ënnerwee waren. Stellt Iech vir, déi wieren net zur Zäit do gewiescht! Viru wat fir engem Schued géife mer elo haut stoen?

An dat däerf net méi passéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. D'Agent-municipallen hunn e ganz kloer definéierte Rôle. Si sinn do fir de rouende Verkéier. Mir kënnen hinnen näischt aneschters opzwéngen. Déi Iddi, si méi matanzebannen, dass se duerch d'Stroosse ginn – déi Leit am PLS soen, dat gëtt schwiereg. Hir Funktioun ass repressiv.

D'Iddi ass se elo vläicht, kommunikativ mat op de Wee ze huelen, d'Gesetz ass nach net duerch, fir Incivilitéiten. Dat kréie se vum Gesetz zougesot. Mir als Gemeng probéiere jo nach, op en anere Wee ze goen. Mee ob e gangbar ass, dat musse mer nach kucken. Well si sinn déi, déi wierklech um Terrain sinn. Mir kënnen hinnen, oder ech kann hinne keng Attributiounen zouschousteren, déi si net hu vum Gesetz hier.

Also just, dass dat ganz kloer ass. Am Moment ass den Agents municipaux hir Roll ganz kloer op de rouende Verkéier limitéiert. A vläicht fanne mir als Gemeng eng aner Léisung. Vläicht kréie mer eng Erleuchtung.

Här Krecké, et ass un Iech. Da komme mer zu de Konklusiounen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Gudde Moien. Et ass ganz vill gesot ginn. Ech wéilt resüméieren, wat vun alle Parteibänke festgehale ginn ass an dass mer do objektiv vläicht och eppes gemeinsam haut decidéieren.

Virop den Historique: Vun e Méindeg ass vill geschwat ginn. Ech hänken do gären nach e puer Saachen drun. Direkt méindes owes huet eis Buergermeeschtesch – hei an der Emotioun gi vläicht Saache mol vergiess – bei der InBev reagéiert. Ech huele mer d'Erlabnis, mat Nimm ze kommen.

Ech wäert net Feel bleiwen, och Nimm ze nennen. Ech huelen dat op meng eege Kap dann als Verwaltung, wéi och ëmmer. InBev ass kontaktéiert gi vun eis an huet reagéiert. Net méi spéit wéi dëse Méindeg a gëschter waren Interaktiounen tëschent der Direktioun vun der Brauerei an dem Gerant vum Eclat sportif. An do sinn och Konklusiounen um Dësch, wou mer och haut kënnen eng Decisioun dorop huelen. Eng brauchbar Decisioun, mat direktem Inhalt a mat enger direkter Reaktioun vun der Stad Déifferdeng.

Duerfir wäert ech Iech och elo präisginn, wat mer zënter haut de Moie wëssen a wou och eng Decisioun ka vum Gemengerot geholl ginn, wou et justement ëm de Fonds de commerce vun deem besote Café geet, wou mer kéinten eng Aktioun als Stad Déifferdeng drasetzen.

Mee fir d'éischt zu de Streetworker. Dat ass oft genannt ginn. Ech géif proposéieren, dass Der fir den 2. Mäerz spéitstens, oder och schonn éischter, ee Rapport kritt. Et leie scho ganz vill Zuele vir. Streetwork ass eng Ulafstell fir jiddermann. Ob dat elo fir déi Jonk ass, ob dat fir d'Anrainer ass. A si hu scho ganz vill Hëllefstellung geleescht.

Deemnächst kréie si eng besser Identifikatioun, dass ee se besser erkennt, dass se eng gemeinsam Identitéit hunn, wat laang gefeelt huet. Dass ee se och gutt am Park erkennt, wa se do sinn. Mir liwweren Iech dee Rapport zimmlech zäitno.

Et waren dräi Reunioune vum PLS. Do muss ech virausschécken, dat wëll ech preziséieren: Déi éischt Ekippen, déi elo dru schaffen, dat sinn, ech nenne se einfach Technokraten. Et ass just d'Buergermeeschtesch, déi an hirer Polizeiroll als Buergermeeschtesch op där Befugnis matpresidéiert. An de Rescht sinn d'Assistant-sociauxen, Streetwork, d'Douane, d'Police, eis Jugendaarbechter, den Office social an d'Agents municipaux. Et ass ee ganze Gremium vun deene Leit, deen doru schafft, fir eis en éischten Entworf op den Dësch ze leeën, deen dann och politesch ka beschwat ginn.

Mee an enger éischter Phas, fir emol déi éischt Ebauche stoen ze hunn, sinn et d'Acteure vum Terrain, déi wierklech déi d'Situatioun jo am beschte kennen, déi eis een éischten Entworf op den Dësch leeën, ier een an déi politesch Gremie geet.

Mer kucken, esou séier wéi méiglech deen éischten Entworf, e wéineg méi op de Gas ze drécken, wéi et elo schonn ass. Mee dass mer eis eng Zäitspan ginn, soe mer fir d'Fréijoer, bannend där Zäit, en éischten Entworf soll stoen.

Et ass vun de Kamerae geschwat ginn. Och do eng Propos elo fir d'Verwaltung. Am Budget stinn 200.000 Euro. Wann ech einfach d'Erlabnis froe vum Gemengerot, dass mer d'urgence iwwer Marché négocié kënnen Ekipementer uschafen.

Et ass elo vill vun Asätz vun der Kamera, vu ville Méiglechkeete geschwat ginn. Hei geet et drëms, dass d'Polizei fir eng Beweisermëttlung op déi Kamerabiller zréckgräife kann. Et gëtt net drëm, en temps réel iwwerwaacht a gefilmt ze ginn. Et gëtt passiv gefilmt, wann ech dat esou däerf nennen. A wann eng Kéier eng Strofdot wär, a si wär am Wierkungskrees vun enger Kamera, dass déi Kamerabiller a posteriori kënnen als Beweismaterial agesat ginn. Et ass an deem Sënn, wéi se sollen an den Asaz kommen.

Mir wéilten zimmlech drénglech a schnell déi Budgetskreditter, déi mer elo hunn, asetzen, fir déi Kameraen ze bestellen. An an enger séierster Aktioun och ze amenagéieren. Wann dat kéint esou validéiert ginn.

Kuerz nach zu der Police. Leschte Freideg hat de Schäfferot de Regionaldirekter vun Esch bei sech. Zanter e Méindeg, vläicht huet munch een dat och matkritt, dass am Zentrum schonn zwee Asätz gefuer gi sinn. Déi Actes de rébellion, déi e Méindeg do stattfonnt hunn, déi ka jo kee Mënsch kal loossen, och d'Police net. Si sinn elo schonn zweemol Kontroll gefuer um Site ronderëm de Parc Gerlache. A si wäerten et net bei deenen zwou Kéiere beloossen.

Mir hunn awer och schonn am Schäfferot de Wénk ginn, an dat ass déi Saach mat der Police, wa mer eis do kéinten eens ginn, ze soen, dass mer déi Antenne mobile, oder wéi ee se och ëmmer wëllt nennen, méi Presenz, wier-

*auprès de l'Éclat sportif. Le conseil communal peut prendre une décision quant aux conclusions tirées. La commune a reçu les informations ce matin concernant le fonds de commerce du café en question. La Ville de Differdange a la possibilité d'agir.*
*Pour ce qui est des éducateurs de rue, Henri Krecké propose que le conseil communal reçoive un rapport au plus tard le 2 mars. Les chiffres sont là. Les éducateurs soutiennent tout le monde : les jeunes, les riverains… Prochainement, ils deviendront plus facilement identifiables.*
*Le plan local de sécurité s'est réuni trois fois. Les premières équipes sont composées de technocrates. Il y a la bourgmestre, des assistants sociaux, des éducateurs de rue, la douane, la police, l'office social et les agents municipaux. Dès qu'une première ébauche sera prête, les hommes politiques pourront en discuter. Mais pour le moment, il vaut mieux que les acteurs du terrain s'en occupent. Henri Krecké estime qu'une première ébauche du document pourrait être prête au printemps.*
*Le budget prévoit 200 000 € pour les caméras. Henri Krecké demande au conseil communal d'acheter de l'équipement immédiatement. La police pourra visionner les images enregistrées au besoin. Personne ne visionnera les images en direct. Les caméras filment donc de manière passive. Les images serviront de preuve le cas échéant.*
*Le collège échevinal souhaite commander les caméras rapidement et les installer ensuite. Ce point peut-il être validé ?*
*Vendredi dernier, le directeur régional de la police a rencontré le collège échevinal. Depuis lundi, la police est intervenue deux fois dans le centre-ville. Les actes de rébellion de lundi sont intolérables. D'autres interventions sont d'ores et déjà prévues.*
*Le collège échevinal a également demandé une antenne mobile de la police dans le centre-ville.*
*Cela ferait du bien au quartier et à ceux qui y habitent comme l'a souligné monsieur Bertinelli.*

*En ce qui concerne la brasserie, le collège échevinal dispose d'une proposition. La commune peut acheter le fonds de commerce pour 45 000 €. À ce moment-là, elle pourrait décider à qui octroyer la gérance du local. Si le conseil communal libère les crédits, le collège échevinal pourra agir rapidement.*
*Henri Krecké vient de résumer les mesures qui peuvent être prises aujourd'hui. Il devrait être possible d'élaborer une résolution rapidement. Un vote positif de la part du conseil communal constituerait un signal fort.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *demande si la commune peut racheter le fonds de commerce pour 45 000 €.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *suppose qu'il faudra du temps au collège échevinal pour trouver un gérant et mettre en place un projet. La brasserie touchera-t-elle un loyer pendant ce temps ? Car cela augmenterait le budget.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *demande à madame Saeul de ne pas tout mélanger. Racheter un fonds de commerce ne signifie pas en devenir propriétaire. L'immeuble appartient à Diekirch Immobilière. Il est loué à la brasserie à travers un bail commercial. Le fonds de commerce représente la valeur des installations mises en place par le gérant précédent. Ensuite, il s'agira de trouver un nouveau locataire en partenariat avec la brasserie.*
*La Ville de Differdange ne s'occupe pas de gérer des cafés. Mais elle aurait la mainmise sur le fonds de commerce et pourrait chercher la bonne solution avec la brasserie.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *remercie monsieur Krecké d'avoir clarifié les choses.*

klech méi eng representativ Presenz ronderëm den Déifferdenger Stadkär, an iergendwellecher Form, kuerzfristeg kéinten amenagéiert kréien.

Domat géife mer wierklech een Zeeche setzen, wat och dem Quartier géif guttdoen. De Leit, déi do wunnen, wat och den Här Bertinelli virdru sot. Ech mengen, dat géif ee Landmark setzen.

An eng leschte Saach: Fir op d'Brauerei zréckzekommen. Ech hunn et virdrun ugekënnegt. Mir hunn eng Propos kritt, an déi Zuel soll roueg hei gesot ginn, dass mer als Stad Déifferdeng de Fonds de commerce fir 45.000 Euro kéinte kafen.

Mir hätten den Domm drop als Stad Déifferdeng iwwer zukünfteg Bestellungen, iwwert déi zukünfteg Gerance, déi eng Kéier kënnt, a wéi enger Form se och ëmmer kadréiert soll sinn. Mee mir hätten d'Handhab, d'Mainmise an Zukunft vun deem Café. Wa mer eis de Kredit liberéieren, da kënne mer do ganz schnell an Aktioun goen. Ech mengen, dat wier och ee wichtegt Zeechen.

Dat sinn, resüméiert, déi Punkten, déi een ab haut kéint ëmsetzen. An och wéi een aus Gespréicher erausheiert, vläicht kënne mer a Form vun enger Resolutioun eppes séier opbauen. Wa mer dat géifen hei ofstëmmen, dann hätte mer, mengen ech, ee ganz wichtegt Zeeche gesat.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, wannechgelift.

### CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ech hätt eng Fro. Mir kënnen de Fonds de commerce opkafe vun deem Café bei der Brauerei fir 45.000?

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

### CHRISTIANE SAEUL (DP):

A soe mer mol, et dauert jo ëmmer eng gewëssen Zäit, bis d'Gemeng dat organiséiert huet, fir eng Nofolleg ze maachen oder fir e Projet draus ze maachen. Ass d'Brauerei dann averstanen, dass mer déi Zäit kee Loyer bezuelen? Oder kritt d'Brauerei dann nach weiderhi Loyer? Da gëtt dee Budget nach méi grouss.

### GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Net alles vermëschen! Net alles vermëschen. Ee Fonds de commerce vun engem Gerant ofkafen ass net Proprietéitsrechter vun eppes, vun enger Immobilie hunn. Et ass e wéineg méi eng komplex Saach. D'Gebai gehéiert enger anerer Gesellschaft, der Diekirch Immobilière oder wéi se och ëmmer heescht. Haut heescht se warscheinlech anescht, an der Zäit hu se mol esou geheescht.

D'Gebai gehéiert engem, an dann hues de jo och eng Konzessioun drop. An déi gëtt da verpacht mat engem Bail commercial. Dat ass d'Brauerei. De Fonds de commerce, wat mir kafen, ass am Fong geholl d'Valeur vum Gebai oder den Installatiounen, déi de Gerant virdrun do hänken huet. Déi kafe mer of. An da kucke mer zesumme mat der Brauerei, fir en neie Piechter ze fannen. Mir net selwer. Mir op kee Fall selwer.

D'Déifferdenger Stad ass net do, fir d'Caféspiecht ze maachen. Mee mir kucken zesumme mat der Brauerei, well mir dann d'Mainmise um Fonds de commerce hunn, zesummen a Partnerschaft déi richteg Léisung ze fanne vun enger Gerance.

### CHRISTIANE SAEUL (DP):

Dat heescht, déi richteg Leit, déi richteg Léisung fannen. Okay, et ass mer méi kloer. Villmools merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hätt déi selwecht Fro gehat. Verlaangt d'Brauerei dann net och eng Garantie vum Loyer? Ech ka mer jo net virstellen, dass se elo de Commerce ofgëtt, zum Beispill un d'Gemeng, an dann net gläichzäiteg e Kontrakt opsetzt, e Bail iwwer x Joren, wou de Loyer garantéiert ass. Wéi ass dann do hir Positioun derzou?

Duerch dee Fonds de commerce hätte mir natierlech d'komplett Mainmise, wéi Dir richteg gesot hutt, wie mer dann do dra setzen. Natierlech hätte mer déi 45.000 Euro dann awer och iwwer e gewëssen Zäitraum vläicht souguer à fonds perdu, hätte mer déi doran engagéiert.

(Ënnerbriechung)

Immobiliséiert. Oder mir probéieren, se erëm iwwert de Loyer zréckzekréien, wéi mer et schonn op anere Plazen hunn. Dat misst awer da gestaffelt goen. Net dass mer schonn erëm engem Commerçant, deen dann eisen Iddien no eppes do opmécht, den Hals zoudréien. An dann, wéi gesot, kéint deen iwwerhaapt net ukommen. Da misst ee kucken, eng Iddi vum Erfollegsmodell iwwer d'Jore kucken, fir dann déi Suen ze recuperéieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ganz gutt.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Esou eppes kéinte mer eis virstellen, wa mer an déi Richtung géife goen. Jo. Eventuell.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll just ganz kuerz äntweren, Här Muller. Déi Noriicht ass vun de Moien 9 Auer! Also mir haten elo nach net vill Zäit. Den Här Krecké geheit d'Propos elo just hei an de Raum. Vläicht nach de Mëtten, wann ech Zäit kréien, kann ech mech méi doraknéien, dass mer Iech im Nachhinein méi Detailer ginn.

Et geet et just ëm d'Fro prinzipiell. Wann ech den Här Krecké gutt verstanen hunn, gi mir als Gemengerot op de Wee, wann d'Detailer vun de Konditiounen et erlaben, vum gestaffelte Präis, wéi mer et och scho bei anere Commercen ugaange sinn. Mir wësse jo net, ob d'Brauerei drop ageet, mee hei ass elo prinzipiell d'Fro: Géift Dir mat op de Wee goen, dass mir als Gemeng, si les conditions sont bonnes, eis an dat Etablissement setzen a kucken, e Gerant dranzekréien?

Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Iddi ass mer sympathesch. Mee et ass awer e geféierleche Prezedenzfall, dee mer do kreéieren. Wann, da misste mer et awer esou ficeléieren, wéi den Här Muller elo sot, an deem Sënn, dass mer déi Suen net à fonds perdu, datt mer einfach elo hei eppes ofkafen an do eppes ofkafen, mee dass d'Brauerei eis ee sicht, deen dat dann iwwerhëlt, an dass deen dann awer bereet ass, dee Fonds de commerce do ze iwwerhuelen. Quitte, dass ee seet, e kann dat iwwer zéng Joer ofbezuelen oder esou. Mee et kann awer net sinn, dass d'Gemeng einfach emol 45.000 Euro ausgëtt an dann ass et dat eeben.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Meisch an Här Ruckert, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mir kënne mat der Iddi liewen, sous condition, datt mer net selwer als Gemeng eng Aktivitéit herno drasetzen. Domat hu mer jo schlecht Erfarunge gemaach, mam Casino, wou mer schonn Honnertdausenden Euro verbrannt hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Ruckert, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande si la brasserie n'exige pas une garantie de loyer. Ne prévoit-elle pas un contrat de bail de plusieurs années garantissant le loyer ?*
*Le fonds de commerce permettrait à la Ville de Differdange d'avoir la mainmise sur le futur gérant. Mais les 45 000 € seraient engagés à fonds perdu pendant un certain temps.*
*(Interruption)*
*Erny Muller suggère de récupérer ces fonds à travers le loyer. Il faudra juste faire attention de ne pas étouffer le futur gérant.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *concorde avec monsieur Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se dit plutôt d'accord avec un projet de ce type.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale que cette nouvelle est arrivée à 9 h ce matin. Elle pourra fournir les détails du contrat plus tard. Monsieur Krecké n'a fait que lancer la proposition.*
*Aujourd'hui, le conseil communal peut prendre une décision de principe. Est-il d'accord avec la proposition si les conditions sont acceptables ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *trouve l'idée sympathique, mais dangereuse. Comme l'a dit monsieur Muller, il faudra s'assurer que la commune n'investisse pas à fonds perdu. La brasserie devra chercher quelqu'un reprenant le fonds de commerce. Ce gérant pourra éventuellement rembourser la somme sur dix ans. Mais la Ville de Differdange ne peut pas dépenser 45 000 € comme cela.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se dit d'accord avec le projet à condition que la commune n'y ouvre pas sa propre activité. Il rappelle que plusieurs centaines de milliers d'euros ont été brulées dans le Petit Casino.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *a demandé tout à l'heure si le collège échevinal avait des propositions à faire. On lui a répondu que non. Et maintenant, on lui présente un projet concret.*
*Cette façon de faire n'est pas correcte. En plus, les propositions sont multiples puisqu'il est à nouveau question des caméras de surveillance. Ali Ruckert n'est pas d'accord. Il souhaite mener une discussion structurée à ce sujet. Le collège échevinal doit soumettre au conseil communal un projet concret.*
*Ali Ruckert pensait que le collège échevinal allait dresser un portrait de ce qui se passe dans le centre. Mais le collège échevinal n'a pas fait ses devoirs. Il a juste parlé de quelques éléments.*
*Le conseiller communal n'approuvera rien qui n'est pas discuté et débattu.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande à monsieur Ruckert ce qu'il n'a pas compris.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *réplique qu'il ne sait toujours pas qui sont les jeunes en question. Récemment, des amis capverdiens lui ont dit qu'il s'agirait d'une bande capverdienne. Pourquoi le collège échevinal n'en parle-t-il pas ? N'est-il pas au courant ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *exhorte le collège échevinal à informer correctement le conseil communal pour qu'il puisse discuter en connaissance de cause.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que monsieur Aguiar a essayé de répondre aux questions de monsieur Ruckert.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *n'est pas d'accord avec monsieur Ruckert. Le conseil communal a fait des propositions concrètes. La discussion a été constructive.*
*En revanche, si l'on souhaite des détails et des noms, il faudrait en parler à huis clos. Georges Liesch propose d'inviter les éducateurs et*

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, virun der Sitzung hunn ech gefrot, ob de Schäfferot net vläicht eng Resolutioun hätt oder Virschléi hätt iwwert déi ee kéint diskutéieren. Do hunn ech gesot kritt, dat wär net néideg. Elo ass d'Sitzung eriwwer, elo kréie mer hei eppes Konkreetes virgeluecht.

Wat ass dat fir eng Virgoensweis? Also ech fannen dat net ganz korrekt. Besonnesch, well et jo net nëmmen ee Virschlag ass. Et sinn elo e puer Virschléi komm. Et sinn elo erëm Virschléi mat de Kamerae komm. Ech hu gesot, dass ech prinzipiell net domat d'accord sinn.

Da musse mer awer eng strukturéiert Diskussioun féieren. An de Schäfferot muss eppes virleeën, wou mer da kënnen driwwer diskutéieren.

Ech sinn dovun ausgaangen, wéi ech heihinnerkomm sinn, dass de Schäfferot eis e Bild vun de konkreete Verhältnisser géif zeechnen, wat do wierklech lass ass am Detail. An dat ass net geschitt. Déi Hausaufgabe sinn net gemaach ginn. Hei sinn elo lues a lues e puer Elementer vun der reeller Situatioun, déi et do gëtt, op d'Tapéit komm. Mee esou geet een dach awer net vir.

Also ech sinn net bereet, hei iergendeppes elo zouzestëmmen, wann net wierklech konkreet a strukturéiert driwwer diskutéiert gëtt. Fir hei elo eppes unzehuelen an dann ze mengen, d'Situatioun wär geléist.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Ruckert, wat sidd Der elo de Moien net gewuer ginn?

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech sinn, zum Beispill, net gewuer ginn, wat ech gefrot hunn. Ëm wien handelt et sech bei deene Jugendlechen, déi do sinn? Do ass keng Äntwert drop komm.

Ech si virun e puer Deeg, wéi ech héieren hunn, dass mer déi Sitzung géife maachen, hunn ech mat e puer kapverdianesche Kolleegen aus deem Quartier do geschwat, wat ganz fei Leit sinn! Déi hu mer gesot, dat wär eng kapverdianesch Band, déi do aktiv wär. Dat ass hei nach net ugeklongen. Firwat ass dat net ugeklongen? Wësst Der dat net?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dach.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dann informéiert Iech an informéiert de Gemengerot richteg, dass mer en connaissance de cause kënnen iwwert de Problem schwätzen. An dat gëllt fir eng ganz Rëtsch Saachen hei.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Souwäit ech weess, huet den Här Aguiar probéiert, Iech op Är Fro ze äntweren.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Jo, probéiert ass net geäntwert!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ka mech dem Här Ruckert do leider net uschléissen. Ech fannen, dass dëse Moie ganz interessant war, well mer eng Panoplie vu Léisungsvirschléi vun alle Säiten héieren hunn. Ech hunn déi Diskussioun grosso modo ganz konstruktiv fonnt, mat ganz ville gudden Iddien.

Ech denken awer och, dass ee vläicht, wéi den Här Krecké et elo gemaach huet, wann een effektiv mat Nimm oder mat anere Saache wëll schaffen, dass ee vläicht eng Séance non-publique eng Kéier misst maachen, wann ee wëllt méi Detailer hunn. Ech géif déi Iddi begréissen, an enger Séance non-

publique d'Leit vum Terrain ze invitéieren. Zum Beispill d'Éducateuren, d'Police. Dass mer déi Leit géifen invitéieren, déi eis kënne Saache soen, déi dann och non-publique bleiwen.

Eng Séance publique huet e gewëssene Kader, deen een net kann iwwerschreiden. An da verstinn ech och ganz gutt, dass ee probéiert, hei kloer ze schwätzen, ouni awer dat auszereizen, wou mer iergendwou an d'Illegalitéit ginn.

Fannen dat eng gutt Iddi, déi elo annoncéiert ginn ass de Moien, vun deem Café. Ech hat a menger Uganksried jo scho gesot, dass dat eng gutt Saach ass. Do ginn ech dem Här Ruckert awer Recht. Dat ass natierlech ee Puzzlestéck.

Et ass ugeklongen, an der Mobilitéit eventuell eppes ze maachen. Fannen ech och en interessant Puzzlestéck.

E puer Saache wëllt Der jo mathuelen. Zum Beispill mat der Police, wou Der nach Saache kuckt, ënner anerem d'Presenz vun der Police am Park an esou weider.

Mir hunn de Moie vläicht keng Solution miracle fonnt, mee mir hunn et awer fäerdegbruecht, e puer Pisten opzezeechnen. Duerfir fannen ech et e bësse verfréit, fir elo aus der Hëft eraus eng Resolutioun hei erauszeschéissen. Ech mengen, et wär derwäert, eis als Parteien eng Kéier zäitno ze gesinn, fir dat zesummen ze maachen. Well ech fannen eng Resolutioun misst unanime gestëmmt ginn. Dat wär och e staarkt Zeechen. Da misste mer eis gesinn. A vläicht an engem nächste Gemengerot, dee jo net méi allze laang ass, dass een dann déi Resolutioun géif stëmmen, déi mer zesummen dann och alleguerten opgebaut hunn. Dat wär mol meng Propos.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir fannen déi och ganz sympathesch an de Léisungsvirschlag, wou eis jo net méi ganz vill iwwreg bleift, dee Fonds de commerce do ze kafen. Mee mir als LSAP, wa mer net mat eiser Fraktioun geschwat hunn an eis do e Feux vert ofgeholl hunn, di mer eis ganz schwéier, fir direkt elo esou eng Decisioun ze huelen. Duerfir fannen ech dem Här Liesch seng Propositioun gutt, datt mer sollten à tête reposée e Screening maachen a mat all eise Leit driwwer diskutéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Bertinelli. Zäitno. D'nächst Woch ass Vakanz. Da muss ee kucken, no der Vakanz, wann Der bereet sidd, da maache mer nach e Gemengerot.

Den 2. Mäerz ass schonn een. Da misste mer eng Non-publique virgesinn. Dann invitéiere mer déi Leit, déi dann Är Uspriechpartner wäerte sinn, wou mer Informatiounen erausginn. An och d'Resolutioun preparéieren a kucken, op e gemeinsamen Nenner ze kommen.

Ëmmer, wéi gesot, am Interêt vun de Bierger vun eiser Stad!

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Ausdauer. Et war e flott Gespréich. Der Press och villmools merci.

*la police à une séance non publique. Car la séance publique se déroule dans un cadre prédéfini. La commune doit donc se montrer claire sans entrer dans l'illégalité.*
*Georges Liesch soutient le projet concernant le café. Il l'a déjà dit tout à l'heure. Mais monsieur Ruckert a raison de dire qu'il s'agit d'une simple pièce du puzzle.*
*La mobilité est une autre de ces pièces.*
*Il faudra aussi voir comment renforcer la présence de la police dans le parc.*
*Certes, le conseil communal n'a pas trouvé de solution miracle ce matin, mais certaines pistes sont intéressantes. Georges Liesch trouve cependant qu'il est trop tôt pour prendre une résolution. Pour lui, une résolution devrait être prise à l'unanimité. Lors de sa prochaine séance, le conseil communal réussira peut-être à approuver une résolution qui aurait été construite par tous les partis.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *trouve l'idée d'acheter le fonds de commerce sympathique. Mais les socialistes auraient du mal à prendre une décision ce matin sans en avoir parlé à leur fraction. C'est pourquoi il soutient la proposition de monsieur Liesch.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le 2 mars aura lieu la prochaine séance du conseil communal. Il faudra prévoir une séance non publique. Le collège échevinal y invitera les partenaires et préparera une résolution dans l'intérêt de Differdange.*
*Christiane Brassel-Rausch remercie les conseillers communaux et la p*

# ÉCOLE DES PARENTS EN PLEIN AIR

L'éducation des enfants est un vrai défi. En général, vous, les mamans et les papas, arrivez à bien régler la vie en famille et à gérer les petits « pépins ». Vous êtes très créatifs et actifs pour trouver des solutions aux problèmes qui se posent au quotidien : fixer des règles claires, gérer les situations difficiles, garder la patience et l'humour…

En revanche, vous pouvez parfois rencontrer des situations qui vous mettent devant de nouveaux défis, où il faut trouver d'autres solutions et chemins.

Pendant que votre enfant s'amuse, vous pouvez profiter de cette occasion pour lui poser vos questions autour de l'éducation et pour échanger des points de vue et expériences. Indépendamment de vos questions, l'École des parents prépare chaque fois un petit thème spécifique.

L'École des parents est à votre écoute à l'aire de jeux du parc Gerlache dans le centre de Differdange de 14 h 30 à 16 h 30 les mardis :

- 18 avril ;
- 16 mai ;
- 20 juin ;
- 4 juillet ;
- 12 septembre ;
- 10 octobre 2023.

Plus d'infos sur www.kannerschlass.lu.

# NOUVELLES RÈGLES DE STATIONNEMENT À AQUASUD

Le 3 avril 2023, plusieurs modifications concernant le parking d'Aquasud à Oberkorn entreront en vigueur. Elles ont pour objectif d'assurer la sécurité des enfants. Parallèlement, elles devraient mettre un terme au chaos occasionné par les parents qui s'y garent et améliorer la situation autour de la piscine.

**Les modifications du 3 avril**

Les tarifs pour le stationnement devant la piscine vont évoluer. Il sera possible de se garer gratuitement sur le parking devant la piscine du lundi au samedi pendant trente minutes – UNIQUEMENT avec un ticket de l'horodateur et UNIQUEMENT trente minutes. Pour le reste, le stationnement y est interdit.

La Ville de Differdange demande aux parents qui conduisent leurs enfants aux entrainements sportifs et qui reviennent les chercher ensuite d'utiliser ces places de stationnement, qui sont prévues à cet effet. Si ces places sont toutes occupées, les parents peuvent recourir au parking du Parc-des-Sports, qui est gratuit la première heure.
Nous vous demandons expressément de ne plus vous garer dans la rue Camille-Gira pour faire descendre vos enfants. Vous ne pouvez pas non plus vous arrêter sur les trottoirs autour de la piscine, sur les arrêts de bus, sur les places de stationnement pour personnes à mobilité réduite ou dans le virage devant la piscine. Non seulement vous gênez les bus, mais vous mettez aussi en danger les enfants.

Des enfants ayant déjà été renversés à cet endroit, la Ville de Differdange se voit obligée de sécuriser les trottoirs. Se garer sur le trottoir est par ailleurs passible d'une amende de 49 €.

Plus d'infos par courriel à circulation@differdange.lu.

# ALLOCATION DE SOLIDARITÉ 2023

À partir du 1er mars 2023, les demandes pour l'allocation de solidarité communale peuvent être introduites.

**Qui peut faire la demande pour l'allocation de solidarité ?**

Tous les citoyens et toutes les citoyennes adultes qui au moment de leur demande sont enregistrés au registre principal de la Ville de Differdange et qui ont perçu une allocation de vie chère ou une prime énergie de l'État en 2023. Une seule demande par ménage pourra être introduite.

**Comment faire la demande pour l'allocation de solidarité ?**

- Télécharger la demande sur www.differdange.lu, la compléter et l'envoyer avec les pièces demandées à l'adresse suivante : Office social Differdange — 23, Grand-rue — L-4575 Differdange.
- Retirer la demande à la réception de l'hôtel de ville ou au secrétariat de l'office social, la compléter et l'envoyer avec les pièces demandées à l'adresse suivante : Office social Differdange — 23, Grand-rue — L-4575 Differdange.
- Prendre un rendez-vous au secrétariat de l'office social pour se faire aider à remplir le formulaire de demande. Tél. : 58 77 1-1551/-1552/-1550. Sont à apporter : la décision du Fonds national de solidarité, indiquant le montant perçu de l'allocation de vie chère/prime énergie de l'État en 2023 et un relevé d'identité bancaire (RIB).

**Qui peut m'aider ?**

Office social de la Ville de Differdange
Tél : 58771-1551/-1552/-1550
secretariat.officesocial@differdange.lu

**Important :** Un accusé de réception ne sera pas envoyé aux demandeurs. Toute demande complète sera traitée, toute demande incomplète sera renvoyée aux demandeurs.



# MY VOICE, MY CHOICE

## FOR THE FUTURE OF MY MUNICIPALITY

**11 June 2023: municipal elections**

icanvote.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Département de l'intégration

# télévie

## GROUSSEN TÉLÉVIEDAG
## GRANDE JOURNÉE TÉLÉVIE

# 22. ABRËLL 2023

## HALL O – UEWERKUER



**9:00** Arrivée Motostour | **14:00** Arrivée DHL Vëlostour | **17:30** Dreamteam vs. Diffteam

**10:00 & 12:30** Télévie-Kiwanisbus | **19:00** Final Scheckiwwerreechung

**Kaffisstuff by Foyer de la Femme Déifferdeng** Diffdance Battle **Association capverdienne du Sud**
Flic-Flac Déifferdeng **Fränz** Percussion brésilienne **Vocals on Tour** Démonstration Cricket
**Déifferdenger Big Band** Espérance Cheerleaders **Skinny Lee Blues Band** Capoeira
**Luma Band Differdange** Tricanas **Faye and the Mockingbirds** Road to Zion
**Fédération luxembourgeoise de Qi Gong** **a villes méi...**

**De ganze Programm op www.differdange.lu**

**Faire un don, c'est facile, par code QR** | Spenden einfach gemaach, per QR Code

télévie RTL Ville de Differdange

**www.televie.lu**
**www.differdange.lu**